



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 11.11.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	5
1. CORRESPONDANCE	
2. CIRCULATION	8
2.1. Modification à apporter au règlement général de la circulation – réglementation de la rue Tattenberg	
2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2023	
3. GESTION DES DÉCHETS	9
<i>Présentation par le service communal de l'environnement et du développement durable</i>	
3.1. Adoption d'un nouveau règlement communal relatif à la gestion des déchets	
3.2. Modifications à apporter au chapitre VIII – Déchets du règlement-taxé général	
4. FINANCES COMMUNALES	20
4.1. Construction d'un nouveau hall polyvalent situé dans la route de Bettembourg	
<i>Présentation par le bureau d'études FAT architects S.à r.l. et le service communal d'architecture et des domaines</i>	
4.1.1. Approbation du devis remanié	
4.1.2. Approbation d'un crédit supplémentaire	
4.2. Approbation d'actes notariés pour l'acquisition d'emprises	
4.2.1. Société B4U S.à r.l., route de Noertzange	
4.2.2. Madame Dominique Jeanne Pouthier, rue Goethe	
4.3. Approbation d'une convention avec la société anonyme CREOS LUXEMBOURG S.A. concernant la constitution de servitude dans le cadre de l'établissement à demeure d'ouvrages électriques au lieu-dit « rue de la Forêt »	
4.4. Approbation d'une convention avec la société anonyme CREOS LUXEMBOURG S.A. concernant la constitution de servitude dans le cadre de l'établissement à demeure d'ouvrages électriques au lieu-dit « rue Ribeschpont »	
4.5. Approbation d'un contrat de bail commercial avec Madame Claude Malano au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial, 1-6, place am Duerf	
4.6. Approbation de l'addendum à la convention de collaboration du 19 novembre 2020 avec l'Université du Luxembourg concernant la mise en place d'une plateforme de référence nationale dans le domaine de la démocratie participative	32
4.7. Approbation du premier avenant à la convention de collaboration avec l'association sans but lucratif « Inter-Actions »	52
4.8. Approbation du premier avenant à la convention « cours de langues » avec la commune de Kayl	65
4.9. Approbation de décomptes	
4.10. Subside ordinaire 2021 de l'exercice budgétaire 2022 à allouer à une association locale	
4.11. Subsidés extraordinaires à allouer	
4.12. Modifications à apporter au chapitre XXXVIII – Vente de bois de chauffage et de bois brut du règlement-taxé général	35
5. FORÊTS COMMUNALES	37
Approbation du plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2023.	
<i>Présentation par le garde-forestier</i>	
6. URBANISME	43
Approbation de la troisième convention relative à la Cellule nationale d'Information pour la Politique Urbaine (CIPU).	
<i>Présentation par le bureau Zeyen+Baumann de Walferdange et le service communal d'architecture et des domaines</i>	
7. PACTE LOGEMENT 2.0	46
<i>Présentation par le bureau Zeyen+Baumann de Walferdange et le service communal d'architecture et des domaines</i>	
7.1. Approbation de l'avenant à la convention initiale Pacte Logement 2.0	
7.2. Approbation du programme d'action local logement (PAL) dans le cadre du Pacte logement 2.0	

8. AMÉNAGEMENT COMMUNAL	52
Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale à Boudersberg. <i>Présentation par le service communal d'architecture et des domaines.</i>	
9. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	60
Approbation de l'organisation scolaire définitive 2022/2023 de l'enseignement fondamental.	
10. ENSEIGNEMENT MUSICAL	67
Approbation de l'organisation scolaire définitive 2022/2023 de l'enseignement musical.	
11. PERSONNEL	67
11.1. Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite.	
11.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, administratif (Service des sports)	
12. BIBLIOTHÈQUE	55
13. MOTION SOUMISE « COUPE DU MONDE AU QATAR »	67
14. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	70

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina (sauf en ce qui concerne les points 4.8 à 4.10, 8 et 10 de l'ordre du jour), René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries (sauf en ce qui concerne les points 4.5 et 11 de l'ordre du jour) et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova (seulement pour les points numéros 1 à 4.5. de l'ordre du jour) ; Monsieur Walter Berettini (sauf en ce qui concerne les points 4.8 à 4.11, 9 à 14 de l'ordre du jour) ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler (sauf en ce qui concerne les points 13 et 14 de l'ordre du jour), Françoise Kemp (sauf en ce qui concerne les points 4.3 à 4.5 de l'ordre du jour) ; Monsieur Claude Martini, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Monsieur Romain Zuang, conseiller, excusé. Procurations : Monsieur Loris Spina a conféré une procuration à Monsieur Dan Biancalana pour voter en son nom lors de son absence pour les points numéros 4.8 à 4.10, 8 et 10 de l'ordre du jour ; Madame Admedova a conféré une procuration à Madame Heinen pour voter en son nom pour les points numéros 4.6 à 14 de l'ordre du jour ; Monsieur Walter Berettini a conféré une procuration à Monsieur Alain Clement pour voter en son nom lors de son absence pour les points 4.8 à 4.11, 9 à 14 de l'ordre du jour ; Monsieur Romain Zuang a conféré une procuration à Madame Martine Bodry-Kohn pour voter en son nom.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que suite à sa décision du 30 septembre 2022 de contracter un emprunt de 10'000'000,- €, la banque ING a remis l'offre la plus avantageuse de façon que le contrat sera signé avec ladite banque.

2 – CIRCULATION

Les deux décisions ci-après au sujet de la réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :

- 2.1. la modification du règlement général de la circulation dans la rue Tattenberg, et
- 2.2. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2023.

3 – GESTION DES DÉCHETS

Le dossier est présenté par le service communal de l'environnement et du développement durable, assisté par Monsieur l'Ingénieur de la Ville. Après discussion et délibération, le conseil communal, approuve

- 3.1. avec toutes les voix le nouveau règlement communal relatif à la gestion des déchets, et
- 3.2. avec 17 voix et 2 abstentions, les modifications du chapitre VIII – Déchets du règlement-taxé général.

4 – FINANCES

4.1. Le devis remanié pour le projet de construction d'un nouveau hall polyvalent situé dans la route de Bettembourg est présenté par le bureau d'études FAT architects S.à r.l. et le service communal d'architecture et des domaines. Le devis initial, prévoyant une dépense de 4'360'000,- € a été avalisé par notre conseil communal en date du 25 septembre 2020. Néanmoins, dû à diverses plus-values et hausses de prix, aux changements et avenants ainsi qu'aux travaux supplémentaires durant la période d'exécution des travaux, le devis a dû être adapté. Finalement, le conseil communal approuve, avec 18 voix et 1 abs-

tention, tant le devis remanié, pour un montant de 6'940'000,- €, relatif à la construction d'un nouveau hall polyvalent situé dans la route de Bettembourg que le crédit extraordinaire supplémentaire afférent. Les points numéros 4.2. à 4.6. sont approuvés à l'unanimité des voix :

4.2. les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises : avec la société B4U S.à r.l., pour des terrains dans la route de Noertzange, et avec Madame Dominique Jeanne Pouthier, pour des terrains dans la rue Goethe ;

4.3. la convention avec la société anonyme CREOS LUXEMBOURG S.A. concernant la constitution de servitude dans le cadre de l'établissement à demeure d'ouvrages électriques au lieu-dit « rue de la Forêt » ;

4.4. la convention avec la société anonyme CREOS LUXEMBOURG S.A. concernant la constitution de servitude dans le cadre de l'établissement à demeure d'ouvrages électriques au lieu-dit « rue Ribeschpont » ;

4.5. le contrat de bail commercial avec Madame Claude Malano au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial, 1-6, place am Duerf en vue d'y exploiter un « pop-up store » du 1er novembre au 31 décembre 2022 ;

4.6. l'addendum à la convention de collaboration du 19 novembre 2020 avec l'Université du Luxembourg concernant la mise en place d'une plateforme de référence nationale dans le domaine de la démocratie participative. En effet, la convention a dû être complétée pour adapter ses modalités financières, la durée du projet et également pour acter le changement de statut du Research Support Technician impliqué dans le projet. Il a été profité de l'occasion pour préciser les responsabilités relatives au traitement des données des partenaires, plus spécialement en ce qui concerne le projet du budget participatif ;

4.7. avec 13 voix contre une avec 5 abstentions, le conseil communal approuve le premier avenant à la convention de collaboration avec l'association sans but lucratif « Inter-Actions », avenant qui règle les

nouvelles dispositions de participation financières des partenaires. Les points numéros 4.8. à 4.11. sont approuvés à l'unanimité des voix :

4.8. le premier avenant à la convention « cours de langues » avec la commune de Kayl pour permettre une augmentation du nombre des cours dispensés et rendre plus flexible l'organisation des cours de langues à Kayl ;

4.9. les décomptes suivants : modernisation des infrastructures (LED) de l'éclairage public 330'386,85€; construction d'un mur de soutènement dans la rue de l'Hôpital / rue Adolphe 218'508,62€; réaménagement de la rue des Minières / rue Gare-Usines 1'445'297,52€; réaménagement de la place devant la Maison Relais Schwemm et l'entrée de la piscine en plein air 199'876,87€; finalisation de la place par la pose d'un nouveau tapis au complexe scolaire Lenkeschleï 299'815,09€; remplacement des appareils électroniques – système « Politess » des agents municipaux 25'420,00€; renouvellement de la toiture et de la façade de la maison, 102, rue de l'Hôpital 120'685,24€; construction d'un nouveau garage pour le service gaz et eau 104'439,58€; remplacement de la détection incendie de l'école Brill 83'699,55€; déménagement de la 2e chaudière du bâtiment C et adaptations des bâtiments B et D de l'école Strutzbiertg A 17'599,37€; remplacement des serrures Salto (phase 1) écoles, maison relais et crèches 145'989€; participation aux frais de remplacement de la station de pompage du chalet scouts « LGS » à Boudersberg 11'500,00 €; 4.10 le subside ordinaire au montant de 740€ pour l'année 2021 à l'association Amicale Portugal-Luxembourg ;

4.11 les subsides extraordinaires suivants:

3'277,31 € à l'a.s.b.l. « Les Peaux-Rouges Dudelage » en tant que participation financière aux frais de remplacement de la porte d'entrée principale du home « Um Roudebiertg » ; 150€ à l'Association des victimes de la route en tant que cotisation pour l'année 2022 ;

200€ à Aikido-Dojo Diddeleng, APELNB Elterekomitee LNB, ASTRONOMES Amateurs du Luxembourg, Badminton Club Diddeleng, Commission des jeunes du basket T71 Dudelage, Basket T71 Dudelage, Boxing Club Dudelage, Cercle de Billard Dudelage, Comité de quartier Les Bons Voisins, Dëschtennis Diddeleng, Diddelenger Tuernveräin SMGUD, FC Commune Dudelage, Fuesveräin Knabbermais, HB Diddeleng, Judo et Jiu-Jitsu Dudelage, Jugendpompjeeën CIS, Lëtzebuurger Guiden a Scouten St Jean Dudelage, Red Sappers Baseball Team, Rugby Club Terres Rouges, Cercle de Natation Dudelage, Sub Aqua Sport Dudelage, Union luxembourgeoise des femmes Baha'ies, pour avoir participé à l'édition 2022 de Summer, Spill a Spaass ;

4.12 les modifications au chapitre XXXVIII – Vente de bois de chauffage et de bois brut du règlement-taxe général. Dorénavant les tarifs se présentent comme suit :

1. Tarifs pour la vente de bois de chauffage frais : en longueur d'un mètre 50,00€ HT soit 54,00€ TTC / stère; découpé sur longueur de 50 cm 55,00€ HT soit 59,40€ TTC / stère; découpé sur longueur de 33 cm 60,00€ HT soit 64,80€ TTC / stère; découpé sur longueur de 25 cm 65,00€ HT soit 70,25€ TTC / stère; livraison à domicile (trottoir): à Dudelage-gratuit, jusqu'à 25 km de distance 10,00€ / voyage; bois d'allumage en sac de 10 kg 5,00€ HT soit 5,40€ TTC / sac. La quantité à commander est limitée à 4 stères par ménage.

2. Tarifs pour la vente de bois brut : houpriers et lot de bois de rémanents de coupe 26,00€ HT soit 28,08€ TTC / stère; bois long et lot de bois d'une première éclaircie 46,60€ HT soit 50,33€ TTC / m³

5 – FORÊTS COMMUNALES

A l'unanimité, est approuvé le plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2023, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit : voir tableau ci-dessous

FORÊT SOUMISE AU RÉGIME FORESTIER D'UNE CONTENANCE DE 306 HA						
	Investissements (EUR)			Revenus (EUR)		
	Salaires	Factures	Total	Subsides	Recettes	Total
Gestion durable des forêts	62 250,00	112 050,00	174 300,00		28 000,00	28 000,00
Protection de la nature	15 500,00	8 950,00	24 450,00			
Sensibilisation	50 000,00	12 000,00	62 000,00			
Ressources cynégétiques	1 000,00	1 000,00	2 000,00		3 000,00	3 000,00
Surveillance et Police						
Logistique et personnel	76 500,00	70 000,00	146 500,00			
	205 250,00	204 000,00	409 250,00		31 000,00	31 000,00
SYNTHÈSE DES RÉCOLTES DE BOIS		Vol. sur écorce m³				
		Grume	Tricuration	Total		
Autres feuill.		23,00	325,00	348,00		
Chênes		8,00	16,00	24,00		
Inconnu		15,00	200,00	215,00		
		46,00	541,00	587,00		

6 – URBANISME

La troisième convention relative à la Cellule nationale d'Information pour la Politique Urbaine (CIPU) est présentée par le bureau Zeyen+Baumann de Walferdange et le service communal d'architecture et des domaines. La Cellule nationale d'Information pour la Politique Urbaine (CIPU), au sujet de la plateforme d'échange d'expériences et de connaissances dans le domaine du développement urbain par les acteurs nationaux exerçant une influence directe sur la politique urbaine, a été mise en place en 2008. La CIPU constitue une plateforme multi-niveau, dont les objectifs sont de promouvoir et faciliter la coopération et l'échange d'expériences, le transfert de savoir-faire ainsi que l'information, la sensibilisation et la communication dans le domaine de la politique urbaine au Luxembourg. Les partenaires se sont engagés à promouvoir davantage l'échange entre, d'un côté, les acteurs définissant la politique urbaine au niveau européen et, de l'autre côté, les acteurs urbains luxembourgeois afin de favoriser une considération accrue des besoins identifiés au niveau local. Ainsi, le conseil communal approuve à l'unanimité la troisième convention relative à la Cellule nationale d'Information pour la Politique Urbaine (CIPU) pour une durée de cinq ans.

7 – PACTE LOGEMENT 2.0 – PAL

Les explications sont fournies au conseil communal par le bureau Zeyen+Baumann de Walferdange et le service communal d'architecture et des domaines.

7.1. Le Pacte logement 2.0 vise une collaboration étroite entre l'État et les communes afin de soutenir la création de logements abordables et durables au niveau communal, la mobilisation du potentiel foncier et résidentiel ainsi que l'amélioration de la qualité de vie dans tous les quartiers par un urbanisme adapté. Le conseil communal a approuvé en 2021, la convention initiale sur le Pacte logement 2.0. Cette convention initiale confère à notre Ville le droit à une participation financière aux prestations du conseiller logement tandis que la Ville s'engage en contrepartie à élaborer avec l'appui du conseiller logement un Programme d'action local logement (PAL) afin de contribuer à la réalisation des objectifs du Pacte logement 2.0. L'avenant à la convention proroge le délai initial de la convention pour une durée supplémentaire de 12 mois. Le conseil communal marque dès lors, avec la voix de tous les conseillers communaux, son approbation à l'avenant à la convention initiale du Pacte logement 2.0.

7.2 La Ville a établi avec l'assistance technique et administrative du conseiller logement, un Programme d'action local logement (PAL), conformément aux dispositions prévues la loi dite Pacte Logement 2.0.

Le Programme d'action local logement (PAL) établit un état des lieux en matière des politiques du logement au niveau communal, les priorités et champs d'action que la commune entend mettre en oeuvre en vue de la réalisation des objectifs du Pacte logement 2.0 et énumère à titre indicatif les projets que la commune entend mettre en oeuvre à cet égard.

Ainsi, le Programme d'action local logement (PAL) da-

tant de septembre 2022 et établi conformément à l'article 2 de la convention initiale trouve l'assentiment unanime du conseil communal.

8 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal approuve à l'unanimité le lotissement/morcellement de la parcelle cadastrale n° 812/9359 de la section A de Boudersberg sise dans la rue de Lebork en lot 1 et lot 2, suivant le projet de lotissement/morcellement du 10 avril 2022 établi par la société TERRA G.O. pour le compte de la société ACTIVE INVEST S.à r.l..

9 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Unanimentement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2022/2023 de l'enseignement fondamental.

10 – ENSEIGNEMENT MUSICAL

Unanimentement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2022/2023 de l'enseignement musical.

11 – PERSONNEL

11.1 Le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite sont approuvés.

Montres pour 20 ans de bons et loyaux services d'une valeur de 1'000,- € : Dan Biancalana : collègue échelinal – conseil communal, Thessy Erpelding, fonctionnaire communale – commissions – conseil communal, Alice Bidinger, agent de nettoyage, Robert Bigdowski, fonctionnaire communal, Marco Czaika, agent municipal, Corinne Guidoreni, assistante sociale, Joëlle Jacobs, aidante sociale, Marie-Jeanne Schlessler, agent de nettoyage, Marc Thurlpel, artisan, Muriel Sinner, enseignante, Jan Hennico, enseignant, Carole Tomasini, enseignante, Marco Him, commissions.

Bon d'achat d'une valeur de 200,- € aux personnes parties à la retraite en 2022 : Marie Antony, agent de nettoyage, Carine Bruck, aide-éducatrice, Sylvie Cirelli, agente de nettoyage, Annik Ewen, aide-éducatrice, Jean-Claude Fabeck, fonctionnaire communal, Patricia Fattebene, employée communale, Marion Halsdorf, employée communale, Alain Konter, agent polyvalent, Franco Manzella, concierge, Mariano Pasquini, concierge, Annette Rommes, agente de nettoyage, Irène Scholtes, aide-éducatrice, Andrea Ternes, agente de nettoyage, Petra Theis, chef d'atelier, Myriam Theobald, employée communale, Nathalie Toschi, employée communale, Serge Waldbillig, chef d'atelier, Claude Kasel, enseignant, Patricia Linari, chargée de cours.

11.2 Un poste de fonctionnaire communal, à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département administratif, service des sports, est créé en surnombre et le poste d'employé communal de la même catégorie, occupé pour l'instant par un agent est supprimé lors du départ à la retraite de l'agent en question.

12 – BIBLIOTHÈQUE

La fraction « Déi Lénk » a soumis un point à l'ordre du jour de la présente séance au sujet de l'organisation pratique des inscriptions à la bibliothèque publique régionale suivant le nouveau logiciel d'exploitation. Un échange d'opinions à lieu pendant la réunion.

13 – MOTION SOUMISE « COUPE DU MONDE AU QATAR »

La fraction « Déi Lénk » a soumis une motion au conseil communal au sujet de la coupe du monde de football organisée au Qatar. Après discussion et échange de vues, le conseil communal marque son accord unanime pour inviter le collège des bourgmestre et échevins, de s'abstenir, dans le cadre de ses attributions, d'apporter, toute forme de soutien public à ce Mondial ; à ne pas mettre en place une infrastructure pour la retransmission publique des matchs de la coupe du monde via « Public Viewing ».

14 – QUESTIONS

Une question a été soumise au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Gréng » au sujet des mesures d'économies d'énergie de l'administration communale. Il est répondu à la question séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 15.50 heures.

GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 11. NOVEMBER 2022

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen aus dem Gemengerot, schéien gudde Mueren, härezech wëllkomm an dëser Gemengerotssëtzung. Ech begreissen och eng ganz Rei Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus eise Gemen-geservicer, déi am Kader vun dësem Gemengerot nach eng Rei Ausféierunge wäerte ginn a begreissen och hei d'Vertreieder vun der Press.

Ënnert dem 1. Punkt Korrespondenz zwou Saachen. Deen éischte Punkt wär fir ze soen, dass jo am leschte Gemengerot de Gemengerot dem Schäfferot den Op-trag ginn huet, fir ze kucken d'Banken unzeschreiwen, fir den Emprunt vun 10 Milliounen kënnen opzehuelen. An der Suite si mer och higaangen, an hunn eng Rei Banken ugeschriwwen. Et ware 5 Stéck, 4 hunn eis geäntwert. An d'Konditiounen ware jo en Emprunt vun 10 Milliounen, Taux d'intérêt variable an eng Durée vun 20 Joer. An et ass fir de Gemengerot hei ze informéieren, dass mer deen dote Emprunt ophuele bei der ING. Dat zu deem dote Punkt.

An dann deen 2. Punkt, dat ass ulässlech där Diskuss-ioun déi mer haten am informelle Gemengerot e Méin-den, wou mer iwwert déi lokal Charta vum Zesumme-liewe geschwat hunn, wou mer jo festgehalten haten, dass mer och kéinte symbolesch an deem Kader als Gemengerot och déi Charta ënnerschreiwen. Dofir géif ech lech alleguer proposéieren, dass mer elo bis erof ginn an den Hall, dass mer do all zesummen d'Charta ënnerschreiwen an dann och eng Gruppfoto maachen. Dat ass dee Message, deen de Schäfferot an de Ge-mengerot zesumme kënnen gi ronderëm dës Charta. An da géife mer mam normalen Ordre du jour weiderfueren.

2. CIRCULATIOUN

2.1. Modifikatioun vum Allgemenge Circulationsre-glement – Reglementatioun vun der Rue Tattebiërg.

DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buer-germeeschter. Fänke mer u mat Punkt 2.1. Mir kru-ten eng Rei Demandë vun Tattebiërg, ob et méiglech wär op der Kräizung mat der Fontainestrooss kënnen en Zebrasträifen ze maachen. Et ass esou, dass do moies a mëttes vill Kanner an d'Schoul Gafelt ginn. An doropshin hunn eis Servicer Circulation an Travaux pu-blics déi Situatioun eng Kéier am Detail gekuckt. Nor-malerweise ass et sou, an dat hu mer hei schonn e puer mol gesot, datt laut Recommandatiounen vun der staat-lecher Verkéierskommissioun an der Zon 30km/h keng Zebrasträife gemaach ginn, ausser an den Entréeën mat de Staatsstroossen. An dat ass hei de Fall, dofir géife mer lech proposéieren, en Zebrasträifen op Héicht vum Haus Nr. 2 rue Tattebiërg ze maachen. Deen Zebras-träife gëtt jo natierlech, wéi mer dat ëmmer maachen,

konform gemaach zu de Virgabe vun der ADAPT, d.h. Blannesträifebelichtung, Ramp, etc. A fir Froen ass eise Chef de service aus der Circulation hei an och fir wann nach Virschléi sinn, wou se nach op enger anerer Plaz vläicht solle préiwen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Froen, Remarquen dozou? Dat ass net de Fall, da géife mer iwwergoen zum Vott. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech villmools Merci.

2.2. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement fir d'Kiermessen 2023

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da komme mer bei eppes Flottes, nämlech d'Kiermessen. Dir wësst, dass mer all Jores hei am Gemengerot mussen e Verkéiersreglement huele fir d'Birenger Kiermes, d'Summerkiermes an d'Wanterkiermes. Do ännert elo näischt par rapport zu de Jore virdrun, dofir ginn ech elo net hei an d'Detailer. Wann nach Froe sinn, ass de Pit och sécher gäre bereet, op alles anzegoen. Ech soen awer vläicht eng Kéier d'Datumer, fir datt déi och festgehale ginn: 8.5. - 20.5. an 21.5. fir d'Birenger Kiermes. 22.6. - 9.7. fir d'Summerkiermes a 14.10. - 22.10. fir d'Hierschtkiermes oder d'Wanterkiermes, deemno wéi d'Wieder ass. An dobäi kommen awer ëmmer nach déi Deeg fir d'Op- an Ofriichte vun deene jeeweilege Kiermessen. Dat wär et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Remarquen, Froen zu deem dote Reglement? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wéi ass et fir d'Ritterfest? Oder musse mer do kee Reglement stëmmen? Wéi war dat scho méi?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): D'Ritterfest ass jo normalerweis nëmme samschdes a sonndes, dat si jo da manner wéi 72 Stonnen, dofir muss et net duerch de Gemengerot goen. Mir kéinten et theoretesch och am Summer huelen, wann onbedéngt eng Demande do ass fir et ze maachen. Mee bis elo hu mer et nach ni eent geholl.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir si jo ënnert den 72 Stonnen an dat ass ëmmer legal richteg. Nach weider Remarquen a Froen? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass och mat deem heite Reglement averstanen? **Dat ass unanime**. Da soen ech lech villmools Merci an och dem Pit Demuth fir seng Presenz. Eier mer op deem nächste Punkt iwwergi wollt ech awer nach kloerstellen, dass de Romain Zuang net ka bei eis sinn. Hien huet sech entschëllegt an dem Martine Kohn eng Procuratioun ginn.



3. GESTIOUN VUN DEN OFFÄLL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op deem nächste Punkt iwwer, dat ass dat neit Offallreglement, an da ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

3.1. Adoptioun vun engem neie Gemengereglement fir den Offall

3.2. Modifikatiounen um Kapitel VIII – Offall vum allgemengen Taxereglement

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. Ech ka mech relativ kuerz faassen als Einleitung. Dir wësst, dass dëst Joer am Juni dat neit Offallgesetz a Kraaft getrueden ass, doropshi war mir schon am Gaang, un eisem lokalen Offallreglement ze schaffen a mir mussen awer afwaarde bis dat nationaalt och fäerdeg ass, fir kënnen déi lwwerleeungen an déi Prezisiounen aus dem nationalen Offallgesetz an eist lokaalt Reglement kënnen afléissen ze loossen. Dat ass och elo geschitt. A mir haten och elo als Ëmweltkommissioun den 19. September eng Sitzung, wou mer annerhallef Stonn iwwert dat neit Offallreglement, respektiv och d'Taxereglement diskutéiert hunn. Ech wëll net verheemlechen, dass mer do eng ganz flott an animéiert Diskussioun haten. An och wann net jiddwereen zu 100% iwwerzeegt war, ware mer an der Ëmweltkommissioun awer unanime der Meenung, dass dat Offallreglement, sou wéi mir dat diskutéiert hunn, hei sollt am Gemengerot virgeschloe ginn. An ech weess dass eis Gäscht haut de Mueren, d'Lis Cloos an de Patrick Hoss déi eis elo am Detail duerch dat Offallreglement, respektiv Taxereglement duerchféieren, maachen dat alles zesummen en bloc. Mee d'Ofstëmmung gëtt natierlech gemeet iwwert d'Offallreglement an d'Taxereglement. Ech ginn dann dem Patrick an dem Lis d'Wuert. Merci.

PATRICK HOSS (ËMWELTBERODER): Jo, Merci. Also wéi de René scho gesot huet, mir hate laang Preparatiounsarbechte fir dat Reglement hei, well de Projet de loi deem ass schon am Joer 2022 an der Chamber deposéiert ginn, mee et huet laang gedauert, bis alleguer déi Avisen, déi dozou erakomm si vum Legislatuer consideréiert goufen. Do sinn et Ännerunge ginn, et ass och eng Participation citoyenne ginn, zemoools wat de Betrib vun de Centre de Ressources ugaangen ass. Dowéinst hu mer eis dann och misse gedéllegen an eist Reglement ëmmer erëm un déi Ännerungen, déi am Gesetz komm sinn, upassen. Fir dass dat Reglement standfest soll sinn, hu mir eist Reglement am Virfeld vum Büro

Eco-conseil aviséiere gelooss. Déi schaffen och fir den Ëmweltministère an d'Ëmweltverwaltung u legislativen an u Reglementstexter mat. Opgrond vun deem Avis ass et zu enger Harmoniséierung vum Text komm, an deem Sënn dass eenheetlech Terme fir déi eenzel Acteuren, Servicer an Offallaarte benotzt ginn.

D'Haaptrichtlinnen an deem neie Reglement bleiwen déi selwecht wéi an deem viregten. Et si virun allem d'Definitiounen, déi par rapport zum neien Offallgesetz hu missen ugepasst ginn. An der Presentatioun wäert ech och just op déi Artikelen a Kapiteln agoen, déi am Verglach zum viregte Reglement wesentlech geännert hunn. Den Avis vun der Inspection sanitaire vum 10. August, dee läit jo vir, grad sou wéi den Avis vun der Ëmweltverwaltung vum 17. August, deen eng Rei Ännerungsvirschléi a méi kleng Korrekturen enthält, déi mer och all an eise Reglement iwwerholl hunn, respektiv d'Korrekturen hu mer gemaach. De legislative Kader – mir hunn zwar en neit Offallgesetz, mee dat ass nach ëmmer d'Gesetz vum 21. Mäerz 2021 an d'Objektiver vun eise Offallreglement si genau déi selwecht wéi déi vum Offallgesetz. Dat heescht un éischter Stell steet d'Preventioun, duerno d'Preparatioun fir d'Reutilisatioun, Recyclage... Dann all aner Valorisatioun, haaptsächlech eeben d'Valorisatioun énergétique a réischt zum Schluss d'Eliminatioun vun den Offäll an de SIDOR oder op enger Deponie, wat jo awer fir eis awer net de Fall ass.

Am 3. Kapitel, wat elo nei dobäikomm ass, do geet et ëm d'Definitiounen. Do hu mer 11 iwwergeuerdent Definitiounen aus dem Offallgesetz iwwerholl, well déi am Offallgesetz nei sinn, respektiv déi sinn nei formuléiert ginn. Dir hutt hei eng Kéier den Iwwerbléck driwwer.

D'Kapitel 4 behandelt d'Responsabilitéite vun der Gemeng, déi am ale Reglement am Kapitel 3 ënner Obligatiounen opgezielt goufen. Dozou zielt, dass eleng d'Gemeng zoustänneg ass fir d'Collecte, de Recyclage an d'Eliminatioun vun den „Déchets municipaux ménagers“. Am Beräich vun den „Déchets municipaux non-ménagers“ kann d'Gemeng jo eng Concertatioun mat den Operateuren, déi um Terrain tätég sinn imposéieren. Dat ass fir eis nëtzlech, wa mir wëlle wëssen, wéi eng Fraktiounen d'Operateure bei de grouss Betriber ewechhuelen, fir dat eise Recycling-Quote kënnen zouzerechnen.

E wichtegen neie Punkt ass d'Kapitel 5, wou et ëm d'Residenze geet. Dat gëtt och am Artikel 13 am Offallgesetz opgefouert. A fir deem Artikel ze entsprechen, gi mer eeben dës Kéier am Offallreglement explizitt op Residenzen, respektiv op Mëschgebaier an an deem et Wunnengen a Geschäfte oder Dokterpraxen, Etüden a Büroe ginn. Mir verweisen awer och op eist Bautereglement, dat aktuell en vigueur ass. D'Gebaier mussen mat all den néidegen Infrastrukturen ausgestatt sinn, déi et méiglech maachen, all déi Offäll, déi an der Gemeng getrennt gesammelt ginn och an de Residenze getrennt ze sammeln. An de Residenze mussen d'Co-Propriétéiten oder d'Syndicken eng fir d'Offallgestioun verantwortlech Persoun bestëmmen an der Gemeng déi Persoun och matdeelen. Dat gesäit d'Gesetz sou vir. Ab dem 1. Januar 2024 muss d'Gemeng all Menage matdeelen, wat ee pro Joer un Hausmüll produzéiert.

Doduerch dass mer, wa mer dat heite Reglement unhuelen, op d'Gewicht ëmstellen, maache mer dat selwecht wéi lo scho bei der Waasserrechnung, wou d'Leit all zwee Méint hire Verbrauch matgedeelt kréien. Da kënne mer och schonn, ab der Aféierung vun dem neie Reglement, all zwee Méint de Leit hir produzéiert Hausoffallmenge matdeelen. Well dat bei de Residenze mat Gemeinschaftskonten a Müllschleisen net méiglech ass, verlaangt d'Reglement dass dann d'Co-Propriétéit oder de Syndic de Menagen dat matdeelt. An de Residenzen ab 10 Unitéite muss d'Kollekt a Gemeinschaftscontainere gemaach ginn, dat mat enger Müllschleis, déi och d'Gewicht erfaasst. Där ginn et de Moment och schonn um Lëtzebuerger Marché. Fir d'Residenzen ab 10 Unitéiten, déi nom Akraafttriede vun dësem Reglement gebaut gi schreift d'Reglement och vir, dass pro 10 Menagen zwou 240L Poubellë fir Bio-Dechete mussen zur Verfügung gestallt ginn, déi och musse gekillt ginn. D'Residenze mussen och mat engem interne Recyclingszenter ausgestatt sinn no den Oplagen, wéi d'Gesetz et verlaangt. D'Residenzen déi virdru gebaut goufe mussen sech bis den 31.12.2025 konform zu dësem Kapitel setzen. Mir wiere jo scho frou gewiescht, wann déi 5 Fraktiounen, déi d'Gemeng vun Haus zu Haus asammelt, an de Residenze getrennt agesammelt ginn. D'Ëmweltverwaltung huet awer an hirem Avis verlaangt, dass och d'Problemoffäll vun den Haushalter, d'Elektresch an elektronesch Ekipementer mat Batterien an Akkue solle getrennt an de Residenze gesammelt ginn. Dofir stinn déi Fraktiounen dann nieft Hausmüll, Bio, Pabeier, Kartong, Glas a Valorlux och mat am Reglement dran.

Am Kapitel 7 gi mer op d'Obligatioun de raccordement an. Dat ass am ale Reglement am Kapitel 5 gewiescht. Hei ginn haaptsächlech allgemeng Upassunge gemaach. Et gëtt ausdrécklech drop higewisen, dass ee säin Hausmüll net an anere Leit hir Poubelle dierf entsuergen. Grad sou ass et verbueden, säin Hausmüll an öffentleche Poubellen ze entsuergen. A wann een erwëscht gëtt, kritt een dofir eng Tax ze bezuelen. Et dierf een och kee Broyeur am Waassersteen installéiere fir Offäll iwwert d'Kanalisation ze entsuergen, well d'Gesetz dat och explizitt verbitt. Am Kapitel 8 vun „Déchets municipaux“ gëtt drop higewisen, dass den Chip deen op de Poubellen ass, d'Poubellen elo beim Vi-dage a beim Ofweien identifizéiert.

Am Kapitel 9, wou mer op „Déchets d'emballage“ aginn, dat heescht d'Valorlux-Tüt. Fir ze vermeiden dass virun de Residenze grouss Quantitéite vu Valorlux-Tüten entweder op de Baminselen deposéiert ginn oder bei Wand duerch d'Stroosse fléien, schreiwe mer vir, dass déi an engem opklappbare Rollcontainer mat Bremse fir d'Sammlung musse bereetgestallt ginn. Am Fall wou ze vill Valorlux-Tüte benotzt gi fir taxefräi Hausmüll ze entsuergen, behale mer eis mat dësem Reglement d'Méiglechkeet, eng Tax fir illegal Entsuegung anzeféieren, déi elo nach net drasteet. Mee wann dat géif Iwwerhand huelen, da kéint een dat mat dësem Reglement ëmmer nach nohuelen. Bei den „Déchets encombrants“ gi mir genau drop an, wat mir als „Déchets encombrants“ asammelen an an deem Artikel gëtt och nach eng Kéier explizitt opgefouert, wat mer net als Sperrmüll asammelen.

Dat sinn déi weesentlech Ännerungen zum ale Reglement. Wann dat Reglement dann elo haut géif gestëmmt ginn a vum Ministère de l'Intérieur géif approviiert ginn, da sollt et den 1. Januar a Kraaft trieden. Soll ech elo direkt op d'Taxereglement weidergoen? Jo? Voilà d'Taxereglement: eng Iwwersiicht iwwert déi 15 Taxen, déi am Taxereglement behandelt ginn. Hei ginn ech och just op déi Taxen an, wou et Ännerunge ginn. Fir d'Haushalter an dëse kriteschen Zäite vun Energiekris a Käschtexplosioun net nach méi ze belaaften, war d'Virgab, déi mir als Service kritt hu bei der Ëmstellung op eng Tax, déi och d'Gewiicht vum Hausmüll consideréiert, dass et doduerch ni zu enger Erhéijung vun den Taxe fir den Hausmüll kënnt. Trotzdeem hu mer awer och de Käschtendeckungsgrad vun eiser kommunaler Müllabfuhr am Bléck behalen. Dorop kommen ech bei den Erklärungen zum Taxereglement zeréck.

D'Ausgangssituatioun, déi mer op engem Duerchschnitt vun de Joren 2017 bis 2021 berechent hunn, stellt sech sou duer, dass mer just e Käschtendeckungsgrad vu knapp 74% hunn. 2021 louch d'Käschtendeckung just nach bei knapp 72%. Hei wäert awer an Zukunft un de Schrauwe misse gedréit gi well d'Offallgesetz am Artikel 17.3. verlaangt, dass d'Gesamtkäschte vun der kommunaler Offallwirtschaft müssen integral duerch déi kommunal Offalltaxe gedeckt ginn. Donieft hu mer als Service dofir plädéiert, fir eng transparent an novollzéibar Linearitéit an eis Offalltaxen ze bréngen. Déi 1. Tax, déi mer hei behandelen, ass d'Taxe de raccordement, wat eng Taxe fixe ass. Am Verglach zum aktuellen Taxereglement hu mer déi Tax erhéicht. Firwat hu mer dat gemaach? Bei engem Käschtendeckungsgrad vun nëmmen 72% ass et eis wichteg, en Haaptdeel vun eise fixe Käschte sou wäit wéi méiglech och duerch eng fix Tax ze decken. Dofir kënnt et zu dëser Erhéijung vun der Taxe de raccordement.

Méi spéit wäert d'Rechebeispill awer weisen, dass et awer net zu enger kritescher Erhéijung vun de Gesamt-Jorestaxen duerch déi do Erhéijung vun der Taxe de raccordement kënnt. Am Artikel 17.3. vum Gesetz gëtt och verlaangt, dass déi kommunal Offalltaxen op d'mannst eng variabel Tax müssen enthalen. Mir hunn eis elo fir zwou variabel Taxen entscheet. Eemol behale mer déi volumebezunnen Tax mat ofgeännerte Montante bäi. A fir d'zweet féiere mer eng Tax vun 0,205 € a pro produziéiertem Kilo Hausmüll. Déi Virgoensweis huet zwee Haaptgrënn: d'Aféiere vun der Gewichtstax soll en héijen Ureiz fir d'Bierger schafen, sech eng gréng Poubelle fir Bio-Decheten unzeleeën. Den Uschlossgrad un déi gréng Poubelle läit hei zu Diddeleng de Moment just bei 52%, well déi organesch Fraktioun am Hausmüll awer déi schwéierst ass, misst d'Aféierung vun dëser Gewichtstax en Ureiz dofir schafen, fir déi organesch Offall getrennt ze entsuergen. Dat wäert selbstverständlech och an enger Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne sou kommunizéiert ginn. D'Tax fir de Vidage hu mer bäibehalen, fir dass mer net all Woch Poubellen dobausse stoen hunn, déi just zur Hallschent oder manner gefüllt sinn. Am Rechebeispill wäert een och gesinn, dass ee besser ewechkënnt, wann een eng Poubelle ganz voll mécht, an dat wäert dann deen Ament och sou kommunizéiert ginn. Dës Opstellung, déi mer elo do gesinn um Tableau, déi erkläert sech esou,

dass mer bei enger Offalldicht vun 0,11kg/l Hausmüll op déi doen entspriechend Poubellesgewiichter komme wann d'Poubellë voll sinn. Mat deem Gewiicht an der entspriechender Tax fir d'Gewiicht an der Tax fir de Vidage komme mer dann op eng Vidage- a Gewichtstax, déi méi niddreg ass wéi déi viregt Vidage-Tax. Ech muss dozou och soen, déi Gewiichter, déi hu sech och an deem enge Joer, an deem d'Müllabfuhr mat deem System do Tester gefuer ass, déi hu sech confirméiert. Eis 80-Liter-Poubellen, déi si mat 10,24 kg am Duerchschnitt gefüllt. Eis 120-Liter mat 12,60. Eis 240-Liter mat 25,97. Bei de 660er an 1100-Liter, do ass et anescht. Do sinn d'Gewiichter, déi mer iwwert d'Müllabfuhr erfaasst hu méi déif. Mee dat erkläert sech doduerch, dass bei de Residence Firmen agesat ginn, déi d'Containere egal wéi ëmmer all Woch eraus setzen, ob déi lo voll sinn oder net. Awer déi Gewiichter, mat der Dicht vun 0,11 kg pro Liter Hausmüll, déi mer consideréiert hu fir eis Berechnung opzustellen, déi hu sech duerch eise System hei confirméiert.

Hei ass elo dat Rechebeispill. Opgrond vun alle gesammelten Donnéeën vum Joer 2021 konnte mer fir déi 5 Poubelle-Volume berechnen, wéi vill mol déi Poubellë pro Joer am Duerchschnitt erausgestallt ginn an hunn opgrond vun deene Vidage-Zuelen an an der Annahm, dass d'Poubellë voll sinn, d'Gesamtjorestaxen dofir berechent. De Verglach vun den Taxe wéi se bis elo waren a wéi se dann op 2023 wäerte sinn. Dat gesäit een, mir hunn eis vill Méi ginn, fir déi Virgab ze erhalen an déi minimal Erhéijungen, déi elo hei erschéngen, dat ass eebe well mer probéiert hunn, déi Linearitéit am System bäizebehalen well dat awer méi novollzéibar ass fir de Bierger an och well d'660- an d'1100-Liter-Container bis elo ëmmer net ganz voll erausgestallt gi sinn a mer hei mat volle Gewiichter berechent hunn, ginn d'660-Liter weesentlech méi héich wéi déi aner. Mee d'80-Liter, dat ass eng Taxenerhéijung vun 12 Euro am Joer, dat ass 1 Euro pro Mount. Ech mengen dass dat nach ëmmer ze vertriee ass, an dat selwecht gëllt och fir déi 120- an 240-Liter, wou deementspriechend awer méi grouss Quantitéiten un Offall entsuergt ginn. Just fir lech ze soen, déi duerchschnittlech Vidage-Zuelen: En 80-Liter-Poubelle gëtt hei zu Diddeleng am Duerchschnitt 18 mol am Joer erausgestallt. Eng vun 120 Liter 24 mol, eng 240 Liter 27 mol. 660 Liter 32 mol an 1100 Liter 44 mol am Joer. Hei ass nach de Verglach tëscht där neier Tax wann d'Poubelle voll ass a wann een d'Poubelle nëmmen hallef voll erausstellt. Mir wëllen eeben domadder vermeiden, dass eis Offalltoure nach méi laang daueren, wa jo jiddwereen all Woch seng Poubelle géif mat nëmmen 1/3 gefüllt oder nach manner gefüllt erausstellen. Doduerch dass mer en Ureiz schafen, dass d'Poubelle ganz voll ass, gëtt de Mülltour och méi einfach ze organiséieren an ze fueren.

Eng Tax déi mer hu missen erhéijen, dat ass d'Tax fir d'Mülltuten, aus deem einfache Grond, wa mer bei 3,50.- Euro bliwwen wieren, da wier d'Mülltut méi bëlleeg gi wéi d'Poubelle eidel maachen. An d'Mülltute si jo just dofir geduecht fir Noutfäll, wann ee mol e Fest doheem hat, fir e bëssen ze depanéieren, wann een e bësse méi Offall huet, wéi déi normal Poubelle dat géif kënne faassen.

Da komme mer zu den Taxe fir Pabeier a Kartong an och Glas am Uschloss. Déi sinn erhéicht ginn. De Grond hei fir ass, dass déi Taxe fir déi zweemonatlech an déi wëchentlech Kollekt vum Pabeier zënter der Aféierung vum Euro net méi ugepasst goufen. Déi Erhéijung ass och mam Wësse vum Käschtendeckungsgrad gemaach gi fir och hei eng novollzéibar Linearitéit eranzebréngen. Fir eng Iddi vun der Gréisstenuerdnung vun dëser Erhéijung ze kréien hu mer och do d'Zuel vun de Poubellen opgelëscht, déi heivu beträff sinn. Dat sinn der net sou vill. Dat selwecht och nach eng Kéier fir d'Glas, do hu mer dann déi selwecht Upassung gemaach, déi selwecht Linearitéit agefouert an dat betrëfft dann och eng geréng Unzuel vu Poubellen. Wéi gesot, déi Taxen do, déi sinn zënter Aféierung vum Euro ni ugepasst ginn. Dat selwecht gëllt och nach fir de Recycling-Taxi, dee gouf elo vun 9 op 12 Euro gehéicht. A mir sinn och der Meenung, dass 3 Euro fir dee Service fir virun der Hausdier elektresch Haushaltsgeräte, Frigoen oder Kühltruhen oder Wäschmaschinen ewechgeholl ze kréien a se dann op de STEP gefouert ze kréien, sinn 3 Euro net ze vill.

Da komme mer op e Punkt, wou och eng Tax erhéicht ginn ass, dat ass déi fir d'illegal Entsorgung dobaussen an der Natur. Mir haten doriwwer d'Diskussioun an der Ëmweltkommissioun. Déi Tax war virun op 75 Euro. Well mer awer och eng Tax aféiere wa mer géifen Hausmüll kënnen identifizéieren, deen an den öffentlichen Poubellen ass, war d'Kommissioun awer der Meinung, dass dann misst e weesentlechen Ënnerschied sinn tëschent där Poubelle an där Tax fir Decheten, déi an der Natur entsuergt gi misst bestoen. Déi ass also op 150 Euro gesat ginn. An déi Tax fir illegal entsuergte Müll an öffentliche Poubellen, déi ass op 75 Euro nei agefouert ginn.

Voilà, dat sinn och déi weesentlech Ännerunge vum Taxereglement. An och hei gëllt wéi fir dat anert Reglement, wann dat Reglement gestëmmt gëtt, da sollt et approvüert gi vun Interieur an no där Approbation da wa méiglech ab dem 1. Januar 2023 a Kraaft sinn. Domadder wier ech mat der Presentatioun derduerch. Ech soen lech Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Patrick, mir soen Dir och Merci fir déi ganz vill Erklärungen an Erläuterungen, déi's De eis elo ginn hues, an da géif ech net laang zécken an d'Diskussioun opmaachen. Den Här Gangler huet sech gemellt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Manderscheid a Merci dem Patrick fir déi flott Presentatioun. Dat wäert säi leschte grouse Projet si virun der Pensioun, dat ass awer bis elo gutt gelongen. D'Gemeng huet jo d'Obligatioun fir fir d'Eliminatioun vun den Offäll ze suergen. Dat neit Offallreglement berout a groussen Zich op deem vun 2016, gouf awer un dat neit nationaalt Offallgesetz vum 9. Juli 2022 ugepasst. Dobäi komme lo nei Definitiounen a Bestëmmunge fir Appartementshaiser, déi sech deelweis aus eise PAG ofleeden, souwéi nei Virgabe fir de Sperrmüll an de Recyclage. Ausserdeem gëtt déi nei Komponent vun der Gewiichtserfaassung agefouert. Mir hu just Bedenken zu de Bestëmmunge vum Sperrmüll. Heimat geet jo och offiziell d'Invitatioun un d'Bevëlkerung fir kleng Sperrmüllartikelen net méi

op de STEP ze droen, wou een domat ëmgedréint gëtt mat der Opfuhrung, se doheem an der groer Dreckskëscht ze entsuergen. Dat ass vläicht net dee richtige Message fir eis Ëmwelt. An dobäi entsteet fir d'Leit en zousätzleche Volume, a wat neierdénks dobäi kënnt, och méi e grousst Gewiicht vun hirer Poubelle an dat alles schléit sech herno an enger méi héijer Taxéierung zréck, wat eng onpopulär Moossnam bedeit. Mir fannen et schued, dass an deem Punkt net en ekonomeschen Impuls gesat a méi sozial geduecht gouf. Fir de Rescht stëmme mer awer mat der CSV dat Reglement mat. Dann dat neit Taxereglement fir den Offall. Mat deenen neien Taxe soll d'Bevëlkerung méi zu deenen 3 R: Reduce, Reuse a Recycle ugehale ginn. Mir waarden nach ëmmer op d'Resultater vun enger nationaler Müllanalys.

Mee en attendant sollen eis Mülltaxen ugepasst ginn, net zulescht weinst enger gesetzlecher Obligatioun dass d'Müllwirtschaft muss zu 100% käschtedeckend sinn, wat eis Gemeng awer an de leschte Joren net méi héich wéi 72% konnt realiséieren. Trotzdeem gouf am aktuelle Kontext vun der Käschtenexplosioun a mat Rücksicht op déi schwierig Situatioun vun de Menagen decidéiert d'Taxenerhéijung net direkt ze stramm ze maachen, wat mer vun der CSV begrëssen. D'fix Tax, déi sougenannten Taxe de raccordement, déi jiddweree bezuele muss, déi gouf gehéicht. D'Iddi dohannert war, dass do eng gewësse Recettëgarantie ass, während ee bei de variable Sätz net weess, wéi déi evoluéieren, wann d'Verhale vun der Bevëlkerung tatsächlech méi an déi gewollte Richtung vun der Müllvermeidung sollt goen. D'Tax pro Entleerung bleift a gëtt liicht ugepasst. Zousätzlech gëtt d'Gewiichtskomponent agefouert. D'Leit sollen also dozou ugehale ginn net all Woch eng hallef voll Dreckskëscht eraussetzen, mee méi onreegelméisseg eng voll, wat am Endeffekt och méi bëlleg gëtt. Och déi Dreckstuten déi ee kann op der Gemeng kafe solle méi deier ginn. Dëst fir ze vermeiden, dass d'Leit sech domat laanscht méi voll a méi schwéier Dreckskëschte mogelen. Selbstverständlech bleift eng Kéier am Mount d'Entleerung vu Pabeier, Glas a Biomüll weiderhi gratis, wat an der Logik vum neie Reglement läit. Och dat begrësse mer.

Mir begrëssen et ausserdeem dass explizitt eng Erklärungs- a Sensibilisierungscampagne fir d'Bevëlkerung geplangt ass. Mir ënnerstëtzen och d'Propos vun der Ëmweltkommissioun fir d'Strof vun enger Müllentsorgung a fräier Natur ze verduebelen. Mir wëilten hei awer och nach eng Remarque aus der Ëmweltkommissioun vum 19. September weiderginn. Do gouf proposéiert am Sënn vun enger besserer Käschtedeckung ee méi rationalen Asaz vun eisen deieren Dreckscamionen unzestriewen. Déi Camione sinn nämlech net sou ausgelascht, wéi et hir Uschafungs- a Betribskäschtchen erwaarde loossen. Et gouf an der Kommissioun proposéiert, mol lwwerleeungen unzestellen, ob duerch e méi ausgefüllte Vidage-Programm vläicht Käschte kéinten agespuert ginn. Fir de Rescht stëmme mir vun der CSV dat neit Mülltaxereglement mat. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a villmools Merci och dem Service écologique fir d'Presentatioun, fir déi ganz Aarbecht. Et hänke jo och ganz vill Berechnungen domadder zesummen. Mir sinn hei zu

Diddeleng eigentlech scho länger gutt opgestallt vun der Offallgestioun hir. Als Bierger kann ee scho laang alles sortéieren. Mir hunn déi véier Poubellen, déi gréng, déi schwaarz, déi blo, déi brong. Mir hunn de STEP, mir hunn d'Superdrecksësch. Also do mengen ech dass mer par rapport zu anere Gemenge scho relativ laang gutt opgestallt sinn hei zu Diddeleng an ech mengen et ass och de Service écologique, deen do wierklech eng gutt Aarbecht mécht. An der Ëmweltkommissioun vum 19. September sinn dat neit Offallreglement an d'Taxereglement presentéiert ginn. Am Bericht ass ze liesen, dass de Kostendeckungsgrad, deen eigentlech bei 100% misst leien – dat ass jo lo och schonn hei gesot ginn – da just bei 75% läit. Am Bericht steet 75% et war elo 74% gesot ginn. Dat rett eis och net. Lo ginn et zwou Stellschrauwen, un deene gedréit ka ginn: Entweder d'Recetten erhéijen, domadder si jo dann d'Taxe gemengt, oder d'Depensen, déi mat der Offallgestioun zesummenhänken erofdrécken.

Hei hätte mer da schonn eng Fro: Ginn et nach Méiglechkeeten, dës Depensen erofzekeréien? Ech war an de Bericht kucke vun der Resultance bei „Gestion, maintien et patrimoine“, den Här Krumlovsky sëtzt jo och hei. Bei „Travaux généraux a Garages“, wou och den Hygienesdéngscht dozou gehéiert, a menge verstannen ze hunn, datt et nach Méiglechkeete ginn, wat och d'Ressourcenopdeeling betrëfft oder eng besser Auslaaschtung vun de Camionen, wéi den Här Gangler och elo sot, vläicht mat Synergië mat aner Gemengen. Vläicht misst een dat och mol eng Kéier alles nokucken. Wa mer d'Depensen net gedréckt kréien, bleift jo just nach déi aner Stellschrauf, nämlech d'Taxenerhéijung, fir méi no bei déi 100% ze kommen. D'Prinzip vum Pollueur-payeur ass jo geduecht fir haaptsächlech mol Müll ze vermeiden a Müll ze sortéieren, fir sou vill wéi méiglech duerno ze recycléieren. Et ass jo och en Zil an eise Nohaltegkeets-Masterplan, fir de Volume vum Hausmüll erofzekeréien an den Taux de recyclage eropzekeréien.

Bei den Taxe gëtt et eng fix Taxe de raccordement an eng variabel Tax. Bis elo war dat jo d'Frequenz, also de Vidage. Déi grouss Ännerung ass, dass déi variabel Tax elo zwou Komponenten huet, net nëmmen de Vidage, mee och d'Gewiicht. Mir fannen, dass dat an eng gutt Richtung geet. Grad esou, datt d'Menagen elo reegelméisseg informéiert ginn, wéi vill Gewiicht Knascht si an hir Poubelle geheien. Gutt wier et, wann een dann nach kéint vergläiche mat enger Moyenne vun engem Stot vun 1,2,3,4 Persounen, sou wéi dat op den Dekonte vun den Energieliwweranten üblech ass. Ech mengen dass d'Leit dat och wierklech ëmmer kucke ginn. Mir hunn eis am Service écologique informéiert dës Woch, well et net kloer fir eis ass, wéi déi nei Tax anzeuere ass, déi variabel vum Gewiicht, well mer jo do nach keng Vergläichsméiglechkeeten hunn an och keng Erfahrungswäerter. Am Bericht vun der Ëmweltkommissioun steet, et wier net erwënscht, datt d'Taxen erhéicht gi wéinst der aktuell schonn ugespaanter Situatioun duerch d'Krisen. Dat kënne mer natierlech och novollzéien. Mir hunn eis awer gefrot, ob et net eng aner Méiglechkeet hätt kënne ginn. Hätt een net kënne d'Taxe fixe de raccordement si loossen, also net erhéijen oder manner erhéijen an déi variabel Tax awer méi erhéijen? Et ass jo déi variabel, also de Vidage, d'Frequenz an d'Gewiicht,

déi d'Menage soll dozou incitéieren, Müll ze vermeiden, respektiv ze sortéieren, fir de Recycling.

Ech hunn och e Rechebeispill gemaach. A wann ech 4 mol am Mount meng schwaarz Poubelle eraus setze mat 5 Kilo dran, well ech sortéiere jo scho gutt, mee wann ech elo z.B. Plastik dra geheien, dee weit net vill, da kascht mech dat awer 4 Euro manner awer wéi bis elo. Also déi Gréng wäerten d'Taxereglement net matsëtmen, well mir hätten et méi logesch fonnt datt mer d'Frequenz, also de Vidage, net erofgesat hätten. Mir hätte léiwer gehat, d'Taxe fixe de raccordement, déi wier bliwwen an dat anert wier eropgesat ginn. An, dat wat den Här Gangler och scho sot, wa manner Leit hir Poubelle eraus setzen, dann ass den Tour och éischter fäerdeg mat der Frequenz. Et sinn awer vill positiv Elementer am Taxereglement, an op verschiddener wëll ech agoen. Dat huet den Här Hoss och scho gesot, dass de Präis vum Sac poubelle eropgaangen ass. Nei ass och am Chapitre 6, de bloe Sak, hei gi géint Kautioun giel Poubellë verlount fir Industrie, Schoulen a Sport-Infrastruktur. Do hätte mer och nach emol eng Fro: Wéi ass dat da bis elo an de Schoulen an an de Sportssäll? A ginn déi blo Tuten dann elo an déi giel Poubellen dra geluecht oder wéi gëtt dat eidel gemaach? An dann hu mer jo och nach rout Poubellen. Mee ech mengen, déi si just fir Manifestatiounen. Déi stinn elo net am Reglement dran.

Dann nei beim Recycling-Taxi, do hu mer och méi Detailer elo, an de Carnet ass vun 9 op 12 Euro eropgesat. Sinn déi 12 Euro awer elo fir déi 4 Bongen, huele mer elo mol un? Dat ass nämlech net ganz kloer formuléiert. Dann, am Chapitre 12, do hu mer eng Taxe forfaitaire, dat ass fir déi Leit, déi guer keng Poubelle hunn. Dat kascht dann 31,25.- Euro. Do steet awer net dobäi ob dat annuel ass oder mensuel. Dat ass dann och nach eng Fro. Dat mat den illegalen Depoten, dass dat vu 75.- op 150.- Euro eropgaangen ass an och déi 75.- Euro, wann ee säi Müll an déi ëffentlech Poubelle geheit, dat fanne mer natierlech och ganz gutt, dass dat mol méi deier gëtt. Zum Reglement hu mer nach e puer Froen, respektiv Remarquen. Am Chapitre 3, dat ass dat vun den Definitiounen, do stinn och d'Fosses septiques. Do wollte mer wëssen: Ginn et nach Fosses septiquen hei zu Diddeleng? A wéi vill ongeféier, a wou sinn déi?

Am Chapitre 5, iwwert d'Residenzen, dat ass jo och e groussen Deel vum neie Reglement, dass d'Residenze méi responsabiliséiert gi mat der ganzer Offallgestioun. An et ass jo och haaptsächlech an de Residenzen, wou sech de Problem och stellt vun där grénger Poubelle, déi oft inexistent ass, well entweder net déi néideg Plaz do ass oder si ass net erwënscht, well se net gutt richt. Hei hoffe mer och op Verbesserungen, well jo nëmmen 52% vun de Menagen eng gréng Poubelle hunn an den organeschen Offall ass deen, deen am meeschte weit, an dofir ass jo och déi Variabel vum Gewiicht agefouert gi fir dat dann ze vermeiden. Also mir stëmmen d'Reglement mat. Mir fanne wierklech ganz vill gutt Saachen, mee bei den Taxen enthalte mer eis, well déi hätte mir anescht opgedeelt. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Mir hunn hei en neit Offallreglement virleien, dat schonn am

Virfeld am Detail an enger Ëmweltkommissioun virgestallt an diskutéiert ginn ass. Merci fir d'Presentatioun hei, déi och nach e puer Saachen, wou ech net ganz sécher war méi kloer gemaach huet. An engem Punkt kann ech mech der Madame Heinen uschléissen, wat si gesot huet, dass mer hei zu Diddeleng gutt opgestallt si säit Joren. Ech mengen dat ass kloer. Wann een aner Gemenge kuckt, do ginn et net sou vill eenzel Poubellen. Do ass Villes net sou praktesch. Dat ass scho gutt. Do si vill Ännerungen am Text, am Reglement. Aner Denominatiounen, kloer Struktur. Ech mengen do brauch een net am Detail drop anzegoen. Et ass gutt, dass an deenen zwee Reglementer verschidde Saache méi detailléiert sinn, dann ass dat och méi kloer. Et bleift awer ze ernimmen, dass et gutt ass, dass et an de Co-Propriétéiten, also an de Residenzen elo méi genee Instruktiounen ginn an dass do och e Responsabele fir d'Kollekt vum Offall muss genannt ginn. Et ass wichtig, dass mindestens een am Haus weess, wat muss sinn a wat am Reglement steet a sech dann och drëm këmmert. D'Fro stellt sech dann awer, wéi do d'Informatiounen weidergeleet ginn, wéi dee Kontakt dann ass. Bon, ech denken dat ass awer méiglech, dat ze reegelen. Ech weess net, ob all Residence do ugeschriwwen gëtt oder all Wunngemeinschaft. An da muss een e Responsablen nennen. Ech denken, dass sech do Gedanken gemaach gi sinn.

Eng Fro hunn ech dann awer elo am Virfeld schonn, nämlech ob eng Informatiounsversammlung fir d'Biergerinnen an d'Bierger geplangt ass? Den Här Hoss huet gesot, et ass eng Informatiounscampagne geplangt. Dat heescht, d'Leit kréien eppes an d'Boîte. Mir géingen et net schlecht fannen, wann och eng Informatiounsversammlung kéint sinn, wou d'Leit konkret direkt hir Fro kéinte stellen. Virun allem wat all déi Konditiounen ugeet mat de Residenzen. Well dat jo och d'Leit selwer betrëfft déi do wunnen an déi net ëmmer Bescheid wëssen an einfach dat maachen, wat se octroyéiert kréie vun der Firma déi d'Gerance huet.

Wat den Här Gangler zum Sperrmüll gesot huet. Jo, dat ass leider e bësselchen e Problem vu Saachen, déi elo net méi um STEP ugeholl ginn. Bon, dat ass net Thema hei, mee effektiv si Leit, déi sech bekloen, dass Saachen, déi virdru geholl gi sinn an elo net méi geholl ginn. Bis elo war dat dann egal, da war d'Poubelle vläicht eng Kéier méi voll. Mee wa se natierlech méi schwéier gëtt a méi voll, dann huet et Konsequenzen. Zu den Taxenerhéijungen ass elo schonn e puer Mol gesot ginn, dass et kee gudde Moment ass fir se ze erhéien. Et ass an der Kommissioun gesot ginn, et war eng Direktiv vum Schäfferot, an dat kann een nëmme mat zwou Hänn ënnerschreiwen, an et ass jo lo hei net de Fall. An effektiv, d'Madame Heinen huet et scho gesot an ech hat och e Rechebeispill gemaach, wann ee gutt trennt, da kënnt ee souguer doheem a sengem Privathaushalt mat der schwaarzer Poubelle méi bëlleg ewech. Dat ass also gutt.

Déi liicht Erhéijungen, déi kann ee matdroen. Da stellt sech awer d'Fro bei der normaler schwaarzer Dreckskëscht. Well elo net méi just de Vidage gerechent gëtt, mee well dat op d'Gewicht geet. Da kann dat nawell e Problem mat sech bréngen. An da muss ee kucken, wéi

eng grouss Auswierkungen dat huet. Bis elo war et mer egal, wann een eppes a meng Poubelle geheit hätt. Lo ass et warscheinlech net méi egal, wann ee laanschgeet an eppes dra geheit. Et soll een dat net maachen, dat ass kloer. Mee mir wëssen awer all, dass d'Leit vill Saache maachen, déi een net soll maachen. An ech froe mech, op do grad a Residenzen net de Problem méi grouss gëtt, wou do d'Poubellen niewentenee stinn? Dat ass dann eng Saach vun Zesummeliwene a vu Behuelen. Mee gutt, mir wëssen, dass dat net ëmmer fonctionéiert. Bon, et bleift ëmmer d'Méiglechkeet vum Schlüss. Da wäerte mer warscheinlech méi Schlüsser verkafen. Da keeft een dat ee Mol an dann ass de Sträit am Virfeld vermidden. Do muss ee vläicht d'Leit och drop opmierksam maachen, datt et déi Méiglechkeet gëtt. Et ass schued, mee et kéint awer sinn, dass déi sech an Zukunft besser verkafen.

Et ass leider sou – dat ass den zweete Problem – et ass och schonn an enger Klimapaktreunioun geschwat ginn, dat ass dass virun allem am Zentrum net all Haus oder Gebai Plaz fir méi Dreckskëschten huet, besonnesch wann et eeler Gebaier sinn. Do hunn d'Awunner net ëmmer d'Méiglechkeet, de Volume vun hirem Offall nach ze reduzéieren a gréng Dreckskëschten dobäi ze setzen. Dobäi kënnt dass verschidde Proprietären hire Locatairen net alles erlaben, d'Madame Heinen huet dat och scho genannt. An do huet d'Gemeng dann awer keen Afloss drop, wann et en Haus ass, wou manner wéi véier Unitéite sinn. Wann ech dat richteg gekuckt hunn, dann ass et ab véier Unitéite gereegelt. Ech fäerten dass et dofir och keng richteg Léisung gëtt. Et war mol virgeschloe gi vläicht méi kleng Backen ze huelen, wéi et se an anere Gemenge gëtt, mee dat werft dann erëm aner Problemer op, well et net kompatibel ass mat eise Camionen. An et géif den Aarbechtslof beaschränken. Déi Taxe de changement, déi ass d'selwecht bliwwen, wann ech elo eng Poubelle austausche vu méi grouss op méi kleng. Déi ass 15 Euro. Mir fannen awer, dass dat misst gratis sinn. Et ass ganz einfach: wann ech elo higinn, an ech wëll méi eng grouss oder méi eng kleng Poubelle, da mellen ech meng Poubelle of, an zwee Deeg drop bestellen ech mer eng nei Poubelle an da kascht et mech näischt. Dann hunn ech déi Taxe de changement ëmgaangen. Ech weess, dass dat geet. An dobäi ass den administrativen Opwand souguer méi grouss. Well dat gëtt d'Kautioun erëm verrechent a sou. Dofir fanne mer, dass een déi einfach hätt kéinten op Null setzen a frou sinn, wann d'Leit e Changement maachen. Meeschtens geet et jo éischter no ënnen, dass se méi eng kleng Poubelle huelen. Wat dann och heescht, dass se besser trennen.

Dann hunn ech nach e puer konkret Froen. Am Reglement, am Artikel 18, do geet rieds vun deene 60 Valorlux-Tute pro Joer. Ech mengen, dat war bis elo och esou. Also mir fannen, dass dat zimmlech vill ass. De But soll jo awer nach ëmmer sinn d'Leit ze initiéieren, de Müll ze trennen an och Müll ze vermeide wa méiglech. An zwou grouss Tute Valorlux, well déi si jo awer relativ grouss, do geet awer scho ganz vill dran. A wann een den Plastik och nach platt trëppelt, da geet richteg vill dran. An dat sinn dann alt erëm Plastikstuten, déi am Ëmlaf sinn, quitt dass et recycelt ass. An dofir hate mer gemengt, eng Tut pro Mount géif duergoen. Et initiéiert

d'Leit vläicht, nach méi vum Plastik erofzekommen. Also mir selwer nutzen se och an ech mengen, ech hunn all véier Méint eng Tut. Voilà, just eng Propos. Dann zum Kapitel 12, zou der Tax forfaitaire. Ech hat dat net ganz matkritt, d'Madame Heinen huet dat och scho gesot, do geet et ëm déi Tax fir déi Leit, déi keng Poubelle hunn, vun 31,25.- Euro. Do steet elo effektiv net méi dran, dass dat mensuel ass. Dat ass vläicht einfach vergiess ginn, well virdu stoung dat dran. Dann zum Kapitel 14, wou et ëm d'Offall geet, déi an ëffentleche Poubellen deposéiert ginn. Do ass eng Tax vu 75.- Euro „par sac de 75 litres utilisé“. Ech si vläicht net ganz schlau, mee ech hunn dat net verstanen. Well eng 75-Liter-Tut, dat ass grouss, ech hu mer se doheem extra nach eng Kéier ugekuckt, an déi passt net an eng ëffentlech Poubelle. Oder ass dat vläicht wann den Dreck erausgeholl gëtt an dann ëmgefëllt gëtt an eng 75-Liter-Tut? Also fir mech ass dat e bëssen inkohärent. Dofir wollt ech nofroen, wéi dat gemengt ass, an ob een net einfach dat „par sac“ sollt ewechloossen? A voilà. Wann een säin Hausmüll an eng ëffentlech Poubelle geheet an et gëtt fonnt an et gëtt identifizéiert, da kascht et 75 Euro, sou wéi et och ass, wann een et an d'Natur geheet. Do ass et jo och einfach „par objet“ oder sou. Ob een dat net einfach sollt esou maachen? Mee vläicht kann een et och erklären, dat mat der 75-Liter-Tut?

An deem Kontext wëll ech och begräissen, et ass an der Ëmweltkommissioun gesot ginn, dass den Ënnerscheid gemaach gëtt tëschent den Offall an d'Natur geheet an den Offall, also den Hausmüll, an d'Poubelle. Wann et an eng ëffentlech Poubelle geheet gëtt, dann ass et zumindest mol an enger Poubelle, och wann een dat net soll maachen. An dofir ass dat scho gutt, dass do en Ënnerscheid gemaach gëtt. Da just als Ofschluss, no-deems mer vill iwwer Offall lo geschwat hunn, sollt een dann awer kuerz ervirhiewen, dass sech misst méi fir Reparatur agesat ginn, souwuel op nationalem Niveau, wéi och op Gemengenniveau. Dat ass net d'Thema hei, ech weess, mee et sollt awer erwänt ginn. Mir liewen an enger Gesellschaft, wou ganz vill ewechgeheet gëtt, a mir sollten awer éischter erëm, wéi et fréier och war, op de Wee goe vu Reparatiere muss eng Selbstverständlechkeet sinn. Do ass eng ganz flott Broschür hei vum Mouvement Ecologique, wou ganz interessant Saachen drastinn, an dat kéint ee vläicht och eng Kéier am Detail kucken, wat een do als Gemeng kéint maachen, fir dat ze ënnerstëtzen. Am groussen ganze si mer zefridde mat deenen zwee Reglementer a stëmme se mat. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Ech muss soen, dass ech frou sinn iwwert d'Stellungnahmen zum Deel vun der Oppositioun. Ech hat mech hei bis op d'Zänn virbereet wa géing geschoss ginn. Dat brauch ech guer net, also ech ka quasi dat alles ënnersträichen a kann lech verschoune vu ville Saachen, déi ech op en neits erëm wollt opzielen. Ech wëll awer och net näischt soen. E Punkt dee mir selwer am Reglement ganz gutt gefall huet ass eeben deen, dass mer elo müssen d'Gewicht mat consideréieren an och d'Haushalter doriwwer informéieren. An ech denken dat ass e gudde Sensibiliséierungsmechanismus, deen do vläicht kann agesat ginn. Wann ech elo als Privathaushalt de Verglach mat aneren Haushalter gesinn a stelle fest, ma du läis jo mat dengem Müll

wäit iwwert der Moyenne, ech soe mol 60%, da kann ech emol bei mir Iwwerleeungsprozesser a Beweegung setzen a kucken, ob ech do net eppes maache kann. Ech denken dat kann eis um Niveau vun der Sensibiliséierung e gutt Stéck no vir bréngen.

Zu den Taxe brauch ech dann och net vill ze soen. Deen ee Punkt, deen déi gréng Fraktioun ervirbréngt, dass ee vläicht besser gehat hätt un de variablen Taxen ze schrauwen. Bon, ech mengen et ass aus der Presentatioun ganz kloer ervirgaangen, dass mer musse käschendeckend schaffen an dass eebe grad déi fix Tax eis déi Garantie iergendwou gëtt. Well soss lafe mer awer Gefor, dass mer op eemol nëmme méi 50 oder 40% ofdecken an dann hu mer e Riseproblem geschaf. An anerwäerts, wann ech lo soen, d'Gewicht gëtt haapt-sächlech do gekuckt, dann ass dat an éischter Linn novollzéierbar. Mee wat schafen ech do vläicht? Haushalter, déi gutt bemëttelt si kënne sech de „Luxus“ erlabe, weider alles dran ze geheie wéi virdrun. Ech wëll net soen, dat géingen déi meescht maachen. Awer si kënne sech de Luxus erlabe weiderzemaache wéi virdrun. An déi Leit, déi sech dat dann net kënne leeschten, déi gi vläicht iergendwou gezwongen, duerch esou eng Tax, wann déi extrem héich ass, kee Müll méi ze maachen. Wat schlussendlech eis Bilanz natierlech positiv beaflosst. Mee géinge mer net villäicht eng Dier méi wäit opmaachen, dann den Hausmüll e bësse méi oft illegal ze entsuerge, well ech ganz einfach keng aner Méiglechkeet gesinn, fir mäin Dreck lasszeginn? Ech wëll dat just eng Kéier um Rand gesot hunn. An ech stelle mer et vill méi flott vir an enger Gesellschaft ze liewen, déi vu sech aus, well se dropkomm ass, dass et sënnavoll ass Müll ze vermeiden, wéi an enger wou een et quasi opgezwonge kritt et ze maachen an déi aner kéinte weidermaache wéi virdrun, ouni, wéi gesot, dass ech dat hei engem wëll ënnerstellen.

An dann dee Punkt, deen ugeschwat ginn ass, deen ech och kann novollzéien: Firwat hëlt de Sperrmüll verschidden Artikelen net méi un? Ech muss soen, ech si selwer och schonn ëmgedréint ginn an hu mat den Zänn geknirscht a meng Saach erëm matgeholl. Mee wa mer do keng Grenz setzen, dann hunn ech jo iergendwou prinzipiell d'Erlaabnis, dass ech mäin Hausmüll kéint - wie géing mech dann ëmdréien, wann ech net iergendwou eng Grenz géif setzen - do ofticken? Bon et kann ee driwwer diskutéieren, mee ech denken awer dass déi Grenz net vu Mutwëll ass. Ech soen iech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass scho vill gesot ginn. Ech wollt just nach kuerz e puer Froe stellen. Virun allem am Kapitel „Immeubles à plusieurs unités“. Ech mengen dat ass de Knackpunkt. Wann een och kuckt, wéi mer am Restanten-Etat gesinn hunn, d'Taxen déi net bezuelt sinn, dat ass ganz oft an de Residenzen, dass do d'Zahlungsmoral net ëmmer sou gutt ass, dass verschidden Residenzen hir Taxen net bezuelen. Dat ass warscheinlech einfach well do och keng Kontroll ass a well do vill Locataire mol guer net wëssen, dass de Syndic d'Taxen net weidergëtt. Mir hatten dat laang a breet diskutéiert. Ech gesinn elo do e bëssen de Knackpunkt. Et ass och ganz gutt, dass mir dat hei draschreiwen, dass all Co-Propriétéit muss eng Personne physique chargéieren, déi de

Respekt vun dëser Dispositioun soll kontrolléieren. Mee do gesinn ech e bëssen de Problem: Wat maache mer wa keen aus enger Residenz designéiert gëtt? Wat hu mir fir eng Handhab, fir dat obligatoresch ze maachen? Iidem wa mir elo soe, mir mussen eng „Poubelle pour bio-déchets refroidie“, fir déi dann an all Residenz, déi méi wéi 10 Unitéiten huet, opzestellen. Do ass och de Problem mat der Kontroll. Dat ass jo e privat Gebai, dat ass jo net evident, dass do einfach ee ka ragoen a soen, hei hu mir dat? An e grouse Problem ass och, datt vill Proprietären dat net wëllen. Well et sténkt, well et net praktesch ass. Do musse mer eis awer nach iergendeppes afale loossen, wéi mer do eng Kontroll maache kënnen. Oder gëtt et do e Mechanismus? Oder hu mir d'Erlabnis, dat ze maachen? Ausser ëmmer Bréiwer ze schreiwen, wou dann awer näischt geschitt. A wéi eng Méiglechkeet hunn och d'Locataire, fir ze forcéieren, dass d'Proprietären dat uwennen? Déi kënnen soen, mir hunn e Reglement. Mee wat ass wann d'Proprietären, oder nëmmen een am Groupement net d'accord ass fir sou eng Poubelle opzerichten?

Ech hunn awer och nach eng aner Fro. Dir musst och bedenken, wann s de sou ee „Bio-déchets refroidis“-Lokal méchs, wou jo dann och déi Bio-Decheten drakommen, dat muss jo och gekillt ginn, dat gëtt en immensen Invest. Bon, et ass vläicht de gudde Wëllen do, fir eng gréng Poubelle ze kréien, mee wann et ëm d'Sue geet, da si vill Proprietären déi soen: Ah neen, do sinn ech net averstanen. Ech hunn awer och nach eng konkret Fro. Et ass gesot ginn, d'Valorlux-Tuten, déi missten a sou Rollcontainere sinn. Elo hunn ech awer am Taxereglement net fonnt, ob mir dat kënnen bei eis kafen. Also ob d'Leit dat da kënnen iwwert d'Gemeng kafen, sou wéi aner Poubellen? An och, wat dat kascht. Do ass meng Fro: Wéi soll dat virgoen? Oder musse mer mat der Valorlux zesumme schwätzen? Ech hunn dat net fonnt, de Rollcontainer. Kënnen se dat da bei eis kafen? Oder wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Leit? Dann hunn ech nach eng konkret Fro. Och mat de Poubellen, do ass jo virdru gesot ginn, d'Thessy Erpelding huet et erwänt, ech hat mer et och opgeschriwwen.

De Changement vun enger méi grousser op eng méi kleng Poubelle, ech fannen dat sollt gratis sinn. Dat wär och e gudde Message. Et ass jo och sou, et si vill Familien, déi vill Kanner doheem hunn, op eng Kéier si se all fort. Da brauchts de net méi souvill, da produzéiers de net méi souvill Müll, an da brauchts de eng kleng Poubelle. An doraus kënnt dann och d'Fro, ech sinn och drop ugesprach ginn: Firwat gëtt et net méi déi ganz kleng Poubelle? Well wann s de eleng bass an du trenns gutt, da brauchts de éiweg laang, bis de déi 80-Liter-Poubelle voll hues, an dann hues de awer Saachen dran, déi vläicht net gutt richen an dat ass dann och erëm net gutt. An da stells de se awer vläicht raus, och wa se nëmmen hallef voll ass, fir einfach erëm eng propper Poubelle an d'Haus eranzehuelen. Do ass meng Fro: Ass do eng Demande do? Sidd dir dorop ugeschwat ginn? Kënnt dir dat e bësse chiffrieren?

An dann, d'Kontroll ass ganz wichteg. Dat hate mer scho gesot. Dat fannen ech och ganz gutt. Och dass eise Bannpréiter an eis Leit vun der Hygiène och an den ëffentleche Poubellë kucken, wien do wat ewechgehet an dass dat och Sanktiounen huet. Den Här Gangler

huet schonn drop higewisen, dass dat wichteg ass. Ech hunn awer elo nach eng aner Fro. Et ass gesot ginn, d'Mülltrennung ass extrem wichteg. An dann nach eng Kéier den Appell, ech mengen deen hu mer hei all-eguerter scho lancéiert: Wéi ass et mat deene roude Poubellen op de Manifestatiounen? A wa mer lo d'Leit initiéiere fir nach besser ze trennen, da musse mer eis awer och nach eng Kéier op de Leescht huelen, dass mer déi aner Poubelle wéinstens dohinner stellen. Et gëtt ëmmer gesot, d'Leit geheien awer egal wat dran. Jo, mee wa mer hei nees sou eng grouss Sensibilisatiounscampagne nees maachen an d'Leit drop hiweisen, dass se sollen trennen, ma da sinn d'Leit och gewinnt ze trennen. An do sinn da Leit, déi stinn do mat hirem Plastik an hirer Zerwéit a se wëssen net wouhin domat, wa se hiren Thüringer giess hunn. Do musse mer de Leit awer och eng Méiglechkeet ginn. Oder wa se nach e Flyer kréien, oder Deplianten ausgedeelt ginn. Et muss awer iergendwou eng blo Poubelle stoen, wou ee se da kann hi geheien. Wann ee se gelies huet natierlech.

Dann hunn ech nach eng Fro zu deem berühmte Recycling-Taxi. Wat ech do net ganz glécklech fannen, ass dass deen och Textilien a Schong asammelt. Well do ginn et jo déi Sammelcontainer, Kolping-Wierk, Jongenheem. Ech weess, do sinn och Textilien dran, déi een net méi ka reutiliséieren, mee déi Associatiounen, déi maache Suen domadder andeem se déi verkafen. Och déi Fatzen an déi Stoffreschter, déi een net méi ka verwäerten. Dofir ass meng Fro: De Recycling-Taxi, wat mécht deen domat? Trennt deen déi Textilien do och a mécht déi och an d'Sammelcontainer? Well fir déi Associatiounen ass dat awer e wichtige Revenu. An dann en anere Problem. Ech sinn och ugeschwat gi vu Leit, déi wollten och hir Pneu matginn, dann huele se d'Pneu mat ouni Felg. Also ech muss soen, ech kréie kee Pneu vun enger Felg erof a wat maachen ech dann? Mécht de Monsieur vum Recycling-Taxi dat? Dat war deemools net de Fall. Du stoung d'Madamm do an du huet se d'Pneuen erëm an d'Garage gerullt. Do muss een dann awer och kucken, wéi een dat mécht. Dass een de Leit seet: Komm, ech huelen der d'Pneuen erof an deng Janten, déi méchs de dann an d'Ferraille, an dann ass dat esou.

Dann nach eng aner Saach: D'Superdreckschëscht, déi Containeren, déi mer regelméisseg bei de Match gestallt hunn, dat ass elo guer net méi hei dran, dat war am ale Reglement awer nach dran. Ass virgesinn, dass dat guer net méi kënnt? Well awer mol Leit sinn, déi am Zentrum wunnen, déi awer nach hir Batterie getrennt hunn an hir Ampullen, déi dann dohinner gaange sinn an och frou waren, fir sou e Gest ze maache fir dat an d'Superdreckschëscht ofzeginn. Also am grouse ganzen, de Jemp huet et scho gesot gehat, mir ënnerstëtze souwuel d'Konventioun, wéi och d'Taxereglement a mir sinn och dankbar, dass eng gutt Informatiounscampagne an eng Sensibilisatiounscampagne soll kommen. An ech hat nach déi puer Froen am Unhang. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Et gouf elo scho ganz vill hei gesot an de Kolleeg Alain Clement huet jo och ausféierlech dozou Stellung geholl vun eiser Säit, mee vu mir vläicht just e puer kleng Remarquen. Wat eis als LSAP um Häerz läit, dat ass éischtens emol dass déi Sensibilisatiounscam-

pagne ganz praktesch ausgeriicht ass mat Best Practices, dat ass och schonn hei iwwerall ugeklongen, dass d'Leit dat kënne kucken a sech selwer a Fro stellen. Well mir hu jo hei gemierkt, dass dat ganz technesch ass. An och d'Leit aus dem Service écologique, an nach en häerzleche Merci u si, hu sech jo scho ganz vill Aarbecht a Rechebeispiller misse maachen. A fir d'Leit dobaussen ass et och net ëmmer sou einfach, fir déi Rechebeispiller selwer ze maachen, an dat kascht ganz vill Zäit an herno ass et net richtig. Ech mengen déi Sensibiliséierungscampagne, déi misst dann eeben och do ganz praktesch ausgeriicht sinn. Dat ass dat Eent. An dat Anert ass eppes, mir hunn elo hei ganz vill iwwer Residencë geschwat, a wa mer driwwer geschwat hunn, dann hu mer awer éier sou am Hannerkapp déi modern Gebaier, déi elo déi lescht Zäit gebaut gi sinn oder och nach e bësse virdrun. Mee ech maache mer éischer Suergen ëm déi Cohabitatioun vu Gebaier, déi historesch gewuess sinn.

Ech menge mir hunn hei zu Diddeleng och Quartieren, wou ganz op ganz enkem Raum zesummegeliift gëtt, wou et „Residencë“ ginn, a Gänseféisercher, wou Leit zesumme liewen, a wou carrement keng Plaz ass fir déi verschidde Poubellen ze stellen. D'Quartiere sinn enk, d'Stroosse ginn dat och net hir. Oder si leien am Hank a sou virun a sou weider. A mir hunn awer elo hei am Reglement gesinn, datt sech muss ugepasst gi bis 2025, fir deem Ganzen do gerecht ze ginn. Do wëlle mir als LSAP just drop hiweisen, datt mer en vue vun 2025 awer müssen eng Léisung fanne fir net déi Schwächsten hei an eng Situatioun ze bréngen, wou se herno gestrooft ginn oder wou se sech net kënne wieren, well et net mol sou einfach eng Léisung gëtt. Mir verstinn, datt bei moderne Gebaier sech muss ugepasst ginn an an Zukunft wa gebaut gëtt, dorunner geduecht ginn. Norëschten ass och nach oft méiglech. Mee hei wëll ech just en A op déi halen, déi ganz ënnen op der Leeder stinn an déi sech a verschiddene Situatiounen carrement net kënne wieren, an déi och keng Léisung hunn. Dat just vu menger Sait. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Ech wëll just nach eng Kéier dorunner erënneren, wéi mer iwwert de Projet „Op Bëlleg“ geschwat haten, d'Propositoun gemeet hate vun enger zentraler Poubelle an deene verschiddene Quartieren. Ech gesinn dat ëmmer méi a verschiddene Stied, wann s de mol op verschidde Plaze rees, da gesäis de dat ëmmer méi heefeg. An ech denken, dass dat e Konzept ass, wat ee wierklech entwéckele kann an da géife mer grad deenen dote Leit entgéintkommen. Dat war et wat ech wollt soen. Merci. Jean-Paul GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt och just nach eng Kéier derbäiflécken dass et an deem ganze Volet och wichteg ass, déi sozial Komponent ze gesinn. Wa mer hei soen, mir taxéieren d'Gewiicht, dann däerfe mer awer net aus den A verléieren, dass Leit, déi vill Kanner hunn, kleng Kanner, do fale vill Hygiene-Artikelen un, bei verschiddenen eelere Koppelen och. Dat setzt d'Gewiicht awer noutgedrungen erop. Et däerf ee se jo net an déi gréng Dreckskëscht geheien. An dofir ass et scho gutt, dass mer hei e gesonde Mix fonnt hunn tëscht deem Fixen an deem Variablen. Dass mer grad déi, déi an där Situatioun sinn, net ze vill belaaschten. Da wollt ech nach just eng kleng Bemierkung maachen.

Wa lo gesot gëtt: Jo, wann een d'Poubelle net méi oft eidel mécht, da fänkt se op eemol un ze richen. Ech hunn doheem an a menger Praxis e Betrib dee kënnt an dee botzt mer meng Poubelle an deen desinfizéiert se och. An ech fannen dass dat eng ganz gutt Formel ass. Mee wéi den Här Clement seet, ass dat schonn erëm eng Kéier eng Mesure, déi sech vläicht net jiddweree ka leeschten. Mee et kann ee vläicht eng Kéier drop hiweisen, dass et dee Service gëtt, dee fonctionéiert ganz gutt an dat ass fir mech ganz zefriddestellend. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Fir déi Schwächst, déi da vill Kanner hunn, do hat ech am Vademecum fonnt, d'Gemengen, déi kënne e Reglement communal maache fir bei der Allocation de vie chère Fraisen, déi mat der Gestion de déchets zesummenhängen, z.B. 3 Joer, wann ee Puppelcher kritt, fir dann eeben d'Wëndelen. Den Här Zuang ass elo net do. Ech weess net, ob mir dat hei zu Diddeleng hunn? Mee ech wollt awer och nach eng Kéier soen, dass déi Méiglechkeet besteet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir all Är Reaktiounen a Stellungnamen. Da géif ech d'Wuert zrëckginn un eise Service écologique an dann och un de Manderscheids Ren.

PATRICK HOSS (ËMWELTBERODER): Merci Här Buergermeeschter. Ech probéieren dann elo op all déi Froen ze äntweren, déi eise Service betreffen, an den Här Krumlovsky, deen ass och do fir op déi Froen ze äntweren, déi méi den technesche Volet betreffen. Et war direkt am Ufank vum Här Gangler ugeschwat ginn, de Problem mam STEP. Deen ass elo e puer Mol hei ernimmt ginn. Et ass elo sou, dass de STEP sou wéi och all déi aner Centres de ressources vun der Ëmweltverwaltung opgefuerdert gi sinn, de Reglement grand-ducal fir d'Centres de ressources strikt ëmzesetzen. An alle Centres de ressources sinn d'Sperrmüllcontainere dofir mëssbraucht gi fir a Plastikstuten asw. Hausmüll ze entsuergen. An deem huet missen eng Barrière virgesat ginn an dat ass eebe mat der méi strenger Applikatioun vun deem Reglement grand-ducal, deen d'Centres de ressources betrëfft, ass dat ze erklären. Dat ass déi Informatioun.

Op d'Camione geet den Här Krumlovsky nach an. Dann hat d'Madame Heinen gesot, de Prozentsaz, dee mer am Ufank opgefouert hunn, dass do e bëssen Duerchernee war. Et ass esou, dass mer fir déi heite Presentatioun och nach Donnéeën vun 2021 nach integral zur Verfügung gestallt kritt hu vun alle Servicer, sou dass déi och nach hei mat agefloss sinn. De Verglach vun de Stéit hat Der gefrot. Et ass esou, mir taxéiere Poubellen, mir taxéieren elo kee Stot. Also fir eis als Service ass et schwéier ze erfaassen, ob eng 80-Liter-Poubelle vun engem Stot mat enger Persoun oder vun engem Stot mat dräi Persoune benotzt gëtt. Dee Verglach, dee kënne mir ganz schwéier maachen. Dat ass vun der Gescom-Software vläicht méiglech, mee da müssen do Operatiounen ugefrot gi fir dat do kënne ze visualiséieren. Den Här Clement huet et scho gesot, firwat mer d'Taxe fixe erhéijen an de Vidage net. Dir hat eng ëmgekéiert Propos gemaach. Et ass awer sou dass mir eis dorop baséiert hunn, a mir sinn och vum Bureau Eco-Conseil dohigeeënd berode ginn, dass mer sollen de

gréissten Deel vun eise Fixkäschten och iwwert eis fix Tax eranhuelen, dofir hu mer eis dofir entscheet, déi fix Tax ze erhéijen. Wat déi giel Poubellen ugeet, déi stoungen och schonn am ale Reglement. An et ass effektiv esou dass déi vun de Schoulen a vun den Industriebetriber a vun eise Sportsinfrastrukture benotzt ginn an déi blo Tut kënn effektiv an d'Poubelle an déi gëtt dann an de Camion getippt, well dat fir eis Aarbechter och méi einfach ze handhaben ass. An d'Tax forfaitaire, dat ass effektiv eng Korrektur wou mer musse virhuelen, déi ass mensuel.

Da probéieren ech op dat anzegoen, wat d'Madame Erpelding ugefrot huet, wéi mer un d'Residencen erugi fir déi Informatioun weiderzeginn. Also mir hunn als Service d'Iwwerleeung ugestallt, dass mer fir d'éischt emol d'Associatioun vun all de Syndicken informéieren an uschreiwen a si froen, fir eist Reglement un all hir Membere weiderzeginn. Da wësse mer iwwert eis Gestiou vun de Poubellen, wéi eng Syndicken hei zu Diddeleng tätég sinn. Déi ginn dann natierlech eenzel nach eng Kéier ugeschriwwen a mir hoffen dann, dass esou déi Informatioun dann och bei jiddwerengem ukënn.

Bei der Informatioun a bei der Sensibilisatioun, do probéieren ech op all déi Froen ze äntweren, déi em d'Sensibilisatioun gedréint hunn. Bis elo ass just ugeduecht, mat enger Broschür ze verfueren. Mer sinn och do am Gaang e Format auszuschaffen, wat et fir d'Bierger einfach mécht, sech fir all Fraktioun schnell an engem einfachen Iwwerbléck déi wichteg Informatiounen erauszéien. Wa mer lo mierken, dass e Besoin do ass, wa lo géife vill Uriff bei eis kommen, oder vill Gerancë bei eis uruffen, da géif ech soen, dann ass de Schäfferot och domat averstanen, dass mer dann och nach eng Kéier eng Informatiounsversammlung organiséiere wäerten. Dann ass et och em d'Gewicht vun deene schwaarze Poubellen an de Residenze gaangen. Et ass esou dass d'Gesetz et verlaangt an d'Reglement och, och an deenen ale Residenze muss iergend eng Kéier eng Müllschleis hikommen. Dat heescht, dann ass e Gemeinschaftscontainer do, deen d'Gewicht muss eraassen an da kann dat och sou un d'Menage weidergi ginn.

Am Zentrum, an dat huet d'Madame Kohn jo och ugeschwat, ass et ganz wichteg, wéi een déi Informatioun weidergëtt vun deem heiten Offallreglement. Et gëtt dacks gesot, dass et e Problem vu Plaz ass, mee et muss een awer och soen, lo, bei deene méi gréisser Residenzen, déi hei ronderëm sinn, do hunn déi meescht nach hir eege Poubelle, do kënn den Ady's Hygiene-Déngscht, dee stellt dann 20, 25, 30 Poubellen op den Trottoir eraus. A wann een do kuckt, wéi vill Volume u Poubellen ee géif aspuere wann een e Gemeinschaftscontainer dohinner setzt. A wéi vill Volume u schwaarzer Poubelle een och géif aspueren, wann een déi gréng Fraktioun och aus der Hausmüll-Poubelle an déi schwaarze Poubelle mécht, da gewënnt ee vill Plaz, wou een déi Infrastrukturen awer kéint amenagéieren. An ech mengen dat ass de Kär vun der Informatioun, déi een an deem Fall probéiere muss eriwuerzebréngen. Dass dat Ganzt hei net nëmmen Nodeeler, mee och Virdeeler huet. Andeem een eng Fraktioun aus der schwaarzer Poubelle raushält, brauch ee manner Volume u schwaarzer Poubelle an et gewënnt een doduerch

Plaz fir eng gréng Poubelle dohinner ze stellen. Dat wäerte mer och probéieren, sou riwwerzebréngen.

Da war d'Taxe de changement de poubelle ugeschwat ginn. Dass déi sollt gratis sinn. Also et ass esou, firwat hu mer dat agefouert? An et ass och just aus deem Fall. Et gëtt ganz seelen e Changement vun enger Poubelle bei eis ugefrot. Mir hunn et ugefrot, well déi Leit mat Gäert, déi haten den Wanter iwwer eng oder zwou gréng Poubellen, wa se och nach eng grouss Wiss hunn. An dann am Mäerz an am Abrëll, dann hate mir e sëllegen Ufroer fir hir kleng gréng Poubelle op eng grouss gréng Poubelle ze wiesselen, well se dann erëm méi Rasenschnitt hunn. An am Hierscht war et dann erëm genau dat selwecht. Da sinn erëm déi grouss gréng Poubellen ofbestallt gi fir se duerch déi kleng ze ersetzen. A fir dat ze ënnerbannen ass déi Tax agefouert ginn. An déi huet sech och haaptsächlech just dorobber bezunn, well weider Changementer vu Poubellen, déi gi bei eis ganz, ganz seelen ugefrot. Also ech géif soen, keng 2 am Joer.

Dann hat d'Madame Erpelding gesot, dass mer manner Rouleau Valorlux-Tuten erausgi sollen. Also mir ginn elo 3 Rouleauen eraus, dat si 60 Tuten, a jiddweree kann all zwou Wochen zwou Tute rausstelle mat deem Prinzip. Do muss ee soen, dass vill Leit nach komme fir der méi ze kréien. An da musse mer éierlech soen, dat ass e Problem vun der Sensibilisatioun, mee dat ass awer och e Message, dee ganz schwéier eriwuerzebréngen ass un d'Leit, Verpackungsmüll ze vermeiden. Dat ass e Begrëff, ënnert deem déi mannste Leit sech kënnen eppes virstellen. An och déi mannste Leit hunn eng Notioun dofir, dass si als Konsument kënnen entscheiden, wéi ee Produit verkaf gëtt. Si kafen a wat praktesch ass oder dat, wat se gewinnt sinn. Ech selwer fannen et schued, dass et sou ass. Ech sinn e ganz grouss Fervent fir Verpackungsmüll ze vermeiden, mee et ass eng schwéier Tâche, dat un d'Bierger erunzebréngen. D'75-Liter-Poubelle. Also mir hu vun eiem Service industriel matgedeelt kritt, dass déi Poubellen déi vun eis an déi ëffentlech Poubellen agesat ginn an dann emgediebelt ginn, dass dee Behälter dann e bëssen ëmkleed ass, éier en erëm an den Halter eragesat gëtt, dat si 75-Liter-Tuten. A mir hunn dat einfach als Referenz geholl, fir eng Referenz ze hunn, sou wéi et bei deenen aneren eeben Objet et Récipient ass, bei deem Müll, deen an der Natur entsuergt gëtt.

Da war och nach de Volet vun de Reparaturen ugeschwat ginn. Et ass esou, dass mer zënter dem September en neie Mataarbechter hunn am gréngen Haus an eng vu senge Missiounen ass, fir ze kucken, hei zu Diddeleng och erëm eng Kéier d'Struktur vun engem Repair-Café op d'Been ze stellen, an deem Sënn, dass e méi reegelméisseg ka stattfanne wéi déi spontan Repair-Caféen, déi mer bis elo hei haten, déi eemol am Joer stattfonnt hunn. Mir sinn do am Kontakt mam Mouvement, och iwwert déi Broschür, déi se rausginn hunn, awer och mat dem Repair-Café Lëtzebuerg fir ze kucken, wéi mer erëm kënne sou eng Struktur op d'Bee setzen, fir dass dat méi reegelméisseg kann ofgehale ginn. De Problem ass do, si ginn engem vill Rotschléi, mee si hätte gärn dass déi Gemengen, déi Repair-Caféen op d'Bee setzen och selwer hir Reparatere rekrutéieren. Mir haten

deemools bei eise Repair-Caféen och d'Opriff gemaach, dass Leit sech solle mellen. Leider wat dat awer net de Fall. An dann ass et schwéier, sou eng Struktur opzesellen, wann ee keng Ressourcen dofir huet.

Da kommen ech op der Madame Kayser hir Froen. Wat d'Kontroll an de Residenzen ugeet, do kann ech elo keng Ausso dozou treffen, dat misst een dann effektiv bei der Ëmweltverwaltung nofroen. Well et jo eng gesetzlech Obligatioun ass, dann hu si warscheinlech eng Kontrollautoritéit fir dat dierfen ze maachen. Dir hutt Recht, mir als Gemeng wäerten et warscheinlech net dierfe maachen. Mee vu dass et eng gesetzlech Obligatioun ass, vläicht kann een als Gemeng si froen, dass ee bei Residencen, déi nei opgemaach ginn, dass een dann och do kucke geet, ob dat ëmgemat gëtt, wat am Prinzip jo an de Pläng vun de Baugeneemegungen och verlaangt gëtt. Wann ech elo vu grousser Residenz schwätze mat 10 Unitéiten, do gëtt jo 2 x 240 fir Bio-Dechete mat Killagregat gefrot. E Killagregat fir sou Poubellen, dat kascht tëscht 2500.- a 4000.- Euro. Fir 10 Leit ass dat natierlech en Invest, et ka bis 400.- Euro sinn, mee am Gesamtinvest vum Appartement mengen ech dass dee Montant dann och net wäert entscheidend sinn ob een en Appartement kauft oder net kauft. Dat selwecht gëllt fir d'Rollcontaineren. Déi stellt net d'Gemeng zur Verfügung, déi kritt een am Baumarkt ze kafen. Dat ass eng Saach tëscht 150.- an 250.- Euro, jee no Ubidder, deen ee sech do eraussicht.

Mat de roude Poubellen an de Manifestatiounen ass et sou, dass mir als Service och elo scho mat all deene Servicer Kontakt hunn, déi Manifestatiounen am Numm vun der Gemeng veranstellen a se dohi sensibiliséieren, dass all Manifestatioun, déi d'Gemeng selwer organiséiert, op d'mannst de „Mär engagéieren eis“-Logo oder de Greenident-Logo kréien. An dat bedéngt dann natierlech och eng konsequent Mülltrennung op de Manifestatiounen. Textilien, déi géife vun eis op de STEP gefouert ginn, awer beim Taxi-Recycling ass et esou, dass deen am Fong nëmme beoptraagt gëtt fir elektronesch Haushaltsgeräte, dat heescht, Frigoen, Wäschmaschinen, Kühltruhen an Trockner, heiansdo och emol e Fernsee an e Computer. Dat steet dra well mir gesot hunn, mir offrénen dee Service, well de STEP déi Saachen eeben och entgéinhält. An dee Recycling-Taxi war jo geduecht fir déi Leit, déi net selwer op de STEP kënne fueren, fir déi Saachen déi um STEP entgéintgehoen ginn och kënne matzehuelen. Am Kapitel 17 am Règlement ass d'Superdreckschëscht och nach ëmmer dran. Ënner „Déchets problématiques“. Si gëtt just net méi Superdreckschëscht genannt, well do den Eco-Conseil eis geroden huet, en allgemengen Term ze huelen. Mir hu se elo genannt „Système de collecte nationale pour déchets problématiques et dangereux.“ Dat ass d'Superdreckschëscht. Wa sech dann iergendwann eppes deet, dann ass ee sou sécher, dass ee kee Règlement muss änneren well vläicht d'Superdreckschëscht eng aner Bezeechnung kritt. Voilà, ech mengen domat wär ech op déi meescht Froen agaangen. Den Nic huet dann och nach eppes ze soen. Merci.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD): Ech géif dann eng Kéier drop agoen, wéi de Betrib organiséiert ass. Do hu mer hei an der Stad Diddeleng d'Chance,

ech hunn d'Chance, dass ech beim SIDOR am Conseil technique sëtze mat anere Gemengen zesummen, Esch, Déifferdeng an dann och d'Stad Lëtzebuerg. D'Stad ass elo eng Nummer ze grouss, mat där kënne mer eis net vergläichen. Mee Déifferdeng an d'Stad Esch, dat ass awer vergläichbar mat eis, an do sinn d'Servicer änlech organiséiert. Dat heescht, mir hu versicht, sou gutt wéi méiglech de Service ze garantéieren. Mir fuere moies fréi eraus a kucke sou séier wéi méiglech eis Aarbecht ze maachen. Am Südgemeinde-Kollektivvertrag steet ausserdeem dran, wann d'Schicht eriwwe ass, wa se fäerdeg si mam Tour, dann dierfe se heemgoen. Awer net fréi dann eebe wéi 12 Auer. Mir haten driwwer nogeduecht, och ënner aner Kollege vun aner Gemengen, fir eventuell nach eng aner Schicht nach anzeleeën. Et ass awer sou, de SIDOR fänkt moies um 06:30 un a mécht d'Dieren op an owes ëm 17:00 zou. Dat heescht och dat ass net sou einfach, fir zwou Schichten lafen ze loossen. Wat awer ass, wann d'Jonge fäerdeg ginn, dat ass awer kee Problem, da schaffe se bis 15:00.

Also ech gesinn elo direkt keng Verbesserungsvorschläi. Wann der awer do sinn, mir hunn awer en oppent Ouer fir dat. Dat wollt ech just soen zum Betrib. An et muss ee wëssen, all Dag oder all zweeten Dat kënnt ëmmer eppes vir mat de Camionen, dass eng Pann ass. Grad elo, wou de Müll gewie gëtt. Dat ass vill méi komplizéiert, vill méi technesch, wéi dat fréier war. Fréier ass alles dra gehait ginn, haut gëtt et gewien. An do kënnt et ëmmer mol fir dass eppes net geet oder et ass den Ordinateur deen duerchdréit, da mussen d'Jongen eragefuer kommen, et ass ee vun de Mechanicien dee kuckt eng Kéier no, et gëtt e Reset gemaach an erëm ugefuer. Dat bedeit natierlech dass d'Mechanicien mussen do sinn. Wann een elo bis 17:00 oder 16:30 wëll fueren, wéi och ëmmer, da mussen och d'Mechanicien anescht fonctionéieren. An dat zéit sech da wéi sou e roude Fuedem duerch déi ganz Servicer. D'Viraarbechter mat de Meeschteren, déi d'Verantwortung hunn iwwert de Service Hygiène, déi mussen dann och op verschidde Schichten schaffen, net nëmme vu moies 06:00 bis 14:00, mee déi mussen dann do bleiwe vu moies 06:00 bis eventuell 17:00 oder 16:30. Dat alles zesummen huet bedéngt, dass déi Aarbechtszäit wéi mer se lo hunn, dass dat eis gutt erschénkt. Dat ass dat eent. Déi Gemenge wéi Déifferdeng, Esch a Mär Diddeleng, déi de Müll selwer maachen, ech menge mir kënne och mat dee Private mathalen. Mir bezuele kengem Aktien. Eis Jonge kënne dofir éischer heemgoen. Se verdénge vläicht e puer Su méi. Mee de Service, dee mir dem Client bidden, dat kritt een am Privaten net gebueden. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci dem Nic Krumlovsky. Ech wollt do nach weiderfueren. Den Här Krumlovsky ass jo op déi organisatoresch a logistesche Saachen agaangen. Ech ginn op dee politesche Volet an. An ech weess ganz genau, an dem Kader vun den Diskussiounen déi mer hate fir de Südaarbechter-Kollektivvertrag, dee jo och de Gemengerot mat gestëmmt huet hei, do ass jo geschwat gi vu Müllabfuhr an Zesummenarbecht mat anere Gemengen. Et gi Gemengen hei am Süden, déi Bestanddeel si vun deem Südaarbechter-Kollektivvertrag, déi hir eege Verantwortung huelen an d'Müllabfuhr als Gemeng orga-

niséieren. Dozou gehéiert Diddeleng, a wéi gesot och Esch, Déifferdeng an och Péiteng. Wann hei ugefouert gëtt dass et gutt wier, am Kader vun der Müllabfuhr mat anere Gemengen zesummeschaffen, ech huele mol déi aner, wou hei ugeschwat goufen zur Sait, well déi hu genuch ze di mat der Müllabfuhr, an den Här Krumlovsky ass jo och eng Kéier kuerz drop agaangen. Déi hunn e politesch anere Choix gemaach. Déi hunn eng Privatfirma engagéiert, déi hu keng Personalkäschen ze droen, déi hire Budget grevéieren. Déi hunn eng Konventioun, déi falen net méi ënnert de Südaarbechter-Kollektivvertrag, déi sinn a ganz anere Konditiounen. Mir hunn hei eis politesch Responsabilitéit geholl, säit Joerzénge, dass d'Müllabfuhr hei an ëffentlecher Hand bleift. Dat war e politesche Choix. An effektiv gesinn ech et ganz schwéier, wéi een da géif deementspriedend, mat dëser Constellatioun, mat anere Gemenge zesummeschaffen, déi politesch en anere Choix geholl hunn. Ech wollt dat awer hei nach eng Kéier ganz kloer preziséieren. Et klénge ëmmer gutt, wann ee seet, Zesummenaarbecht mat Gemengen ass gutt. Mee et ginn och Realitéite vu politesche Choixen, déi ausschlaggebend ass, fir dass eng Zesummenaarbecht méiglech ass, respektiv net méiglech ass oder vill, vill méi schwéier ass.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt awer dorüber äntweren. Ech mengen ech hu gesot, et ginn zwou Stellschrauwen, an dat eent ass d'Recetten erhéijen an dat anert ass d'Käschen decken. An et war just en Iddi: Hu mer do Méiglechkeeten? Ech hunn elo net gesot, mir sollen dat maachen. Et war lo just eng Fro vun eis, ob een do vläicht eppes kéint maachen. Wann et net méiglech ass, ass et OK.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An ech hunn lech eng politesch Äntwert gi par rapport zu de Realitéiten, déi effektiv mat politesche Choixen ze dinn hunn, déi een hält. Saache méiglech maachen a Saache manner méiglech maachen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): An den Här Krumlovsky, deen huet jo och gesot, mer dréie schonn u Schrauwen a mir probéieren schonn opzepassen. Mee dat ass net ëmmer méiglech a mir sinn – ech wëll lo net soen, dass mer um Optimum ukomm sinn, wäit ewech dovun – awer mir maachen de Maximum, dass mer eis Servicer sou rationell asetze wéi et nëmme méiglech ass. Zum Schluss wëll ech dann – ech hat och e bësse Munitioun a mengen Täschen, wéi den Här Clement gesot huet – ech brauch se awer elo net auszepaken. Ech wollt lech am Fong a menger Funktioun als Ëmweltschaffe Merci soe fir déi gutt a konstruktiv Diskussioun, déi mer haut de Moien haten, respektiv och an der Ëmweltkommissioun. Do ass ganz kloer um Sujet geschafft ginn. Da dofir villmools Merci fir déi konstruktiv Diskussioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK, kënne mer déi zwee zesummen ofstëmmen, d'Reglement an d'Taxen, oder wëllt der eenzel? Well dir iech enthalte wëllt? OK. Da géife mer dat da separat maachen. **Ech géif dann ufänken éischstens mam neie Règlement. Wien ass domadder averstanen? Dat si Stëmmen vun déi Gréng, LSAP, dat ass d'Unanimitéit. Voilà. Dat selwecht mam Taxereglement. Wien ass domad-**

der averstanen? Dat ass eisen onofhängege Member, dat ass déi Lénk, d'CSV an d'LSAP. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng. Villmools Merci fir déi doten Diskussioun an da soen ech eise Mataarbechter och Merci fir hir Presenz haut de Mueren am Gemengerot, respektiv och fir hir Erklärungen.

4. GEMENGEFINANZEN

4.1. Bau vun engem neien Hall polyvalent an der Beetebuerger Strooss

4.1.1. Approbatioun vum iwwerschaften Devis

4.1.2. Approbatioun vun engem Crédit supplémentaire

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An do géife mer riwwergoe bei den Hall polyvalent. Ech begréissen dofir an eiser Ronn vum Architektbüro den Här Kruppa an den Här Kleinert. A vun eise Servicer d'Madame Mambourg an den Här Peiffer. Haut geet et engersäits drëm, e remaniéierten Devis, respektiv en zousätzleche Kredit ze stëmmen, wat eisen Hall polyvalent ugeet. Dee, wann ee gesäit dass d'Aarbechten do gutt virukommen, wou de Montage voll am Gaangen ass. Et ass jo sou, dass mer dee Projet hei gestëmmt hunn am September 2020. An dass mer hei op de Wee wëlle goe fir eis als Gemeng eis en eegenen Hall polyvalent wëllen ze ginn. Dir wësst alleguer heibannen, dass mer aus de 70er Joren e Sall hunn, dee mer kënnen notzen, deen nach benotzbar ass, mee deen och an d'Jore kommen ass an aus deem net méi vill erauszehuelen ass. Do ass den Hild, dee bei Alter ass. Sait e puer Jore si mer Locataire vum Gewerkschaftsheim, wou ganz vill genotzt gëtt vun den Diddelenger Veräiner, mee wou en anere Proprietär ass. Dat ass hei den OGBL.

Respektiv si mer hei op de Wee gaange fir e gemengeneegent Gebai ze hunn, wou mer virun allem dann als Gemeng kënnen nëtze fir eis Veranstaltungen, respektiv awer och d'Veräiner fir verschidde Manifestatiounen ouni Problem benotze kënnen. Dat heiten ass jo och eng Ëmsetzung vun enger Deklaratioun aus dem Schäfferot. En Hall polyvalent, deen awer gutt 200 Leit kann empfänken. Dat gesäit ee jo dobaussen, dass et e Modulbau ass aus Holz, deen natierlech och am Kader vun der Economie circulaire, der Kreeslafwirtschaft stattfënnt. Well jo vun Ufank un och kloer war, dass een herno dee Bau do integral, 1:1 och am Projet NeiSchmelz kann usidelen. Dat war jo och eng Ausgangsbasis, déi mer hei haten. Wou mer och festgehalten hunn, dass déi besteend Veräiner, déi elo an der fréierer Struktur, déi elo ofgerappt gouf, waren, och do weider kënnen higoen. Mir hunn och d'Geleeënheet genotzt fir nei ëffentlech Sanitäre bauen ze loossen. A mir hunn hei e flotten Hall mat engem Foyer a mat Depoten. Ech mengen dass dat den Ausgangspunkt ass. Wann een e bëssen de Verlaf vum Projet hei kuckt, dann ass et esou, dass viraussichtlech geplangt wier, dass dat géint Mäerz d'nächst Joer sollt fäerdeg ginn. D'Aarbechte komme gutt virun. Et ass awer elo sou, dass mer hei an enger Situatioun sinn, wou mer wéinst deene schwierigen Zäiten, déi mer hunn en zousätzleche Kredit mussen stëmmen vun 2.580.000.- Euro. Dat si gutt 59% wou de Projet méi deier gëtt wéi initial virgesinn. Dat huet eng ganz Rei Grënn. An dofir wäert den Architektbüro am Detail

mat eise Servicer drop agoe firwat.

Mir haten och eng schwierig Situatioun, och bei där ganzer Ausschreibung, déi mer gemeet hunn, well trotz vill Intérêt deen do war, just een ofginn huet, well et och zimmlech schwierig ass beim Anbieter. A vu dass dat hei awer e wichtige Projet war fir d'Veräinswelt war et och keng Optioun fir eis, de Projet falen ze loosse.

Dat ass natierlech eng batter Pëll, wann ee weess, dass e Projet 59% méi deier gëtt an dat och mat engem internationale Kontext ze dinn huet, deen ee ganz wéineg ka maîtriséieren. Mee ech mengen dat geet eis als Stad Diddeleng net anescht wéi anere Gemenge hei am Land, respektiv dem Staat selwer, wann e seng Projekte mécht. Just nach eng Kéier fir ze soen. Mir hate jo am September 2020 dee Vott hei ugeholl an d'Vergab ass am November 2021 gemeet gi fir déi ganz Konstruktioun. Am Januar 2022, dat konnt ee jo ëmmer gesinn, wann ee laanscht d'Beetebuergerstrooss gefuer ass, do ass den Albau ofgerappt ginn. An elo dës Woch ass déi néideg Ofspärung gemeet gi fir dass d'Holzbauaarbechte, déi Modulbaute kënnen opgeriicht ginn. Sou dass mer rechnen, dass am Mäerz 2023 dat Ganzt kéint fäerdeg sinn. An d'Veräiner dat natierlech dann och kënnen an Usproch huelen, well si och drop waarde fir dat kënnen ze notzen.

Ech hunn e bësse méi wäit ausgeholl als Intro, fir ze soe wéi d'Situatioun ass. Mir hate jo hei am Gemengerot e Kredit, en Devis gestëmmt vu 4.360.000.- Euro. An hei hu mer en Devis remanié virleie vu 6.940.000.- Euro, also en zousätzleche Kredit vun 2.580.000.- Euro. Ech wollt hei awer och nach soen, dass niewent där doter Depense mir hei och Subside kréien. Mir kréie ronn 615.000.- Euro Subsidë vum Kulturministère. Mir kréien net vill Subsidien, ronn 40.000.- Euro vum Environnement. Dat ass wéineg, wann een awer weess, dass hei eng ganz Rei ökologesch Kritären awer am Virdergrond stinn. An de Moment si mer an Diskussioun mam Wirtschaftsministère, well um Niveau vun de FEDER-Gelder nei Appellen opgaange sinn. Déi hu sech eng nei Strategie ginn, déi nach net validéiert gouf, déi um Punkt ass, validéiert ze ginn, an do si mer am enke Kontakt mat de Mataarbechter a Mataarbechterinnen aus dem Wirtschaftsministère, déi sech ëm déi FEDER-Programmer këmmere. Dat si jo europäesch Programmer. Fir ze kucken, ob mer do nach déi eng oder aner Achs ausschlechte kënnen, fir et mol sou auszedecken. Fir och do zousätzlech Subsidien ze kréien. Wann et elo hei e Moment géif ginn, da géif ech natierlech de Gemengerot och a Kenntnis setzen. Mee do si mer de Moment nach am Gaange mat hinnen ze diskutéieren. Déi aner zwee Subsidien, do ass séchergestallt, dass mer déi kréien. Ech wollt lo hei de generelle Kader setzen an erkläre a géif da ganz gären, dem Här Kruppa, dem Här Kleinert, der Madame Mambourg an dem Här Peiffer d'Wuert gi fir nach eng Kéier méi am Detail op de Projet anzegoen an och ze erkläre, firwat hei deen Devis remanié an dee Crédit supplémentaire un de Gemengerot gereecht goufe fir gestëmmt ze ginn. Dir hutt d'Wuert.

THOMAS KRUPPA (FAT ARCHITECTS): Vielen Dank für die Ausführungen und die Erläuterungen. Herzlich willkommen. Mein Name ist Thomas Kruppa vom Architekturbüro FAT, das ist Herr Kleinert. Und heute sind wir



da, um die Kostensteigerung noch einmal zu erklären und zu erläutern, damit Sie sehen, zu welchem Zeitpunkt auch die Ausschreibung stattgefunden hat und wie diese Kostensteigerung dann damit auch zu erklären ist. Dieses Dokument haben Sie ja erhalten. Wir haben dieses nochmal aufgeschlüsselt und zeigen dann demnach, wie sich die Kosten darstellen. Hier kann man das schon mal ganz gut erkennen. Es geht hier um diese Kostensteigerung und letztendlich um etwa 1,5 Millionen, die noch dazukommen. Wir haben diese ganze Liste auch im Vorfeld der Gemeinde zur Verfügung gestellt, wie sich die Kosten da ergeben. Im Grunde genommen gab es eine Kostenschätzung von der APD-Phase, das ist jetzt hier grün hinterlegt, mit den einzelnen Gewerken, mit den einzelnen Kostengruppen. Es geht um die Konzeption, um die technische Ausstattung, um den Gebäudeabschluss, Innenausbau. Das sind die technischen und die konstruktiven Punkte.

Und als wir dann die Ausschreibung gemacht haben sind folgende Kosten zusammengekommen. Hier kann man es ganz gut erkennen - das ist dieser pinkfarbene oder lilafarbene unterlegte Bereich - dass es hier zu Kostensteigerungen kommt. Differenz bei der konstruktiven Art von 238%, das sind 1,5 Millionen in etwa. Bei der technischen Ausstattung sind es 145%, das sind 290.000.- Euro. Gebäudeabschluss usw. beim Dach und Fenster liegen wir unter dem geschätzten Wert. Innenausbau selbst, Schreinerarbeiten, Bodenbeläge usw. da sehen wir hier auch eine Kostensteigerung von 150%, das sind hier in etwa 200.000.- Euro. Und die Hauptaugenmerke sind hier oben zu sehen. Einmal die Metallkonstruktion aber auch die Holzkonstruktion, Fassade, die dann doch einiges zusammen an Steigerung darstellen. Um das genauer zu erklären haben wir natürlich auch Preisspiegel gemacht. Und leider gab es da nur einen Anbieter. Und da haben wir uns die Sachen genau angeschaut, es geht ja z.B. um den Berliner Verbau, der hier ganz oben zu erkennen ist, der hier schon eine extreme Preissteigerung mit sich bringt. Auch im Bereich des Holzmodulbaus sehen wir hier diese Preissteigerung, die geschätzt 330% als Ganzes höher liegt. Genauso beim Stahlbau. Da liegen wir bei 320%. Das sind extrem hohe Prozentzahlen, die aber auch eine Begründung finden, das zeige ich gleich mal. Aber auch hier bei dem Preisspiegel, was die Haustechnik angeht, sind einige Punkte, die noch einmal zeigen, wie extrem die Werte auch hier voneinander abweichen und wir dann demnach auch auf 150% kommen.

Ein wichtiger Punkt ist, wir haben hier eine Grafik gezeigt aus dem Statistischen Bundesamt, das gilt aber mehr oder weniger für den gesamten Bereich, ob

Schweiz, Österreich oder auch hier in Luxemburg, dass wir ein Budget hatten in der APD-Phase, das war hier dieser vertikale Balken zwischen Juli und September 2020, wie der Holzpreis da ausgesehen hat. Das ist z.B. hier: Holz gesägt und gehobelt. Und zum Zeitpunkt der Ausschreibung ist es massivst angestiegen, der Holzpreis, aber auch alle anderen Produkte, Metall usw. sind extrem in die Höhe geschossen. Und das war mehr oder weniger vielleicht der ungünstigste Zeitpunkt der Ausschreibung. Aber man kann oder man konnte auch nicht in die Glaskugel sehen und erkennen, ob es dann wieder runterfallen wird oder wie sich das Ganze entwickelt. Aber diese Grafik zeigt eindeutig, dass damit auch die massive Preissteigerung zu erklären ist.

Da haben auch schon bei der APD-Phase, auch beim Stahlbau schon zugeschlagen und haben den Wert erhöht. Genauso beim Holzbau. Da haben wir die Erfahrungswerte von bekannten Holzbauingenieuren, das ist Pirmin Jung, die auch bei uns im Team sind, die auch in der Schweiz arbeiten und ihren Stammsitz in der Schweiz haben. So dass sie da auch die neusten und aktuellen Preise abrufen können und die uns auch mitgeteilt wurden und wir auch zusätzlich aus unserer Erfahrung her die Preise auch definiert haben. Aber das, was da im Juli 2021 stattgefunden hat, war ein Punkt, den wir selber auch nicht vorhersehen konnten und die auch niemand im Grunde genommen im Griff hatte.

Dann kam auch dazu, dass auch beim Holzbauer die Auftragsbücher extremst voll waren und die Holzbauer selbst haben ja auch ein gewisses Risiko, das sie mit hineingebracht haben in die Angebotsphase, und das ist hier auch zu erkennen. Wenn wir uns die zweite, weitere fortlaufende Tabelle ankucken und die Kostengruppen noch weiter anschauen. Auch die Aussenanlagen, die 500er, 600er Kosten, da sehen wir hier auch noch einmal im Budget, dass wir hier den Friedhofs-WC-Bereich, die Ausstattung und die Möblierung mit betrachten müssen. Dann kommen wir auf einen Wert von 3,2 Millionen Euro. Das haben wir damals in der Gemeinderatssitzung auch so schon mitgeteilt. Und letztendlich, wenn wir unterm Strich die Angebote zusammenbekommen haben, sind wir auf etwa 5 Millionen gekommen. Da gibt es dann auch wieder diese Kostensteigerung WC-Modul, was auch damit zusammenhängt, dass wir dieses Modul auch an den Bestandsbau angegliedert haben. Und auch da eine Kostensteigerung von knapp 290-300%, was auch so extrem in die Höhe gegangen ist. Letztendlich, wenn wir alles zusammen sehen, dann sind wir bei etwa 155% Kostensteigerung. Es kommen jetzt noch einige Nachträge hinzu, die auch aus der Diskussion mit der Gemeinde, oder was die Ökologie angeht, Isolation und Sanitärmodule. Genauso aber auch gewisse Ausstattungen, die noch geändert wurden. Beispielsweise WC Friedhof mit den Inox-Sanitärobjekten.

Dann gibt es aber auch so einige Punkte wie beispielsweise die Standzeiten von den Modulen selbst. Dass es zu einer Bauverzögerung kam im Rohbau. Es gab einen größeren Nachtrag was die Montagestatik angeht. Dass da beispielsweise in der Ertüchtigung der Module für den Umzugsbereich noch nachgefordert wurde. Und somit, auch mit der Preisanpassung des Index, sind dann noch einmal 200.000.- Euro mit dazugekommen.

So dass, aufgrund der Vertragssituation gab es auch die Anpassung, was die Honorare angeht und letztendlich eine Kostensteigerung in diesem Maße, eine Differenz von 157% nochmal zusammenkommt. Was wir als Fazit sehen, also die Hauptpunkte: die Holzpreisentwicklung während der Ausschreibungsphase war extremst angestiegen. Das haben wir auf diesem Schaubild mal verdeutlicht und gezeigt. Schwierig ist auch, dass wir keine Vergleichbarkeit hatten mit anderen Anbietern. Wie vorhin schon gesagt, es gab unglaublich viele volle Auftragsbücher auf allen Seiten. Auch was den Stahlbau angeht, war es schwierig, die passenden Firmen auch zu bekommen. Demnach gehen die Unternehmen auch schon mal höher mit den Preisen, aber es war eine sehr unsicher und risikobehaftete Zeit. Also so etwas mit dem Stahlbau haben auch selbst Ingenieure noch nicht so erlebt. Was den Holzbau angeht, haben wir aus unserer Erfahrung so etwas nicht erlebt. Aber auch genauso Pirmin Jung, die international tätig sind, haben wirklich mit den Ohren geschlackert, weil sie so etwas selbst nicht erkennen konnten und auch nicht letztendlich verstehen.

Auch die technischen Komponenten sind in der Pandemiezeit extremst in die Höhe gegangen, die Materialpreise sowieso. Und jetzt kommen dann natürlich Lohnkosten und Energiekosten mit dazu, was den Ukrainekrieg angeht. Es sollen jetzt nicht die typischen Punkte sein, dass Viele dann alles mit der Pandemie und der Ukraine Krise bewerten. Aber es ist in dem Fall statistisch, so wie wir das auch gezeigt haben, so zu beurteilen und zu bewerten. Und es macht uns selber ja auch keinen Spaß, das so mitteilen zu müssen, und es ist auch jetzt noch eine schwierige Situation. Auch wenn der Preis nach unten gegangen ist, haben wir viele Bauherren, die momentan selber nicht wissen, wohin der Weg geht auch was die Preisentwicklung angeht. Und da sind wir aber auch trotzdem froh, dass der Anbieter in diesem Fall auch ein Angebot abgegeben hat und auch den Mut hat, dann ein Angebot abzugeben. Schön wäre es, wenn wir eine Vergleichbarkeit mit anderen Modulbauerstellern gehabt hätten. Dann noch zu der Zeitschiene. Das kann man jetzt auf dem Bildschirm nicht erkennen, aber das ist sehr umfangreich. Wie der Bürgermeister auch eben erwähnt hat, Sie sehen ja momentan die Baustelle, die Fortschreibung der Baustelle, und wir sind da gut im Zeitplan. Und wir freuen uns, dass das sehr gut vorangeht. Und es ist definitiv so, dass es sich auch hier bei diesem Modulbau nicht um ein Provisorium handelt sondern um ein Bauwerk, das dann später Substanz hat und auch lange Jahre währt. Und das ist auch noch mal ein wichtiger Punkt, um das zu begreifen. Es ist kein Containerbau, den man jetzt einfach nur so provisorisch hinstellt. Sondern es hat mit viel Qualität auch zu tun. Wir haben uns bei einer Besichtigung auch selbst davon überzeugen können. Das war's mal von meiner Seite. Ich denke mal, es gibt einige Fragen, die zusammenkommen oder vielleicht noch ein paar Details, die wir dann noch ergänzen sollten. Vielen Dank.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER):
Merci och vun Ärer Säit aus fir d'Erklärungen an d'Be-
kräftegung, firwat mer an dëser Situatioun sinn. D'Dis-
kussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt just e puer Froen. Lo ass mer an där ganzer Deirecht do net opgefall, dass z.B. den Transport vun deene Modulen an dann déi Locatioun vun deene schwéiere Kranen och sollt méi deier gi sinn. Oder steet déi an enger anerer Positioun? An dann, meng Fro geet da méi an d'Notzung vum Gebai. Do sollen d'Veräiner jo z.B. och kënnen Theater opféieren. Do wollt ech froen, mir hu jo lo hei de konkrete Fall mat eisem Centre St. Martin mat engem technesche Problem, dass d'Chorale do net konnt singen an dass eng Theaterekipp net konnt do Theater spillen, an du wollten déi an d'Heim auswäichen. An am Heim ass de Problem, dass do kee Comodo drop ass. Dat heescht, dass d'Zuel vun de Leit, déi do däerfen am Sall sinn, op 99 Leit limitéiert ass. Wann een awer schonn eng Theaterekipp huet vun 20-25 Leit oder eng Chorale mat 40 Leit, da gëtt dat a Problem. An dofir wollt ech froen, ass dat heite Gebai dann elo eng Méiglechkeet fir e Veräin, fir méi Leit do eranzekréien? Ech menge mir hätte bei der Virstellung deemools och net gesot kritt, wéi vill Leit dee grouesse Sall, dee Festsall do, géif faassen. Et kann och sinn, dass ech et net richtig matkritt hunn an dass et och net ganz aktuell war. An da wollt ech nach froen zur spéiderer Notzung. Do hutt Dir jo gesot, et ass e qualitativ wäertvollt Gebai, a mir hate jo och virgesinn, dat herno ze plënnere op NeiSchmelz wann et sou wäit ass. An ech wollt just froen, ob ech dat richtig matkritt hunn dass déi spéider Notzung op NeiSchmelz geduecht ass fir d'Museksschoul auszebauen? Fir z.B. den Département de danse? Oder ob ech do eppes falsch verstanen hätt? Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Merci fir déi weider Erklärungen. A Merci fir dee flotte Projet. Ech si frou dass mir hei vun deem flotte Projet kéinte profitéieren, dee sech an enger Economie circulaire aschreift. E weidere Merci gëllt och fir déi moduler Bauweis, well vill Leit stelle sech eebe vir, dass dat Containere sinn, an dobäi schwätze mir hei wierklech vun enger héijer Qualitéit, wat de Bau ugeet. Dofir sinn ech wierklech frou dass mer endlech och sou e Projet wäerten hei zu Diddeleng hunn, wou mer och kënne Virreider a Best practice si fir aner Gemengen an och iwwerhaupt fir eist Land.

Jo, de Präis ass eropgaangen, mee ech muss soen, et ass awer och wichteg, fir weiderzabauen. Dem Bausecteur geet et momentan guer net gutt, Dir hutt et ernimmt: e puer Krisen, Covid, d'Ukraine. An allgemeng hu mer héich Inflatoun am Moment. Mais justement als éffentleche Bauträger fannen ech et wichteg, dass mir weider bauen. Well éischtens ass dat wichteg fir eise PIB am Land an zweetens ass dat och wichteg fir eis Betriber, datt mer déi um Liewen halen.

Eng Fro ass mam Planning. Dir hutt gesot, datt et gutt ausgesäit. Dat heescht: Sinn déi Moduler scho bestallt? Well de Präis ass eng Saach, mee d'Liwwerzäit, fir dat Ganzt fäerdeg ze hunn. Ech erkläre mech: Um Bau ass et oft datt e kleng Krunn feelt an da feelt en ee Mount laang, zwee Méint laang. Dat heescht, si mir wierklech geschwë fäerdeg mat deem Ganzen? O.K. Majo dann, déi Fro ass jo da beäntwert. Dat anert wat ech wollt froen ass allgemeng, dat geet vläicht net nëmmen un lech, mee vläicht éischter och un d'Gemeng. Ech mier-

ken ëmmer erëm, ech sinn och elo net sou laang dobäi, datt den initiale Budget vu Projeten ëmmer erëm nei votéiert muss gi well en an d'Luucht geet. An ech froe mech, ob mir eis net sollen eng aner Strategie ginn als Gemeng oder vläicht solle mer schonn am viraus, wann e Projet votéiert gëtt, méi e grouss Batz Budget virgesi fir déi Präiserhéijungen am Moment. Einfach vläicht eng aner Strategie. Well dat wat ech erliewen ass ëmmer erëm Erhéijung an net wéineg.

Eng aner Fro vläicht dann erëm un lech. Wann dann elo d'Präisser sollten erofgoen. Well mir hunn erlieft, déi lescht zwee Joer sinn d'Präisser relativ onnormal eropgaangen. Mir kënnen hoffen, dass d'Präisser erëm sollen erofgoen. Do ass dann eng aner Fro: Wa se erëm rofginn, gëtt dann de Präis, déi Offer dann erëm ajustéiert no ënnen? Well tendenziell ass et jo ëmmer nëmmen erop an ni erof. Ech weess net, ob Dir mer dat och kënnt beäntweren. Dann nach eng Fro un d'Gemeng. Wa mir Subventiounen kréie wéi Dir ernimmt hutt virdrun, vun der Kultur, vum Environnement an eventuell och vun der Economie, firwat ginn déi Subventiounen benotzt? Also mir kréien déi Suen. Ginn déi dann einfach an de Budget oder benotze mer déi Subventiounen fir aner Projeten? Voilà, dat ass et zum Budget.

Eng weider Fro lo konkret zu deene Präisser: "Divers et imprévus", do ware mer ursprüngelech bei 250.000.- Euro, mir hunn elo 100.000.- Euro, dat heescht mir sinn do erofgaangen. Oder ass dat elo e Supplement? Wéi soll ech dat verstoen? An dat anert ass „Frais d'étude déjà payés“, dat heescht, mir hu schonn 80.000.- Euro bezuelt, an dat wat elo nach bleift - mee et steet „déjà payés“ – si 70.000.- Euro, also just eng Opklärung dofir. A vläicht eng gehäseg Fro: Bei de Fraise vun Etüden, sief et elo Architekten oder Ingenieuren, gesi mer datt verschidden Ingenieurbüroen dee selwechte Präis bäibehalen hunn a verschiddener sinn eropgaangen. An do froen ech mech einfach, OK, wann e Material méi deier gëtt, ginn dann d'Stonnen, déi fir de Projet investéiert ginn och erop, well der vläicht Recherche gemaach hutt fir aner Alternativen? Firwat ass dee Moment och de Präis vun der Etüd eropgaangen? An ech mengen heimmader wier ech duerch. Merci villmools.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Ech hunn elo net wierklech vill Froen. Mir hunn hei Erklärungen kritt. Ech stelle fest, mir hunn en zousätzleche Kredit vun 2.580.000.- Euro, den Här Buergermeeschter huet et gesot, et ass eng Erhéijung vun 59%. Dat ass extreemst vill. De Projet ass flott, dat stelle mer guer net a Fro, en ass nohalteg. Mee ech mengen et muss een awer och net alles fir all Präis kréien. Mir hunn elo e puer Erklärungen kritt. Jiddweree weess, alles ass méi deier ginn. Dat ass gewosst, dat ass lo net iergendeng Ausried. An ee vun den Hauptproblemer ass, dass just een Ubidder eng Offer ofginn huet. Dat ass natierlech ëmmer problematesch. Et kann een dann och net vergläiche wou dee läit mat senge Präisser, ob dat realistesch ass oder net. Mir stellen eis dann awer d'Fro: Zu wéi engem Moment war gewosst, dass et souvill méi deier géng ginn? War dat scho bei der Offer gewosst? An da stellen ech mer einfach d'Fro, wann ech elo fir mech privat eppes kafe wëll an ech gesinn de Budget vir an ech froen eng Offer un an ech gesinn, dat läit scho

sou wäit driiwwer, da muss ech privat vläicht nach eng Kéier iwwerleeën: Maachen ech dat wierklech sou? Iwwerdenken ech de Projet? Iwwerdenken ech d'Matière? Ech weess et net.

Komm mer ginn nach eng Kéier op d'Case de départ a mir iwwerdenken dat Ganzt. Dofir froen ech, war dat schonn an der Offer virauszegesinn, dass dat souvills méi deier géing ginn? An hätte mer do net nach d'Méiglechkeet gehat, ze iwwerdenken, ouni elo ze soen, mir maachen dat guer net? Mee vläicht awer no anere Méiglechkeeten ze sichen, wou een da vläicht aner Offere kritt, quitt dass ee vläicht scho Suen engagéiert huet fir Etüden, mee och dat ass jo net ganz verluer. Do stellt een sech einfach d'Fro, amplaz einfach widerzemaachen. Ech hunn elo weider keng Detailfro. Ech kucken e puer Positiounen „Gros-oeuvre construction bois“ 139% méi. D'Toiletten zum Beispill. Dat ass elo keng riseg Positioun. Ech stelle mer awer d'Fro, wéi gëtt do den Devis opgestallt, wann et 47.000.- Euro ursprénglech waren an dann 137.000.- Euro op eemol sinn. Dat sinn iwwer 92%. Do kann ee sech awer Froe stellen. Keramik, krute mer gesot, ass net méi deier ginn, et ass op Inox ëmgeklomme ginn. Firwat gëtt sou eppes net virdrun iwwerluecht? Ass dat net gutt iwwerluecht ginn? Wat ass d'Ursaach? Ech weess et net. Wéi gesot, et ass keng riseg Positioun, an awer gehéiert et dozou, wou ee sech Froe stellt, wéi en Devis opgestallt gëtt.

Dann, d'Madame Ahmedova huet et elo gesot, mir ass och opgefall, dass verschidden Ingenieurbüroen dann drastesch an d'Luucht ginn. Bon, mäi Meedchen ass och Ingenieur an hatt huet mer dat dann erkläert a mir kréien dat jo ëmmer erëm gesot, dat gëtt op de Präis berechent, mat Prozenter. Woubäi ech dat ëmmer e bësse komesch fanne wann en cours de route d'Material méi deier gëtt, et gëtt déi selwecht Aarbecht geleescht, dass dann en cours de route d'Präisser an d'Luucht ginn. Bon. Et ass vläicht och net ganz léif mam Secteur. Ech sinn net vun do. Ech fannen dat e bësse komesch an et fällt einfach op, dass et bei verschiddenen d'selwecht bliwwen ass. Dofir dann awer vläicht meng Fro: Firwat bleift et bei deenen engen d'selwecht a bei deenen aneren net? Ech huelen z.B. een eraus dee Pirmin Jung, dat ass Ingénieur bois, steet do, dat ass d'selwecht bliwwen. An den Holzpräis, deen ass jo lo awer wierklech immens geklommen. Dofir fannen ech et komesch, dass déi eng méi kréien an déi aner net méi kréien. Bon, ech ginn elo net ze vill an d'Detailer. Dann hunn ech nach eng Fro zum Subsid vum Kulturministère, dee jo awer dann net schlecht ass, op wat dee berechent ass? Ob dee lo schonn op den neie fäerdeg Präis berechent ass? Wéini deen ugefrot ginn ass? Oder op dat nach op deen ale Präis war? Oder ob dat zum Schluss gekuckt gëtt, wat dat alles kascht huet? Also am groussen ganze si mer der Meinung, dass et net ganz seriö ass, sou vill méi Suen elo ze froen, well et wierklech awer extreemst ass. Entweder den Devis war net gutt opgebaut, oder et ass net méi iwwerluecht ginn, wou et vläicht nach méiglech war, sech et anescht ze iwwerleeën. Dofir wäerte mer dann dat hei net kënne matstëmmen. Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. A senger Sëtzung vum 25. September 2020 war de Projet vum Bau vum engem Hall polyvalent vum Architektbüro FAT virgestallt ginn. Deemools ass dee Projet am groussen ganzen op positiv Echoe gestouss an no alle Froen an Interventiounen vun deene verschiddene Fraktiounen war den Devis estimatif eestëmmeg ugeholl ginn. Haut gëtt dee selwechten Exercice nach eng Kéier gemaach. An erëm virop wëll ech dem Här Thomas Kruppa vum Architektbüro villmools Merci soe fir d'Präsentation an d'Explikationen zu dësem flotten an nohaltege Projet. Dëse Bau schreift sech am Kader vum der Kreeslafwirtschaft an. Am Laf vum der Woch sinn déi eenzel Modullen an der Beeteburgerstrooss ukomm a vum engem Kran zesummen- an openeegesat ginn. Domat gëtt e weidere Punkt aus der Schäfferotserklärung realiséiert. Am Ufank vum neie Joer kënne dann eis Veräinsleit an och Privatleit vun dësem Bau profitéieren an do hir Versammlungen, Konferenzen, Schoulungen, Ausstellungen a Fester organiséieren. Besonnesch wäerten sech dräi Associatiounen, d'ALASS, de Gaart an Heem an de Cercle artistique freeën, well si op hir al Plaz zrëck kënne kommen. Aus verschiddenen Ursaache wéi Plus-valuen, Präiserhéijungen, Ännerungen, Avenanten a supplementär Aarbechten, ass de Käschtepunkt ëm 59,17% geklomm an deen initialen Devis deementspreechend missten ugepasst ginn. Besonnesch d'Präisser vum Holz sinn enorm gestiegen. Leider musse mir eis mat dëser batterer Realitéit offannen. Trotzdeem solle mir no vir kucken. A spëtstens bei der Aweiung wäert mär dee fäerdeg Bau bewonnere kënne. Bis da wäerten och d'Modalitéiten vun der Benotzung bekannt sinn. Wéi laang dësen Hall polyvalent an der Beeteburgerstrooss stoe bleift ass schwéier ze soen, mee enges Daags wäert dee ganze Bau op de Site vum Neischmelz transferéiert ginn. D'LSAP-Fraktioun wäert dësen zousätzlech Kredit stëmmen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci Här Buergermeeschter. Ech ka mech erënneren, wou ech an de Gemengerot komm si virun e puer Joer, do huet d'Michèle ëmmer gesot „Dir hutt schlecht geplangt. Dat hei ass méi deier ginn. Dir hutt är Devisen net richteg am Grëff.“ An der Oppositioun huet ee jo och ëmmer déi Roll fir dat sou e bëssen duerch ze kontrolléieren. Lo hunn ech awer meng Bedenke fir déi heite Situatiounen, déi elo wäerte kommen, well alles op d'Präisdeierecht zrëckgefouert gëtt. Wéi hu mer lo nach d'Kontroll a wéi kontrolléiert dir elo als Schäfferot eigentlech nach, dass mer net plazeweis awer e bësselchen ugeschmiert ginn? Dass Saache vergiess ginn ze plangen, dass Fehlplanunge sinn. An dass dat dann do einfach emol op d'Präisdeierecht zrëckgeschriibt gëtt? Dass einfach gesot gëtt, de Projet gëtt elo 200% méi deier, well de Präis vum Holz a vum Eisen ass an d'Luucht gaangen a vun deenen 200% sinn dann awer vläicht 20% Fehlplanungen dragewiecht. Wou hu mer do lo nach d'Kontroll? Oder wéi kontrolléiert Dir dat, fir do awer eng kloer Saach ze maachen? Also mir perséinlech fält et schwéier, den Duerchbléck ze behalen, an ech hunn hei kuerz eng Kéier bei d'Fränzi eriwwegekuckt bei der Präsentation an hatt hat am Fong do déi selwecht Impressioun wéi ech. Ech denken dass sech nach Leit heibannen déi Fro do awer wäerte misse stellen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Jo, et ass genau dat. An ech wollt och virun allem froen, wann ech kucken, mir hunn de Vott gemaach September 2020. An den Accord vum Interieur krute mer de Februar 2021. Lo krute mer elo do den Diagramm vun der Holzentwécklung, do steet d'Ausschreiwung war am Juli 2021, an du war den Holzpräis eebe sou explodéiert. Meng Fro ass: Ass dat üblech, dass et nom Vott awer 9 Méint dauert, bis eng Ausschreiwung geschitt an dann, genau déi selwecht Froen, wou d'Madame Erpelding och gesot huet: Zum Beispill fir d'éischt sinn d'Toiletten sou deier an dann op eng Kéier gi mer awer op Inox-Toiletten, dat ass net koherent, an dat war awer warscheinlech am Virfeld och iwwerluecht. Sécher kënnen en cours de route ëmmer mol Saache kommen. Mee dat hei waren awer Modüllen, do wousste mer ganz genau, wat mer gären hätten, an do ass net ganz kloer, firwat do en cours de route sou Ännerunge waren. A virun allem, genau dat och mat den Ingenieurs-fraisen. Dat ass eppes, wat e bësse schockéierend och ass. Déi eng, déi hale sech dann drun, déi sinn e bësse bescheiden a soen: „Oh zut! Mir kënne jo och net dofir, dass d'Holz méi deier gëtt.“ An ech denke jo och net, dass en Ingenieurbüro méi Aarbecht huet fir de Projet ze suivéieren an ze surveilléieren, ob elo d'Holz souvill kascht oder souvill kascht.

Sécher ass dat ëmmer prozentual un de Präis gebonnen, mee et ass effektiv och, wéi de Claude Martiny gesot huet: Wéini wousst z.B. de Schäfferot Bescheid, dass dat sou eng diametral Erhéijung gëtt? Well wann ech elo kucken, d'Ausschreiwung war jo Juli 2021. Mir si jo elo schonn November 2022, dann hätt een awer vläicht och scho kënnen am Virfeld dat eng Kéier ukënnegen. Oder bei de Budgetsdiskussiounen soen, do muss mer eis drop astellen, dass do Villes méi deier gëtt. Mir woussten dat jo. Mee do war jo z.B. nach kee Krich. Dat muss ee jo och bedenken. Do war jo nach guer näischt mat Energiedeierecht a sou weider. Juli 2021, do war et „just“ den Holzpräis, dee méi deier gi war. Mee wann ech elo kucken, en cours de route sinn aner Decisiounen geholl ginn. Wéi z.B., dat banaalt Beispill vun den Toiletten. Et ass genau dat. Wéi eng Kontroll hu mir nach, Dir als Schäfferot a mir als Gemengerot par la suite, fir dass mer do effektiv d'Saach awer e bës-selchen an der Gidd halen? Wéi gesot, mir sinn do fir dat ze kontrolléieren als Gemengerot. Ech mengen, mir stëmmen dat heite mat. Et ass net, dass mir géint dee Projet sinn, well de Projet ass gutt. Dat hu mir och bei der Motivatioun déi leschte Kéier gesot. Mee wa mer sou weidermaachen, da sinn déi 4 Milliounen Prêt, déi mer ophuelen als Gemeng, da sinn déi séier flecten. Wa mer dann nach all déi Projekte kucken, déi mer an der Pipeline hunn, da si mer séier um Enn. Voilà. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech mengen d'Madame Kayser huet elo grad hir Ausféierunge ginn an do war scho ganz vill dran. Si huet elo gesot, wéi d'Präisser an d'Luucht gaange sinn, do hate mer eigentlech just mat der Kris vum Covid ze dinn. Lo hu mer mëttlerweil eng Kris, déi duerch den Ukraine-krich verursaacht ass. Mir hu mëttlerweil eng Kris, déi d'Energiepräisser explodéiere gelooss huet. An dat sinn Inconnuen, déi komme vu baussen op eis duer. An natierlech war dat menger Meenung no net viraus-

zegesinn. Mir hunn elo hei mat dräi Krisen zesummen eis auserneezenesetzen, an dat ass onheemlech. An dat sinn net nëmme mir. Dat sinn d'Privathaushalter, dat sinn d'Gemeengeprojeten, dat sinn d'Staatsprojeten, dat sinn d'Entreprises. Also jiddweree kämpft de Moment. An och déi Corps de métiers, déi do dra sinn. Déi hunn och d'Waasser bis zum Hals stoen. Also et ass net fir lo ze soen, hätte mer de Projet dann net kéinten iwwerdenken? Wat ass dann iwwerdenken? De Projet op Äis leeën? De Projet net réaliséieren? Ech mengen dat steet jo awer hei net zur Debatt.

Mir müssen elo hei derduerch. An ech mengen net, dass mir hei hätte kéinte vill drop awierken. Mir hu jo lo déi Prozenter genannt kritt. Dat waren d'Matière première, den décke Batz vum Holz, den décke Batz vu Metall. A wann och do emol Toiletten herno geännert ginn, ech mengen doriwwer hätte mer och net hei weider ausféierlech diskutéiert. Mee et ass dat grousst Ganz. An dat ass dat, wat eis elo hei immens wéi doet. Do hu mir als Gemeng guer keen Afloss. Mir struewelen als Staat, mir struewelen als Entreprises, mir struewelen als Privatpersounen. Soubal wéi e Projet oder e Chantier an der Pipeline ass, musse mer kucken, dass mer do duerch de Bësch kommen. Ech ginn elo soss op aner Detailer net an, mee et ginn elo Saachen hei an de Sall gestallt, wéi wann een hätt kéinten dat virausgesinn oder reagéieren entretemps. Wéi mer de Covid hannert eis haten, wousste mer näischt vum Ukraine-krich. Nom Ukraine-krich wousste mer net dass d'Energiepräisser géifen explodéieren. Lo hu mer déi dräi awer op der Box. A mir müssen elo einfach kucken dass mer derduerch kommen a solidaresch hei eis Decisiounen huelen. Dat just vun eiser Säit gesot. Et louch mer einfach uewen. Merci.

THOMAS KRUPPA (FAT ARCHITECTS): Ich gehe auf die einzelnen Fragen nacheinander ein, die an uns gerichtet sind. Die erste Frage bezüglich Transport, Kran etc., das ist ja schon implizit in dem Holzbaupreis, in der Offerte mit inbegriffen. Das heißt, wenn da, im Gegensatz zur Ausschreibung, der Bauunternehmer eine Preissteigerung entgegennehmen muss, dann hat er die zu tragen oder über die Indexanpassung wird die dann weitergegeben. Das ist das Eine. Was das Andere betrifft, bezüglich der Größe der Halle, also es ist eine Comodo2-Prozedur, d.h. es dürfen maximal 200 Leute im Saal sein. Das ist das, was die Akustik oder die Halle an sich betrifft, ist von Pirmin Jung eine „Etude acoustique“ gemacht worden, die ist mit der Gemeinde abgesprochen worden. Das ist natürlich jetzt keine Akustik für Operngesang oder speziell für Theater sondern für einen Hall polyvalent. Dass gewisse Grenzwerte eingehalten werden, was Nachhallzeiten betrifft. Die habe ich jetzt aber leider nicht im Kopf. Aber das ist auf jeden Fall gemacht worden. Was das Planning angeht ist es so, dass diese und nächste Woche die Halle und die Module aufgerichtet werden. Die Module, die sind ja schon im Sommer produziert worden, das heißt das Gebäude stand eigentlich schon fertig eingepackt jetzt drei Monate beim Spediteur quasi auf den LKWs. Und wir haben jetzt nur darauf gewartet, dass die Stahlstruktur gebaut werden kann und fertig aufgerichtet wird. Und jetzt wird der Holzbau aufgerichtet. Wenn der Holzbau aufgerichtet wird, gibt es noch vor Ort einige Arbeiten

zu verrichten, die nicht ganz so schnell gehen. Das ist Fassade, Dach und einige Teile vom Innenausbau. Viele Elemente vom Innenausbau sind ja auch schon in den Modulen integriert. Also die Decken z.B. sind schon fertig. Die Wände sind schon zu 90% fertig etc. Also die Übergabe an die Gemeinde ist laut aktuellem Planning, und da bin ich mir auch ziemlich sicher, dass da nicht mehr groß gerüttelt wird, Anfang März. So dass die Halle ab Mitte/Ende März vollumfänglich genutzt werden kann.

Dann bezüglich Ihrer Frage wegen den Imprévuen. Also im Budget hatten wir etwa 10% vorgesehen beim APD. Und jetzt haben wir halt gemerkt, es gibt einige Nachträge. Wobei es zwei größere Nachträge gibt. Das eine hat mit der Verzögerung zu tun, d.h. der Mietpreis für die Bereitstellung der Transportelemente, dadurch dass es eine Verzögerung im Rohbau gab, mit dem Abbruch, mit dem kontaminierten Material usw. gibt es da halt eine Nutzzeitverlängerung. Das ist von den Nachträgen ein großer Batzen plus einmal die Ertüchtigung der Statik. Und allen anderen Punkte, ich sage jetzt mal, ob das Inox ist oder nicht, das sind so Kleinigkeiten. Das ist so, wie die Frau Kohn gesagt hat, darüber – das will ich jetzt nicht sagen – lohnt es sich nicht zu diskutieren, aber das ist nicht das, was ins Gewicht fällt. Dann die Frage bezüglich der Honorare, die ja öfters im Raum stand. Warum Pirmin Jung sein Honorar nicht anpasst, das ist relativ einfach, weil Pirmin Jung hat einen Auftrag, das heißt danach war deren Arbeit abgeschlossen, egal ob jetzt das Holz teurer wird oder nicht. Die haben kein „Suivi chantier“ im Auftrag, wenn ich richtig informiert bin und bei der Ausschreibung war es so, dass sie uns nur einen kleinen Prozentsatz unterstützt haben aber die gesamte Arbeit für die Ausschreibung ist von unserer Seite geleistet worden. Bei den anderen Ingenieuren weiß ich das jetzt nicht. Ansonsten ist zu sagen, wir halten uns an das, was vertraglich gegeben ist. Das heißt, wenn die Baupreise steigen werden unsere Honorare angepasst. Das ist vielleicht dann eher eine Frage an den Bürgermeister oder an die OAI, wer auch immer diese Verträge dann aushandelt. Das vielleicht kurz dazu.

Dann zu der Frage, wann war die Preissteigerung bekannt? Die Ausschreibung ist ja letztes Jahr gelaufen, das heißt im August/September hatten wir dann die Offerte vorliegen. Da war ja schon abzusehen, wo sich das ungefähr hin entwickelt. Dann haben wir mit der Frau Mambourg zusammen noch einmal überlegt: Was kann man an dem Projekt ändern? Also von dem was als Raumprogramm an uns gestellt worden ist als Aufgabe, gab es keine Möglichkeit, das Projekt kleiner zu machen. Wir haben da lange überlegt: Was kann man weglassen? Das ist auch die Diskussion, die wir mit jedem Bauherrn haben. Am meisten Geld spart man, wenn man es kleiner baut. Und wir sind ja hier bei der Halle, so wie ich das verstanden habe, schon am Limit. Eigentlich wäre es sogar besser, wenn sie größer wäre, was die Räumlichkeiten für die Vereine, was die Büro- und die Lagerflächen angeht, ist es eher so, das es eigentlich schon am Limit ist und das Grundstück nicht mehr hergibt. Es ist eher der Wunsch da, dass die Halle größer sein sollte. Von daher ist es ein bisschen gegenläufig. Also wir haben untersucht, ob man gewisse Sachen än-

dern kann, Fassade etc. und Innenausbau. Und irgendwann hat man die Entscheidung getroffen, dass man es so wie es ist, läßt, weil nicht wirklich ein großes Einsparpotential zu sehen war.

Die Preissteigerung von dem WC-Modul. Ja, es geht uns genauso wie Ihnen auch, wir haben auch nicht damit gerechnet, dass das WC-Modul auf einmal dreimal soviel kostet. Wir machen ja eine Preiskalkulation am Anfang über Quadratmeter/Volumen. Und im Nachhinein, im APD haben wir von Pirmin Jung, zu jedem Bodenaufbau, den die gezeichnet haben, haben wir für jede Schicht einen Preis bekommen. Das heißt, für jedes Element, das gezeichnet worden ist inklusive Fassade haben wir einen Preis gehabt, plus das Büro Dal Zotto hat für die gesamte Sanitärausstattung plus die Fassade, die um das Bestandsgebäude mit drumrum kommt und der Dacharbeiten, haben wir eine Preisschätzung gemacht. So wie wir das immer machen. Und da sind wir auf diese 50.000.- gekommen. Warum jetzt explizit das WC-Modul dann so teuer ist, weiß ich nicht. Das kann man einerseits über den Holzpreis erklären, aber eine andere Erklärung kann ich ihnen da auch nicht sagen. Also vom Aufwand her ist das relativ übersichtlich, es gibt 3 Toiletten, 3 Waschbecken etc. pp. Also selbst wenn man jetzt eine Toilette vergessen hätte, das macht keine 100.000.- Euro aus oder keine 50.000.- Euro aus. Sondern das reden wir über 500.- Euro.

Von daher ist es bei dem Punkt definitiv schwierig zu greifen, warum es so ist. Wir wissen auch nicht, wie der Holzbauer das an der Stelle kalkuliert hat. Warum das für ihn auf einmal soviel teurer werden muss. Ich weiß nicht ob das mit der Kombination auf dem Stein zu tun hat oder was auch immer. Das steht dann leider hinter dem Preis nicht explizit dabei. Warum das so geworden ist. Bezüglich der Subventionen gibt es noch eine Frage. Ich weiß nicht ob der Jeff oder die Frau Mambourg darauf antwortet? Ja ansonsten vielleicht noch von unserer Seite eine Anmerkung, weil das ja öfters kam, Kontrolle von Budgets. Also wir rechnen ja immer unsere Budgets schon von Anfang an mit Erfahrungswerten. Vor 2 Jahren haben wir beim Quadratmeterpreis 2.200.- Euro eingesetzt. Und letztes Jahr oder vorletztes Jahr haben wir 2.500.- Euro eingesetzt. Und mittlerweile merken wir, dass das nicht reicht und mittlerweile setzen wir 2.700.- oder 2.800.- Euro ein. Nur die Frage ist dann auch immer, wie wollen ja die Sachen immer transparent machen. Nur vor 2 Jahren, wenn wir da 3.000.- Euro eingesetzt hätten, hätte wahrscheinlich jeder gesagt, irgendwie ist das ein bisschen komisch mit denen. Und ja, dann weiß ich nicht. Es war auch für uns nicht abzusehen. Es ist einfach so. Ja, wenn wir die Glaskugel hätten, wär's manchmal einfacher. Aber das ist leider nicht so. Vielen Dank.

ANDREAS KLEINERT (FAT ARCHITECTS): Ja auch noch ergänzend, hier sieht man auf dieser Grafik, dass da der Preis nach unten gegangen ist. Also vielleicht hätte man warten müssen, vielleicht hätte das Ganze früher stattfinden sollen, aber vielleicht wäre der Preis auch noch einmal weiter nach oben gegangen. Das ist auch unglaublich schwierig gewesen, das zu sehen. Und nochmal zu den Honoraren selbst. Also wir haben ja auch einige Projekte mit der ABP. Und bei den Bâti-

ments publics ist es beispielsweise so, dass jetzt auch bei der Honorargeschichte die APD-Phase, die ganze Kalkulation, die da gemacht wurde, dass dann auch die Honorare sich auf die APD-Phase beziehen und dass das auch vertraglich so festgehalten ist. Also das ist ein Diskussionspunkt, den man definitiv führen sollte, auch für zukünftige Projekte, wie sich das damit auch zeigt. Nur als Ergänzung.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Danke für die Ausführungen. Aber Beispiel Toilette, das ist die Krux. Sie sagen, das ist kein wichtiger Punkt und dann führen Sie aber aus, ja wir verstehen auch nicht, warum der Preis so hoch ist. Ja wenn Sie es nicht verstehen, wie sollen wir es verstehen? Und wieso sollen wir das durchwinken? Und das ist glaube ich das Problem. Ich habe eine Freundin, die ist Architektin der Stadt Luxemburg, die sagt auch: Die Handwerker, die müssen Dir aufzeigen können, warum diese Preissteigerung ist. Und da muss man einfach, und das sage ich dann immer wieder als Appell an den Schöffenrat, viel strenger kontrollieren. Und viel strenger sagen auch mal „Njet“. Das ist so in der Offerte gemacht worden, und das ist jetzt der Endpreis. Fertig, Schluss. Und dann ist auch nicht jeder der sagt: Oh, dann arbeite ich nicht mehr für die Gemeinde, so läuft's nun auch wieder nicht. Sicher, ich komme auch aus einer Handwerkerfamilie, ich weiß, dass es nicht einfach ist. Aber ich denke, wenn Sie uns sagen, der Preis ist erhöht worden, wir wissen auch nicht warum. Ja dann ist es aber unser Kontrollmechanismus, der ein bisschen an den Pranger gestellt werden muss und sagen muss, wie es möglich ist, dass man trotzdem ein bisschen näher am Preis bleiben muss.

Die anderen Erklärungen haben Sie ja schon gegeben. Meine Frage ist aber auch noch, warum ist zwischen der Abstimmung, dem Accord vom Ministère de l'Intérieur und der Ausschreibung soviel Zeit vergangen? Ist das normal, dass man da 9 Monate wartet? Und dann, ein Appell an den Schöffenrat auch. Wann ich kucke wat mir nach alles op der Lee hunn, also d'Gemengenatellieren, d'Déierestatioun, d'Mise en conformité Briller Schoul, d'Balzenger Schoul déi eventuell nach iergend eng Kéier soll gebaut ginn, Amenagement Butschebuergerstrooss, Logements sociaux, da wär et awer wichtig, och an der Budgetdiskussioun, dass mer do awer e bësse klore Wäin ageschenkt kréie wéi engen Haussé par rapport zu deenen Devisen, déi mer gestëmmt hunn, do op eis duerkommen. Wann ech gesinn, d'Ausschreiwung war Juli 2021. Also ech ka mer net virstellen, dass de Schäfferot lo réischt virun 2 Woche gewuer ginn ass, dass mer do müssen déi Milliounen nostëmmen. Dofir nach eng Kéier eisen Appell, dat ass dat, wat de Martinis Claude gesot huet, dat ass och e bëssen eis Aufgab als Oppositioun, drop ze kucken dass mat dem Budget vun der Stad Diddeleng responsabel ëmgaangen ass an dass mer d'Saachen och besser kontrolléieren. Dat Beispill vun der Toilette, dat ass jo signifikativ. Dat wollt ech just nach eng Kéier hei erwähnen. Merci.

THOMAS KRUPPA (FAT ARCHITECTS): Ja, also vielleicht nochmal wegen des Friedhof-WCs. Also an der Stelle weiß ich es wirklich nicht warum. Also wir haben keinen Vergleich. Das ist das Hauptproblem. Wenn wir einen

Vergleich hätten, dann könnte ich Ihnen sagen, dass irgendwie irgendjemand an dieser Stelle Mist gemacht hat. Aber wir können ja noch nicht mal rechtlich eine „Liste des prix“ anfragen. Da kommt ja auch noch dazu. Das heißt, an der Stelle ist es schwierig. Also das ist das einzige Element, wo man hätte sagen können, wir machen es nicht. Dann gäbe es halt für den Friedhof keine Toiletten mehr. Das ist dann eine Diskussion, die müssen Sie führen, dann hätten wir das Geld gespart. Das ist das Einzige hier was außerhalb von dem Gebäude funktioniert, unabhängig. Wie auch immer. Ja, bezüglich der Abstimmung APD, die war ja am 25. September 2020 und die Ausschreibung ist veröffentlicht worden am 28. Mai 2021, das heißt, das sind 8 Monate. Nach der Abstimmung vom APD-Budget ist die Baugenehmigung gemacht worden und dann haben wir im Januar 2021 angefangen, die ganzen Submissionen auszuarbeiten. Und das war ja nicht nur Submission „Lot par lot“ sondern wir mussten quasi in einem Rutsch die EU-Ausschreibung machen. Oder zwei. Es gab ja zwei GU-Ausschreibungen, einmal für die Abbruch-, Terrassament und Außenanlagen, was hauptsächlich von den Ingenieuren erstellt worden ist und wir haben das zusammengefügt. Und dann mussten wir halt für die Halle quasi in einem Package sämtliche Corps de métier ausschreiben. Ja und das ist halt nicht, wie wenn man eine Ausschreibung macht, dann wird die veröffentlicht und in der Zeit kann man an den anderen weiter arbeiten. Sondern wir haben halt 4 Monate, 4 ½ Monate dafür gebraucht, damit es halt ordentlich wird. Das ist der Grund. Und ich finde jetzt nicht, dass 4 ½ Monate für so ein Projekt, dass das viel wäre. Das vielleicht noch zur Erklärung dazu.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jeff, wëlls Du vläicht nach eppé dobäifügen?

JEFF PEIFFER (TRAVAUX NEUFS – GEMENGEGBAIER): Zu de Subsiden, do war gefrot ginn, ob déi ugepasst ginn oder net. Wéi de Kulturministerium. Do hat ech extra nogefrot. A si engagéiere sech just mat de Subsiden op dee Präis, dee votéiert ginn ass. Och wann et herno méi deier gëtt, da kréie mer dofir net méi Subsiden. Et war och eng Fro komm, ob verschidde Punkten oder verschidde Poste vergiess gi sinn, well dat lo sou deier ginn ass. Do ass näischt vergiess ginn. Wann eppes vergiess ginn ass, da sinn et Klenggekeeten, déi mer mat ganz wéinege Moyeren opgefaange kréien. Also grouss Saache si wierklech net vergiess ginn. Et war och gefrot ginn, déi 250.000.- Euro „Divers et imprévus“ an do hu mer 100.000.- draus gemeet. Déi 250, déi sinn doduerch entstanen, well vill méi Onbekannter ursprénglech ze erwaarde waren. No der Ausschreiwung a bis den Devis remanié komm ass, do hu mer scho méi Erkenntnisser gehat, an dofir hate mer eis gëeenegt fir déi Imprevuen op 100.000.- Euro erofzesetzen, déi mer warscheinlech och sou net ganz brauche wäerten. Mee mir müssen Upassunge maache vun den Alentouren asw., do wësse mer nach net, wat alles op eis duerkënnt. An déi Frais d'étuden, déi am Minus hei stinn, déi sinn op en anere Kont bezuelt ginn. Wa mir e Projet ufänken, dann hu mär e Kont, dee „Frais d'étude“ heescht, oder „Etude de faisabilité“. Do ginn dann déi éischt Ingenieuren- an Architektekäschen drop bezuelt. A wann et dann zum Projet kënnt, da ginn

de Rescht Etüdefraisen op de Projet selwer bezuelt. An déi scho bezuelt gi sinn, dofir stinn déi hei am Minus, déi sinn op en anere Kont ofgebucht ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann och Dir Merci fir d'Erklärungen. Da géif ech och nach op e puer Punkten agoen. Also generell, do si mer eis alleguer hei ronderëm eens, dass natierlech wann een e Projet stëmmt, deen 59% méi deier gëtt wéi den initialen Devis, dass dat dann natierlech eng batter Pëll ass. Mee ech verstinn effektiv och déi Kriticken, déi hei geäussert goufen. An anerersäits ass hei och de Kontext vun enger internationaler Realitéit ze berücksichtigen. Wann Dir d'Diskussioun féiert mat äre Kolleegen an deenen anere Gemengen, ob se an der Responsabilitéit sinn oder net, si soen lech dat selwecht. Dass se an änleche Situatiounen sinn, dass se am Ament kee Wonnemëttel hunn, wat déi ganz Präissteigerung ugeet. An et ass jo och e puer Mol schonn hei ugeschwat ginn. Mir waren hei an der Situatioun, wou mer just eng Offer virleien haten. Oft, wa mer 3, 4 Offere virleien hunn, da kanns de natierlech och méi an den Detail goe bei der Ventilatioun a Vergläicher maachen. An dat ass eng Schwierigkeit, déi hei zousätzlech derbäi komm ass. An dofir awer och e ganz grouse Merci deene Parteien, déi awer och ganz kloer hei gesot hunn, dass se zum Projet stinn. Bei deenen aneren, déi sech geäussert hunn, dass een net alles fir all Präis soll hunn – ech mengen déi Léink hunn dat gesot. Jo, dann hätt een natierlech kéinten hei de Marché annulléieren.

Et hätt een natierlech och kéinte frësch ausschreiwen. Da wär et net an der Kreeslafwirtschaft gewiescht, net nohalteg. Da wär et net modular gewiescht, net transposabel gewiescht. Et wier e komplett neit Konzept gewiescht. An ech ginn awer dovun aus, dass Dir eis och garantéiert hätt, Madame Erpelding, dass deen dote Projet mat engem neie Konzept vill méi bëlleg gi wär. J'en doute. J'en doute très très fort. Well dat heite wierklech op de Minimum geet. Trotz Preissteigerunge si mer hei sécherlech nach ëmmer méi bëlleg, wéi wann s de e komplett kllassesche Bau géifs maachen. Dofir, wéi gesot, e Merci un déi, déi zum deem Projet hei stinn an en och ënnerstëtzen. Wann ech awer op déi verschidde Punkte wéilt agoen, wou verschidde Froen waren. Ech fänke mam Här Gangler un. Ech hat uganks vu menger Interventioun gesot, dass dat heiten en Hall polyvalent ass, wou 200 Leit kënnen higoen. Ech mengen dass dat schonn eng ganz konsequent Unzuel ass fir eis Veräiner an och fir eis Gemeng, wann ee gréisser Manifestatioun mécht. Ob dat elo e kulturellen Event ass, ob dat elo eng Konferenz ass, ob dat elo eng Generalversammlung ass, ob dat e Kongress ass oder eng Ausstellung ka sinn. Et ass jo en Hall polyvalent. Ech mengen, dass dat awer vun der Unzuel hir sécherlech flott ass fir allegueren eis Veräiner. An dat heiten ass och ugeduecht, well et transferabel ass, dass en op NeiSchmelz kënnt, op eng Plaz déi och virgesinn ass fir en Hall polyvalent. Et ass also net en Hall deen och d'Museksschoul soll beinhalten. Déi nei Musbeksschoul, d'Extensioun, d'Annex vun der Museksschoul soll an e besteeënd industrielt Gebai kommen, dat mer mëttel- a längerfristeg renovéieren, sou wéi mir dat am Kader vun den Diskussiounen ronderëm d'NeiSchmelz jo och geplangt hunn.

Par rapport zu der Madame Ahmedova. Dir hutt vollkomme Recht, wann Der sot, dass ee weider soll bauen. Et war dofir och keng Optioun fir eis, fir hei de Marché ze annulléieren. Et war fir weiderzefueren. Dir hutt vun enger anerer Strategie geschwat. Jo, dat hätt natierlech kéinte sinn, mee dann hätte mer erëm de Budget opgeblosen. Dass ee wierklech eng ganz Rei Reserven drasetzt. Dann hätte mer e künstlech opgeblosen, respektiv hätte mer och net gewosst, wéi eng Realitéit da géif op eis duerkommen. Par rapport zu der Fro vun de Subventiounen, déi mer kréien. Dat sinn natierlech Recetten, déi mer jo an den extraordinäre Budget setzen an dat sinn natierlech och da Montanten, déi eis ze gutt komme fir och déi verschidde Corps de métiers ze bezuelen. Mee déi fannt Dir natierlech op der Recette-Säit, beim Budget extraordinaire, déi ginn do deementspreechend opgefouert. Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madame Erpelding. Dorop sinn ech uganks agaangen. Ech wollt just nach eng Kéier präziséieren, den Här Peiffer ass och drop agaangen, beim Subsid vum Kulturministère. Si orientéieren sech ëmmer um initialen Devis, et ginn awer Ministère déi, wa mer hei en zousätzleche Kredit gestëmmt hätten, déi sech och un deem neien Devis ugeleent hätten. Dat variéiert vu Ministère zu Ministère. De Kulturministère huet wéi gesot déi dote Politik. Déi ass vläicht heiansdo ze iwwerdenken an ass mol méi en Faveur oder en Defaveur fir de Staat respektiv fir d'Gemeng, deemno wéi een et hält.

Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini an der Madame Kayser. Ech hunn et jo uganks gesot, déi Situatioun, déi mer hei erliewe mat der Präisdeierecht a mam Contrôle. Do hunn ech scho méi wéi eng Kéier gesot, dass ech och Diskussiounen mat aner Gemengereponsabele féieren an dass do generell d'Marge de manoeuvre déi mer hunn, grad an dësen Zäiten, zimmlech limitéiert ass. Ech wollt awer hei nach eng Kéier ganz kloer ervirhiewen, dass mer hei bei der ganzer Opbereedung vum Dossier fir dass e kann an Soumissioun goen, natierlech hu mer hei de Vott gemeet, natierlech muss et an den Interieur goen, natierlech muss mer och do den Accord ofwaardern, éier mer ausschreiwen. Sou dass awer wierklech déi ganzen Zäit hei un deem Dossier geschafft gouf, fir dass mer sou zäitno wéi méiglech vum Accord dee mer kritt hunn an d'Ausschreiwung ze goen an och duerno kënnen am Kader vun der Soumissioun d'Attributioun vum Marché maachen. Ech mengen dass mer dat hei awer sou zäitno wéi méiglech probéiert hunn ze maachen. Sou dass den Zäitraffer zimmlech enk war, sou dass mer hei net vill Zäit verluer hu fir dat doten deementspreechend ze maachen.

An ech sinn och ganz bei der Madame Kohn, wann et dorëm geet, fir deen heite Projet virunzedreiwe fir dass och onofhängeg vum internationale Kontext eis Veräiner do kënnen en neit Doheem fanne fir hir Manifestatiounen hei zu Diddeleng. Voilà, ech hat probéiert, op all déi dote Punkten anzegoen. Wéi gesot, Dir kennt lech jo lo nach an deenen nächste Wochen a Méint e Bild sur place maachen. Et ass schonn zimmlech impressionnant, wéi mam Kran déi verschidde Modüler riwwergemach ginn. An ech ginn lech da spéitstens am Fréijoer e Rendez-vous, fir eng flott Ouverture ze maachen zesumme mat eise Veräiner. Fir dat awer kënnen ze maachen,

musse mer engersäits den Devis remanié stëmmen an och de Crédit supplémentaire, an dee géif ech dann elo zum Vott stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Wien ass mam Devis remanié averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, LSAP, CSA an eisem onofhänge Member. Wien enthält sech? Dat ass dann Déi Lenk. Da géif ech zum Crédit supplémentaire riwwergoen. Wien ass mat deem averstanen? Dat sinn och hei d'Stëmme vun deene Gréngen, d'LSAP, d'CSV an eisen onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat sinn och Déi Lenk. Villmools Merci fir d'Diskussioun, villmools Merci och iech véier, fir är Presenz haut de mueren hei an da géife mer op den nächste Punkt weidergoen.

4.2. Approbatioun vun Actes notariés fir d'Acquisitioun vun Emprisen

4.2.1. *Société B4U S.à r.l., route de Noertzange*

4.2.2. *Madame Dominique Jeanne Pouthier, rue Goethe*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dat si klassesch Emprisen, sou wéi mer se ëmmer hei hunn. Déi éischt Emprise ass an der Näärenzengstrooss, B4U S.à.r.l., dat ass eng Emprise vun 0,61 Ar zum Präis vu 527.- Euro. D'B4U ass hei vertrueden duerch d'Madame Kapitanovic, dat huet mer op d'Utilité publique mat eran, well et en Deel Voirie ass. An déi zweet Emprise, déi ass op 30, rue Goethe, am Kader vun der Renovatioun, mam Här Pouthier. Dat sinn 0,52 Ar, dat zum Präis vun 364.- Euro an och dat ass d'Integratioun an d'Voirie publique. Dat zu deenen Ausféierunge wat dës zwou Acquisitiounen ugeet fir Emprisen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Kënne mer déi zwéi zesummen ofstëmmen? Jo? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.3. Approbatioun vun enger Konventioun mat der Société anonyme CREOS LUXEMBOURG S.A. fir d'Constitutatioun vun enger Servitude am Kader vun dem Etablissement à demeure vun elektreschen Ouvrages an der Rue de la Forêt

4.4. Approbatioun vun enger Konventioun

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat sinn hei zwou Konventiounen mat CREOS, wou mer hinnen zwéi Gemengenterrainen zur Verfügung stellen. Ech géif mat deem éischten ufänken. Dat eent ass an der Rue de la forêt, dat sinn 2 Hektar, 18 Ar an 20 Zentiar fir hir Ouvrages ze maachen. Dir kënnt hei jo rausliesen, dass CREOS eng Mission de service public huet, dass si och reguléiert sinn duerch d'elektrecht-Marchés-Gesetz vum August 2007. An deen Terrain stelle mer hei zu Verfügung à titre gratuit a fir eng Durée illimitée, well jo och do en Traffo ass, fir dass se do kënnen hir Installatiounen maachen. Et ass jo och en Traffo dee mir brauchen am Kader vun deem neie Projet um Eck beim Centre de soins de faune sauvage. Fir deen Traffo hate mer jo och en Devis hei an Gemengerot, et war Partie intégrante vun deem Projet, deen do realiséiert gëtt. A wa mir dat zu Verfügung stellen, dann däreffe mer

natierlech och do näischt empjetéieren. Et ass à titre gratuit, sou wéi den Artikel 40 am Gesetz dat och virgesäit. An d'Frais an d'Honorairé vun dësem Akt, déi dréit hei awer d'CREOS.

An déi aner Konventioun, déi huet déi selwecht Teneur. Do gi mer just an d'Rue Ribeschpont. Dat ass am Kader vun der Maison Relais Ribeschpont, do hu mer jo och missen en Traffo histellen, an do hate mer jo och den Devis hei. Dat ass dann 1 Hektar, 44 Ar, 79 Zentiar. Och dat stelle mir hinnen zur Verfügung fir hir Installatiounen. Och dat à titre gratuit an och do iwwerhuele si d'Käschten. Wéi gesot, hei dee selwechte Prinzip. Et geet also hei drëm, fir a bonne et due forme déi Situatioun hei ze regulariséieren. Dat zu deenen zwou Konventiounen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Mat engem Handzeechen. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

4.5. Approbatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Madame Claude Malano fir eng Sous-Location vun engem Deel vum Geschäftsbebauung 1-6, Plaz am Duerf

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dann, weider geet et. Da komme mer op d'Plaz am Duerf. Do si mer jo Locataire vun engem Geschäftslokal. Do hate mer jo Pop-uppen. Dir wësst, dass de Pop-up deen do war, dat war jo e Sneaker-Store, dat zweet, dat waren éischter sou flott second-hand Kleeder an och Kleeder fir Puppelcher, dat war Pilea Artchibald, déi hate mer jo och am leschte Gemengerot. An hei geet et drëms dem Kuddelmuddel, dee mer jo och allegueren heibanne kennen, vertrueden hei duerch d'Madame Malano, fir zwéi Méint zur Verfügung ze stellen, vum 1. November bis den 31. Dezember, fir zwéi Méint, dat zum Präis vun 1.000.- Euro de Mount. Mir froen hei dee selwechte Loyer wéi bei deene viregten. An ech mengen dass dat heiten och e richteg flotte Commerce ass op där doter Plaz. Wéi gesot, en ass schonn an Diddeleng bekannt. An et ass wierklech e flotte Succès fir déi Pop-uppen hei zu Diddeleng weiderzeféieren an och zu enger flotter Attraktivitéit bäiféiert. Dat ware meng Ausféierungen par rapport zu deem doten. Remarques dozou? E ganze Koup. Madame Erpelding, den Här Martini, d'Madame Kayser, den Här Clement.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Effektiv hu mer hei rëm e Pop-up Store fir zwéi Méint, wéi mer der vill schonn haten an hunn zu Diddeleng. De Prinzip ass gutt, dat hu mer scho gesot, a mir hunn och bis ob ee Projet hei ëmmer alles matgestëmmt. De Kuddelmuddel ass keen neie Projet. Dee war schonn an der Parkstrooss installéiert als "normaalt" Geschäft an huet do och ganz flott Saachen ugebueden. D'Konzept ass ganz flott gewiescht, well dat alles handwierklech Aarbechte waren am direkte Kontakt mat de Produzenten, dat bleift d'selwecht huelen ech un. Leider konnt dës Buttek net weidergefouert ginn, mee dat verhinert awer elo net, dass fir zwéi Méint en Pop-up Store ënnerstëtzt gëtt doduerch. Ech hu just zwou Froen, ech weess net, ob dat stëmmt, ech hat mol héieren, dass och dat Lokal an der Parkstrooss vun der Gemeng gelount gi wär an dann un de Kuddelmuddel weidervoulount gi wär, an ech ka mech awer elo net erënneren,

dass dëse Punkt eng Kéier am Gemengerot um Ordre du jour war. Wéi gesot, d'Leit ziele vill, dofir wollt ech eng Kéier nofroen. Ech kréie grad gesot, dat war net esou. Voilà, ech wollt dat einfach eng Kéier nofroen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et muss een net ëmmer alles gleewen, wat d'Leit zielen. Dofir ass et gutt, dass Der nofrot.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Genee dat. Et hunn zwee, dräi Leit mer dat gesot, an ech hu gesot, ech froen dat eng Kéier no bei Geleeënheet. Merci. Meng zweet Fro betrëfft da méi konkret déi Sous-Locationskontrakten. Ech géif eigentlech gäre wëssen, ob et Reegelen gëtt wat d'Berechnung vum Loyer ugeet a wéi déi Reegelen ugewannt ginn? Well mer festgestallt hunn dass am Fall vu sou Sous-Locationnen d'Héicht vum Loyer net ëmmer d'selwecht gehandhaabt gëtt. Bei deenen enge Storen ass et de ganze Präis, dee Loyer deen d'Gemeng bezilt, dee se weidergëtt un de Sous-Locataire a bei deenen aneren ass et dann awer deelweis manner. Voilà, ech wollt nëmmen eng Kéier nofroen, ob et eng Regel gëtt a wéi se ugewannt gëtt. Mir hoffe jo mol net, dass dat „à la tête du client“ geet an op alle Fall kënne mer dat hei matstëmmen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech war ganz frou, wou ech gesinn hunn dass de Kuddelmuddel sech soll do niddersetzen. Ech hu just d'Zäitdauer e bësse bedauert, dass et nëmme fir zwee Méint ass. Do ass elo meng Fro, bei alle Pop-ups déi mer haten, d'Zil war jo dat, dass éischstens mol déi eidel Geschäfte occupéiert gi fir eng gewëssen Zäit, dass Liewen an d'Duerf kënnt. Mee wa se rëm fortginn, d'Zil war jo och dass se e bësse fillen: Wéi ass de Marché hei? Kënne mer eis hei niderloossen? Kënne mer heibleiwen? Lo sinn der awer scho relativ vill fortgaangen, déi net méi zrëckkomm sinn. Wat kënne mer maachen, fir se hei ze behalen, dass sou Geschäft wéi de Kuddelmuddel, wat ech ganz gutt am Duerf do géif gesinn, och fir eng länger Zäit, wat awer net mäi Choix ass, well ech net doranner schaffen, et ass jo och säi Choix fir dat ze maachen. Mee wat kéint een do maache fir dass déi Leit sech do méi niderloossen, fir dass mer déi Geschäfte fir méi laang halen? Den 31. Dezember gëtt de Buttek dann nees zougemeet. Dann ass dann de kale Januar, wou et der Geschäftswelt scho manner gutt geet, well do gëtt manner consomméiert am allgemengen. Da feele Geschäfte am Duerf, dann hu mer Lücken do. Wat kënne mer maache fir se méi laang do ze halen? Respektiv sinn Demanden do vun deenen anere Pop-up Store fir méi laang ze bleiwen? Dat war et fir meng Hauptfroen zu dësem Punkt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt och am Kader vun der Diskussioun iwwer Pop-up Storen einfach nach eng Kéier nofroen wéi et elo weidergeet mat eisem anere grouse Projet, dee mer hunn, dee leider an d'Box gaangen ass, mam OUNI, déi jo leider Faillite erkläert hunn. Mir hunn dat gelount vum 1. Januar 2020 op 9 Joer. Dat sinn 3.200.- Euro Loyer, déi hate mir integral un den OUNI weiderginn. Si hätten deen theoretesch solle bezuelen. An elo ass meng Fro, ob mer do scho wësse wéi et weidergeet? Ob mir am Kader vun där Faillite vun OUNI – dat ass jo kee Geheimnis, dass déi Faillite erkläert hunn

– ob mir do eng Méiglechkeet hunn, och nach eis Suen ze recuperéieren. Oder sti mir do ganz um Enn vun der Lëscht? An déi zweet Fro zum Pop-up ass och, mir hatten d'Kënnegung vum Här Steve Troes sengem Vertrag am Kib d'leschte Kéier votéiert. Lo ass meng Fro, wien do iwwerhëlt. Oder kënnt do en neie Locataire a seng kleng puer Metercarréen an de Kib? Et ass vläicht och interessant ze wëssen, wéi et an déi Richtung weidergeet, mee dat wat de Martinis Claude gesot huet, dat ass jo effektiv wichteg, dass mer och en Turnover hunn an awer, ech mengen de Blossom ass deen eenzege bis elo, deen no senger Pop-up Aktivitéit och heibliwwen ass. An dass mer musse kucken, wéi mer dat nach vläicht kënne optiméieren. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, jo no Pilea s.à.r.l. a Baby Artchibald kënnt elo erëm fir zwee Méint Kuddelmuddel op Diddeleng. Ech war de leschten Dëschdeg bis bei d'Claude Malano era fir mer de Pop-up unzekucken a mech kuerz mat ëm auszetauschen. Mir stinn elo viru Chrëschttag, a wann ee kuckt, wat am Kuddelmuddel am Ament ugebuede kritt, da verfeelt dëse Pop-up mat sengem aktuellen Angebot net déi kommerziell Zäit virun där mer elo bis de 25. Dezember stinn. D'Claude bitt hei Artikele vu Lëtzebuerger Künstler a vu sech selwer un. Et kritt een net nëmme fuschnei Saachen, mee och där deenen en zweet Liewe geschenkt gouf. An dat alles och nach Handmade. Upcycling ass dat, sou hunn ech mer soe gelooss, e Wuert wat mer bis elo nach net sou geleeft war. Mee domadder ass elo Schluss, well ab viregtem Dëschde weess och ech genau wat dat heescht. A wat een aus ausgedéngten Utensilien alles kann Neies maachen huet och meng Fantasie bei wäitem iwwertraff. Ech wier ni op d'Iddi komm, aus engem ale Fuusseschwanz eng Pinnwand ze maachen.

Wat mech awer am meeschte beandrockt huet, ass déi Ideologie, déi derhannert stécht. Déi Freed a Begeescherung, déi d'Claude huet fir dat, wat et mécht. „Dat do ass dat, wat ech eigentlech wëll maachen, sot et, dat mécht mer richteg Spaass. An ech sëtzen och net de ganzen Dag hei hannert der Théik drop ze waarden, dass e Client erakënnt, ech hu genuch ze dinn.“ An du huet et mer gewisen, wat et alles och nach selwer a sengem Pop-up hierstellt. „Bon, ech kéint och eppes Anescht maachen, mee et ass dat hei wat ech wëll maachen. Mol kucken.“ Ech hu mer déi Fro gestallt, firwat sou eng Iddi et oft schwéier huet, obscho se gutt ass an nëmme luewenswäert. Dass et méi sënnvoll ass, verschidde Saachen en neit Liewen anzehauchen anstatt se ewechzegeheie wann ee mengt, se net méi ze gebrauchen, entsprécht jo eigentlech deem, wat ee selwer weess an ee sech trotzdeem awer oft schwéier doet, et ze liewen.

Et ass schéin an ënnerstëtzenswäert, dass eis nei Generatioun wëll zum gudden Deel an nei vernünfteg Richtungen goen. Och si wëllen eng flott Zukunft, wëllen Innovatioun a weiderkommen, awer net méi fir dee Präis, dee viller vu menger Generatioun nach a Kaf geholl hunn, wann och net onbedéngt mat schlechten Absichten. Ech denke mir sollte gutt op d'Iddie vun där neier Generatioun lauschteren. Gemëscht mat eiser Erfahrung, dat si mer hinne schëlleg. A mir mussen eis an eisen

Entscheidungen ëmmer erëm bewosst sinn, dass mir als Politiker vu menger Generatioun an driwwer virun allem hir Zukunft bestëmmen. Mir stëmmen als LSAP mat Iwwerzeegung dem Bail fir de Kuddelmuddel zou a wënschen dem Claude, dass et och an Zukunft seng Iddi ka liewen an virun allem, dass et vu senger Iddi ka liewen. Dëst läit allerdéngs net eleng a senger Hand. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et si keng weider Stellungnamen, da géif ech op déi verschidde Punkten agoen a virun allem mol Merci soen, dass Dir awer nach mat Äre Froen, déi Dir hat, do engersäits zu der Initiativ vum Pop-up respektiv och zu dem Contrat de bail stitt par rapport zu Kuddelmuddel. Ech géif och déi verschidde Punkten agoen an der Madame Erpelding äntweren a kloer soen dass dat viregt Lokal, wou de Kuddelmuddel war, an der Rue du Parc, dass d'Gemeng do net Locataire ass. Dat ass jo eng Maison unifamiliale, wou effektiv kann exploitéiert ginn deelweis als Commerce. Dat ass jo limitéiert am Kader vum PAG. Wann dat de Fall gewiescht wär, dann hätte mir dat jo hei am Gemengerot gehat. Et ass net am Gemengerot gewiescht, also ass d'Gemeng do net Locataire am Umkehrschluss. Ech mengen dat ass eng kloer an däitlech Äntwert vu menger Säit. Dann, wann esou insinuéiert gëtt, dass hei „à la tête du client“ géif geschafft ginn. Ech mengen dat ech hei net sou am Raum stoe loossen, well dat stëmmt net.

Ech erklären och firwat. Eise City-Manager geet jo och ëmmer dohin a kuckt, wat kann e korrekte Präis sinn. Ech hu scho méi wéi eng Kéier hei gesot, dass an Diddeleng tëschent besteeënden, méi eeler Strukturen vu Commerce bis komplett nei Strukturen et variéiert vun 18 bis 25 Euro de Meterkaree, wat de Commerce ugeet. Dat ass déi Präislag, déi mer hei an Diddeleng hunn. An et ass och an där Approche, wou mer ëmmer probéieren, wa mer e Geschäft ulounen, mat de Proprietären a Verhandlung ze goen an dat ze kucken. Dat ass deen éischten objektive Kritär. An dat huet sech och unhand vun enger Etüd, déi um nationale Plang gemeet gëtt, erausgeschielt. Dann ass natierlech eng Differenz ze maachen. Et ass eng Differenz ze maachen, ob een hei an engem Pop-up ass fir ee Mount oder zwee Méint, wou dann ee gewëssene Loyer gefrot gëtt, oder ob ee wéi bei anere Situatiounen, wou mer kee Pop-up hunn, wou mer e Kontrakt hunn, wou dann e progressive Loyer gefrot gëtt. Ech mengen dat sinn zwee Prinzippen déi spillen, well et och zwou komplett verschidde Konfiguratiounen an och zwou komplett verschidden Approche sinn. No deene Kritäre geet dann ëmmer eise City-Manager vir, fir souwuel mat de Proprietäre wéi mat de Sous-Locataire de Loyer auszemaachen an och ze proposéieren. An et soll natierlech och ëmmer e Loyer sinn, dee fir all Partei tragbar ass. Ech mengen dat ass d'Viraussetzung dofir. Et soll ee jo net um Loyer erstécken. Et ass dat, wat vu béide Parteien ëmmer gekuckt gëtt.

Da par rapport zum Här Martini. Pop-up ass jo grad vun der Konzeptioun hir geduecht, Saachen ze probéieren. Hei hu mer lo mat Kuddelmuddel mat engem ze dinn, deen eng Kéier eng Erfahrung gehat hat mat en-

gem Commerce, mee déi meescht Pop-uppen, déi wëlle gären e bëssen dreemen. An dat ass jo och ze respektéieren, dass se dat wëlle maachen. Déi eng fänken hei un a ginn an aner Gemengen oder kommen aus anere Gemengen op Diddeleng. Do gëtt et e ganze Réseau. Eise City-Manager kennt dee Réseau, a mir probéieren och déi Pop-uppen op Diddeleng ze kréien. Wat och ganz flott ass, war och weist, wéi divers Pop-uppe kënnen sinn a wéi divers och déi Leit kënnen sinn, déi déi Pop-uppe bedreiwen. Ech gesinn dat ëmmer als Beräicherung a schlussendlech ass et ëmmer un de Bedreiwer vun de Pop-uppen ab engem gewëssene Moment - an et ass net un der ëffentlech Hand hinnen do dranzeschwätzen, ech géif dovunner warnen - ze soen, lo musst dir iech hei definitiv fest etabliéieren. Ech si kee Geschäftsmann, mee heibanne sinn der, déi wësse wéini de Moment opportun ass, fir sech ze etabliéieren. Do mussen eng ganz Rei Kritären a Betruecht gezu ginn an et ass net un der ëffentlecher Hand ze soen: Et wär lo gutt, wann. Ech mengen dass dat deerichtegen Zäitpunkt brauch fir dat och kënnen ze maachen. A generell fueren eis Pop-uppen hei zu Diddeleng jo och ganz gutt.

Dat anert, wou Der ugeschwat hutt, dass hei zu Diddeleng Lächer wäeren, ech mengen Dir wollt domat de Leerstand mengen. Mir hu ganz wéineg Leerstand hei zu Diddeleng am Verglach mat anere Gemengen. Et brauch ee sech do just ausserhalb vun Diddeleng ze beweegen, fir dat ze gesinn. Da par rapport zu de Madame Kayser. Jo OUNI huet Faillite gemeet, dat ass ganz schued. Mir mellen eis natierlech do un als Gemeng a kucke wat mer vun der ganzer Vergab, well mir sinn do net déi eenzeg, déi an der Schlaang do wäerte stoe fir Suen ze kréien, wat mer da kréien. Mir waren an Diskussioun mat Interessenten, déi mussen och nach hir Decisioun huelen. Do ka sech vläicht eppes doen. Et ware Leit, déi un eis erugetruede sinn an och eise City-Manager gesinn hunn. Wann dat méi konkret sollt ginn, da gitt dir dat als Gemengerot natierlech gewuer. Par rapport zu där anerer Fro déi Dir hat, mam Här Troes. Ech weess elo net, wéi do de leschte Stand ass, ech kann dat ganz gäre bei eise City-Manager nofroen an lech do eng Réckmeldung ginn. A par rapport zum Här Clement. Dir hutt absolut Recht an Ärer Approche, wann Der sot dass wann een e bëssen deen innovativen Esprit mat erabrénge als Pop-up, dann ass dat ganz flott an och dat ass eng Beräicherung. An dat ass och e bëssen eng Diversitéit, déi d'Pop-uppen hei an Diddeleng kënnen bréngen.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass mat deem Contrat de bail hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.6. Approbatioun vum Addendum vun der Konventioun fir d'Zesummenaarbecht vum 19. November 2020 mat der Uni Lëtzebuerg fir d'Mise en place vun enger nationaler Referenzplattform am Beräich vun der partizipativer Demokratie

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer op deem nächste Punkt iwwer an da ginn ech d'Wuert weider un de Loris Spina fir eisen Avenant mat der Uni Lëtzebuerg.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, hei handelt et sech ëm en deelweis ganz juristescht Dokument, wat mer brauche fir engersäits Adaptatiounen ze maache, bezéiungsweis ass et och complémentaire zu där éischter Versioun, déi mer hei scho gestëmmt hunn. Am Resumé kann ee soen, dass dat hei néideg war, well mam Projet vum Budget participatif en neie Moment an d'Liewe geruff gouf an do-runner gekoppelt ass jo och déi digital Plattform. An dofir hu mer da missen am Austausch a mir hunn och eis un d'Recommandatioun vum Kommissär gehalen, fir déi heiten Adaptatiounen zesumme mat der Uni ze proposéieren. Et ass och kloer an deem Dokument, dass et en Traitement conjoint ass, eebe mat der Uni Lëtzebuerg, wou Der wësst, dass dat eise privilegiéierte Partner ass an der Gemeng Diddeleng. Do sinn och kloer Opdeelunge vun de Chargen a vun den Tâchen ermëzefannen, dat ass an den Annexen. An dat fënnt sech erëm an deem Kader, an deem mir eis als Gemeng beweegen, an der Autonomie communale, bezéiungsweis an eise Missioun vum der Utilité publique.

Wat d'Donnéen ubelaangt, déi mer do brauche vun deene Participanten, dat ass jo ganz kloer, dass do ëmmer muss definéiert ginn, wéi eng Zort vun Donnéeë sammelen ech, wéi laang sammelen ech se a wat maachen ech mat deenen Donnéeën a wien huet Zougrëff op déi Donnéeën? Dat hu mer hei alles respektéiert. An och d'Proportionalitéit vun deene gesammelten Donnéeën mussen am Verhältnis zum Projet sinn an et dierfe keng sensibel Donnéeën hei gesammelt ginn. Dofir war de Max Spielmann, eisen DPO och ganz enk am Austausch mat eisen DPO intern, dat ass den Här, deen Dir hei gesitt, de Patrick Bausch, dee sech och do ganz vill Stonnen huet missen eraknéien, well dat do wierklech eppes ganz Delikates ass a wou praktesch all Punkt a Komma huet missen analyséiert gi fir dass et eebe passt a waasserfest ass. Deementspreechend Patrick vun eiser Säit aus e grouse Merci dass De dem Vania dobäi gehollef hues.

Voilà. Da géing ech proposéieren, dass mer kuerz dräsprangen an den Addendum. Dat ass natierlech d'Uni Lëtzebuerg an d'Ville de Dudelange, nieft deem juristeschen Aspekt ass natierlech och de Budget ugepasst ginn un déi nei Situatioun. Dat fannt Dir och an deem Dokument erëm. D'Modifikatiounen bezéien sech par rapport zu där leschter Konventioun, déi den 1. Dezember 2020 a Kraaft getrueden ass. D'Basis vun deem Ganze sinn natierlech d'EU-Texter, déi sech domat befaassen, déi sech ronderëm den RGPD befaassen. Hei geet et wéi gesot drëm, dass et am Kader vun der Realisatioun vum Budget participatif huet missen zu dësen Ännerun-

ge kommen. An déi zwee Parteien sinn dann deementspreechend conjoint responsabel, sou wéi dat och an den Annexen opgezielt ass.

D'Demarche vum Budget participatif ass hei och eng Kéier kuerz ernimmt an ech ka matmaachen andeems ech iwwert d'Voie électronique fueren, awer och a Pa-beierform hu mer probéiert d'Leit ze motivéieren, do matzemaachen. Accès op dës Donnéeën huet natierlech eise Partner, well déi jo och domadder schaffen an an deem Kader huet d'Uni och d'Recht, heirobber zrëckzegräifen. Wéi eng Donnéeën gi gesammelt? Dat fënnt een och an deem Dokument erëm. An ech erënneren nach eng Kéier drun, dass do keng sensibel Donnéeën dierfe gesammelt ginn. Et ass alles am Kader vun der technescher an organisatorescher Ausleeung vun deem Projet Budget participatif, sou wéi dat eeben och an der Erklärung hei virgesinn ass. Dann hunn d'Leit awer d'Méiglechkeet, iwwert déi zwou E-mail-Adressen, dpo@uni.lu oder iwwer déi, déi mer inhouse geréieren dpo@dudelange.lu hir entsprechend Froen dozou ze stellen. An dat ass dann erëm eise Patrick Bausch, deen dat geréiert, bezéiungsweis gëtt en do supportéiert vum Paul Nosbusch, déi dann do probéieren, de Leit déi néideg Informatiounen ze ginn.

Déi Donnéeën, déi gesammelt ginn, déi sinn natierlech ëmmer verbonne mat deene konkrete Missiounen, déi hei drunhänken an dat ass nach eng Kéier hei explizitt drop higewisen an alles dat am Respekt vun deenen EU-Reglementer, wéi ech se virdru schonn ernimmt hunn. An d'Leit wëssen dat och am viraus a si ginn hiren Accord, dass déi doten Donnéeën gesammelt ginn an op där nächster Säit gesäit een och, wéi eng Donnéeën dat sinn a firwat déi am Prinzip gebraucht gi fir dee Projet hei kënnen anstänneg ze geréieren. An dann, wéi gesot, d'Annexen, wou relativ kloer opgedeelt ass, wee wat vun deenen Aufgaben hei iwwerhëlt, wat och mat deenen Donnéeën geschitt. Dat fënnt een do ganz flott opgelëscht an iwwersiichtlech. An dann, deen nächste Volet, dee betrëfft dann de Budget, wou dann och muss opgepasst ginn. Wou een dann och erëmfënnt wéini d'Gemeng zu wéi engem Moment wéi vill vun deenen Tranchen iwwerhëlt. Dat ass ganz kloer an transparent hei opgelëscht.

Et gesäit een och firwat déi Sue benotzt ginn, wat domadder gemaach gëtt. An de gréissten Deel vun den Haussen ass natierlech liéiert mat de Personalkäschten. Do huet d'Uni eis dat matgedeelt, wat déi verschidde Leit, déi do a Fro kommen, dorunner verdéngen. Dat ass eng Hausse vu ronn 8% déi een hei erëmfënnt. A fir de Rescht sinn et konkret Elementer, déi mat de Missiounen, déi an dëser Konventioun ermëzefanne sinn, verbonne sinn. An och dat fënnt een hannen an der Annex schéi propper opgelëscht. Da wësst Der och dass an deem Kader eis e Student zur Verfügung gestallt gëtt, dat ass den Albert, dat ass een, dee 40 Stonnen do an deem heite Kader schafft. Engersäits mat deene Missiounen, déi e vun eis als Gemeng kritt, anerersäits awer och vun der Uni. An och do ass eng grouss a wichteg Kollaboratioun, déi hei an der Konventioun ënnermoolt ass. Voilà. Dat am Fong zu deenen hoffentlech néidegen Erklärungen, déi Dir braucht, fir herno deem heiten zouzestëmmen. Da géing ech d'Ronn fir Froen opmaachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buermeeschter. Deen Addendum ass jo haaptsächlech, wann ech dat richteg verstanen hunn, geet et ëm déi Dateschutz korrekt Approche zu den Donnéeën. Do ergëtt sech dann och schonn d'Fro: Mir haten am November 2021 eng Konventioun mam LISER gemaach, do ass och gaangen ëm eng Recherche publique vum Här Paccoud, an do hate mir och schonn d'Fro gestallt, wéi kënnt de LISER un déi Donnéeën? Do ass et jo haaptsächlech drëm gaange fir ze kucken mat de Logementer vum Territoire vum Diddeleng, wéi ass de Profil vum Keefer? De Profil vum Locataire? De Profil vum Proprietär? Mir haten déi Etüd jo och scho virgestallt kritt, dat war ganz interessant. Mee eis Fro war deemools och schonn: Wéi ginn déi Donnéeën anonymiséiert? A wéi gi mer do dateschutzméisseg ëm? An ech ka mech net erënneren, dass mer do sou am Detail, an där Konventioun och eeben iwwer Dateschutz geschwat hunn. Do ass meng Fro: Kënnt dat lo och nach op eis duer, dass mer déi Konventioun och nach mussen à jour setzen? Dann ass hei gesot ginn et ass am Kader vum Kontrakt, dee mer mat der Uni.lu gemaach hunn. An ënner anere huet sech dat heiten och erginn, well mer iwwer e Projet vum Budget participatif, dee jo och surveilléiert oder mat geleet gëtt vun Uni.lu, do huet dat sech erginn. Do ass natierlech och elo d'Fro, ech mengen dat läit jiddwerengem och um Häerz. Hu mer do schonn en Echo? Hu sech scho Leit gemellt? Et kann een dat vläicht och scho virun der Clôture vum Datum soen, ob do scho flott Projekte rakomm sinn, wat mer jo absolut hoffen.

Wou ech e bëssen erstaunt war, dat war beim Budget. Do hate mer fir déi éischt Joren, den éischte Punkt „Research and Development specialist“ 63.400.- Euro agesat, dat zweet Joer 65.029.- Euro an elo gi mer op 90.500.- Euro, respektiv 93.500.- Euro erop. Dat ass awer e substantielle Sprong. Wann ech awer elo kucken, och mat Indexranchen a sou weider kommen ech awer do net hin. Dofir ass meng Fro: Firwat ass de Coût do sou héich ginn? Wann ech elo kucke bei der Remuneration vum Här Kies oder och vum Student, do si mer awer net an deem Cas de figure, do sinn d'Fraisen awer net sou séier an d'Luucht gaangen. Ech wollt awer nach eng Kéier kuerz drop agoen, de Vott vun der Konventioun, dat war jo den 11. Dezember 2020. Do hat d'CSV an déi ganz Oppositioun hat de Sall verlooss beim Vott, Dir wësst vläicht och nach firwat.

Mir waren net schrecklech amused well de Schäfferot dem Gemengerot schonn a Presenz vun der Press eng am Virfeld ënnerschriwwer Konventioun zum Duerchwénken an Approuvéiere virgeluecht huet, ouni dass déi 19 Conseilleren am Virfeld informéiert waren, dass sou eng Zesummenaarbecht sollt geschéien. Mir haten d'Konventioun natierlech am Virfeld absolut net gesinn. A ganz cocasse war et eeben, bon dass dat virdrun ëmmer sou gehandhaabt gouf, dass mer vill Saachen dohinner geluecht kréien, déi schonn ënnerschriwwer sinn, déi mer sollen duerchwénken, dat ware mer jo gewinnt. Mee hei war et extrem cocasse, well et grad déi Konventioun fir d'Förderung vun der participativer Demokratie zu Lëtzebuerg sollt sinn. A mir haten deemools gesot: Participativ Demokratie, déi fänkt fir eis hei am Sall un, mir 19 Representanten si gewielten, participa-

tiv demokratesch gewielte Conseilleren. A mir waren do net schrecklech frou, wéi dat gaange war.

Mee, ech soen all Schlechtes huet sai Gudds. A sief et vläicht well dee Moment d'ganz Oppositioun e kleng Gest gemaach hat, a gewisen huet, Stopp, dat dote fanne mer net ganz gutt, dass dat net sou leeft, wéi mir dat gären hätten. Oder ass et vläicht dass d'Aarbecht vun Uni.lu och scho gefrucht huet. Dass Participatioun och hei am Gemengerot muss méi konkret gehandhaabt ginn. Op jidde Fall, an de leschte Méit, presentéiert de Schäfferot méi oft am Virfeld, an engem informelle Gemengerot, virun der Gemengerotssitzung verschidde Projeten. A mir 19 kënnen eis dann am Virfeld zesummen déi Projeten ukucken, ullauchteren, driwwer diskutéieren, Froe stellen an eis Meenung soen an och eis eng Meenung bilden. An dat begrëisse mer mol explizitt. An dann eeben zur Konventioun mat der Uni.lu. De „Comité d'accompagnement sur le suivi du processus participatif à Dudelange“, dee gouf jo kreéiert, wat jo och an der Konventioun explizitt drasteet. An do si mer och ganz frou driwwer: Well och déi éischt Reunioun, déi war ganz flott. An déi Projeten, wéi z.B. d'Evaluatioun vun eise participative Projeten, dat ass ganz wichteg. De Biergerpanel, de Biergerforum, de Kannergemengerot, de Jugendgemengerot.

A mir hunn eis jo och gefrot, firwat een net och vläicht eng Kéier checke léisst, wéi mir, de richtege Gemengerot an deem groussen Diddelenger Prozess vun der participativer Demokratie dostinn. Dat ass vläicht och en Appell un Uni.lu. Vlächet och net nëmme Biergerpanel, Biergerforum, Kannergemengerot, mee och mol eise Gemengerot eng Kéier vu baussen ze belichten. Well ech fannen et ëmmer flott wann s de eng Approche hues vu baussen, da gëtt dat eng ganz aner Envergure. Mee mir begrëissen et explizitt, dass elo jiddweree verstanen huet, dass Biergerparticipatioun wichteg ass. Dass et awer net nëmme ëm Informatioun geet, mee ëm den Austausch. A mir sinn eis och bewosst, mir sinn am Ufank. Dat hu mer och gesi gehat, wou mer eis éischt Reunioun vum Comité haten. D'Froe sinn nach ëmmer déi selwecht. Wéi kann een de Bierger besser participativ abannen? Wat hätt de Bierger gär? Wat ass bis elo gutt gelaf? Wat ass net sou gutt gelaf? Maache mer just eppes fir eis no baussen ze bretzen, dass mer dat hunn oder menge mir dat eescht? Dat si wichteg Froen, déi gutt diskutéiert solle ginn. An déi Konventioun, déi hëlleft eis dobäi.

Ech denken och et ass gutt bis elo gelaf. An ech soen awer och, ouni Participatioun vun der Uni, hätte mir, de Schäfferot, dat och vläicht net eleng hikritt. Dat ass keng béis Remarque, mee ech denken de Bléck vu bausen an d'Begleedung duerch eng professionell, experimentéiert wëssenschaftlech Ekip ass d'Viraussetzung dass eis, bei alle Beméiungen déi mir heibanne hu fir den Diddelenger Bierger an den Entscheidungsprozess mat anzubannen och Erfolleg hunn. Ech si gespaant, wéi et weidergeet. Mir sinn op jidde Fall ganz positiv an där ganzer Saach. A virun allem dass mer den Thema participativ Demokratie mat Liewe fëllen. An d'CSV ass absolut prett, fir eng Hand mat unzepaken. A mir hoffen och dass et och an deem Sënn sou konstruktiv positiv weidergeet. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Madame Kayser fir deen exzellenten Exposé. Dat ass genau déi Richtung an déi ech och elo wollt stoussen, ech maachen et dann elo vill méi kuerz. Wéi mer d'Konventioun ënnerschriwwen hate war d'Opposition aus dem Sall gaangen. Dat war eeben net, datt mer net averstane wiere mat där Konventioun. Mir fannen dat eigentlech ganz gutt. Dat huet d'Madame Kayser jo och elo gesot, dass d'Uni d'Biergerbedeelegung begleet, mee eeben aus där bekannter Ursaach, déi elo beschriwwen ginn ass. Da geet et jo an dësem Addendum haaptsächlech ëm den Dateschutz an och d'Finanzéierung. Souwäit ech dat elo verstanen hunn, sinn dat 70.000.- Euro am Joer, déi mer do bezuelen. An dann hu mer jo och elo eng Persoun, déi agestellt ginn ass hei op der Gemeng, déi sech ëm déi ganz Auswäertung vu Biergerpanel a sou këmmert, an dat fanne mer och gutt. Well virdrun ass dat vum Service écologique iwwerholl ginn, an déi hu jo och wierklech genuch ze dinn. an dofir soll dat vun enger anerer Persoun gemaach ginn.

De Projet vum participative Budget, dat kann ee kucke goen, do si 24 Projeten erakomm. Den Internet-site, deen ass wierklech och ganz flott, en ass einfach a verständlech gehalen. An et kann een elo scho kucke goen, déi Projeten, déi evaküiert ginn, déi stinn da lo als non recevabel. Dat sinn der elo 13, ech weess net, ob d'Prozedur nach am Gaangen ass. Wat mir awer elo ganz wichteg fannen, dat ass, déi Leit, déi sech elo d'Méi gemaach hunn, eng Iddi eranzeginn, dass déi awer och erkläert kréien, firwat se net recevabel sinn. Kréien déi Leit dat schrëftlech heem? Mir géifen et souguer besser fannen, wann dat ëffentlech géif erkläert ginn, fir och vläicht déi Joren duerno, dass een net eppes freet, wou d'Gemeng net zoustänneg ass. Dass d'Ursaachen och erkläert ginn, firwat dass e Projet net ka recevabel sinn. Voilà, dat war nach meng Fro. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Ech hunn och elo viles a menge Notten duerchgestrach. D'Madame Kayser an d'Madame Heinen hunn d'Sache gesot. Ech wollt dat och vum Budget participatif soen. Effektiv geet et dann elo haaptsächlech drëm, de Budget participatif an den RGPD bäizesetzen. Vun der Zomm hir ass et keng grouss Erhéijung. Ech hunn elo éischter 68.000.- Euro gesinn, dat läit da méi no bei der Madame Heinen. Fir mech ass dat e bëssen abstrakt, an ech weess net wierklech, wat fir déi 68.000.- Euro gemaach gëtt. Ech hoffen dass déi Leit et wëssen, déi et maachen, an d'Konventioun ënnerschreiwen. Wann ech eppes net kann upaken, da weess ech net sou wierklech, wat do ass. Ech stelle mer allerdéngs d'Fro, do schafft den Här Kies um Dossier, dann ass e Student 40 Stonnen d'Woch do an en plus hu mer jo och nach eng hallef Tâche agestellt. Do froen ech mech, ob dann elo do vill méi gelescht gëtt. Bon, duerch de Projet vum Budget participatif fält natierlech méi Aarbecht un. Ech hunn do net wierklech e gudden Duerchbléck. Ech hunn do just eng kleng Fro, well ech gekuckt hunn, wat an der Konventioun sou alles drasteet, an do gëtt vun engem Comité de suivi geschwat, dee sollt agesat ginn. An do war am Ufank den Här Kies dran an dann eng Persoun vum Schäfferot. An do stoung awer dass dat kéint op 6 Memberen erhéicht ginn. An do wollt ech froen, ob dat gemaach ginn ass an ob dee Comité de

suivi fonctionéiert? Ob et dee gëtt? Ob dat eppes reegelméisseg ass? Ob et do e Rapport gëtt oder sou? Voilà, dat war am Fong just meng Fro. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn dann nach just zum Schluss e puer Remarquen ze maache vun eiser Fraktioun. Mir géife gärén hei eppes kloer erklären. Mir si fir eis hei an enger ganz klarer Logik. Dat wat hei lo passéiert, dat ass, datt dës Majoritéit d'Biergerbedeelegung ganz eescht hëlt. Mir haten dat an eisem Walprogramm stoen, dat ass an d'Schäfferotserklärung stoe komm, dat ass dat wat lo hei zu Diddeleng säit Jore gemaach gëtt an dat op allen Niveauen. Sief dat Kannergemengerot, Biergerpanel, Biergerforum. Ech ginn elo net méi op alles an, mee ech mengen d'LSAP hëlt hei d'Biergerbedeelegung ganz eescht. An dat weist och elo déi professionell Begleedung. Och wann een dat net ka sou upaken, mee dat ass eppes ganz Wichteges. Dat ass deen Austausch mat de Bierger, dat ass deen Austausch mat der Bevölkerung, an ech wëll elo net soen dat ass eng Sisyphus-Aarbecht, virun allem muss een och dora wuessen. Dat ass eppes, wat eis Bierger vläicht et bësse verléiert hunn, wat awer ganz wichteg ass fir ze léieren, sech erëm um Entscheidungsprozess ze bedeelegen. Fir dës Majoritéit war et och wichteg, sech professionell begleeden ze loosser.

Well, jiddwereen huet seng perséinlech Meenung zu Villem, mee wat net därer sinn, dat ass dat ee mengt, jiddwereen hätt déi eenzeg Wourecht gepacht. Dofir brauch een och am ëffentlechen Diskurs professionell Begleedung, fir eeben de Bléck vu baussen op eppes ze leeën. Datt och déi Erkenntnisser, déi do gewonne ginn, op enger wëssenschaftlecher Basis stinn, fir datt ee se ka richteg auswäerten an dann och déi richteg Schlussfolgerungen zéie fir déi Joren, déi kommen an iwwerhaapt, fir d'Projeten ëmzesetzen. Mir sinn natierlech ganz frou iwwert dee Succès. Et si 24 Projeten ageerecht ginn. An dofir felicitéiere mer nach eng Kéier all déi, déi un dësem Prozess bedeelegt waren. Fir et nach eng Kéier ze soen: dëst ass eng kloer politesch Decisioun a politesche Wëllen, deen hei exekutéiert ginn ass vun dëser Majoritéit fir sou ze schaffen mat de Biergerdobaussen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Jo, ech sinn och frou, dass Dir heibanne bliwwen sidd, fir ze diskutéieren. Dat ass effektiv vill méi eng flott Aart a Weis zesummen op engem interessante Projet weiderzekommen. An et ass effektiv en „ongoing process“, wou mer hei lancéiert hunn, an et ass, wéi d'Madame Kohn elo gesot huet, mat ganz vill Aarbecht verbonden. Aus der Distanz ass dat heiansdo schwéier anzuschätzen, wann déi verschidde Gremien zesummekommen, dann ass et jo net nëmmen d'Diskussioun deen Owend oder deen Nomëtte selwer, mee et ass och ganz wichteg, e Suivi hannendrun ze maachen. Engersäits fir déi Participanten, déi do matgemaach hunn, sief dat am Biergerrot, am Biergerpanel oder hei am Budget participatif, fir déi au courant ze halen. Dir hutt et selwer haut de Moien hei gesot, et ass wichteg, d'Leit bäi der Staang ze halen, a mir bleiwen um Rudder mat hinnen, wa mir hinnen erklären, wat ka vun hiren Iddien ëmgesat ginn, bezéiungsweis wat och net. Do ass et

ganz wichtig, dass d'Leit och verstinn, firwat deen ee Projet konnt zrëckbehale ginn, fir elo nach eng Kéier beim Budget participatif ze sinn, oder och net. Dat gëtt engersäits schrëftlech gemaach, anerersäits awer och iwwer Telefon. Also de perséinlechen Austausch ass do wichtig. Sief et lo d'Vania, wat an deem Service tätig ass, sief et mat deenen zoustänneg Servicer, dass se do och déi kompetent Erklärungen hannendru kréien. Dat ass ee ganz wichtige Volet, deen natierlech zäitintensiv ass.

An da kommen ech erëm op d'Konventioun zrëck. Dofir ass et och wichtig, dass d'Vania sech ënnerstëtze léisst, engersäits vum Här Kies, anerwäerts ass nach d'Madame Chirkova wou nach mat dobäi ass, si hutt der och schonn déi eng oder aner Kéier kennegeleiert. An och de Student, well wierklech ganz vill Aarbecht uläit. Fir Diddeleng, awer net nëmmen. Dir wësst datt an deem dote Kader un enger nationaler Plattform geschafft gëtt, an do ass d'Uni un eis erugetrueden, well mir als Diddelenger Gemeng awer Virbildcharakter fir Lëtzebuerg hunn an dofir maach mir déi dote Kooperatioun zesummen. D'Haussen, dat ass am Fong dat, wat d'Uni aus hire Ressources humaines matdeelt, wat déi Leit kaschten. Do huele mir dat 1:1 op an deene Karriären, déi do bei hinnen agestellt sinn. Bei deem engen ass effektiv méi eng héich Karriärenhausse wéi bei deem aneren. Mee dat sinn hir Ressources humaines, déi eis dat sou matgedeelt hunn. An nach eng Kéier de Rappell, et ass haaptsächlech den Dateschutz am Kader vum Budget participatif, wou hei deen Addendum néideg gemaach huet. Ech hat virdru vergiess ze erwähnen, dass déi Donnéeë fir 5 Joer gehale ginn. Et ass och kloer preziséiert, wéi se gehale ginn a wat domadder gemaach gëtt. Wéi gesot, no 5 Joer ginn déi geläscht. Fir de Rescht, wëll ech nach eng Kéier op de Budget participatif zrëckkommen. Mir waren op 21, mëttlerweile si mer op 24, well et bei 3 net ganz kloer war, ob se géifen zrëckbehale ginn oder net.

An de Comité de suivi ass net méi spéit wéi gëschter zesummekomm. Mir hunn e puer där Comitéen, et gëtt e Comité, deen e bëssen d'Konventioun am A huet, dat ass deen e bësse méi kleng Comité. An dann hu mer de Comité d'accompagnement, dee mer an d'Liewe geruff hunn, wou dann och d'Vertrieder aus deene verschiddene Parteie mat dobäi sinn. A mer hunn de Comité de suivi, wou engersäits d'Uni, dann déi politesch Responsable, d'Vania natierlech an déi verschiddene Leit aus de Servicer dobäi sinn, déi déi Projeten, déi eragereecht gi sinn analyséieren, no Récksprouch mat deenen, déi se eragereecht hunn. Dat heescht, do huet am Virfeld schonn en Austausch mat deene Leit stattfonnt fir dass mir och richtig verstinn, wat se menge mat hire Projeten. Bezéiungsweis hunn d'Leit och net ëmmer déi néideg Informatiounen an d'Käschtenaschätzung ass fir d'Leit ëmmer schwéier. Dat heescht, do hu mer eis dann och beroden an do sinn déi Projeten dann elo zrëckbehale ginn.

Bei verschiddener war et scho kloer, dass se net konnten am Kader vum Reglement stattfannen, aus ënnerschiddlechen Ursaachen. Zum Beispill dass d'Gemeng einfach net déi Kompetenz huet, fir doriwwer ze decidéieren oder dass e Projet proposéiert ginn ass, deen

net op engem Gemengenterrain stattfonnt huet. Dat hunn d'Leit dann erkläert kritt an dat gëtt dann herno och ëffentlech propper sou duergestallt, fir dass een dat kann novollzéien. Et sinn nach e puer Projeten, wou nach an der Schief sinn, wou mer net wëssen, ob mer se dierfen zrëckbehalen oder net. Wann déi Diskussioun ofgeschloss ass, da ginn déi Projeten zum Vott gestallt an dat wat votéiert gëtt an am Kader vun där Enveloppe vun 100.000.- Euro bleift, gëtt dann natierlech och d'nächst Joer à court, moyen oder long terme ëmgesat. Da spieren ech awer hei eraus, dass Der alleguer dofir sidd an da géif ech dem Buergermeeschter nach d'Wuert gi fir den Ofschloss. A vu menger Säit aus op jiddwer Fall e grouse Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Loris. Als Buergermeeschter zum Ofschloss wëll ech just nach soe par rapport zu där Remarque, déi gemaach gouf zou der Konventioun vum LISER, dass mer do eng generell Klausel hu vu béide Säiten an där dote Konventioun, wou mer Referenz maachen op d'Gesetzgebung vun der Protection des données. Do si mer gutt. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Addendum averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

Da wollt ech de Gemengerot froen, vu dass mer Intervenanten dobaussen hunn, déi op eis waarden, ob ee kéint de Volet ronderëm de Forstplan virzéien? Respektiv och ronderëm CIPU a Pacte Logement. Ass dat fir lech OK? Merci.

4.12. Modifikatiounen vum Kapitel XXXVIII – Verkaf vu Brennholz an Holz am allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da wëll ech eise Fierschter, de Guy Rassel, wëllkomm heeschen. Mir haten zwee Punkten, engersäits de Forstplan an anerersäits och d'Tariffer, wat d'Vente vum Holz ugeet. Fir déi zwee Punkte ginn ech eisem Ëmweltschäfften, dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Éier mer bei de Forstplan kommen, komme mer nach bei den Holzverkaf. Dat ass en Dossier, dee mer scho laang net méi am Gemengerot haten, mir mussen et awer dës Kéier an de Gemengerot huele well do ass en neien Artikel bäikomm. Dat ass den „Tarif pour la vente de bois brut“, dat ass en neien Tarif, an dee musse mer dann duerch de Gemengerot goe loosse, vu dass et eng Tax ass. Mee ech loosse dat awer de Fachmann erklären. Vu dass ech keen Holz brauch, weess ech och net, wou ech mech do muss uleeën an Dir bestëmmt och net, dofir géif ech virschloen, dass mir dat vun engem Fachmann da besser erkläert kréien.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Gudde Moien, et ass ganz einfach sou, bis elo gouf et keng Base légale, vu datt all fossil Energieträger an d'Luucht gaange sinn an och d'Holz sech elo op eemol quasi verduebelt huet, d'Brennholz, ass eng grouss Demande komm vun der Populatioun, wou selwer wëllen an de Bësch Holz maache goen. Wou dat, wat mir haen, wou wëllen nach d'Reschter opafen. An dat ass och bei mengem Virgänger deelweis gemeet ginn. Mee ech hätt awer léiwer, wéi an anere

Gemengen och, datt mer et am Taxereglement dran hunn an datt mer do e Präis drop setzen. Net datt elo eng Onmass vu Leit wëll Holz rafe goen, well mir hunn och Verpflichtunge vis-à-vis vum PFC-FSC fir d'Zertifika-tioun, wou och en Deel Holz muss leie bleiwen. A sou kréien ech dann och net virgeworf, dass ech engem méi ginn hunn oder manner. Da gëtt dat gemooss an da gëtt dat iwwert eng Facture ausgestallt. Houppiers, dat ass dann d'Krounenholz, oder z.B. Laangholz, wann et elo e Stamm ass, wou de Bam ëmfällt, an d'wëll een deen, da kënne mer deen elo engem gi mat dem Präis, deen hannendru steet. Dee Präis deen hu mer net einfach sou geholl. Deen ass geholl ginn iwwert dee Kontrakt, wou d'Verwaltung all Joers ofschléisst mat Kronospan a mat Bocohadem, wou d'Laangholz verkaf gëtt. Do gëtt all Joers en neien Tarif verhandelt an do hu mer deen Tarif dann iwwerholl. Dann ass dat och elo fir jidderee kloer.

Bis elo hunn ech eng Demande vun 12 Leit, déi wëlle selwer an de Bësch goen. Dat se Beem selwer ëmmaachen, dat hate mer och alt dass se kleng Staange selwer ëmgemeet hunn, dat wollt ech elo net, och aus Sécherheetsgrënn wann een eleng geet. D'Bëschaarbechter bei eis dierfen och net eleng schaffen. Da leeë mir se ëm an da kënne si do hiert Holz kleng schneiden. Mir hunn dat do elo just dobäi gesat, fir eng Base légale ze hunn. Fir de Rescht, den Holzpräis selwer, do hate mer mat der Gemeng geschwat, datt mer dee Präis da loosse. Well alles méi deier ginn ass géif een deen och loosse wéi déi Jore virdrun. Deen ass och ofgeschwat mat den Nopeschgemengen. Do leie mer bis op e puer Euro beieneen, fir datt mer do net eng Konkurrenz schafen tëscht verschidde Gemengen. Prioritär, dat steet och dran, ass et fir d'Diddelenger Awunner. Dëst Joer hu mir dat och strikt sou gemeet. Et ware verschidder, déi e Geschäft hei hunn oder sou. Vu datt d'Demande méi héich war wéi mer Holz haten hu mer dat sou strikt agehalen. Voilà, dat war fir d'Taxereglement.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Also ech hu mer dat ugekuckt an et ass jo och elo eng Ännerung, dass een nëmme méi 4 Stär bestellen amplaz 8 Stär ass mer opgefall. Dann, wa Leit an de Bësch Holz oprafe ginn, wëssen d'Leit da wou se dat oprafe ginn? Well et gi jo och nach privat Bëscher? Et kann ee jo net einfach an de Bësch goen an do Holz oprafen. Op eemol ass ee vläicht an engem private Bësch gelant. Dann hu mer jo och e Formulaire online, wou ee kann dat Holz bestellen. Do steet och drop, dass et frëscht Holz ass an dass een dat mol nach muss e Joer stockéieren. Ech fannen dat ganz wichteg, dat kéint ee souguer nach fett maachen. Et ass sou eng Demande wierklech. Ech ginn och lénks a riets ëmmer vu Leit gefrot: „Wou kréien ech Holz?“. An da mengen d'Leit elo kréie se et hei vun der Gemeng, an da kënne se et direkt verbrennen an dat ass jo immens schiedlech, wann een naasst Holz verbrennt. An dann, hei ass nach fir 2022 am Internet. Kann een och scho fir 2023 bestellen? Wéini kënnt de Formulaire fir dass ee sech do scho kann androen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Jo, Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Eng kleng Remarque dozou: Ech fannen dat och gutt, dass een dat ka limitéieren, well et gëtt och Helden, déi da méi bestellen an da weiderverkafen. Et geet jo och drëm, dass Diddelenger Bierger dat kréien zu deem verstännege Präis. Wann et net eropgeet, da soll et och sou bleiwen an et soll och da konkret benotzt gi fir déi, déi et och brauchen an net fir dann nach déck Geschäfte ze maachen.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Genau. Also fir op déi éischt Fro zrëckzekommen, wéi dat ofleeft. Am Prinzip ruffen d'Leit mir un, do ass e Bam ëmgefall, kann ech deen huelen? Mir si jo just zoustänneg fir Gemengen- a Staatsbëscher. Dat heescht, ech kann och just do e Bam verginn. Do gëtt och nach e Kontrakt ënnerschriwwen vun der Zertifizéierung. Do ass och d'Parzell genau drop an do ass eng Kaart hannendru mam genaue Punkt, wou en dierf säin Holz do rafen. Et muss jo och e Schlëssel ginn. Do ënnerschreift en och, dass e sech un d'Sécherheetsbedingungen hält, dat heescht e muss eng Schnitsschutzbox, en Helm a Schnitsschutzschung unhunn. Dat ass scho strikt reglementéiert. En plus huet en dann och nach d'Facture, wou e bezuelt huet op der Gemeng.

Da mam Holz, effektiv ass dat op 4 Stär erofgesat ginn, och schonn dëst Joer, well mer gesinn hunn dass d'Demande enorm war a well mer awer wollte méi Leit liwweren. Wa lo jiddereen 8 Stär bestellt, da kënne mer nëmme d'Hallschent liwweren. Du hu mer et op 4 erofgesat. Dat ass dann eng Basisversuergung an de Rescht kënnen d'Leit sech dann am Privaten an de Geschäfte zouleeën. Effektiv mat 8 Stär, et si Leit, déi hëtze vläicht méi mat Holz, mee et geet awer duer, notament fir deen dote Präis, als Basisversuergung ass dat scho vun der Gemeng en immense Gesten un hir Bevëlkerung. Ganz kritt een dat elo net eraus, ob dat elo weiderverkaaft gëtt oder net. Meng Jonge soe mer och alt sou Tippen an deen aner Dag ass et scho fort. Mee dat ass awer elo ze opwänneg, fir do jiddwerengem hannendrun ze lafen.

Fir d'Holz ze bestellen, de Formulaire war fir 2022. Deen nächsten dee gëtt déi 2. Woch Januar online gesat. An déi éischt sinn da vir: Wéi dëst Joer och. Do konnte mer net jiddweree beliwweren. Mee do mussen d'Leit och Verständnis hunn, dass mer net am Bësch hae just fir Brennholz ze produzéieren. Do soll jo nach eng Kaskadennotzung hannendru sinn, wou ee fir d'éischt kuckt fir dat schéint Holz aneschters ze gebrauchen an de Schräinereien oder sou. An dat wat net sou schéin ass, ass an d'Brennholz hei gaangen an an d'Pabeierholzfabrik oder bei Kronospan fir Spanplacken ze maachen. Mee do kommen ech am Plan de gestion nach eng Kéier drop zrëck.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech proposéieren dass mer dat Taxereglement ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An da géife mer iwwergoen op de Forstplan.

5. APPROBATION VUM FORSTWIRTSCHAFTSPLANG FIR DEN EXERCICE 2023

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Dir wësst mir hunn de Fortswirtschaftsplan hee um Ordre du jour. An dat Dokument huet sech am Laf vun de Joren nach net geännert. Do ass och keng Besserung an Aussicht. Dofir hu mir dann als Ëmweltkommissioun de Fierschter invitéiert, mat lech dann eng Forstbegehung ze maachen. Dëst Joer am Oktober si mer an de Wal gaangen – do gëtt jo d'Ëmweltkommissioun plus de Gemengerot invitéiert – fir dass mir dat Dokument, wat Der haut hei virun lech leien hutt e bësse méi mat Liewen erfëlle kënnen. Eise Fierschter huet eis do mat där néideger Kompetenz duerch de Wal gefouert, an haut musse mer dann dee Forstwirtschaftsplan stëmmen an dofir huet de Fierschter sech och bereet erkläert fir eis an enger klenger kuerzer Presentatioun dat administratiivt Dokument awer e bësse méi no ze bréngen.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Ma da komme mer zum Plan de gestion fir d'Joer 2023. Nach eng Kéier kuerz, wéi d'lescht Joer och, wou méi aussergewöhnlech Aarbechte stattfanne wäerten am Laf vum nächste Joer oder elo am Wanter. Dat ass eng Kéier am Wal, do ass hannen eng Parzell, wou Eschen dropstinn, déi ginn eis quasi alleguerte futti. Déi nëtze mer och elo. En Deel kënnen mer stoe loossen als Totholz, mee de gréissten Deel wëlle mer awer och do notzen. Sief et als Brieder schneiden oder Brennholz. Da Stroosse securiséieren. Dat kënnt ëmmer méi, well eeben den Zoustand vun eise Bëscher net dee beschten ass. Notamment d'Route de Zoufftgen, déi Richtung Zoufftgen geet, déi musse mer lo deemnächst op de Leescht huelen. Da probéiere mer, iwwerall wou mer Echebestänn hunn, och mat deenen Eechen eng Verjüngung hinzekréien. Dat heescht datt vun deem Som de Bësch sech rëm erneiert. An dat ass dann notamment am Wal, da wou d'Wëldebréck hikënnt an der Där an am Parc Le'h hu mer dat och schonn ugefaangen a wëllen dat och ausbauen. Momentan, wéi d'Natur sech entwéckelt, wa se am Stress ass, mécht se och vill Som. Dat heescht, vun där Geleeënheet musse mer dann och profitéieren, fir dass mer och kleng Eechen eropkréien. Dann och nach eng kleng Duerchforstung am Parc Le'h. Dat si méi kleng Bestänn, tëschent 15 an 20 Duerchmeesser, wou mer e bëssen oplichte fir dass déi Beem hir Kroune kënnen besser developpéieren, méi eng grouss Kroun kréien an dann och deen Ament méi resistent si wa se méi Photosynthes kënnen maachen. Da si mer nach am Gaang am Tilleweier, och Richtung Zoufftgen, do hu mer schonn ugefaangen an dat wäert dann nach weidergoen dee Projet. Dat erklären ech lech gläich nach eng Kéier. An eeben d'Traitement vum Eicheprozessionsspinner an der Le'h, wou mer da musse kucken, ob et noutwenneg ass oder net.

Eng Kéier e kuerzen Iwwerbléck. Hei si mer bei der décker Eech, dat ass dee Laftour ronderëm de Sender. 2018 huet dat nach esou ausgesinn. Dat ass en Nolzholzbestand, ënnen. An 2021 gesitt Der all déi méi gro Punkte riets am Bild. Dat ass dat wat futti ass. Dat heescht, dat ass relativ séier gaangen. Dat do si lo



haauptsächlech Nolenholz, wat net onbedéngt adaptéiert ass op dee Standuert, mee dat hu mer uechtert d'ganzt Land an notamment fänkt et och u mat de Buchen. D'Erklärung ass d'Erwärmung. Immens waarm Joren, wou net vill Nidderschlag war, an da kommen déi an e Stress hydrique wou se sech net méi genuch kënnen versueren an an deem och dofir d'Kräften erofginn. Et ass och elo en neie Bericht iwwert de Gesondheitszoustand vun de Bëscher erauskomm. Do gesitt Der och ënnen, 13 – 18% nëmme vun de Beem am Land weisse kee Schued op. A 50 - 54% si Beem, déi staark endommagéiert sinn. Sief et duerch Pilzen oder eeben duerch d'Drëschent bedéngt, dass se sou ofgeschwächt sinn. Hei gesäit een dat am Tableau nach besser. Dat do ass iwwert d'ganzt Land. 1990 waren nach 60% vum Bambestand zu Lëtzebuerg als gesond ouni Schied, an haut leie mer da bei 16% just nach, wou keng Schied opweisen. Bon, da ginn et nach e puer Erklärungen. Dat ass relativ komplex, well eise Bambestand ëmmer méi al ginn ass. Dofir dann och méi Beem déi ofstierwen. Mee et weist awer kloer, dass 2019 do nach eng Kéier e Sprong komm ass, wou d'Beem gelidden hunn. Déi ënnescht Kolonn, dat ass nach eng Kéier d'Bamaarte selwer. Do gesäit een datt Résineux, déi hunn do 2018-2019 immens gelidden. An d'Buch fänkt och elo un immens krank ze ginn, eeben duerch de Waasserhaushalt. A well se op Plaze steet, wou leemege Buedem war, a soubal deen ausdréchent, d'Buch ass keen Tiefwurzeler, déi ass e Flachwurzeler, a da ka se sech net méi genuch domadder versueren.

Dat war allgemeng. An da komme mer lo op dat, wat virgesinn ass fir ze haen zu Diddeleng an Ärem Bësch. Parc Le'h hu mer erausgeholl, dat rechne mer ni mat als Wirtschaftsësch oder wou ee kann Holz ernten. Insgesamt wësst laut Berechnungen 1900 m³ no, an et kann een der 1300 notzen. Dat misst ee vläicht och elo mol nach eng Kéier a Fro stellen. Well mat deene waarme Jore wësst eiser Usicht no och net méi grad souvill no. Dat do sinn Donnéeën aus dem Plan d'aménagement. All 10 Joer gëtt do en neie Plan d'aménagement gemeet an déi Berechnungen dann och, mee déi si vläicht net méi um leschte Stand. Dofir huet d'Verwaltung och gesot, et däerf maximal 60% vun der Possibilitéit géiernt ginn. An hei zu Diddeleng kucke mer, datt mer nach e bëssen do drënner leien. Hei gesitt Der dann wat virgesinn ass, wat da sou ofgehae gëtt. Hei sinn dann déi schéi Stämm, wou dann an d'Seeërei ginn am Prinzip oder notamment lo hei zu Diddeleng selwer genotzt ginn. Do geet de gréissten Deel de Moment an d'Brennholz bei lech. Virgesinn ass eng 580 m³ da fir d'nächst Joer ze haen, bei 1300 m³ wou mer kéinten ernten. 2022 waren et 320 m³ wou elo an d'Brennholz

verkauf gi sinn. Eist Taxereglement, dat kënne mer jo iwwerspringen, dat hate mer jo lo grad.

An hei ass dann nach eng Kéier Bois de chauffage. Dëst Joer am Verglach zu deene Jore virdrun. Dëst Joer ass d'Demande, wéi scho virdrun erkläert, immens explodéiert. Dat wat mer konnte liwweren hu mer geliiwert. A mer hunn och weider keng Coupe gemeet, dat Holz gouf alles laanscht d'Weeër vu Securisatiounsmoossname gouf dat gefält an do zu Brennholz weider veraarbecht. Och déi déck Stécker ënnen, do war de gréissten Deel och net méi gutt fir weider ze verkafen. Do gesitt Der déi Jore virdrun. D'lescht Joer waren et 260 där wou verkaaft goufen an dëst Joer si mer op 457, d'Demande ass enorm am Moment. Wat richteg ass mam dréchenen Holz. Effektiv, wann d'Leit et naass verbrennen, da geet mol immens vill Energie fort fir d'Waasser ze verbrennen, fir dass d'Waasser verdonst a wat uewen dann zum Kamäin erauskënnt ass vun den Emissiounen hir net dat Bescht wann et keen dréchent Holz ass. Mee dat ass awer fir eis net méiglech, dat ze maachen, well da misst ee Rise-Lageren hunn, wou een dat iwwerdaacht kéint stockéieren. Oder et misst een et mat Energieopwand dréchen. Mee dat wollte mer als Gemeng elo net. Da mussen d'Leit et eeben e Joer doheem leie loossen an dann ass et och dréchen. D'Gemeng huet elo och eng mobil See kaaft. Déi kënnt da vläicht d'nächst Joer.

Dat do ass gëschter gewiescht an haut gëtt et op der Affilux op eisem Site geschnitten. Dat do ass eng Esch zum Beispill. Déi ginn dann zu Brieder geschnitten an am Ament stockéiert, well d'Schreinerei och wëll méi Holz hei aus der Stad notzen. Mee si notzen am Prinzip dréchent Holz, an dee Präis ass jo sou explodéiert, datt mer gekuckt hunn ob mer net kënne wierklech Stécker vun hei och innerhalb vun der Gemeng notzen. Notamment wa Bänken an d'Rei gesat ginn oder aner Saachen. Dir hutt eng ganz Aarteielfalt. Do uewe riets am Bild, dat ass elo eng Kiischt. Eschen, Eechen, dir hutt vun allem. Da schneide mer déi op, leeë se op d'Säit, datt se kënne dréchen an d'Schräinerei kann dat dann an den nächste Jore verschaffen a muss net fir deiert Geld Holz akafe goen. Do hate mer e Schneidbriet gemeet. D'Bänke ginn aus eisem Holz gemeet. Do ass de Wal, déi Plaz hu mer mol an d'Rei gesat virum Haischen do. An do ass an der Waldschoul och eng Plaz, den neie Projet, wou d'Kanner da kënne Feier maachen dertëscht a sech hisetzen. Also vill Holz vun der Diddelenger Gemeng geet net méi fort. Een Deel dat ass jo da Brennholz, an deen aneren Deel, do probéiere mer bei deene Stämm wou ufalen, wat der net vill sinn am Moment, datt mer déi selwer opschneiden a fir d'Schräinerei oder eis Konstruktiounen an Zukunft wäerten notzen. Do kritt e Punkten am Naturpakt, wann ee vill Holz selwer notzt. Do kommt der da gutt ewech.

Naturschutz. Do ass de Projet Tilleweier. Dee war d'lescht Joer och schonn dran. Do gouf elo domat ugefaangen. Just nach eng Kéier fir ze erklären: Do ass dee gradlinnege Baachlaf, deen de Moment sou ausgesäit. Dee soll da meandréiert ginn, fir dass en nees e bësse méi natierlech ass, wéi dat fréier eng Kéier war. An och déi hybrid Pëppelen, déi do stinn, déi net eenheemesch sinn, déi hu mer elo ewechgeholl. Dat war exzeptionell,

well dat eng immens naass Plaz ass, mee mat deem dréchene Summer konnte mer elo dovu profitéieren am Hierscht direkt do eng gréisser Coupe ze maachen. Et ass drëms gaangen, dass mer herno eng Forêt alluviale hunn, wou u sech gréisstendeels Alenter stinn an déi hu mer och stoe gelooss, just d'Pëppele goufen erausgeholl, dass dat sech dann zu engem Erlenbruchwald wäert entwéckelen. Sou ass et och am Plan de gestion vun Natura2000 virgesinn. A wou mer op de Plaz waren, du hu mer och festgestallt, de Weier, dee war ganz gréng, dee war ganz zou. Du hu mer gekuckt, wat dat wier. Dat ass Myriophyllum, eng Planz déi u sech, denke mer daatt wa Leit Fësch am Aquarium hunn a si ginn ze grouss oder wat och ëmmer, se geheie se an de Weier mam Waasser, da breet déi sech relativ séier aus. An dat ass eng invasiv Planz, wou een och soll dergéint virgoen. Déi ass elo mat der Hand erausgeholl ginn. Mir musse lo kucken, wéi mer dat an deenen nächste Jore maachen. Dat ass immens opwänneg, mee do bleiwe mer dann och hannendrun. Dat ass haaptsächlech a steeënde Gewässer, wou dat sech entwéckelt, an enger Baach, do net.

An dann hu mer an der Le'h och de Laurier. Déi Lauriersstäck déi do iwwerall wuesse vermehren sech och immens séier, eng invasiv Planz, do wäerte mer kucken, datt mer déi eraushuelen. Da probéiere mer d'Eechen, déi och besser mam Klimawandel eens ginn ze fërderen. Eent ass jo dann de Wëlddrock wou mer hunn an do musse mer dann entgéintwierke mat Hordengatter nenne mer dat, wou dann innerhalb vun deene Gattere kee Wëld drukënnt, notamment d'Rei net. Fir datt déi Eechen och kënne opwuessen. Dann d'Bëschweeër, soss hu mer en Deel mam Päerd geméit, dëst Joer goufe se alleguerte mam Päerd geméit. An do huet och eng Parzell ënnert dem bloe Klapp bei der CFL Richtung Zoufftgen, do ass da lo eng Foto vun der Haard. Gëschter si se dohinner gaangen, do huet d'Gemeng och do eng Parzell vum Staat, wou mat Ardenner Schof beweed gëtt. D'Securisatioun, dat ass dee gréisste Käschtepunkt, an dee gëtt och ëmmer méi. Vun de Weeër, vun de Bëschweeër, vun den Infrastrukturen déi mer hunn, d'Waldschoul, d'Spillplazen, d'Stroosse selwer. Vu que datt d'Beem leiden hu mer do ëmmer méi Aarbecht a si gi vill méi séier futti. Dat heescht, et ka sinn, datt mer do 2 – 3 Mol d'Joer intervenéieren.

An da gëtt et de Bamkadaster, wou mer d'Aarbechten ugefaangen hunn. E soll och erweidert ginn an der Le'h op all déi aner Strukturen. Dann och op de Kloterpark. Da kafe mer och en Equipement, datt mer dat propper kënne dokumentéieren, well am Fall wou eppes géif geschéie kënne mer d'Dokument eraushuelen, wéini mer wat op wéi enger Plaz gemeet hu fir sou kënne am Fall wou et eng Kéier géif zu engem méi schlëmmen Accident kommen, datt mer kënne virweisen, datt mer eist Beschtméiglechst gemeet hu fir kënne all Accident do ze evitéieren.

D'Aarbechter musse mer och besser ekipéieren. Do kafe mer lo Funk, dat ass relativ deier. Mir haten och e puer Modeller probéiert, mee et muss ee quasi deen deiersten huelen, fir dass dat och fonctionéiert, well wa mir ofspären, souwuel op der Strooss wéi am Bësch, d'Leit ginn awer alt derduerch a wann en Aarbechter

am Gaang ass, e Bam ze fällen, do kënnen déi aner och jäizen oder mir, mee dir kritt dat net méi mat mat der Motorsee. An do musse mer elo eebe kucken datt deen e Funk am Helm huet. Dat gëtt et. Dat gëtt och an anere Gemenge sou gemeet. Datt mer do kënnen reagéieren. Well d'leschte Kéier war et kuerz virun engem Accident. Do koum e ganze Grupp Vëloen an de Bam war schonn ugeschnidden a sollt falen. A fir och dat dann ze evitéieren, wann d'Leit sech net drun halen, equipéiere mer se dann och mat deem Material.

Dann och fir d'Gemeng, fir de Service Jardinage an de Parken demontéiere mer d'Beem oder d'doudeg Äscht eraus, well mer do zwee spezialiséiert Aarbechter hunn. Hei gesitt Der an der Le'h, et geet immens séier: Innerhalb vun zwee Méint sinn erëm Beem bäikomm. Oder am Wal, wou mer laanscht de Wee da guer keng Blieder méi hunn, wou Champignonen drop sinn. An et ass net, datt déi sou stoe bleiwen. Dat gesitt Der hei, dat ass hannert dem Altersheim, bei der Le'h. Dee Wee, deen do rop geet, do ass e Risenaascht do am Summererausgebrach vun enger fir mech ganz gesonnter Eech, déi ganz vital ausgesinn huet. Dat gëtt et elo ëmmer méi uechtert Land. Déi Jore virun hu mir dat ni sou zur Kenntnis geholl. Deen do ass elo hänke bliwwen op den Äscht. Mee wann do ee geet, dann huet en net méi ganz vill Chance. Dat do ass uewe ronderëm de Sender.

Dann den Eicheprozessionspinner, do gëtt et och en neie Moment. Mir ginn dovun aus, datt et dëst Joer e bësse manner war. Fir déi nächst Joren huet de Ministère elo virginn, datt nach just där gesprézt gi wann e Monitoring gemeet gouf. Dat krute mer elo pour Information a mir waarde lo drop, dass si eis e Büro soen, wou een de Monitoring ka maachen. Dat ass d'Eigelege uewen, do musst ee mat engem Steiger an d'Kroun fuere fir ze kucken, wéivill Eeër op deene Beem sinn an da kann een eng Schätzung maachen, ob elo vill Eicheprozessionspinner sech wäerten entwéckelen oder net. Wann dat sou ass, da kann erëm gesprézt ginn, mee wann dat net muss sinn, da wäerte mer och net sprézen, well dat ass net d'Zil dovun. An do kennt och nach e Projet eran iwwert de Budget participatif fir Nistkästecher fir d'Meis ze maachen. Dat kennt der roueg maachen, ech hat den Avis och sou weiderginn. Eng 70 Stéck waren der ugefrot, dat ass och machbar. Mir kucken dann, dass mer se aus eise Holz maachen. Dat bréngt elo net déi Populatioun vum Eicheprozessionspinner ganz zum Abroch, well se friesse se just am éischten an am zweete Stadium. Mee et kann op alle Fall eppes hëllefen. Schuede mécht et sécher näischt. Voilà, de Monitoring hunn ech gesot. Dann d'Recreatioun. Wéi ëmmer wa fir Visitten Demanden do sinn, maache mer déi.

Da fir d'Schoulen, do kréie mer ëmmer méi Ufroer fir all déi Saachen ze maachen, Kleesercher a wat och ëmmer. Bis elo maache mer dat nach op Demande. Deemo wat eis Aarbechter grad ze dinn hu kënnen mer dat sou weiderféieren. Bis op e gewëssene Seuil, mee da musse mer et limitéieren. Voilà. Da mat deenen aneren Organisatiounen schaffe mer zesammen. Mir haten och elo probéiert, datt net ëmmer Saache gemeet ginn déi d'Leit herno doheem ewechgeheien. Do hate mer sou e Schneidbriet gemeet mat enger Klass. Do hunn d'Kanner de Männchen, de Papa, gemoolt, dann hu mer dat

gescannt an duerno an där Maschinn déi d'Gemeng huet fir de Bëschkierfecht ze gravéieren, dann hu mer dat op e Schneidbriet aus eise Holz gravéiert an da krut all Kand eent mat heem. Mir kënnen dat awer elo net maache fir all Klass. Da musse mer vläicht soen, sou vill Klassen d'Joer kënnen sou Saache bestellen an dann ofwiesselen, au fur et à mesure. Mee et geet drëm, dass mer Saache maachen déi nohalteg sinn, wou nohalteg sinn, wou d'Leit och nach kënnen doheem verwäerten, wéi elo Scheiwe schneiden, a si fléien doheem an d'Poubelle oder an de Kamäin.

Da war och eng Demande fir eng Maschinn fir eng Spillplaz, fir déi aus Holz ze maachen. De Marc Hoffmann, eise Spezialist, wäert sech dann deem widmen an e mengt dat wier kee Problem, am Klengen da fir d'Kanner, datt der déi kennt op eng Spillplaz setzen. A punkto Maschinnen ass am Budget nach en Holzspalter fir Meterstécker. Dir hutt dee groussen Apparat, deen ass fir 33cm, 25 a 50. Et bestellen och nach Leit Meterstécker. Oder fir ze drénken. Fir d'Waldschoul wou mer lo Holz liwweren oder d'Scouten oder d'Buergfest, dat drécht am beschten am Meter. Eis ass net méi konform vun der Sécherheet, dat heescht, do musse mer eng nei kafen. An eng Remorque ass do virgesi fir un den Auto. Dat war et awer schonn. Dat waren dann déi puer Detailer. An hei ass dann d'Iwwersiicht. Par rapport zum Joer virun hu mer dëst Joer e bësse manner Suen am Budget, dat ass awer net ganz vill.

Bei de Salaren, dat sinn d'Aarbechter, wat déi kaschten 5000.- Euro manner. Fir d'Facture bei Betriber oder wa mer Material kafen, dat ass 1.800.- Euro manner. Dat dréckt dann d'Investissementer ëm 6.800.- Euro. A bei de Recettë si mer awer och am Minus, well mer manner Holz haen a well méi Holz hei an der Gemeng selwer vun eise Servicer genotzt gëtt, wat an deem Sënn net budgetiséiert ass, well mer do keng Valeur op deem Meterkipp Holz hu wann d'Schräinerei oder mir et notzen. Da si mer och do 8.000.- Euro drénken. D'Recettë bestinn aus engersäits dem Brennholzverkauf, dat sinn 28.000.- Euro. An dann d'Location de chasse, wou d'Gemeng Terrainen huet, déi an der Juegd sinn, wou se do Juegdgeld kréien. Dann nach kuerz wéi et bei der Affilux weidergeet. Dat ass jo am Frankelach an do ass elo den éischte Plang och scho fäerdeg. Ee Gebai ënnen, dat ass dat, wat mer lo schonn notzen a wat och dann erhale gëtt. Dat lescht Gebai, wat do erhale gouf. Dat anert gouf jo alles ofgerappt. Dann en neit Bürosgebai wou sollen 4 Fierschtere kommen an den Animateur vun Natura2000. An eebe Vestiaire fir eis Aarbechter, wou mer de Moment am Lokal vun der Gemeng sinn, bei de Gemengenatelieren. An dann eng Hal fir eis Maschinne vun der Gemeng Diddeleng a vu Beetebuerg. An eeben en Holzatelier. An nach en Hangar fir d'Brennholz ze stockéieren. Dat gëtt dann alles iwwert de Staat finanzéiert.

D'Gemengegeschier steet dann och do am Hangar. Dat ass also um Lafen. De Projet ass emol fäerdeg, an da mussen nach e puer Etüden a Geneemegunge gefrot ginn. Dann, wat elo méi séier geet, dat ass den Aménagement vum Parking écologique, dee wëlle Parking dee mer do hu vis-à-vis vun der Annex vum LTNB. Dee soll och nei amenagéiert ginn, e bësse méi flott, méi gréng.

Do krute mer lo den Accord vum Fong, dat heescht dat kënne mer elo fir d'Ausschreiwung weiderginn. Dat gëtt och iwwert de Staat bezuelt, dat fält elo net an Äre Budget, dat ass jo Staatsterrain. An och uewen, wann een dann de Wee weider op d'Haard eropgeet uewen an der Kéier, do wäerte mir dat dann och e bësse méi flott do amenagéieren. Voilà. Dat war et. Wann nach Froe sinn, ganz gären.

DAN BIANCLANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Villmools Merci dem Guy Rassel fir déi flott a komplett Presentatioun an dee flotten Abléck an de Forstplan. An d'Diskussioun ass op.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt e grouss Merci fir déi flott Bëschbegeegung déi mir haten an déi vill léierräich Informatiounen, déi mer dee Moment krute grad en Vue vum deem Plan de gestion annuel. De Bësch ass, wéi mer wëssen, fir eng grouss Meng vu Kuelendioxid aus der Atmosphär erauszehuelen verantwortlech a spillt doduerch natierlech eng wichteg Roll am Kampf géint de Klimawandel. Dem Bësch geet et plazeweis net gutt, wourun d'Drëschen den Deel dru Schold ass an ënner anerem eeben déi Schädlinge wei zum Beispill den Borkkäfer. De Fierschter a seng Equipe hunn am Bësch Hordengatter dofir gebaut, fir déi nei Beplantungen erunzezéien a se natierlech och virum Wäld ze schützen. Duerch d'Drëschen ginn d'Bestänn vun de Buchen an Wäissdannen erof an och d'Éeche brieche, ouni dass se eppes hunn. Doduerch kommen natierlech Käschten op eis dier, wéi ënner anerem fir d'Securisierung, déi mer natierlech trotz deem e wichtege Punkt fannen. De Fierschter a seng Equipe testen och weider, wéi eng Bamzorte vun der Lëscht vun Eaux et Forêts am beschten ugepasst sinn un de Klimawandel. En plus war et interessant ze héieren, dass verschidde Bamzorten déi besser ugepasst sinn, leider sou invasiv sinn, datt se net weider geplazt kënne ginn. All dës dréit sécher dozou bei, datt mir de Bësch fir d'Zukunft preparéieren a spuerson mat eise Ressourcen ëmginn. Mir begreifen et och dass manner gehae gëtt wéi méiglech wier an datt Diddelenger Holz benotzt gëtt fir ënner anerem eis Bänken an d'Rei ze setzen. Mir ënnerstëtzen d'Aarbecht vum Fierschter a sengem Team a sti komplett hannert deem Plan de gestion annuel. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci dem Här Rassel fir d'Opstelle vum Forstplang an och all déi interessant Erklärungen a Powerpoint. Et ass ëmmer flott, wann een dat ka sou schéi mat Biller kucken. Mir stëmmen dat och mat an ech wollt awer och eng kuerz Stellungnam maachen. Den 13. Oktober ware mer invitéiert mat der Ëmweltkommissioun a mam Fierschter op eise Bëschtour, des Kéier an de Wal. Et ass ëmmer eng flott Geleeënheet, fir op der Plaz en Echange ze hunn an am Numm vun der grénger Fraktioun Merci dofir. Leider konnt soss kee vun de Grénger matgoe well et ass zu Schaffzäiten an dat ass dann ëmmer e bësse schwierig. De Reen vum Summer 2021 konnt d'Schied vun den dréchene Summeren 2018 bis 2020 net guttmaachen. D'Fréijoer 2022 war och erëm vill ze dréchen an de Summer 2022 huet Rekorder un Hëtzt an Dréchen bruecht. Nach ni war d'Zuel vu kranke Beem an eise Bëscher sou héich, nach ni ass et eise Beem sou schlecht

gaange wéi am Summer 2022, sou de Verdikt op enger Pressekonferenz vun der Naturverwaltung am September dës Joer. Et muss ee mol net Expert si fir feststellen, datt scho wieleg Blieder am August erofgefall sinn, datt op verschidden Äscht kee Laf méi kuum oder ganz Beem guer net méi gréng gi sinn.

Am Forstplang liese mer eraus, datt net vill gehae gëtt. Et geet drëms, de Bësch net opzerappe fir d'Verdonsung ze halen. Et geet och drëms nei unzeplanzen an dat geet nëmme méi am Hierscht, wéi de Fierschter erkläert huet, well et eeben am Fréijoer net méi genuch reent. Et geet och drëm d'Verjüngung opkommen ze loosse a falls néideg mat Hordengatter ze schützen. Wéi eng Beem schlussendlech sech am beschten dem Klimawandel upasse kënnen, jo, do wäert nach eng Zäitche vergoen, bis mer dat kënne feststellen. Souwäit ech dat versti si mer nach an enger Aart Experimentéierphas, well d'Wuesse vu Beem, dat dauert seng Zäit. De Fierschter huet eis erzielt vum Fichier écologique, fir all déi, déi bei Natur an Ëmwelt abonéiert sinn, am Regulus ass do e ganz interessanten Artikel dran. An ech war mir dat och ukucken. Et ass vun den Unie vu Louvain a Gembloux. An do kann een zimmlech detailléiert erausfannen, wéi eng Beem engem bestëmmte Buedem an enger bestëmmter Topographie am beschten ugepasst sinn.

An der Lëscht ass d'Demande fir Holz geklomm, datt ass lo schonn e puer Mol gesot ginn. Wat ze erklären ass och dierch de Krich, dierch d'Energiekris an natierlech och d'Klimakris an d'Fortkomme vun de fossile Brennstoffen. Och wann Holz keng endlech Ressource ass an eng gutt CO2-Bilanz opweist, sou bréngt déi momentan grouss Nofro fir dës Brennstoff awer och Problemer mat sech. Deen een ass, et ass evident, dass Beem net sou séier wuesse kënne wéi Holz a Pellets verheizt ginn. Dobäi kënnt awer och datt bei der Verbrennung Kuelemonoxid, Stickoxid a Feinstaub fräigesat ginn, wat dann erëm d'Luftqualitéit erofsetzt an de Risiko fir Longekrankheiten eropsetzt. Dofir huet de Fierschter eis voll Ënnerstëtzung wann trotz enger méi héijer Demande net ze vill gehae gëtt a mir de Bësch so dicht an natierlech loosse wéi méiglech, och mol doudegt Holz leie loosse, wat dann erëm der Biodiversitéit zegutt kënnt.

Den Ertrag vum Bësch ass awer net nëmme Holz fir ze heizen, mee en Deel, dat krute mer jo lo och erkläert, soll verschafft ginn zu Miwwel oder aner Baumaterial an am beschten hei an der Gemeng oder weinstens hei am Land.

Néideg ass d'Securisatioun vu Stroossen, Spadséierweeër an ëffentleche Plazen a Spillplazen wann d'Gefor besteet, datt doudegt Äscht eroffalen oder krank Beem riskéieren ëmzefallen. An hei gëtt et och keen Null-Risiko wéi mer dat och elo hannert der Le'h konnte feststellen. An der Le'h soll jo dann och erëm dës Joer géint den Eichenprozessionsspinner gesprézt ginn. Dës Joer verlaangt de Ministère e Monitoring an et gëtt jo da just gesprézt wann et muss sinn. An och déi Vullenhaisercher fir d'Meese ginn opgehaangen. Also et gëtt jo dann no aner Léisunge gesicht. D'lescht Joer hate mer gesot kritt, déi Konventioun mam Kloterpark, déi soll juristesche gepréift ginn. Wat ass dobäi erauskomm? De Fierschter huet elo gesot, dass déi Beem dann och an

de Bamkadaster kommen. Dann ass eis nach opgefall an der Le'h datt nom 1. März, do sinn nach Beem gehae ginn hannert der Waldschoul. Ech mengen do war och e grouse Bam emgefall. Wéi ee Bam war dat? War dat eng vun deenen alen Eechen?

De Kannerwanderwee sollt dëst Joer erneiert ginn. Dat ass awer net geschitt. Do hu mer eis gefrot, firwat dauert dat sou laang? Wat ass do d'Ursach? Eng Fro betrëfft den Tilleweier. Hei ass jo och renaturéiert ginn. Ech mengen dat war jo och fir d'Gelbbauchunke. Ass do lo eng Populatioun nogewise ginn? Da war ech kucken um Roudebierg, de Point de vue, deen ass net gemaach ginn. Do wollt ech och froe firwat? Den Dag vum Bam ass den 19. November an do sollen an der Le'h och fir Puppelcher Beem ugeplant ginn. Also wann ech elo richteg verstanen hunn, dat steet nämlech och am Regulus, dann ass et ee Bam symbolesch fir alleguer d'Puppelcher. Wéi ee Bam gëtt dann do ugeplant?

An dann hätt ech nach eng Fro zu der Affilux. Ass do och virgesinn, dass do Schoulklasse kënnen hikommen? Ganz am Ufank war mol eng Kéier gesot ginn dass do en Zentrum soll kommen och fir Schouklasse, mee ech mengen dat ass awer elo op dem Ellergronn. Mee ech wollt dat awer nach nofroen. An déi Schneidbrieder, déi fannen ech extrem schéin. Wou kritt een déi? Kann een déi iergendwou kafen? Kompliment. Dat fannen ech eng super Iddi, déi Schneidbrieder mam Waassertuerm. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Merci Här Rassel fir déi interessant Presentatioun. Merci Monique Heinen fir erëm Deng flott Interventioun. Ech muss soen, ech hu mech drop gefreet, ech hunn et och erwaart an ech hu mer gesot, du muss net vill preparéieren, well d'Monique seet alles a vill méi warscheinlech. Ech kierzen elo nach e bësse méi well einfach alles dran ass, an et huet jo kee Wäert fir alles ze widderhuelen. Ech hu mech gefreet, dass ech et dëst Joer zäitlech konnt ariichten, op der Bëschbegehung dobäi ze sinn. Et ass effektiv net evident wann ee schafft, mee et kann een et awer mol arrangéieren. An ech muss soen, dass dat wierklech ganz flott an interessant war. Merci dofir. Mir hunn och vill Erklärungen kritt vu Saachen, déi ech net gewousst hätt. Ech hunn am Fong just zwou Froen. Dat eent ass: Gëtt et ee konkrete Plang, wat mer an deenen nächste Jore planzen, wat dem Klimawandel eventuell besser ugepasst ass?

Si mer an der Experimentéierphas? Ech hunn dann och héieren, dass verschidde Saachen ze vill invasiv sinn. Et ass effektiv net evident, do dann de Choix ze maachen. Mir wëssen allegueren dass de Klimawandel kënnt a vill méi séier kënnt an och déi negativ Effete vill méi séier komme wéi nach viru Jore geduecht war. Dat ass kee Geheimnis. An dann hunn ech awer nach eng Fro, wou elo nach net erwänt ginn ass. Hei an eise Géigende si mer bis elo vu Bëschbränn verschount bliwwen. Bis elo war dat Portugal, Spuenien a Griicheland. Et ass awer schonn a Südfrankräich. Ech wollt froen, kann een domat rechnen, dass wann dat sou weidergeet, dass dat och bis bei eis kënnt, dass mer do kéinte beträff sinn? Gëtt et do schonn en Noutfallplang géint Bëschbränn oder ass schonn dru geduecht ginn, sou eppes

auszeschaffen? De Plang selwer kënne mer natierlech sou matstëmmen. Dat war et. Merci.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif alleguer. Bal Dag fir Dag hate mir virun engem Joer de Forstwirtschaftsplan 2022 unanime ugeholl. Haut, e Joer méi spët, hu mer de Forstplan 2023 op der Dagesuerdnung. Fir d'éischt emol Merci Guy fir Deng Presentatioun vum Forstplan an déi vill interessant Explicatiounen. Et goufen elo grad Remarquen a Froen vun menge Kolleginnen aus dem Gemengerot gestallt. Ech ginn elo net op d'Remarquen an, ech wollt just bemerken, dass in der Tat d'Joer 2022 erëm e schwéiert Joer war fir eis Natur. Méintelaang Hëtzt an Dréchent hunn déi kleng Ennerbriechungen an Erhuelung mat mëttleren Temperaturen an dem Ree vum leschte Joer schnell nees verdrängt. Wéi de Guy sot steet et am grouse ganzen net gutt em e puer Bamaarten, wat och aus dem Inventaire ervirgeet. Dëst betrëfft majoritairement d'Bich, awer och sämtlech Fiichtenaarten hei am Land a spezifesch hei am Süden. Dofir bleift eng gutt a virsiichteg Gestiou vun de Bëscher méi wéi jee richteg. Fir deem Rechnung ze droen hues Du Guy, wéi dat och de Fall war bei Dengem Virgänger, Dech éischter um Prinzip festgehalten, net ze vill a keng ze grouss Couppe ze maachen, fir sou net ze vill Luucht an d'Bëscher eranzeloosse fir déi nach besteeënd bësse Fiichtegkeet oprecht ze erhalen.

De Kolleg Conseiller Romain Zuang, deen haut net present ass huet mir dann duerch d'Blumm ze verstoe ginn, dass dat z.B. am Wal de Fall war, wou hien och an anerer aus dem Gemengerot e gréissere Bestand futtis Eechen gesinn hunn, wou trotzdeem d'Ennergehëlz sech gutt gebilt huet. Guy, ech soll Dir dann och e besonnesche Merci aussprieche am Numm vum Romain fir déi interessant Begehung. Ech konnt leider net drun deelhuelen. Mir begreissen och Deng Ennerstëtzung, souwuel materiell wéi Deng Interventiounen mat Rot an Dot fir d'Léierpersonal, wéi awer och, wéi's Du virdrun erwänt hues, déi eng oder aner Organisme wéi Ouverture oder SICONA. Ofschléissend, mir wësse jo aus Erfahrung, dass wann et de Bëscher gutt geet, och de Leit gutt geet. In der Tat gehéiert de Bësch zu de beschten Tankstellen, wou de Mënsch seng Batterien erëm kann oplueden. An deem Sënn stëmme mir als LSAP-Fraktioun dem Forstplan 2023 zou.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn eng kleng Verständnisfro. Et ass scho vill gesot ginn an heiansdo ugekleng: invasiv Aarten oder datt déi einheimesch Zorten et schwéier hunn oder verschidde vun deenen einheimeschen Zorten et schwéier hunn. Muss een do elo ufänken emzedenken? Wäerte sech eis Bëscher an Zukunft mussen änneren? Oder kënne mer net? Fir mech stellt sech d'Fro: Wat fir eng Zorte misste mer uplanzen, déi vläicht méi resistant sinn an déi méi un de Klimawandel ugepasst sinn, déi awer net invasiv sinn? Fir mech war nach net ganz kloer, wat een à long terme oder à moyen terme do maache kann. Merci.

DAN BIANCLANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Ma da mol villmools Merci. Ech fänke vläicht mat den invasiven Aarten un. Dat ass zwar immens komplex. Do si mer laang dovun ausgaangen, dass ee soll Mëschunge bäimaache mat Aarten aus dem Ausland oder vu Gebidder, wou et scho méi dréchen ass, mee lo déi lescht Nouvelles, bei engem Virtrag, do ass et ëm d'Genetik gaangen, an do hu se festgestallt, dass verschidden Aarten, wéi d'Lebermannsfeder zum Beispill, datt do deelweis 80% Ausfall ass, wann een deen hei planzt. Eppes wat mer laang ënnerschat hunn ass, mir gesinn ëmmer uewen d'Kroun, mee dat selwecht spigelt sech nach eng Kéier am Buedem. Dat ass immens komplex an dat ass och nach net alles erforscht. Op jidde Fall ass et sou, datt ee muss virsichteg sinn. Och d'Douglasen, wann do eng Eech niewendru steet an déi wëllt sech verjüngen, dann d'Douglas, da gesäit een ënnert der Kroun, datt déi keng Eech do wuesse léisst. Dat heescht, déi kuckt, fir sech do duerchzesetzen. Dat si jo keng Aarten, ausser an der Äiszäit, déi et hei gi sinn. Also bei eis ass et lo éischer sou, et soll ee lo net an den Aktionismus verfallen. Dat war jo och scho mat den Eschen, déi lo z.B. am Wal futti ginn, dat hate mer schon am Land 2012, wéi an der Schwäiz hu mer gesot, an 10 Joer muss ee sech e Bësch ouni Esche virstellen, dat ass awer net de Fall. Well haut sinn nach ëmmer Eschen do. Et sinn der manner. Et ass en Deel futti gaangen. Mee d'Natur léisst sech net sou séier ënnerkréien, da some se immens vill an da kënnen awer Resistenzen entstoën.

An déi lescht Virtrëg wou ech elo gelauschert hunn, do ass et dröms gaangen, dass eis Beem sech kënnen am beschten un d'Situatioun adaptéieren, déi vun hei sinn. An dofir preconiséiere mir och d'Verjüngung vun eise Beem, déi hei stinn. Well wann een elo Som hält aus Rumänien oder sou, wou net onbedéngt un de Standuert hei ugepasst sinn, dann hunn déi et vill méi schwéier sech unzepasse wéi hei Beem. Dat mag lo net Beem sinn, déi ganz uewen an der Schicht sinn, mee déi drënner, déi scho gelidden hunn, déi scho manner Luucht a manner Waasser krut hunn, déi si méi resistent an déi wäerten och weider nach do bleiwen. Also datt de Bësch elo ganz futti geet, dat gleewen ech net. En ass vläicht anescht an net sou wéi mir eis e wëlte virstelle mat vill Buchen a vill Eechen fir da Miwwelen ze maachen, mee da kommen eeben aner Aarte wéi Ahorn, dat vermehrt sech onheemlech vill, dat gesitt Der och an der Le'h. Sech elo Gedanke maachen, datt de Bësch elo sech net selwer wäert geréiere kënnen, dat kann ech mer schlecht virstellen. Et ass vläicht just net dat, wat mir eis wëlle virstellen an engem Wirtschaftsbësch zum Beispill. Mee méttlerweil si mer jo och an de Gemengen, an de Südgemengen, wierklech erof vum Wirtschaftsbësch. D'Noerhuelung steet am Vierdergrond an da steet d'Notzung och nach dran, all Bam wou mer net hei notzen, dat huet natierlech och e Klimaimpakt, dat muss da vu méi wäit hirkommen. Mee ech mengen datt d'Natur selwer wäert e Wee fanne fir sech do ze adaptéieren. Bei den Déieren ass dat jo och sou. Wann et méi waarm gëtt migréieren aner Déieren erop. Bon, bei de Beem dauert dat e bësse méi laang. Mir probéiere mat anere Bamaarten, mee just op kleng Parzellen. Wichteg ass just, datt mer de Kroundaach net oprappen, dass d'Fiichtegkeet am Stand bleift. An doduerch hae mer jo dann och manner. An datt mer eng Struktur

hunn, net nëmme ganz héich Beem an dann näischt, mee datt mer verschidde Schichten hu vu Beem. Ech probéiere lo déi Froen all duerchzekréien. Konventioun Kloterpark. Jo, do hate mer gutt Gespréicher mam Expert vum Kloterpark a mat der Gemeng. Dat leeft. Dofir ass och decidéiert ginn, datt mer de Bamkadaster do wäerten erweideren. Mir hate bei eise Juristen nogefrot, an dat do war lo déi bescht Léisung, datt mer zesumme kucken, fir do e Wee ze fannen. Do huet och kee sech där Saach verschloss. Mam Expert hu mer e ganz gutt Verhältnis momentan a kucken dann dee Kloterpark do an dee Bamkadaster eranzeckréien an dann och do dee Suivi ze maachen. Vläch e bësse méi wéi lo. Datt mer do de Risiko op e Stadium kréien, wou mer dovun ausginn datt ech ka roueg schloffen an datt wann eng geschitt, datt mer alles gemeet hu fir dat ze evitéieren.

De Kannerwanderwee. Jo, do si Spiller schon deelweis fäerdeg. Do feelen nach zwee Stéck, wou mer musse bauen. Dat leeft an Zesummenaarbecht mam Romain Zuing. Dat leeft lo net iwwert mäi Budget, mee ech weess awer, datt den Ecobureau och nach do drop ass an datt deen och do en Optrag huet. Ech mengen awer, dat ass an der leschter Phas a soubal mir eng Kéier mam Ecobureau zesummekommen, da kënnen mir och déi Spiller do op d'Plaz setzen, gréisstendeels zumindest. Do ass déi Galerie nach, déi musse mer an d'Rei setzen, dat wäert vläch nach e bësse méi laang daueren, mee deen ass awer am Gaangen, do hu mer regelméisseg Reuniounen. Dann den Dag vum Baam. De Baam gëtt vum Gäertnerservice ausgewielt. Ech war just mat d'Emplacement kucken an der Le'h. Ech hu lo net méi am Kapp, wéi ee Bam genau gesat gëtt. Da war d'Fro vun de Bëschbränn. Dat hate mer schon eng Kéier. Mer hunn der awer net vill hei am Land. Hei zu Diddeleng hate mer lo just eng Bottepress déi gebrannt huet um Roudebierg, wou et sou waarm war. Mee et ass awer net iwwergaangen op de Bësch, well och do de CGDIS immens séier op der Plaz war.

De Point de vue. Effektiv, dee stoung d'lescht Joer an och schon déi Jore virdrun am Plan de gestion. Dee wäerte mer musse sträichen, well deen Tipp net sou stabil ass wéi déi Plaz, wou mer do wollte bauen. An en plus ass déi Vegetatioun lo scho sou héich, dass mer net méi wäit gesinn. Also ech war dat kucken, mee op där do Plaz mécht et net méi ganz vill Sënn. A fir d'Stabilitéit, do musse mer mat der Ëmweltverwaltung Etüde maache loossen. Dat wär lo immens deier ginn, dofir hu mer dat elo mol si gelooss. Mee et bilde sech ëmmer erëm nei Schneisen, wou ee wäit an d'Frankräich gesäit um Circuit ronderëm de Sender. Oder do, wou den Hang gerutscht war, do huet een elo en oppent Bild, mee och dat wiisst erëm eng Kéier zou. Dat ass de Problem. Den Tilleweier mat der Gelbbauchunke. Dat gëtt elo am selwechte Saz gemeet wa mer wäerte mam Bagger do den natierleche Laf renaturéieren. An d'Gelbbauchunke, déi ass vir am Frankräich nogewisen an op der Haard mengen ech och. Et geet einfach drëm, e Liewensraum ze schafen, wou déi sech da wuelfillt. A mir si jo nach 2022. Dat gëtt och dëst Joer nach ëmgesat. Déi aner Säit vun de Schinne ginn do sou Verdéiwunge gemeet, wou d'Gelbbauchunke sech da fortplanze kann.

D’Affilux. Do war am Ufank eng Demande do fir e Centre d’accueil. Dat gouf awer fale gelooss, elo virun 2, 3 Joer. Et kënn awer e Reunionssall dohin. Wa Schoulklasse wëllen dohinner kommen an e puer Aktivitéite maachen denken ech dass dat kee Problem ass. Mee et wäert elo kee Site si wéi den Ellergronn, well d’Verwaltung elo mol bei deenen do wëll bleiwen. Och organisatoresch ass dat net sou einfach. An den Ellergronn ass eebe fir de Süde selektionéiert ginn an deen huet sech och immens gutt opgestallt do. An da kënnen natierlech och d’Schoukanner vun hei dohinner goen. Mee an Diddeleng kënnen mer déi Infrastrukturen do net nach eng Kéier sou opbauen.

A mat de Schneidbrieder. Jo verkafe kënnen mer déi leider net, well mir dierfen näischt verkafen. D’Gemeng ka vläicht eng Aktioun maache selwer, mee mir als Verwaltung dierfen näischt verkafen. Dofir kréien dat d’Schoukanner einfach esou. Mee mir kënnen awer eng Aktioun fir d’Gemeng da maachen. D’Haaptsaach ass, dass mer mat deem Zoustand dee mer lo hunn net dierfen an Aktionismus verfallen. A wann de Mënsch e bësse Rücksicht hëlt, da kritt d’Natur dat hin. Da soen ech awer och villmools Merci fir Är Réckmeldungen. Wa Problemer si kënn Dir mir ëmmer uruffen oder eng E-mail maachen. Ech sinn disponibel.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hat nach gefrot, an der Le’h, do war nach sou e Bam ëmgefall.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): De Bam op der Foto, deen ëmgefall war? Ah jo, dat misst dann eng Eech gewiescht sinn a mir hunn et och do ewechgemeet, wéinst der Waldschoul. Well do jo och e Projet ass, an do gi se mat de Kanner an de Bësch ënnen. Do hu mer et och missen ewechhuelen aus Sécherheetsgrënn. An do war ënnen eng ganz déck Buch, déi war ënne ganz faul. A well d’Kanner sech méi an deem Deel vum Bësch wäerten ophalen hu mer déi missen ëmleeën. Dat ee Stéck gouf leie gelooss als Totholz an de Rescht, dee gouf da weiderverwäert. An de Stamm vun den Eechen, dee läit an der Affilux, dee gëtt opgeseet fir d’Schräinerei.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Just nach eng kleng Nofro wéinst de Bëschbränn. Ech hat gefrot, ob et eventuell schonn en Noutfallplang gëtt fir Bëschbränn oder ob sou eppes an Aussicht ass oder schonn dru geduecht ginn ass? Merci.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Do ass zesumme mam CGDIS gekuckt gi fir Rettungspunkte ze maachen uechtert d’ganz Land. Bëschbränn hei, op eise Biedem geet et nach. Wann ee lo vill Fichten hätt wär et éischter e Problem. A wéi ech virun erkläre hunn do um Feld um Roudebierg ass eng Bottepress verbrannt, do ass et och liicht un de Bëschränd gaangen. Et war schonn immens dréchen, mee de Bësch huet awer net ugefaange mat brennen. D’Lafholz brauch e bësse méi laang. Wann een Nolenholz huet, dat geet vun enger Kroun op déi aner ratsch weider, mee den CGDIS war och immens séier op der Plaz. Sou Vegetationsbrand hate mer schonn op der Haard Richtung Keel, mee och do war de CGDIS séier do. Mee lo an deene grouss Bestänn, soulaang d’Fiichtegkeet dra bleift, mengen ech misst et nach e Krack méi waarm ginn. Mee d’Gemeng



hat awer och op Facebook gesot, kee Feier maachen an oppasse mat den Zigarettestëmp, do war schonn eng Meldung, wou et sou immens dréche war, wou d’Gemeng do sensibiliséiert huet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, ech mengen dann hätte mer den Tour gemeet, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Forstplang, sou wéi en hei proposéiert gouf, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An ech soen och hei dem Guy Rassel Merci fir seng Presenz a seng flott Presentatioun.

6. URBANISMUS

Approbatioun vun der 3. Konventioun zur Cellule nationale d’Information pour la Politique urbaine (CIPU)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer riwwer op de CIPU a begrëssen engersäits de Lex Faber an d’Marie Sauerhofer vum Büro Zeyen+Baumann, wéi och d’Cathy Mambourg an d’Eva Gottschalk. Haut geet et mam Büro Zeyen+Baumann iwwert de CIPU, mee mer schwätzen awer och iwwert de ganze Volet ronderëm de Pacte Logement. CIPU, dat ass jo d’Ofkierzung fir “Cellule nationale d’Information pour la Politique urbaine”. Hei hu mer eng 3. Konventioun virleien, fir dass mer an där Plattform vum CIPU kënnen weiderschaffen. Just pour mémoire: Déi éischt Konventioun, déi gouf 2008 an d’Liewe geruff. Do ware mär als Stad Diddeleng nach net dobäi. Et ass virun allem eng Plattform fir en Echange un Informatiounen iwwert d’Politik am urbane Raum. Fir do Echanges an eng Kooperatioun ze hunn. Wou och Best practice an e gewëssene Savoir-faire ka stattfannen. Bei der 2. Konventioun, do si mär mat bäigetrueden. Déi Gemengen, déi bei der 1. Konventioun schonn dobäi waren, dat war d’Stad Lëtzebuerg, Esch an dann, wéi gesot koum och Diddeleng. An dann zwee Ministèren, den Aménagement du territoire an de Logementsministère. Déi Lafzäit, déi war da vun 2016 bis 2021. Déi ganz Joren ass vill geschafft ginn. Do ware ganz vill Workshopen, Atelieren an och Visitten an déi verschidde Gemengen, Journée d’étude an och eng ganz Rei Publikatiounen an en Internetsite, wou ee konnt Informatiounen eranhuelen, wou mer herno och wäerten nach am Detail drop agoen.

Déi Thematiken, déi ëmmer behandelt goufen, dat war engersäits bezuelbare Wunnraum, déi grouss Projeten am urbane Raum, awer och wéi d’Stied sech kënnen opstelle par rapport zum Klimawandel awer och wéi

Stadkäre kënne revitaliséiert ginn. An alles dat gouf souwuel op de soziale Medie wéi och op engem eegenen Internetsite vu CIPU gemaach. Lo déi 3. Konventioun, déi mer hei virleien hunn, déi soll eng Lafzäit hu vun 2022 bis 2026. Do stoussen nei Partner bäi. Dat ass engersäits d' Stad Déifferdeng an och de Ministère d'Intérieur. D'Schwéierpunkte sinn hei nach net fixéiert, well de Ministère nach am Gaangen ass eng Ausschreibung ze maache fir de Büro ze rekrutéieren, fir de Suivi ze maache vun der 3. Konventioun. Well dat eben déi klassesch Prozedur vun der Ausschreibung ass. Mee dofir ass awer de Büro Zeyen+Baumann hei, well si fir déi lescht zwou Konventiounen ausgewielt goufen an do och de Suivi gemeet hunn a beschuens placéiert si fir ze soen, wat bis elo gemeet gouf. Dat ass e bëssen dat, wat Dir an dëser Konventioun erëmfant. Also e flott Instrument, wou virun allem och eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus de Gemengen e flotten Outil hu fir sech kënne ze begéien, ze concertéieren, sech auszutauschen um technesche Plang a bei verschiddene Momenter och um politesche Plang. An natierlech wäert ee sech do och en Aarbechtsprogramm ginn. D'Thematike wäerte plus minus, a groussen Zich déi selwecht bleiwen, wat Stadentwécklung, Mobilitéit, Klima an d' Stadkären ugeet.

An dëser Konventioun déi Der virleien hutt ass natierlech och e finanziellen Deel virgesinn, dee wäert dann och an eise Gemengebudget afléissen. Déi total Contributioun pro Joer, déi dat Ganzt ëmfaasst, dat sinn 131.000.- Euro. An d'Contributioun vun der Stad Diddeleng, dat ass déi klengste par rapport zu allen Acteuren, dat ass dann eng bescheide Contributioun vun 8.000.- Euro, déi mer dann dozou bäidroen. Mee mir kënne awer a vollen Zich, wéi och déi aner Gemengen, vun där Plattform profitéieren. Se soll ulafen den 1. Januar 2022, se leeft also schon deelweis a goe bis den 31. Dezember 2026. Dir hutt hei d'Ënnerschrëfte vun deene verschiddene Gemengen, respektiv och vun deene verschiddene Ministèren. Dat och d'Erklärung firwat d'Konventioun elo réischt an de Gemengerot komme konnt. Dat als generell Intro. Ech ginn dann d'Wuert weider un d'Marie Sauerhofer an de Lex Faber, fir nach eng Kéier méi am Detail op de CIPU anzegoen. Merci.

LEX FABER (ZEYEN+BAUMANN): Villmools Merci. Ech wäert dann elo d'Kuerzfaassung vun der Kuerzfaassung maachen, well ech e bëssen den Androck hunn, dass Der liicht Verspéidung hutt. Dat ass awer kee Problem. Et ass jo och gutt, dass Dir lech trotzdeem déi Zäit huet, fir lech dat hei eng Kéier unzucken. Mir hunn déi Konventioun säit 2016 begleet, eis Approche war ëmmer déi, fir dass et sou relevant, sou konkret wéi méiglech ass, dass mer eis am Fong fir all Zäitraum mussen ee prioritäert Thema huelen. Dat war am Ufank, 2017, de Logement abordable. Dono déi städtebaulech Grossprojeten. An duerno, am Confinement, hu mer dunn ugefaange mat der Klimawandelupassung an duerno och nahtlos iwwergaangen an d'Thema vun der Revitaliséierung vun de Stadkären. D'Iddi ass ëmmer déi, fir dat sou applizéiert wéi méiglech ze maachen. D'CIPU mécht jo sou e bëssen de Spagat tëscht dem lokalen Niveau, dem nationalen Niveau an och dem europäeschen Niveau. An där ganzer Zäit hu mer 10 Ateliere gemaach an engem Rotatiounsservice. Mir wa-

ren do och e puer Kéieren zu Diddeleng an et muss ee soen, dass um techneschen an um politeschen Niveau Är Gemeng sech ëmmer ganz gutt engagéiert huet an dass mer och frou waren, dass mer eng ganz Rei Saa-chen hei konnte maachen. Ee Volet war natierlech och deen, dass mer ab 2020 vill hu missen online maachen an duerno vill hu konnten online maachen, oder en Deel konnten online maachen. Do ginn ech herno nach drop an. Mir haten och 3 grouss Konferenzen, wouvun eng, déi lescht, Uganks dëst Joers hei zu Diddeleng war. Wou mer all probéiert hunn och méi e grouss Krees vu Leit unzeschwätzen. Mir hunn 3 Visite gemaach. Do ware mer d'éischte Kéier zu Frankfurt, nom Confinement ware mer da bis op Elmen ëmmerhin, an d'lescht Joer ware mer Stadentwécklungsprojeten zu Esch an zu Déifferdeng ukucken.

D'Zilgrupp ass relativ vaste. Do sinn d'Gemengen ugeschwat an net just déi Gemengen, déi Member sinn, verschiddene Ministèren um nationalen Niveau, mee och Promoteurs publics an och d'Planungspraxis, déi domadder deelhält. An ee wichtege Punkt, deen och relativ flott fonctionéiert huet, war dass mer 2020 an 2021 en Zyklus vu kuerze Konferenzen och online haten, déi och alleguer opgeholl goufen, déi een op Youtube och alleguer kann nokucke goen. Dass dat och sou Instrumenter sinn, dass nach méi Leit kënne dorunner deelhuelen. Et gëtt eng ganz Rei Publikatiounen, Dir fant dat alles um Internetsite. Alles, wat gemaach gouf ass ëmmer dokumentéiert ginn, sief et iwwer Youtube, sief et a Form vun enger klenger Broschür. An déi lescht Dokumentatioun, déi mer gemaach hunn, do hate mer am Kader vun der Klimawandelupassung e Kaartespill gemaach, wou mer déi gutt Mesuren, déi eng Gemeng do kann huele méiglechst kuerz wollten zesumme faassen.

Ech maachen dann elo do och schon den Punkt. Ech géif lech just proposéieren, dass wann Der wëllt méi am Detail kucke wat do geschitt ass, dass Der kënnt op den Internetsite kucke goen. Et gëtt do een Deel op franséisch, dat ass fir den nationale Public an da gëtt et een Deel op Englesch, dat ass am Fong fir déi gutt Beispiller, an do sinn och e puer Projeten zu Diddeleng, fir déi an den internationale Reseau méi bekannt ze maachen. An ech denken dass dat och de gréissten Defi wäert si fir déi nächst Konventioun, fir dat wat alles erschafft gëtt, wat ganz ganz gutt ass, fir dat nach méi kënne an de politeschen Niveau zu Lëtzebuerg ze droen och méi an de grand Public. An ech hoffen dass dat an der nächster Lafzäit nach besser geléngt a soen och der Stad Diddeleng Merci, dass se bis elo sou engagéiert do matgeschafft huet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Villmools Merci fir d'Presentatioun, déi eis e bësse méi am Detail Abléck ginn huet, wat an deene verschiddene Partnergemenge mat de Ministère gelaf ass. Mir hunn och elo Abléck kritt a punkto Visibilitéit, wat de CIPU mécht, fir dass et gräffbar ass a gëtt. An op där aner Säit natierlech och all Kéiers de Lien maachen tëscht deenen europäeschen Thematen, déi da rofkommen op national awer och op lokal Thematen an och ëmgedréint. Ee mer an déi zwou Richtunge geduecht. Et ass och dat, wat probéiert ginn ass hei ëmzesetzen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Merci fir d'rapido Presentatioun. Mir haten eis 2016 fir déi zweet Konventioun, déi éischt, do ware mer jo nach guer net dobäi, wou mer déi zweet Konventioun hei virgeluecht kritt hunn, do hu mir eis enthalen als CSV, well mir iwwerhaapt keng Plus-value gesinn hunn. Mir hate guer keng Anung, wat dat sollt sinn. An deemools war och de Site – wéi soll ech soen – e bëssen aarmséileg. Wéi ech 2016 gekuckt hunn, do war déi lescht Androung éiweg laang hir, op jidde Fall war et net aktualiséiert. An du hunn ech mir awer d'Méi gemaach, Ären effektiv ganz flotte Site ze kucken an ech war immens baff erstaunt, wat Dir alles geschafft hutt an där leschter Zäit. Dofir och e Merci, och un eis Diddelenger Acteuren, déi do mat dobäi waren. A wann een elo kuckt, wat fir eng Envergure dat Ganzt kritt huet. A wat ech immens interessant fonnt hunn, dat war, wéi d'Upassung war un d'Realitéit. Am Ufank ass et, wéi Dir gesot hutt, ëm Logement abordable gaangen, ëm grands Projeten an duerno koum de Covid. An de CIPU direkt en Echange iwwer „Impacts territoriaux de la crise sanitaire Covid“, „La vie urbaine post-covid“, do si ganz flott Saachen ausgeschafft ginn, wat een och kann nokucken. A lo, wéi gesot, ass d'Fixierung éischer op d'Thema Klimawandel. Och eppes wat eis natierlech alleguerte betrëfft.

Ech war och ganz interesséiert un deene Colloquen, déi der hat: „Umgang mit Hitze in Siedlungsgebieten“, „Wassermanagement in Zeiten des Klimawandels“, „Luxemburgs Klima im Wandel“ dann „Blue green streets – innovative Straßenraumplanung“, dat sinn alles Saachen, dat betrëfft eis alleguerten heibannen. An et ass genau wéi Dir gesot hutt, wat elo wichteg ass, dat ass, dass dat wat Dir erschafft hutt, och op dem politeschen Niveau ukënnt an dass d'Decisiounen och déi Diskussiounen an Conclusiounen en compte huelen, déi Dir gezunn hutt. Grad z.b. „Blue green streets – Innovative Straßenraumplanung“ do musse mer kucken dass mer dat och an d'Planung vun eiser Stad mat afléisse loosse. E kleng B-mol bei all der Euphorie an deem Gudden, wou ech lech villmools Merci soen, e kleng B-mol ass awer dass mer dat lo réischt richtigeg virgestallt kritt hunn. Jo, mir kéinten eis all Dag informéiere wat iwwerall gemaach gëtt. Mee wat vläicht awer net schlecht wier, Dir musst jo souwisou all Joer fir de Projet e Rapport d'activités annuel maachen, et wär vläicht flott wann een dat dann och dem Gemengerot kéint zur Verfügung stellen, da wéisst ee weinstens, u wat hutt der geschafft. An och de Projet Programme de travail annuel, wat maacht der d'nächst Joer: Dass een do awer méi zäitno an net all 4 oder all 5 Joer de Bilan mécht. Wéi gesot, vun eiser Säit droe mer dat hei dës Kéier richtigeg mat Begeeschterung, well mer och gesinn hunn, dass et eng sënnvoll Saach ass. An d'Participatioun, 8.000.- Euro, mäi Gott. Natierlech hu mer och eist Personal, wat och mam zäitlechen Asaz a mat de Salairen nach en aneren Invest dobäi ass. Mee dat ass eng Contributioun déi een och absolut ka mat droen. A vun der CSV kritt Der op jidde fall „Bon courage“ gewünscht, dass Der sou weidermaacht a mir soe Merci fir äert Engagement. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Do gesitt Der wat dat aus-

mécht, wann d'Stad Diddeleng bis bäitritt. Bei aller ursprénglecher Skepsis. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wollt just nach soen, och vun LSAP-Säit en häerzleche Merci un alleguerten déi, déi heidrunner schaffen. An anescht vläicht wéi der CSV huet et eis vun Ufank un net u Vertraue gefeelt, dass dee Prozess hei ugefaange ginn ass an déi Mataarbecht. Well hei gesäit een alt erëm, an dat ass a ville Beräicher sou, dass et eng Saach vu Vernetzung ass. Et gëtt immens vill geschafft op alle Pläng, op allen Niveauen. Mee wat hei lo de Schlëssel ass zu där gudder Aarbecht an zu deem gudde Resultat, dat ass dass et vernetzt gëtt, dass vill matenee geschwat gëtt, dass ausgetosch gëtt. En gutt Kommunikatioun ass och hei wichteg. An natierlech spillt och do den Internetsite mat. Mee déi best Practices, dass déi ausgetosch ginn an dass ee sech do dra geheet a matenee schwätzt an dass dat kuerz Weeër sinn, dat ass mengen ech virun allem hei de Schlëssel zum Erfolleg. An ech kann dofir eis Majoritéit am Schäfferot nëmme felicitéiere dofir, dass se op deen do Wee gaange sinn. A mir hu jo sécher och vill opweises. Dat kéint elo vun der CSV sinn: „Tue Gutes und rede davon“ heescht et. A sou ass et och hei. Et soll een dat scho matdeele wat ee mécht a wat ee schafft an da verstinn d'Leit och dobausse firwat munch Prozeduren ugefaange ginn, firwat et heiansdo e bëssen dauert. Mee wat hei och ganz flott ass, d'Madame Kayser huet et jo och scho gesot, dat ass wéi reaktiv dat Ganzt ass. Wéi schnell do ka reagiert ginn a sech ëmmer erëm op nei Situatiounen ugepasst ginn. An dofir ënnerschreiw mer dat hei voll a ganz. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo och am Numm vun de Gréng soe mir Merci fir d'Presentatioun. Ech selwer hunn dat elo net sou kennt. Meng Kollegin, d'Madame Ahmedova huet leider misst fortgoen, si ass méi an deem Domaine do mat dran. Mee eng politesch Koordinatioun fir d'Landesplanung ass wichteg, fir dass mer koherent an nohalte kënnen entwéckelen. A sou wéi ech dat lo hei aschätzen ass wierklech déi grouss Erausforderung vun der Zukunft och fir Urbanisatioun a Städteentwécklung, ass de Klimawandel. An Dir maacht jo dann eng Bréck tëschent europäesch, national a kommunal, an eisen Apport vun 8.000.- Euro dréit do ganz gutt dozou bäi. Mir stëmmen dat och mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. No all deenen doten Zoustëmmunge wäert ech lo just éier mer zum Vott iwverginn lech véier Merci soe fir Äert Abréngen an déi ganz Aarbecht vun der Stad Diddeleng fir de CIPU. Natierlech, ech kommen drop zrëck wat d'Madame Kayser gesot huet, et ass absolut kee Problem, wann Dir e Rapport d'activités maacht oder e Programm, dass mer dat dem Gemengerot zoukomme loosse. Wann dat lech interesséiert, da kritt Dir ganz gären déi Dokumentatioun.

Ass dann de Gemengerot mat dëser drëtter Konventioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

7. PACTE LOGEMENT 2.0

7.1. Approbatioun vum Avenant zur initialer Pacte Logement 2.0-Konventioun

7.2. Approbatioun vum Aktiounsprogramm

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer op den nächsten Punkt. Dat sinn zwee Voleten. Dat ass engersäits den Avenant par rapport zu der Convention initiale. An op där anerer Säit awer och de Plan d'action local logement, de PAL, dee jo och d'Gesetz vum Pacte Logement 2.0 definéiert. Ech géif einfach hei fir d'éischt nach eng Kéier e bësse méi wäit aushuele mat der initialer Konventioun, déi jo am Fong de Point de départ ass fir de Plan d'action local logement ze maachen. An et ass jo och déi initial Konventioun, déi de Gemengen eng ganz Rei Stonne gëtt fir e Conseiller Logement kënnen anzustellen. Et ass jo de Büro Zeyen+Baumann, déi dat fir eis maachen. An et ass jo och sou, nodeems d'Gesetz iwwert de Pacte Logement jo den 30. Juni 2021 jo gestëmmt gouf, mer hei den 12. November déi Convention initiale hei am Gemengerot och gestëmmt hunn. An eis dann och op de Wee gemeet hunn, mat dem Conseiller Logement zesummen, de Plan d'action local logement opzesetzen. Mir hunn hei den Avenant gefrot, well vun der Prozedur hir ass jo den 11. Oktober ënnerschriwwen gi vum Logementsministère. Dat ass fir ee Joer gültig. Mir hu se duerno den 12. November an de Gemengerot geholl fir Approbatioun. Do ass ee Mount verluer.

Dofir hu mer ugefrot, fir eng Rallonge ze kréien. Mir sinn net déi eenzeg Gemeng, et sinn eng ganz Rei Gemengen, déi eng Rallonge ugefrot hunn. Wat jo och kee Problem ass. Dir gesitt an Ären Dokumenter, datt de Ministère och mat op dee Wee gaangen ass, fir eis déi Rallonge ze ginn, déi mer och voll notzen. An am Kader vun der Convention initiale och déi Stonne genotzt hu fir de Conseiller Logement. Respektiv eis och do verpflichtet hate fir engersäits do eng Informatiounsreunioun ze maachen, wat mer jo och gemeet hu virun der Sommervakanz vis-à-vis vum Pacte Logement an och vis-à-vis vum PAL. An da géif ech op den zweete Volet iwwergoen. Nieft der Approbatioun vum Avenant zu der Verlängerung vun der Convention initiale komme mer am Fong zum Haapt-Kärstéck, dem Programme d'action Logement. Virop muss ech do mol allegueren deene Leit Merci soen, déi sech do abruucht hu fir deen auzeschaffen. Et ass jo sou, dass de Conseiller Logement déi ganz Konnotatioun ronderëm gemeet huet, mee virun allem awer, fir en hei kënnen haut so presentéieren, wéi Der en hei fannt

am Gemengerot, hu ganz vill Reuniounen stattfonnt. Engersäits intern mat eise Gemengeservicer a virop de Service Architecture et Domaines, mee net nëmmen hinnen. Dat war dat eent. An natierlech awer och eng ganz Rei Reuniounen mat eise Groupe de travail, déi jo initial fir de PAG zoustänneg war, respektiv wou mer ausgeweit hunn op de Plan d'action local logement. Och deen huet sech dräi Mol gesinn, wou mer dat heiten och beschwat hunn. Dat zu der Aart a Weis, wéi mer eis organiséiert hunn.

De Plan d'action local logement, dee soll jo am Fong e bësse Prioritéiten setzen, respektiv eis och eng Strategie ginn. D'Prioritéiten, d'Achsen, déi si jo bestëmmt. Et si 5 Kapiteln, déi d'Rahmenbedingungen definéieren. Et geet och drëm ze kucken, wéi kann ee bezuelbare Wunnraum schafen? Wéi kann een d'Potenzial vum Bauland mobiliséieren? Wéi kann een och d'Liewensqualitéit verbessern? Respektiv, wat kënnen déi Biergerbedeeligungsprozesser sinn, déi do kënnen stattfannen? Mir hunn dee Plan local opgestallt a mir hunn deen – dat ass och dat wat virgesinn ass am Kader vum Gesetz – éier en hei an de Gemengerot kënnt, dem Logementsministère zougeschéckt pour Avis. Dat hu mer gemeet, do hu mer och e Retour kritt. Et sinn e puer Punkten, wou mer nach e bëssen nogebessert hunn, mee prinzipiell war et e ganz positiven Avis. Mir hunn déi Adaptatioun virgeholl an haut presentéiere mir lech dann de Plan d'action local logement. En Dokument, dat gutt 34 Säiten huet, an dat natierlech och mat sech bréngt, wa mer et hei verabschieden, dass mer dann déi nächst Etapp kënnen an Ugrëff huelen, dat ass d'Convention de mise en oeuvre. Do wär et an der Zäitschinn dann och sou, dass mer déi nach dëst Joer géifen an de Gemengerot huelen, fir dass mer och déi hallef Millioun ausbezuelte kréie vum Logementsministère och op der Recettesäit. Viraussichtlech wäerte mer dat da ronderëm de Budget maachen. Op deen Ordre du jour wäerte mer da probéieren, déi Convention de mise en oeuvre dropzesetzen. An d'Haaptkärstéck vun deem heiten Dokument ass, sech Schwéierpunkten ze setzen. A mir hunn an der ganzer Potenzialanalys déi mer gemaach hunn, an där ganzer Strategie 13 Handlungsfelder festgehalten. Wou och deelweis eng ganz Rei Servicer sech mat abréngen, respektiv sollicitéiert si fir déi 13 Handlungsfelder ëmzesetzen. Et sinn elo net op déi Handlungsfelder an, ech ginn dovun aus, datt eise Conseiller Logement dat wäert maachen.

Et sinn 13 Handlungsfelder, et kënnen der och manner sinn, mee am Kader vun eiser Diskussioun huet sech erausgeschéelt datt et der 13 sinn. Déi wëlle mer definéieren, festhalen an eeben och dorunner mat konkret Mesurë schaffen. An och dat fannt Der am Dokument erëm. Och d'Ausrichtung fannt Der am Dokument erëm. Dass mer wëlle ronn 2324 abordable Wunnraumunitéiten schafen. Dovun 1869 an ëffentlecher Hand. Déi aner sinn da privat. An dat och a court, moyen et long terme ze definéieren. Et sinn am Fong 4 Zäitschinnen déi definéiert goufen. Mir hunn eis engersäits baséiert op déi Wunneenheeten, déi an d'ëffentlech Hand kommen, déi à très court terme kommen, wou och scho PAPen approvéiert goufen. Dat ass déi 1. Zäitschinn. Déi 2. Zäitschinn, déi ass à court terme. Do ass d'Achs op 4 Joer. Dat sinn déi PAPen, déi en cours sinn. A moyen

terme, dat ass eng Zäitschinn vu 6 bis 8 Joer. An dann de long terme, dat ass iwwer 12 Joer. Generell muss een och soen dass de Gros vun den ëffentleche Logement am Kader vun NeiSchmelz entsteet. Dat waren e puer méi generell Consideratiounen, mee och schonn e puer Prioritéite gesat, an ech géif da souwuel de Lex Faber wéi och d'Marie Sauerhöfer bieden, e bësse méi an den Detail ze goe vun dësem Programm, dee mer zesammen ausgeschafft hunn an deem dann zur Diskussioun steet. Merci.

LEX FABER (ZEYEN+BAUMANN): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech wollt am Ufank nach eng Kéier ganz kuerz drop agoen wéi de Pacte Logement u sech fonctionéiert. Herno dann och nach op déi Analys, déi mer gemaach hunn, déi Schätzung, vu wéi vill Wunnenge mer iwwerhaapt schwätzen. Fir dann op den eigentleche PAL, de Plan d'action local, ze kommen. Wéi fonctionéiert de Pacte Logement? Et ginn 3 Ziler. Et ass anescht wéi am 1. Pacte logement, d'Gemeng kritt net pro zousätzlechem Awunner Suen, mee déi Suen déi ausbezuelt ginn, ginn op abordabel Wunnengen déi geschaf gi gemaach. Et geet drëm, d'Offer vun abordablem Wunnraum ze erhéijen. Et geet drëm, d'Flächepotenzial ze mobiliséieren an et geet och drëm, d'Wunnqualitéit ze verbesseren. An dem Prozess vun dem Pacte Logement si mer lo beim 3. Schrëtt, deem Der hei op der Grafik vum Logementsministère gesitt. Dat heescht, nodeems déi Convention initiale ënnerschriwwen gouf, hu mer de PAL dëst Joer ausgeschafft. Et gëtt elo driwwer ofgestëmmt an am ganz gudde Fall gëtt dann och nach dëst Joer déi Convention de mise en oeuvre ënnerschriwwen. Déi ass dann am Fong fir de Rescht vun der Lafzäit vum Pacte Logement gutt. Dat heescht, da ginn och déi administrativ Tâchen, déi do ze maache sinn e bëssen zrëck a mir kënnen méi an d'Ëmsetzung vun deem Ganze goen.

Wéi kënnen Sue generéiert ginn? Engersäits, vu dass Der déi Konventioun ënnerschriwwen hutt gëtt et eng Dotation initiale. Da gëtt et e Betrag fir all abordabel Wunneng, déi um Terrain vun der Gemeng geschaf gëtt, sief et duerch d'Gemeng selwer, sief et duerch de Fond de Logement, mee och duerch e private Promoteur, déi dann am Kader vun der gesetzlecher Regelung un d'Gemeng ofgetruede gëtt, do gëtt et e Montant vun aktuell 19.000.- Euro. Dat soll lo am Kader vum neie Budgetgesetz op 25.000.- Euro pro Wunneng gehuewe ginn. An da gëtt och fir all Wunneng, déi an der Gestion locative sociale ass pro Joer eeben e gewësse Montant. Déi Sue kënnen agesat ginn, an dat ass dann op der Grondlag vum PAL an dräi Kategorien. Engersäits fir alles wat ëffentlech Ekipementer ubelaangt. Den zweete Volet ass d'Qualité résidentielle an d'Stadentwécklung. Dat heescht ëffentleche Raum, Spillplazen, Parken, Commerces de proximité, alles wat Richtung Liewensqualitéit geet. An den drëtten Volet ass alles wat d'Ressources humaines an d'Kommunikatioun an d'Biergerbedeelegung ass. Dat heescht fir de Lien ze maachen tëschent engersäits der Säit vun de Recetten an anerersäits der Säit vun den Depensen, wann een an enger Budgetslogik bleift, dann ass et de PAL deem der Gemeng soll hëllef fir strukturéiert virzegoen, fir ze kucken: Wat maache mer iwwerhaapt fir Wunnengen ze schafen? Wou ass et? Wéi begleet mer dat um Niveau vun enger Verwaltung? Mee wat heescht dat och herno

fir d'Liewensqualitéit vun de Leit op der Plaz a wéi kréie mer dee ganze Prozess do gemanagt?

Eppes wat mir proposéiert hunn ze maachen, wat net virgeschriwwen war, dat ass déi Potenzialanalys. Mir hunn eis déi Terrainen ugekuckt, déi Dir am PAG dran hutt, an a wéi engem Zäitraum déi kënnen ëmgesat ginn. Wéi eng Propriétéit hunn déi? A wéi kann een, wann een do déi gesetzlech Reegelen uwennt, also den Artikel 29bis, do wou e private Promoteur muss 10, 15, 20% vun der Wunnfläch un d'Gemeng oftrieden, wéi vill Wunnenge kommen do iwwerhaapt dobäi eraus? De Buergermeeschter huet elo déi Zuele genannt. Ech mengen et ass ganz wichteg ze soen, dass dat eng Schätzung ass. An zéng Joer gi mer net genau nozielen, wéi vill et ass. Mir hu probéiert, dat sou standardiséiert wéi méiglech opzestellen, fir dass een och a reegelméissegem Ofstänn, vläicht all 2-3 Joer, de Suivi kann dovun maachen. Entstei wierklech déi Wunnengen, wéi mer geduecht hunn? Entwéckele sech d'Fläche wierklech an deem Mooss, wéi mir eis dat virgeholl hunn? Fir dass een och en cours de route kann e bëssen nosteriere goen. Wa mer dat ganz Potenzial kucken, do geet et lo just ëm Flächen, ob deene Wunnenge kënnen entstoën, Zone d'activités a sou Saache sinn hei eraus. Dann hu mer zu Diddeleng 31% vun de Flächen an der ëffentlecher Hand. Dat sinn natierlech Fläche vun der Gemeng, mee natierlech och NeiSchmelz, wat e groussen Deel dovunner ausmécht. Dir gesitt et riets uewen, ¾ vun den ëffentleche Fläche sinn en ëffentleche Promoteur an dann de leschte Véierel plus ou moins d'Gemeng an de Staat. Wann een dat op déi 4 Entwécklungshorizonten kuckt, mir sinn do all Fläch duerchgaange mat Äre Servicer fir ze kucken, ob do schonn e Projet leeft, wat do geplangt ass, ob do eppes geschitt. Ass et komplizéiert mat de Propriétaires? Gëtt et do vläicht Aschränkungen? Oder gëtt et Oplagen am Beräich vum Kaméidi oder vum Naturschutz oder wat och ëmmer? A mir hunn dat dann an déi 4 Kategorien agedeelt. A wat een do eebe gesäit, dass gutt 2/3 vun den Terrainen, als gutt 60% am moyen terme sinn. Dat sinn déi, déi fir de Pacte Logement 2.0 lo relevant sinn, well dat sinn déi, déi sech kënnen an deenen nächsten 10 Joer entwéckelen.

Wichteg ass dobäi ze soen: Natierlech ass dovun e groussen Undeel ëffentlechen Terrain, mee och vill Privatterrain. Bei Privaten ass et jo den Ament sou, dass jiddwereen e bësse mécht wat e wëll, fir dat lo mol sou ze soen. Dat heescht, ob déi wierklech sou entwéckelt gi wéi mir dat haut menge sief dohinnergestallt. Mir sinn elo an enger Kris vun de Baupräisser. Do wäerten d'Dynamiken op- an zouhuelen. Dat heescht, dat hei ass wierklech eng Schätzung. Et ass dat, wéi d'Situatioun Mëtt des Jores war an dofir ass et och wichteg, dass een dat reegelméisseg aktualiséiert. Hei gesitt Der d'Verdeelung nach eng Kéier an der Opdeelung. Dat heescht, alles wat blo ass, dat sinn déi ëffentlech Terrainen. Do gesäit een am Fong dee gréissten Undeel à moyen terme. An déi Privatterraien, déi sech plus ou moins gläichméisseg dann op déi dräi Zäithorizonten verdeelen. Dorausser kënnen insgesamt eng gutt 4800 Wunnengen entstoën an dovunner si bal d'Hallschent abordabel. Also abordabel an deem Sënn, dass se entwéckelt duerch d'Gemeng oder duerch en ëffentleche Promoteur gebaut ginn. Do gi mer dovun aus dass déi

zu 100% abordabel aux termes vum Gesetz sinn. A bei deene private kommen natierlech nach déi dobäi, déi iwwert de gesetzleche Mechanismus vum Artikel 29bis müssen un d'Gemeng ofgetruede ginn.

Wann ee sech elo ukuckt, wéi setzen sech déi abordabel Wunnengen zesummen, da sinn der dovunner gutt 1900, déi op ëffentlechen Terrainen entstinn. A gutt 450 op privaten Terrainen. Dat heescht, déi 450, dat sinn déi wou mer net vill Afloss drop hunn, wou de Privaten decidéiert, wat e mécht. Mee et muss een awer trotzdem kucke fir déi Projekte virunzebréngen, fir sech do geziilt sech ze entwéckelen, fir dass niewent dem groussen Projet deen der hei hutt awer och e bëssen an deenen anere Quartieren och sou Wunnengen kënnen entstoen. An dass et do och e bësse virugeet. Wat huet dat elo mam Programme d'action ze dinn? Dat sinn e bëssen d'Zuelen, déi do hannendru leien an déi natierlech och eng gewësse Wichtigkeet hunn, well dat sinn déi Wunnengen, fir déi Dir dann och Sue kënt kréien.

De Programme d'action, dee baséiert op engem Questionnaire, deen de Ministère fir all Gemeng d'selwecht opgeschafft huet. Do ginn et 5 Kategorien, wou eng Analys gemaach gouf an eng Evaluatioun. Dat Dokument läit lech jo vir a ganz vill vun lech hu jo schonn dorunner matgeschafft. Déi Virgeeënswies ass an all Gemeng d'selwecht an et ginn dann herno eeben déi Handlungsfelder opgestallt, déi da spezifesch fir all Gemeng sinn. D'Iddi ass virun allem mol déi, fir sech wierklech global unzekucken, wat ass elo zu Diddeleng wierklech dat, wat muss geschéien? Fir dann dorobberhin och déi Projeten opzestelle fir déi dann och Suen investéiert ginn. Mir hunn hei eng Kéier d'Datumer opgestallt. Mir haten eng ganz Rei Sëtzunge vun deem Groupe de travail interne, mir haten och eng ganz Rei Sëtzunge mat Ären technesche Services. Mir hunn och mam Service écologique gekuckt fir dat mam Klimapakt a mam Naturpakt ofzestëmmen.

A mir haten dann och de 16. Juni déi Informationsversammlung mat de Bierger, wou den Usaz jo och dee war, fir net nëmmen iwwert de Pacte Logement ze schwätzen, mee fir de Leit och konkret Informatiounen ze ginn. Engersäits de Proprietären, déi vläicht wellen hir Wunneng an eng Gestion locative sociale ginn an anersäits awer och konkret de Leit, déi eng Wunneng sichen, fir dass si Geleeënheet hunn och do iwwert engersäits de Fond de Logement an anersäits iwwert de Guichet de logement sech kënnen ze renseignéieren: Wat heescht dat elo konkret? Wéi eng Subsidé kann ech kréien? Wéi ka mir gehollef ginn? Wou kann ech mech vläicht och op eng Waardelëscht aschreiwen? Ech mengen deen Owend huet och ganz gutt fonctionéiert. An Dir gesitt hei riets uewen op der Foto, do den Antoine Paccoud vum LISER. Mam LISER huet d'Gemeng jo eng Konventioun fir an deem do Beräich ze schaffen. A mir haten eis och mat him ausgetosch. An et ass och do nach virgesinn, dass dann an der Ëmsetzung vum Pacte Logement och dat genotzt gëtt fir vläicht och nach eng Kéier um Niveau vun der Recherche déi Resultater kënnen ze notzen, déi do fir Diddeleng opgestallt ginn. D'Handlungsfeld u sech. Dat wollt ech elo unhand vun deem Slide hei opgräifen.

Wat maache mer lo konkret? Den éischte Punkt ass dee vun der Strategie. Et entstinn um Territoire eng grouss Unzuel vu Wunnengen, mee do muss ee jo och kucke wat fir Wunnengen. Et gi ganz vill Wunnengen gebraucht an der Quantitéit. Haut gëtt ëmmer gesot, et gëtt alles gebraucht. Mee sinn dat elo Wunnengen fir Monoparentauxen oder sinn et Wunnengen fir grouss Familljen, dat ass vläicht och eng Situatioun, déi vu Quartier zu Quartier e bëssen ënnerschiddlech ass. An dat ass dat, wou mir lo an engem éischte Punkt wëlle kucken. Mir wëssen, mir hunn eng gewësse Quantitéit, déi wäert op d'Gemeng zoukommen, mee wat heescht dat an der Qualitéit vun deene Wunnengen? Wat sinn dat fir Wunnengen? Wat entsteet do? Gëtt et vläicht an engem gewësse Quartier e spezifesch Besoin? Fir dat do nach eng Kéier kënnen méi geziilt ze orientéieren a fir an de Pape kënnen Virgaben ze entwéckelen, wou mer e gewëssene Mix un Typologien kënnen virschreiwen. Dat sinn alles mol alles Iddien, dat ass ee vun de wichtigste Punkten, wou mer elo wellen ufänken. Dat heescht, dat elo net falsch verstoen. Et geet net drëm, nees eng nei Etüd oder eng nei Strategie ze maachen. Et geet wierklech drëm fir ze kucken, wat sinn an deene verschiddene Quartieren d'Besoinen? Wat entsteet um fréie Marché „souwisou“? Wat huet d'Gemeng oder den ëffentleche Promoteur scho fir eng Offer? A wou kënnen mer da geziilt nosterie goe fir dann och do eng sënnvoll Ergänzung ze schafen? Déi nächst Punkten, dat sinn am Fong 2 bis 6. Do geet et drëm, Wunnengen ze schafen.

Ech mengen dat wier komesch, wann et net sou wier. Et gi ganz vill verschidde Méiglechkeete fir Wunnengen ze schafen. Dat eent ass natierlech de Projet NeisSchmelz ze realiséieren. D'Gemeng huet dann awer och nach eng ganz Rei vun eegenen Terrainen, wou kënnen Wunnengen drop entstoen. An et ginn och eng ganz Rei vu private Projeten, déi engersäits en cours sinn, wou och scho virgesinn ass, abordabel Wunnengen ze schafen. An anersäits och aner privat Projeten, déi wäerte kommen a wou mer och vläicht wäert missen iwwert de Remembrement e bëssen nogehollef ginn, dass déi sech entwéckelen. Dat si klassescherweis déi Themefelder, wou et drëm geet, op ganz vill verschidden Aart a Weisen d'Entstehung oder d'Schafe vun abordabele Wunnengen ze ënnerstëtzen. Dozou gehéiert och d'Mobiliséierung vun den eidele Wunnengen iwwert d'Gestion locative sociale. Dat ass de Punkt 12, wou d'Informatioun an d'Kommunikatioun mat erakënnt. Well do muss ee wierklech ëmmer nees an ëmmer nees de private Proprietären erklären, wéi dat geet. Si direkt uschwätzen. Et soll jo och op nationalem Niveau eng Leerstandssteuer kommen, mee dass een do vläicht och eng Kéier um kommunalen Niveau e bësse kuckt, wou hu mer vläicht e Schwéierpunkt vu Leerstand? Wou sinn do vläicht Proprietären, déi mer geziilt kënnen uschwätzen? Well dat si jo Wunnengen, déi si jo haut do. Do muss am Fong net méi vill investéiert ginn an do gëtt et e gudde Programm, dee vun der Gestion locative sociale, wou Der jo och scho gutt Erfarungen domat hutt, a wou een am Fong „just“ déi Proprietäre muss iwwerzeegen fir do matzemaachen. Och dat ass e Volet vun der Kommunikatioun, wou et e drëm geet, dat e bësse strategesch auszeriichten a wierklech déi Leit unzeschwätzen, déi do relevant si fir déi Wunnengen ze mobiliséieren. Ee wichtige Punkt ass och dee vun der Quartiersentwé-

cklung. Dat ass e bëssen dee Volet, wou mer d'Suen ausginn. Dat sinn natierlech déi ganz ëffentlech Equipe-
menter, déi gebraucht gi fir och dee ganze Wuesstem,
déi ganz Entwécklung, déi do wäert stattfannen ze ën-
nerstëtzen.

Et sinn awer och d'Opwäertungen an de besteeënde
Quartieren. Dat heescht fir net just Wunnengen ze
schafen, mee fir deene Leit déi schonn do wunnen och
eppes zréckzeginn. Sief et iwwert eng Opwäertung vum
ëffentleche Raum, Neigestaltung vu Gréngflächen, Ver-
kéiersberouegung. Also dee ganze Volet. An dann och
wat déi urbanistesche Qualitéit ubelaangt. Wann do z.B.
Projete vun der Gemeng gemaach ginn, fir do e Con-
cours mat ze finanzéieren oder dat och an anere Volete
mat ze begleeden. De Punkt 9 ass och e ganz wichtige
Punkt. Quitt dass déi Wunnengen, déi am Kader vun
NeiSchmelz entstinn héchstwahrscheinlech net an eng
Gestioun vun der Gemeng kommen. Et sinn awer potenzi-
ell ganz vill aner Wunnengen wou d'Gemeng sech wäert
à terme misse ëm d'Gestioun këmmere. An do ass et
wierklech ganz wichteg, dass een do de Service Loge-
ment net eleng léisst, dass dat sech och mat entwé-
ckelt. Déi Leit mussen administrativ encadréiert ginn,
déi Wunnengen mussen technesch encadréiert ginn an
déi Locataire mussen och sozial encadréiert ginn. An et
däerf een net vergiessen, dass een déi Capacitéit wä-
ert kontinuierlech misse mat entwéckelen. Sief et och
op engem reng techneschen Niveau. Wéi ginn déi Wun-
nengen geréiert? Mat wéi engem Programm gëtt dat ge-
maach? Wéi een Knowhow gëtt och do um Niveau vun
der Gemeng gebraucht? Do ass schonn e ganz wichtige
éischte Schrëtt gewiescht, dass Der dee Service
Logement iwwerhaupt geschafen hutt. Mee et geet elo
drëm, deen e bëssen am Schrëtt mat där Entwécklung,
déi och wäert stattfannen och weiderzuentwéckelen.

Ee Punkt, deen ech elo vläicht nach vergiess hat, dat
ass deen, dass mer och e bësse wëlle standardiséie-
ren. Et ass wichteg, wann eng Gemeng Wunnengen
baut, dass do net all Kéiers en technesch komplett
anere Standard do ass. Dass et do eng gewëss Ver-
eenheetlechung gëtt fir och den Entretien ze vereinf-
chen. Dass et eng Vereenheetlechung och vun de Cahier
de chargée gëtt. Dass et eng Vereenheetlechung gëtt,
wann elo e Klimapakt oder en Naturpakt seet, mir stel-
len hei Kriterien op fir nohalteg Quartieren. Dass een
dat och eebe kuckt an checkt, ob dat mat de Kriterien
passt, déi mer am Kader vum Pacte Logement hunn.
Wéi gesäit dat och mat engem Equilibre aus tëschent
gewësse Standards, déi ech fuerderen? An op där an-
erer Säit awer och d'Abordabilitéit vun enger Wunneng,
déi ech muss garantéieren. An dann, an all deene Pro-
jeten ass et wichteg, gutt ze kommunizéieren an och
gutt ze bedeelegen. An och do hutt Der jo déi néideg
Services, déi do da mat hirer ganzer Kompetenz wäer-
te weiderhëllefen. Dat Ganzt ass lo mol e Programm.
Et ass ganz kloer, mir wäerten net déi do 13 Saachen
d'nächst Joer maachen. Ech mengen dat ass evident.
Dat hei ass eng Wonschlëscht. Dat ass och d'Iddi vun
deem Programme d'action local. D'Iddi war hei eppes
opzestellen, wat déi nächst 10 Joer hält, wou alles dran
ofgedeckt ass. An natierlech wäert een do misse Prio-
ritéite setzen. Natierlech wäert een en cours de route
misse upassen. An dat ass am Fong genau déi Appro-

che, déi ech am Ufank ugeschwat hunn. Et si Projeten,
déi lo lafen. Et muss een déi weider begleeden. Et muss
ee kucken, wéi ass et do mat der Ëmsetzung? An da
muss een en cours de route kucken, dass een ëmmer
nees upasst, dass een ëmmer nees dru schrauwe geet,
fir dass dorausser e richteg Prozess entsteet, dee
koherent an och strategesch ugeluecht ass. An dann
mer net all Joer iergend eng Informationscampagne
maachen, mee dann mer einfach wëssen, mir hunn eng
gewëssen Demarche, där mer noginn. Wou mer dann
och an der Ëmsetzung herno kënnen konkret Resultater
opweisen an och déi Suen, déi do am Kader vum Pacte
Logement der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn och
kënnen sënnavoll benotzen.

Déi nächste Schrëtt: Dat vergiessen ech ëmmer gär.
Et ass esou, dass Dir am beschte Fall de Plang haut
validéiert, dee gëtt dann un de Wunnungsbauministère
geschéckt, déi deen dann och nach eng Kéier musse va-
lidéieren. Dat ass awer an deem Sënn eng Formalitéit,
vu dass schonn eng Pre-Validation stattfonnt huet.
Am Dezember géif dann am allerbeschte Fall déi Kon-
ventioun ënnerschriwwen a gestëmmt ginn. An dann
ab Januar kann et da wierklech lass goen. An da muss
och keng nei Konventioun méi gemaach ginn. Déi ass da
wierklech gutt bis 2032 a leeft dann einfach an deem
Sënn duerch. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Villmoos Merci och nach eng Kéier fir déi doten Erklä-
rungen, déi dat dann och e bësse méi gräifbar gemeet
hunn. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Villmoos Merci
och nach eng Kéier fir Är gutt Aarbecht. Wann een dat
heute sou duerchliest, éischens ass et mol wichteg,
eng gutt Bestandsopnam ze maachen, d'Saachen eng
Kéier etofféiert niderzeschreiwen. Dat ass jo ganz
gutt. Dem LISER seng Aarbecht ass jo och ganz gutt
hei mat agefloss, dat huet een och gutt gesinn an der
Presentatioun déi mer hate fir de grand Public am Sum-
mer: Wann een dat heute lo liest, dann ass dat e bësse
wéi eng Wonschlëscht. Mir kënnen dat doten alles an
eise Walprogramm d'nächst Joer mat drasetzen: Tiny
Houses, Seniorewunnengen, verkéiersberouegt Quar-
tieren, abordabele Wunnraum. Also dat liest sech al-
les ganz schéin a gutt. Et ass wéi Der sot, dat kann
een net haut a muer ëmsetzen. Mee et ass jo och als
Denkoustouss geduecht. A mir fannen eis all plus minus
erëm. Bei deenen enge Saache méi, bei deenen anere
Saache manner. Dat ass jo ganz kloer, jiddwereen huet
do e bësse seng Prioritéiten, mee et geet schonn an déi
richteg Richtung.

Wat ëmmer e bësse kritiséiert gouf, dat ass, dass et
am Ufank ëmmer geheescht hutt, dat ass eppes, wat
haaptsächlech den ëffentleche Bauträger ubelaangt. An
do war et net gutt, wat mir och e bësse fonnt hunn, do
huet et ausgesi wéi wann déi privat Promoteuren, déi
privat Initiative géifen aussen vor gelooss ginn. Dat ass
awer elo net de Fall. Dat ass awer och wichteg, well
d'Gemeng eleng huet den Knowhow net, de Main d'oeuvre
net an och d'Suen net, fir Wunnengen ze schafe vun
abordablem Wunnraum oder allgemengem Wunnraum,
dat ass egal. Mee mir hunn déi Suen net. Dat hei ass

eng wichtig Kaderkonventioun, déi eis eng Guideline gëtt, wéi mer eis sollen entwéckelen. Mir ënnerstëtzen dat selbstverständlech och. An ech denken et muss ee virun allem och kucken de Privatmann mat an d'Boot ze huelen. Sief et, dass en eis seng Wunneng zur Verfügung stellt fir eis Gestion locative oder och seng Terrainen ze bebauen, dat ass jo dat, wat jiddweree wëll. Mee dat däerf ouni Zwang sinn. An et muss een och de Respekt hu vis-à-vis vun de private Promoteuren, déi et lo och net méi einfach gemaach kréie mat deenen anere Gesetzer, déi solle kommen. D'Mieterschutzgesetz a sou weider. Et féiert elo ze wäit, do an déi Richtung ze goen. Mee mir müssen och deene Leit, déi d'Moyenen hunn, déi d'Suen hunn, déi Terrainen hunn, déi Wunnraum hunn an déi wëllen eppes maachen, deene musse mer d'Hand reechen, fir dass mer zu Diddeleng sou wäit kommen, dass jiddweree eng flott Wunnméiglechkeet kritt. An dat ass jo d'Zil vun eis alleguerten a Merci nach eng Kéier fir Är Aarbecht.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Am Numm vun Déi Gréng soen ech och villmools Merci fir Är Aarbecht an déi rapido Presentatioun. Ech maache lo keng Stellungnam, ech hätt just eng Fro zu deem Slide mat de Gelder, ganz am Ufank. An déi Presentatioun, kënne mer déi geschéckt kréien? Also wann do de Geldsäckelchen do kënnt, déi Suen, déi mer duerch de Pacte Logement erakréien, déi si jo geduecht, fir rëm neit Bauland ze kafen oder nei Gebaier an awer och fir Schoulen a sou Saachen? Kënnt Der do mol nach eng Kéier erklären? Wéi gëtt dat dann opgedeelt? Kënnt dat alles an ee Fong, an da muss een och en Deel dofir ausginn? Ech verstinn dat net richtig, wéi dat do fonctionéiert. Merci.

LEX FABER (ZEYEN+BAUMANN VU WALFER): Ech hunn eng Véirelstonn kritt, eleng dat do, do brauch een eng Stonn fir dat ze erklären. Mee de Prinzip ass effektiv deen, déi Montanten, déi Suen déi Dir kritt, déi wäerte sech elo änneren. Dat wäert am Kader vum Budgetgesetz ugepasst ginn. Do si mir lo net perfekt au courant, déi Montante wäerten awer liicht eropgoen. Déi Sue kommen dann an eng Enveloppe, an déi Enveloppe, déi hutt Dir net zu Ärer fräier Verfügung, mee de Conseil Logement mécht am Fong Demandé fir Projeten ze realiséieren. Dat kann dann de Projet si vun der Schoul souwisou. Do gëtt dann den Terrain kaaft an e Gebai gebaut. Deen huet e gewëssene Budget. A sou laang dee Projet sech am PAL erëmfënnt gëtt deen dann och net méi a Fro gestallt an iwwer sou Projete kënne dann déi Suen ausgi ginn. Wat wichtig ass ze soen, iwwert di Suen, déi Dir hei kritt ginn am wesentlechen net onbedéngt nei Wunnenge bezuelt, well déi ginn am Fong iwwert en anere Programm bezuelt, dat ass de Programm deen et souwisou gëtt vum Wunnengsbauministère wou Der am Fong déi Projeten, déi Der bis elo och schonn ëmmer gemaach hutt, wann et an de Locatif geet, bis zu 75% den Terrain an och d'Baue kënnt subventionéiert ginn. A wann Dir sou Projet maacht, kritt Dir am Fong dann an Äre Geldsäckelchen zousätzlech Suen eran. Dat heescht, déi Suen, déi Dir vum Pacte Logement kritt, ginn a priori, och wann dat keck kléngt, net fir Wunnengen u sech agesat, mee awer vir alles, wat ronderëm gehéiert, wat zou der Wunneng gehéiert.

An dat war jo och schonn d'Logik vum 1. Pacte Logement, wou et dorëm gaangen ass, wéi hei och erëm, de Gemengen, déi sech entwéckelen, déi néideg Moyenen ze ginn, fir eebe Schoulen, Maison Relaisen, alles wat dozou gehéiert, ze entwéckelen. An dat gouf elo eben an deem Pacte Logement opgemaach fir dass et net just ëffentlech Equipementer kënne sinn, mee dass et och un alles – d'Wonschlëscht wéi Dir gesot hutt, Opwäertung vum ëffentleche Raum, Verkéiersberouegung – a wat fir mech och immens wichtig ass – Personal, ka genotzt ginn. An dat ass am Fong de grouse Prinzip. Doriwwer dass Dir Guddes maacht gëtt Äre Geldsäckelchen opgefëllt. Do ginn da Projetsdemandé gemaach an doropshi ginn déi Suen dann ausbezuelt. An dee Geldäckelchen gëtt all Joers nei opgefëllt, wat méi Wunnenge gebaut ginn an déi Wunnenge sinn da jo da souwisou an der Locatioun an do kommen dann ëmmer nees Fonge weider dobäi. Ech hoffen, dat beäntwert d'Fro.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Och vu mir en häerzleche Merci vun der LSAP aus fir déi vill Aarbecht, déi do geleescht ginn ass. An ech wëll nach just zwou kleng Remarquë soen. Ech fannen et ganz wichtig, dass mer elo alleguer heibannen e ganz wichtige Message verstanen hunn. Dat ass datt mir hei dat Méiglechst maachen. Well dobaussen ass ganz vill Polemik ënnerwee. Besonnesch am Wunnengsbau. Et gëtt net genuch gemaach, mir maachen hei net a mir maachen do net. Hei versteet een elo mol eng Kéier, wéi komplex dat ass a wou eis Méiglechkeete leien awer och eis Limitten. Souwuel à court terme, moyen term a long terme. An hei ass ganz iwwersiichtlech a fir jiddweree verständlech mol en Kéier kommunizéiert gi wat lo hei d'Eckdate sinn. Zur Wonschlëscht wëll ech nach just soen, ech hat mech eng Kéier kuerzgeschalt mam Romain, well deen haut net konnt hei sinn, an hien ass natierlech un der éischter Front, wat elo hei de Logement ubelaangt, de Service Logement an och de Office social, mee dat elo mo ausse vir gelooss. Mee hie wollt mer nach just zwou Saache soen, wat een net sou weess a wat scho richtig Friichte gedroen huet, dat sinn déi Saache wou d'Propriétaires elo awer sou lues kommen a soen: Ech si bereet, mat lech zesummenzeschaffen an eng Wunneng zur Verfügung ze stellen. Also do huet wierklech eis Politik, déi mer lo säit Joren hei maache ganz vill Efforte gemaach fir d'Leit ze kontaktéieren. Well dat geet och net vun näischt. Se kommen net vum selwen. An datt do bal all Woch den Telefon geet an erëm ee eng Wunneng zur Verfügung stellt oder en Haus vun der Boma, oder eent wat sou an der Famill ass, wat do steet. A wat dann awer kann an de Genoss komme fir zur Verfügung gestallt ze ginn.

Dann eng zweet Remarque. An ech mengen do musse mer och konsequent sinn dann, och heibannen. Dat hei ass elo eng Wonschlëscht, mee awer och eng To-do-Lëscht. A wa mer déi lo wëllen ofchecken, also ofschaffen, da musse mer eis och déi Moyenen ginn. Da musse mer och konsequent sinn. Mir kréien zwar gehollef vum Staat hu mer lo grad héieren, och wat d'Personal ubelaangt, mee och e Service Logement, eis Maison sociale do iwwer, déi kënnt iergendwann dann och un hir Grenze wat aarbechtsméisseg vun deem Personal, wat de Moment do ass, geleescht ka ginn. A mir müssen dann och

bereet sinn, och de politesche Wëllen ze hu fir déi op-zestocken. Fir deenen och d'Moyenen ze ginn. An dann net: Jo, mir hunn awer ze vill Personal an hei an do. Do musse mer dann och konsequent sinn a soen, dat ass eis dat wäert. Dat ass eng ganz wichteg Problematik am Liewe vun de Leit dobaussen. De Logement ass, also ech kann elo nëmme fir meng Fraktioun schwätzen, eng absolut Prioritéit an do musse mer dann och konsequent si fir herno de politesche Wëllen ze weise wann et dröms geet fir solidaresch Decisiounen ze huelen. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNCK): Merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm e ganz grouse Plang, e grouse Rapport mat 60 Säiten. Ech sinn e bësse rose mat mer, well ech et zäitlech net hikritt hunn, dee ganz am Detail duerch-schaffen. Feeler vu menge Prioritéiten. Mee bon, et ass vill Aarbecht, sou e Gemengerot ze preparéieren, soss hätt ech vläicht nach déi eng oder aner Remarque. Et ass kloer, do ass ganz vill Aarbecht geleescht ginn a sécher och gutt Aarbecht a Merci dofir un d'Acteuren an d'Actricen aus de Servicer an och un den Här Faber. Ech mengen dass do scho ganz vill Guddes drasteet. Ech hätt kënne e puer méi Informatiounen iwwert den Aarbechtsgrupp kréien. An dann e ganz kleng B-mol: et ass einfach schued, dass an deem Aarbechtsgrupp e Vertrieeder net kann ersat ginn. Ech weess, mir hunn e puer där Gruppen. Fir d'Majoritéit ass dat kee Problem, fir d'Oppositoun ass dat ee Problem, mir hunn ee Vertrieeder, dee konnt leider zweemol net derbäi sinn, deen awer ganz engagéiert ass, also net einfach sou net gaangen ass, an da kann ee keen Ersatz schécken. Dat ass einfach e kleng B-mol, da feelen engem einfach do e bëssen Informatiounen. Mee an deem Fall hu mer jo do en Dokument virleie wat mer awer konnte kucken. Ech hu just eng Fro, wou mer lo net kloer war: Mir hunn déi Evaluatioun do kritt, deen éischten Tableau, an do sinn 10 Punkten, wou d'Gemeng net drop agaangen ass, respektiv net beäntwert huet. Do wollt ech just froen, wat heescht dat elo déi Remarquen? Firwat sinn déi Saachen net beäntwert ginn? Feelen do Donnéeën? Oder feelen Texter? Oder ass dat elo relevant, dass mer dorobber net geäntwert hunn?

Allgemeng, zum Thema Logement. Et ass vill gesot ginn an et ass och eist Thema, dofir iergeren ech mech nach méi, dass ech et zwar gelies hunn, mee net ganz am Detail. Do muss een einfach soen, et ass wéi et ass. Mer mussen net alleguerten deen Thema eescht huelen. D'Madame Kohn huet ganz richteg gesot, dass et net nëmme eng Wonschlëscht, mee eng To-do-Lëscht ass. Genueg dat. Pabeier ass gedëlleg. Wa mer eppes opschreiwen a mer maachen et net, dann ass et näischt wäert. An dat si mer eis awer alleguerte bewosst, dass mer no an no, och wann alles net direkt ëmgesat gëtt, et kann een ëmmer méi maachen. An effektiv, et muss een Efforte maachen a Suen an de Grapp huele fir dass dat weidergeet. Voilà, mir kënne deem nëmme zoustëmmen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hätt nach just eng Fro. Wann ech d'Presentatioun kucken, wéi se op der Présentation publique war, do waren aner Zuele fir d'Verdeelung vun de Potenzialflächen a vun der Surface construite brute. Wouru läit dat?

LEX FABER (ZEYEN+BAUMANN): Zwou Froen. Ech äntwere lo als éischt op deen Avis. Dir hutt deen Avis och kritt, mee déi Versioun vum PAL déi dir krut, déi ass schonn iwwerschaaft ginn opgrond vun deem Avis. Dat heescht, déi Punkten, déi do „gefeelt“ hu sinn an där finaler Versioun scho mat opgeholl ginn an déi ass an deem Sënn redresséiert ginn. Dat heescht, deen Avis ass an deem Sënn respektéiert ginn an d'Dokument doropshinn iwwerschaaft ginn. Dann zur Fro zu den Zuelen. Do sinn einfach nach eng ganz Rei Upassunge gemaach ginn. Mir hunn den Tableau nach eng Kéier aktualiséiert. Dorausser hu sech verschidden Ännerungen an den Zuelen erginn. Am Detail muss een nach eng Kéier nokucke firwat déi ass. Et muss een awer wierklech nach eng Kéier dräimol ënnersträichen dass dat eng Schätzung ass. Ech weess, et ass riskant, sou Zuelen ze soen, mee ech fannen et op där anerer Säit och net ganz éierlech, se net ze soen, well een einfach muss wëssen, op wat ee sech astellt. A mir wëssen, datt se net zu 100% wäerte sou kommen, mee ech denken Dir musst lech awer drop astellen datt se kënne sou kommen. An et muss een eeben eng Grondlag hunn, fir dass een an dem Laf vun den nächste Jore ka kucken, wéi ass et wierklech gelaf. An dofir wollte mer déi Zuelen och weisen. Mee et muss een awer wierklech soen, dat ass eng Schätzung, eng Berechnung. Et gëtt nach ganz vill Unsécherheeten, wéi den Artikel 29bis wierklech an der Realitéit sech wäert applizéieren. Wann et do en Kéier e puer Jurisprudence gëtt, da musse mer den Tableau vläicht och upassen. Mee mir wollten lech déi Zuelen awer ginn, well soss hätt Der gesot, mir hätte keng Zuele matbruecht. An do hätt Der och Recht gehat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir alleguerten déi dote Froen, déi Dir gestallt hutt an och d'Constaten, déi Dir gemeet hutt. D'Logementsproblematik ass eng vun deenen éischten a wichtigste Prioritéiten hei am Land. An ech mengen dass deen heiten Tour d'horizon, beziungsweis déi Handlungsfelder, déi mer eis ginn hunn eis och mol eng Kéier d'Méiglechkeet ginn, dass mer den Exercice an Haus e mat Acteuren aus dem Haus hei gemeet hunn, wat hei fir Diddeleng wichteg ass. An dann eeben och kucken, wéi mer déi verschidde Punkten a verschidde Phasen a verschidde Prioritéite kënne ëmsetzen. Ech mengen dass mer hei alleguerten an déi selwecht Richtung ginn. Ech wollt just nach eppes opgräife wat d'Madame Erpelding gesot hat, par rapport zum Groupe de travail.

Ech hat méi wéi eng Kéier gesot, wéi wichteg dass et wär – mee all Partei mécht, wéi se wëll – dass e Vertrieeder aus dem Gemengerot an deem Groupe de travail ass, well déi Saachen, déi do ugeschwat ginn – dat war de selwechte Fall am Kader vum PAG – eng gewësse Komplexitéit, e gewëssene Suivi hunn. An dofir ass et wichteg, dass een ëmmer déi selwecht Persoun huet. All Partei nennt deen, wou se wëll. An dofir hu mer gesot – bei lech war dat lo net de Fall – entweder gëtt een da vun deem anere Member gebrieft oder et léisst ee sech ersetzen an et mécht een dat hei dann och um Ordre du jour vum Gemengerot. Et war ze komplex fir dass een do en Ersatz sollt kréien. An et huet ee jo och gesinn, am Kader vum PAG an och an deem Bericht, dass een och de Lien huet tëschent dem Groupe de



travail an der entsprecherender Diskussioun hei am Gemengerot. Dat hate mer scho méi wéi eng Kéier.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt just soen, et ännert näischt, ob et e Gemengerotsmember ass oder eng aner Persoun. Ech weess, mir hu schonn doriwwer geschwat a mir mussen eis och lo net laang doriwwer ophalen, et ass einfach de Prinzip. D'Madame Heinen huet och schonn dovu geschwat. Wann een nëmmen een huet, an deem ass deem Dag krank, ob dat de Gemengerotsmember ass oder en anere Verrieder, dann ass en net do. A fir d'Majoritéit ass dat kee Problem, well Der souwisou au courant sidd. Mee fir aner Leit ass dat awer e Problem. Ech wollt dat einfach nach eng Kéier opwerfen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et gëtt aner Leit aus der Oppositioun, déi sech arrangéiert hunn. Gutt. Ech mengen d'Diskussioun hu mer an deem Sënn hei elo ofgeschloss, wat d'Presentatioun vum PAL ugeet. Fir dann och déi nächst Etapp kënnen an Ugrëff ze huele misste mer engersäits iwwert den Avenant zu der Convention initiale ofstëmmen, respektiv dann och iwwert de PAL selwer. Kënnen mer déi zwee zesummen ofstëmmen, ass dat fir lech OK? Jo. Da géif ech froen, wien ass mat deenen zwee, mam Avenant a mam PAL averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An och lech zwee Merci fir Är Presenz.

8. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Approbatioun vun engem Lotissements/Morcellementsprojet fir eng Kadasterparzell op Butschebuerg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géif ech op deem nächste Punkt weidergoen. Dat ass en neie Moment. De Verrieder vun der Press Merci dass se hei waren, Äddi. An zwar dass mer elo virum Vott vum neie PAG, wa mer eng Demande kritt hunn als Gemeng vun engem Proprietär oder engem Promoteur fir e Morcellement ze maachen, dass natierlech de Service dat iwwerpréift, och par rapport zum PAG, an dann huet de Buergermeeschter der Demande de morcellement Rechnung gedroen. An der Reegel waren dat eng Dosen d'Joer, et waren der lo net quantitativ vill. Lo awer, mam neie PAG, deem a Kraaft getrueden ass, ass et sou, dass dat elo an de Gemengerot kënnt. Mir sinn net déi eenzeg Gemeng, wou dat sou ass. Et sinn allegueren déi Gemengen, déi en neie PAG hunn, déi dat musse maachen, do hu mer eis e bëssen ëmfrot, wéi si déi Procédure uginn. An do hu mer och festgehalten

dass éier déi Demande de morcellement fir Approbatioun vun deem Projet hei an de Gemengerot soll kommen, dass natierlech eis Servicer dat Ganzt opschaffen an dass och d'Bautekommissioun dertëscht geschalt gëtt, dass si dat och presentéiert kritt fir hiren Avis kënnen ofzeginn. An dass mer dann e Projet vun enger Deliberatioun maachen an dann hei an de Gemengerot brénge fir de Vott ze maachen. Fir dass dann och déi néideg Publicatiounen kënnen gemeet ginn.

Dofir hu mer hei dann eng éischt Demande virleie fir de Projet vum Morcellement. Déi ass den 10. Abrëll dëst Joer erakomm en vue vun zwou Parzelle fir zwou Maisons bifamiliales. Et ass natierlech gekuckt gi wat d'Faisabilitéit vun dësem Projet ugeet. Dat ass natierlech méiglech, och laut dem PAG. Dat heescht, dat gouf gekuckt. Den 10. Oktober gouf dat weidergeschéckt un d'Bautekommissioun, déi war den 20. Oktober zesummekomm an huet dat och presentéiert kritt. An hei geet et dann ëm e Projet vun der Sociéité ACTIVE INVEST. Dat si 5,42 Ar, déi geddeelt solle ginn an 2,19 Ar an 3,23 Ar. D'Demande gouf am Abrëll gemeet. Et goufen déi ganz Prozedur gemaach vun der Etüd an vum Certificat de publication, dee jo och néideg war. Et ass dann an d'Bautekommissioun gaangen an elo ass et hei dann am Gemengerot. Dat am Fong zu där neier Prozedur, wou all Demande, déi déi doten Envergure huet, hire Wee wäert hei an de Gemengerot fannen. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Fro. Ass dann elo ze erwaarden dass et der méi ginn? Wat hat Der virdru gesot, 4 oder 7 am Joer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech mengen net dass d'Procédure eppes tel quel un der Unzuel vun den Demanden ännert.

CATHY MAMBOURG (SERVICE ARCHITECTUR ET DOMAINES): Also mir hu méi Morcellementer, mee dat ass am Kader vum Schafe vun Terrains constructibles fir eng Konstruktioun dropzesetzen. Dat heescht, dat sinn da just déi Morcellementer, déi wäerten an de Gemengerot kommen. Et ass lo net wann een iergendwou eng Rectificatioun vu Limitte mécht, sou kleng Schnëppelen oder sou mécht, dat net. Mir hunn eng Kéier graff evaluéiert iwwert déi lescht Joren, do komme mer op eng Dosen. Mol méi, mol manner. Mee ech menge lo net dass duerch déi heite Prozedur do vill méi ze erwaarde wär. Dat ass net de Fall.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Soss nach Froen dozou? Neen, dat ass net de Fall. Da géif ech de Gemengerot froen, ob e mat deem Projet hei averstanen ass? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4. GEMENGEFINANZEN (SUITE)

4.7. Approbatioun vum éischten Avenant zur Convention de collaboration mat der Asbl „Inter-Actions“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren dass mer weiderfueren- Solle mer

vläicht op de Punkt 4.7. zrëck – déi Konventioun mat Inter-Actions .

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat heiten ass jo bedeitend méi kuerz wéi déi Diskussioun virdrun. Mir änneren hei zwee Artikelen vum enger Konventioun, déi 2009 a Kraaft getrueden ass an et ass och näischt Weltbeweeegendes. Et ass sou, datt em d'Joer 2009 waren et fir d'Gemeng 75% ze bezuelen. De Ministère de la Famille iwwerhëlt awer elo 50%, sou dass fir d'Gemeng eeben och nach just 50% ufalen amplaz déi 75%. An dëst hu mer dann och an deem Avenant am Artikel 2 sou festgehalen. An de Ministère, deen ass higaangen an hire Konventiounen ëmmer, datt en elo no Postellogik funktionéiert. Dofir hu mir dann och elo och déi Postellogik applizéiert an déi eenzel Posten a Karriäre festgehalen. Dat zur Konventioun. Just nach vläicht als kleng Rappel. Dir hat de Cédric virdru gesi bei eisem éischte Punkt. Dir wësst, dee koom Mëtt Mee 2020 an de Service Ensemble dobäi fir d'Ina ze ënnerstëtzen. D'Ina ass awer zënter September 2021 am Congé de maternité, parental an am normale Congé, sou datt d'Ina lo réischt den 1. Januar erëm wäert ufänke mat schaffen. Dat als kleng Informatioun. Wann d'Ina erëmkennt, da schafft hatt 40 Stonne pro Woch, finanzéiert 50% vun eis als Gemeng an dann eebe 50% finanzéiert vum Ministère. An de Cédric schafft och 40 Stonne pro Woch, déi bis elo och 50:50 bezuelt ginn ass. Mee elo iwwerhuele mer deen als Gemeng ganz. Dat heescht, de Cédric gëtt dann zu 100% vun eis bezuelt. Dat bedeit awer op där anerer Säit, dass dee 50%-Ministère de la famille-Posten, datt deen dann och fräi gëtt an datt Inter-Actions eis versprach huet, deen dann och zäitno ze besetzen. Sou datt de Service Ensemble en hallwe Poste bäikritt, dee géif vum Ministère bezuelt ginn an ech mengen, dat kann ee just begrëssen.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Ech hu keng Froen dozou. Mee ech hunn awer eng allgemeng Remarque zu deem Avenant. Also éischtens mol eng Saach, déi oft virkënt, wou ech awer dann net wierklech kann novollzéien. Mir sinn haut den 11. November a mir stëmmen en Avenant, deen den 9. Juni ënnerschriwwen ginn ass an deen och nach réckwierkend ass op den 1. Januar a gëlt ass bis Enn dëst Joer, also grad nach annerhallwe Mount. Dee sech zwar dann automatesch soll verlängeren, wann en net virdru gekënnegt gëtt. Firwat e lo réischt, 6 Méint duerno ënnerschriwwen gëtt, dat verstinn ech elo net. Mee dann awer zum Text. Also ech probéieren et elo ganz léif auszedrécken. Ech mengen do ass awer keng gutt Aarbecht gemaach ginn. Mä beruffen eis op eng Konventioun vum 2009 a mir änneren 2 Artikelen dovun. Souwäit kloer: Ech denken net, dass dertëscht nach en aneren Text war. Ech wollt grad, wéi ech dat preparéiert hunn, d'Konventioun froen. Déi hate mer nämlech net matgeschéckt kritt vum 2009. Do war den Här Bausch awer méi séier an hien huet eis se geschéckt. A si ass och net ganz grouss, sou dass ee se konnt ganz liesen. Ech hu mer dann och déi Méi gemaach, déi ze kucken. An an der lwwerschrëft ass schon e Feeler am Avenant. Si ass net den 18. Mee ënnerschriwwen ginn, mee den 8. Mee. Bon, dat ass en Tippfeeler, dat ka virkommen. Artikel 1, 3, 4, 7 sinn OK. Den 2 gëtt amendéiert. Do ass awer och nach e Feeler dran. Ech huelen un, dat ass och en Tippfeeler.

De Compte financier annul steet do. Ech huelen un, dat ass annuel, dat kann och virkommen.

Dann hunn ech nach eng Fro, déi huet d'Madame Dall'Ag-nol jo schon erkläert, do steet fir d'Posten „seront facturés directement à la Ville“. Dat heescht, d'Gemeng bezilt all Mount déi Paien oder gëtt dat all Mount facturéiert oder eemol d'Joer? Do wollt ech just froen, wéi dat praktesch ofleeft. Am Artikel 5, do geet rieds vum Commissariat du gouvernement aux étrangers a senger Vertrieeder op der Plateforme de coopération. Ech weess net, ob et déi nach gëtt? Déi solle sech zweemol am Joer versammele fir de Projet ze iwwerwaachen. Ech weess net, ob dat nach aktuell ass? Déi Instanz, déi gëtt et net méi. Dat heescht och dat misst geännert ginn. Dat war de Virgänger vum OLAI.

An den OLAI gëtt et och net méi, dat misst eigentlech lo den Département de l'intégration sinn deen zoustänneg ass fir dat am Familljeministère. Dat heescht och deen Artikel misst amendéiert ginn. Ob et déi Plattform nach gëtt, dat kann ech emol froen. Den Artikel 6, dee gëtt amendéiert. An do steet am 1. Tret et wär bis de 15.2. anzereechen „la facture récapitulative des frais de personnel“. Ech huelen un, datt dat op d'Joer ass. Beim 2. Tret steet nämlech do „l'exercice écoulé“. Ech huelen un, dass dat dann och fir d'ganz Joer ass. An dann, d'Artikelen 8 an 9, déi jo dann nach gëlt wäeren. Do geet rieds vum engem Préavis fir d'Konventioun ze kënnegen vun dräi Méint. Am Avenant steet awer elo, ouni dass elo ee vun deenen Artikelen amendéiert gëtt 6 Méint. Dat ass e Widdersproch. Am Artikel 9 steet dann och nach, an dat ass dat Bescht. Do steet dass d'Durée maximale vun där Konventioun vum 2009 bis den 31. Dezember 2011 ass. Dat heescht, mir hunn 11 Joer ouni Konventioun geschafft. Ech loosse de Commentaire op der Säit. Mee ech denken, dass et am beschte wier, et géng een einfach en nei Konventioun schreiwen an et géng een dat updaten an déi Saache wou net méi aktuell sinn da schreiwen amplaz deen Avenant, deen ech sou net ka matstëmmen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech muss elo schmünzelen. Bon, als éischt, déi Gréng ënnerstëtzen natierlech voll a ganz de Projet Ensemble an e grouse Luef fir déi Leit déi do schaffen a sou vill op d'Bee setzen, sief dat Sportskursen, Sproochekursen, Café de langues, Kreativkursen, Kachkursen, Theaterfester. Jee eng Hällewoll wou se maachen a Leit zesummebréngen. An et ass wierklech eng wäertvoll Aarbecht fir d'Integratioun vun alle Matbierger a -biergerinnen hei vum Diddeleng. De Projet huet jo am Quartier Italien a Schmelz ugefaangen an ass duerno erweidert ginn op all d'Quartieren, wat an eisen Aen och ganz sënnavoll ass. Mir kenne jo och d'Ina an de Cédric an déi maache jo och eng super Aarbecht, dat muss ee wierklech soen. Mee, ech muss schmünzelen, well ech sinn och net eens gi mat den Datumen. Ech hu mer déi selwecht Froen awer och gestallt. An ech war nämlech deen, dee gëschter bei den Här Bausch ugeruff huet: Kënnen mer och mol vläicht d'Konventioun geschéckt kréien? Well ech gi guer net eens, wat ech elo hei soll soen. An ech hunn dunn och mol ugeruff bei de Cédric an hie gefrot: Wéi vill Leit schaffen dann iwwerhaupt fir de Projet Ensemble? Well ech do och mat deene Posten net sou richtig eens gi

sinn. Ech ginn da mol nach eng Kéier d'Fro weider, well do ass jo och nach d'Madame Colin an et ass nach en Educateur do. Ech ginn net richtig eens, wéi vill Leit schaffe lo fir de Projet Ensemble a wéi vill Leit gi vun Inter-Actions bezuelt? Wéi vill Leit gi vun eis bezuelt? Vläch just kuerz, fir dass een awer den Iwwerbléck huet. An dann nach eng Klenggeheet: um Internetsite vun der Gemeng steet beim Projet Ensemble eng fix Telefonsnummer, déi fonctionéiert net méi. Do misst een déi nei Telefonsnummer uginn. Et ass och e bësse problematesch, ech hu mech gëschter derduerch geklickt. Wann ech z.B. hir Sportscourse wëll kucken, wéini sinn déi, wou sinn déi? Et ass net einfach ze fannen, mee dat ass eeben och well et net direkt un der Gemeng hängkt mee iwwer Inter-Actions. Et ass e bësse schued, dass een dat da muss e bësse sichen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Wann een elo e bësse déi Ungereimtheiten hei sou kuckt, dann ass meng Fro, ob mer net einfach de Punkt hei kënne vum Ordre du jour huelen, et geet jo lo wierklech net méi op e Mount un. An dass mer dat da korrekt maachen an eis iwwerleeën, ob mer net effektiv eng nei Konventioun ausschaffen an dat dann déi nächste Kéier op de Leescht huelen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Déi Telefonsnummer, dat ass déi al nach, wou se am ale Büro waren, dat ännere mer. D'Madame Collin, déi ass och hei net opgefouert, well déi iwwert d'Sproochcourse bezuelt gëtt an dat och sou am Budget ass. Wien do schafft, dat hunn ech gesot: d'Ina, de Cédric an da gëtt nach eng 50%-Plaz fräi, déi da vun Inter-Actions besat gëtt an déi wäert da vum Ministère bezuelt ginn. De Rescht hunn ech gesot. D'Ina wäert 50% vun eis bezuelt ginn, 50% vum Ministère. An de Cédric, dee bis elo 50:50 bezuelt ginn ass, wäert da ganz vun eis iwwerholl ginn. Firwat kënnt dat do sou spéit op den Ordre du jour? Et war u sech de Wonsch vun der neier Direktioun déi do ass, Dir wësst bei Inter-Actions huet munches changéiert, déi wollten déi doten Ännerunge lo maachen. Et war lo net de Wonsch vun eis. Si waren der Meinung, dass mir dat doten nach eng Kéier misste frësch festhalen, fir eeben an där Postellogik ze fonctionéieren, well de Ministère eeben iwwerall an där Postellogik fonctionéiert. An eeben och festzehalen, déi 75-50, fir datt si dann eeben och kënne deen hallwe Poste besetzen. Dat war de Wonsch.

Firwat et sou spéit op den Ordre du jour kënnt? Kuckt elo mol op d'Auer: an dat war genau dat, firwat mer et net déi leschte Kéier um Ordre du jour haten, well mer einfach geduecht hunn, mir ginn net fäerdeg. An dat dote war u sech ee vun deene klengste Projeten. Du hu mer geduecht, da verréckele mer deen no hannen. Et ass alles op d'Joer. A menges Wëssens ass et och sou, wann am neien Avenant steet „six mois avant la fin du terme“ dann ass et och dat, wat gëllt. Wat awer richtig ass, ech géif kucken, dass mer och déi ganz Konventioun nach eng Kéier kënne iwwerschaffen. Mee et war wierklech de Wonsch vun där neier Direktioun vun Inter-Actions fir déi zwou Saachen do ze änneren. Aus deem Grond, wou ech lech elo gesot hunn. Fir datt si beim Ministère richtig do sti mat der Postellogik a fir datt sie kënne deen hallwe Poste besetzen. Dat ver-

hënnert awer net, dass mer eng Kéier déi ganz Konventioun kënne botzen.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Mee et ass wéi d'Madame Kayser gesot huet. Komm mir verréckelen et, lo kënnt et net op e Mount u fir eng nei Konventioun. Mir kënne dach net den Avenant stëmmen zu enger Konventioun, déi iwwerhaupt net méi gültig ass. Déi ass net méi gültig. Déi ass jo 2011 ofgelaf. Neen, déi ass net weidergelaf. Do steet dran, ech hu se jo hei an ech ka jo awer liesen, an do steet dran, dass den ultimative leschten Datum, och wa se automatesch weiderleeft, den 31. Dezember 2011 ass. Dach et steet do „reconduite d'année en année, sauf résiliation“ an da steet do „la durée maximale de la convention ne peut dépasser le 31 décembre 2011“.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also zënter ech dat hei iwwerholl hunn ass et ëmmer weidergelaf a warscheinlech ënnert menge Virgänger och.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also ech géif proposéieren, dass mer engersäits, reng fir finanztechnesch en règle ze si vis-à-vis vun Inter-Actions a vis-à-vis vum Ministère, dass een dat heite stëmmt, an da kucke mer, dass mer dat dote ganz op de Leescht huelen an dat heiten eng Kéier afléisse loosse an eng frësch Konventioun maachen a mat där hei an de Gemengerot kommen, och mat neien Delaien. An dann och kucken, dass dat fir den nächste Budget propper an däitlech ass. Dat ass d'Propositioun. Well bis an engem Mount eng nei Konventioun virläit, och reng finanztechnesch, och mam Ministère. Dofir géif ech einfach soen, komm mir stëmme se an da kucke mer, dass mer den Toilettage maachen an dat anstänneg a propper an eng ganz Konventioun eranhuelen. Ech mengen dat ass en Arrangement, dat kënne mer huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Misst een et dann net anescht formuléieren? Wa mer eng Konventioun maachen, déi net an der Rei ass a mir maachen en Avenant drop, nëmme just fir d'Personal. Solle mer dat net anescht formuléieren, dass mer eis net un déi Konventioun halen? Ech si lo an deene personaltechnesche Saachen net sou dran. Mee mir kënne eis jo net op eppes referéiere wat net méi aktuell ass. Dass mer net einfach en normale Kontrakt maachen a soe mir iwwerhuelen elo de Cédric. Punkt. A mir maachen deem en Aarbechtskontrakt. A maachen eng Création de Poste.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mee de Cédric ass jo vun Inter-Actions agestellt. Dat ass jo ëmmer mat Inter-Actions verbonne fir datt se dat finanziell iwwerhuelen. Dat ass e Konstrukt. Dofir ass d'Propos: Komm mir iwwerhuelen dat hei a mir maachen eng frësch propper Konventioun, fir dass d'Konstrukt, och finanztechnesch, gewahrt bleift.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da referéiere mer eis einfach net op d'Konventioun oder wéi? Mir kënne eis net op eng falsch Konventioun referéieren. Solle mir lech dat doten dann net einfach nach eng Kéier mat an de Schäfferot ginn? Dir iwwerleet lech dat, wéi mir dat propper maachen an da maache mir dat d'nächste Kéier?



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech soen et nach eng Kéier. Et war net eise Wonsch dorunner fréckelen ze goen, et war wierklech de Wonsch, vun der neier Direktioun fir dat do sou ze formuléieren

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Fir si ass dat finanztechnesch vis-à-vis vum Ministère e Beleg.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dee Posten ass ganz nei. Si kënnen de Posten soss net besetzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et wier dann net am Dezember, mee op jidde Fall am nächste Gemengerot am Februar, dass mer dann eng propper Konventioun hei kënnen virleien hunn. Mir huelen dann de Lead, dass mer och den Toilettage maache mat der Konventioun. Ech probéieren hei iergendwéi rauszekommen. Ech géif dat hei proposéieren. Dass och fir si, vis-à-vis vum Ministère an och dat Finanziellt ofgekläert ass.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et geet haaptsächlech dodrëmm, deen hallwe Poste kréie mer soss net. An deen ass wierklech ganz wichteg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do sinn dann och Leit, déi mer am Raum hänke loossen. Dat och. A si kënnen am mannsten dofir.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFIN): Et dierf een och net vergiessen, deen dee soll engagéiert ginn, deen huet schon demissionéiert op där anerer Plaz. Dat heescht, effektiv kennt Inter-Actions dann e bëssen an d'Bredouille wann mer dat lo net hei stëmmen. Deen hallwe Posten, deen huet schon demissionéiert, well en hei bei Inter-Actions am Entretien zréckbehale gouf. Da gëtt dat vläicht e bësse komplizéiert fir dee Mann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Meng Propos: Kommt mir stëmmen hei haut of an engagéieren eis, fir de Lead ze huelen, fir eng propper Konventioun en bonne et due forme.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also mir wëlle kengem eng Plaz ewechhuelen. Mir enthalen eis an deem Punkt, einfach, well dat an eisen Aen net koherent ass. A wat geschriwwen ass, ass geschriwwen. Mir sinn en offizielle Gremium a mussen dat e bësse méi propper maachen an dofir enthalte mer eis. Net, well mer net averstane si mat de Leit, mee mat der Procédure.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): E gëtt jo net vun eis agestallt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Se mussen awer d'Garantie vum Financement hunn. Och vis-à-vis vum Ministère. Well si kréie jo och Financement vum Ministère. Da kommt mir stëmmen heiriwwer of a mir engagéieren eis, eng nei Konventioun ze maachen.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Ech si jo net hei, fir iergendeen an d'Pan ze klaken. A wa kleng Feeler sinn,

dann hunn ech dat och scho gemellt an inoffiziell am Sekretariat ugeruff. Dat hei ass awer fir mech schonn eppes, an et ass keen Argument fir ze soen, dass net eise Wonsch gewiescht. Et ass un iergendengem gewiescht, déi Konventioun ze kucken. Bon, Dir maacht elo wéi Der wëllt. Ech stëmmen et ganz sécher net mat, well et net richtig ass. An dass lo sou e bëssen e Chantage hei gemaach gëtt, do huet elo ee gekënnegt. Ech weess dat och, dass do ee gekënnegt huet, deen iergendwou agestallt gëtt. An ech huele kengem d'Brout. Mee ech mengen dat misst jo méiglech sinn, déi dräi Säiten do, dat huet een an enger Stonn opgesat an ënnerschräwen. Voilà. Ech soe just mäin Argument. Ech sinn einfach Bürokrat, ech stëmmen näischt, wat net richtig ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Wee stëmmt den Avenant? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, eisem onofhängege Member an déi Gréng. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV. Wien ass dogéint? Déi Lénk.

Mir kommen nach eng Kéier op lech zréck mat der ganzer Konventioun.

12. FRO ZUR BIBLIOTHÈQUE RÉGIONALE PUBLIQUE

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir Är Gedold a fir d'Flexibilitéit. Mir géifen de Punkt 12 um Ordre du jour lo virhuelen, et geet ëm deen neie Système de gestion des données, dee vun der Fraktioun vun deene Lenken dropgesat gouf. An do ass et esou, fir et kuerz ze halen, datt eis Lieserinnen a Lieser e Courrier kritt hunn dass, wa se lo keng E-mail-Adress méi hunn, déi och verschidde Kritären entsprécht, mer déi net kënnen an den neie Programm Alma riwwer migréieren, déi Lieserinnen a Lieser. Dat ass e Courrier, deen d'Bibliothék, bezéiungsweis d'Gemeng huet misse maachen, well – Dir wësst et – mir sinn am bibnet – am lëtzebuergesche Réseau hänke mir mat drun. Mir ginn och vum Staat do subsidiéiert. An déi hunn eebe mat där Migratioun vun deem Programm dee mer aktuell hunn, hunn déi, déi am Réseau drunhänke sech misse konforméieren, bezéiungsweis an deen neien Alma aschreiwen. An déi Migratioun vun deenen eenzelne Karteien ass just méiglech, wann een eng E-mail-Adress huet. Deementspriedend kënnen déi Leit, déi keng E-mail hunn net migréiert ginn an och net méi gefouert ginn an deem System. Also do si mer eis ganz schnell eens, dass dat ganz onglécklech ass. Wéi gesot, den Alma gëtt eis imposéiert, do hu mir kee Choix. Dach, mir hätten de Choix, méi kéinten aus deem ganze Réseau austrieden. Dee Chox hätte mer,

mee dat ass bis haut keng Alternativ. Deementspriedend hu mer missen an dee saueren Apel bäissen.

Mir sinn awer net eleng an deem Fall. An d'Bibliothéiken hu sech zesummegeesat, fir déi Lieserinnen a Lieser, déi do e bëssen aus deem Raster falen, fir déi net eleng am Ree stoen ze loossen. Fir do keng 2-Klasse-Gesellschaft ze maachen, fir dass d'Bibliothéik awer zougänglech bleift fir jiddereen hu se am Fong geholl eng Tëscheléisung proposéiert an dat ass och déi, déi ech lech hei géif virleeën. An zwar dass déi Leit, déi keng E-mail-Adress hunn, eng E-mail-Adress kréien. Dat mécht dann d'Gemeng Déifferdeng, also d'Bibliothéik, an déi an der Stad. Déi Escher maachen dat änlech, fir dass déi Leit awer kënnen migréiert ginn, den Alef bis an den Alma-Programm. A wann iwwert déi E-mail-Adress eppes sollt kommen am Genre: Pass op, d'Prêt leeft elo aus, du muss d'äi Buch entweder verlängeren oder zréckbréngen. Da géifen eis Leit, déi déi doten E-mail geréieren iwwert deen normalen übleche Wee, wéi se dat och virdru gemaach hunn, déi verschidde Lieserinnen a Lieser kontaktéieren, fir dass dat da kann ëmgesat ginn. Dat ass elo eng Léisung, déi um Terrain proposéiert gëtt an ech géif dem Gemengerot och proposéieren, fir déi dote Léisung ze ënnerstëtze fir dass mer do keng „2-Klasse-Gesellschaft“ maachen. Dat klénkt elo wéi et klénkt. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo Merci. Déi Lénk hu net just eng Fro gestallt, mee Merci awer och schonn am Virfeld fir déi Léisung do déi Dir proposéiert, déi Tëscheléisung. Mir hunn dëse Punkt zu der Bibliothéik op den Ordre du jour setze gelooss, well mer et einfach wichteg fannen, dass doriwwer geschwat gëtt an net just einfach séier iwwergaange gëtt. Ech weess, mir sëtze scho laang hei. Et ass awer trotzdem e wichtegt Thema. Dee Bréif ass ausgedeeelt ginn un d'Leit, et ass gesot ginn, si bräichten eng E-mail-Adress, well d'Nationalbibliothéik eeben déi Software Alma do lo benotzt an déi Obligatioun vun enger E-mail-Adress net kann ofschalten. Mir sinn eis duerchaus bewusst, dass de ganze Réseau vu Bibliothéiken am Land dodrunner hänkt, un der Nationalbibliothéik an och alles zesummen. Do kann ee sech net sou einfach lassklëppelen, dat ass och vum Mataarbechter vun der Nationalbibliothéik bestätegt ginn. Déi Lenk sinn awer der Meenung, dass et hei ëm eng Diskriminéierung an ëm d'Ausschlësse vun engem Deel vun der Populatioun vun engem ëffentlechen Déngscht geet an dass mer hei sollen driwwer schwätzen, wat mer lo maachen an no Ausweeër sichen. Bon, Dir hutt elo eng Méiglechkeet proposéiert, déi mir och wollte proposéieren. Trotzdem ass et wierklech wichteg, dass een iwwert deen Ausdrock digital Inclusioun schwätzt.

D'lescht Joer, op der 100-Joer-Feier vun der Diddelenger Bibliothéik, do huet eise Buergermeeschter gesot: „Choisir gratuitement des livres dans tous les domaines du savoir et de notre société de l'information est un droit civique important.“ An dat ass och ganz richtig. Also ech fannen et gutt, dass eng Tëscheléisung fonnt ginn ass. Well et sinn net nëmmen déi Leit, déi keng Email hunn. Et ginn och Leit, déi keng wellen hunn oder et gi Leit mat engem Handicap oder eeler Leit, an do fir ass et einfach immens wichteg, dass een driwwer

schwätzt. A wat e bësselche frustrant un d'ganzer Saach war, dat ass dass anscheinend keen déi digital Inclusioun seriö hëlt. Do hätt eigentlech e grousst Gejâiz misste stattfanne vun de Stied, wou eng Bibliothéik ass. Well wann d'Nationalbibliothéik einfach als public Bibliothéik sou e Programm hëlt, an net no Léisunge sicht, fir dat ze ëmgoen, da fanne mer dat einfach net gutt. An eigentlech hätten déi Verantwortlech aus de Gemenge sech misste wieren, an et hätt wierklech e grousst Gebrëlls misse sinn an opgefuerdert ginn, dass do en anere Programm geholl gëtt oder dee Programm adaptéiert gëtt. D'Kulturministerin hätt vläicht missen ugeschriwwen ginn. Déi Lenk hunn elo an der Chamber eng Question parlementaire gestallt. Eng Äntwert ass do nach net komm, wéi se dat wëlle maachen. Mee et muss een awer säin Onmut doriwwer matdeelen, dass u sou Saachen net geduecht gëtt. D'Nationalbibliothéik ass jo net iergendeen an hänkt um Kulturministère.

Ech sinn awer frou, dass et weinstens eng Kéier ernimmt ginn ass, an ech sinn och frou, dass Dir och schonn am Réseau eng Léisung hutt. Dat wär genee déi, déi mir proposéiert hätten. Dass d'Leit einfach eng allgemeng E-mail-Adress kréien an da loosse mer déi schlofen an da fonctionéiere mer weider. Dann hoffe mer just dass dann déi Leit, déi z.B. hannendra si mat Bicher ofginn, dass déi dann awer iergendwéi ugeschriwwen ginn. Well wann dat dann awer iwwer déi E-mail-Adress leeft, da kommen d'Bicher net erbäi. Do ka jo vläicht herno gekuckt ginn, an de Statistiken, wéi vill Leit mer hunn ouni E-mail-Adress. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo nach eng Kéier Merci fir déi doten Erklärungen. Fir dat elo opzegräifen: den Ament hu mer eng Persoun, déi an deem dote Fall ass, an déi gëtt da per normalem Courier ugeschriwwen. Effektiv, jäizen ass dat Eent, an da Léisungen um Terrain sichen, deemno si mer eis jo awer à la base hei eens. Merci.

10. MUSEKSSCHOUL

Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun 2022/2023 fir d'Museksschoul

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer am Programm weiderfueren um Ordre du jour a mir komme bei d'Museksschoul.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Merci och eisem Direkter, dem Bob Morhard, datt e sou vill Gedold hat. Nichtsdestotrotz, d'Diddelenger Museksschoul setzt och dëst Joer weiderhin op Konstanz, Qualitéit, Vernetzung an op Innovatioun. De leschte 4. Juni, do konnt d'Museksschoul erëm eng ganz regulär Journée Porte ouverte maachen, wou traditionell dann och ëmmer déi éischt Neiaschreiwunge fir d'Schouljoer 2022/2023 gemaach goufen. D'Rentrée war och dëst Joer erëm eng ganz gutt, mat enger Gesamtschülerzuel vu 1427. Dat op de 24. Oktober, wou déi lescht Lëscht festgehalen ginn ass. Domadder si mer dann och weiderhin déi gréisste Museksschoul am Land. Mir hunn awer och nach ëmmer méi weiblech Schüler wéi männ-

lecher. 329 méi Frae wéi Männer. Dir gesitt, do gëtt et nach munches ze dinn. Aktuell hu mer 57 Enseignanten. Dat sinn der eng Rei manner wéi d'lescht Joer, wat haaptsächlech doduerch bedéngt ass, dass e puer Congé de maternité respektiv Conge parentalen elo eriwuer sinn. Een Enseignant huet gesondheetsbedéngt eng Reduction de tâche ugefrot gehat an een Enseignant huet demissionéiert, sou dass 2 nei Leit agestellt goufen, fir fréi Tâchen ze iwwerhuelen.



Vläicht nach e puer Remarquen zu där Presentatioun, wéi se am Dossier läit vum Gemengerot. An de Verglach och mat der éischter Deliberatioun, also mat der provisoirescher Schoulorganisatioun, déi mer gestëmmt hunn. Dat war am virleschte Gemengerot um Ordre du jour. D'Form vun der Schoulorganisatioun ass jo zënter dem leschte Joer eng ganz nei. An nieft dem Résumé vun de Chifferen hänkt jo och elo ëmmer de ganzen Detail mat drun. D'Schülerzuel ass och méi héich. Vun 1354 op 1427 Schüler wéi bei där éischter Deliberatioun. D'Coursenzuel ass plus minus konstant bliwwen vun 2508 op 2501. Engersäits sinn zënter der éischter Deliberatioun eeben nach nei Schüler a Schülerinnen ageschriwwen ginn. Mir haten awer och dës Rentrée méi Abandonné wéi soss. Wat warscheinlech en Nieweneffekt vun der Gratuitéit ass. Ech mengen domat hunn ech elo, ouni an dee klengsten Detail ze goen, dat Wichtigst erausgestrach. An ech mengen Dir gesitt och, datt mir mat der Museksschoul um richtege Wee sinn. Mir haten natierlech dës Schoulorganisatioun och an enger Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul duerchgeholl. An eisen Direkter, de Bob, ass natierlech och haut hei, fir lech weider Informatiounen ze ginn, wann dat gefrot ass, respektiv méi an den Detail ze goen, falls ech elo eppes vergiess hunn, wat nach wichteg ass, an natierlech och fir op Är Froen ze äntwieren, sollten där nach sinn. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Burgermeeschter. Ech wollt och dem Bob Merci soen an allen Enseignante vun der Museksschoul fir déi flott Aarbecht déi gemaach gëtt, och am Kenneléiere vun der Musek bei deene ganz Klengen. An och am Kader vum Eveil musical, do gëtt eng ganz flott Aarbecht gemaach. Ech benotzen och d'Geleeënheet, fir eng Kéier drop hinczewiesen, dass aus der Museksschoul eraus jo och vill Musikanten erauskommen, déi an eis lokal Museksveräiner integréiert ginn. An eis Veräiner hu jo net nëmme flott Concerten hei am Centre culturel, all Joer 1 bis 2 Mol. Mee virun allem wëll ech nach eng Kéier op deen exzellente Concert, oder villméi op déi Performance an Toun a Bild vun eiser Harmonie municipale an der Philharmonie zréckkommen. Dat war wierklech wonnerbar. An ech hat awer do d'Geleeënheet, fir mat e puer Leit ze schwätzen, an déi hu mir eng kleng Doléance mat op de Wee ginn, déi hu mir gesot: Mir fanne keng Leit méi bei de Bléiser. A wann ech elo kucken: Gei a Piano, do ass eng Waardelëscht. An ech hunn och mat Leit geschwat, déi an der Harmonie sinn, déi hu mer gesot, ech hu bal keng Schüler méi. Dat sinn da Leit, déi éischter Bléiser ënnerriichten. Do ass meng Fro, ob mer net awer solle méi proaktiv virgoen fir vläicht déi Instrumenter, déi lo vläicht net grad sou e Succès hunn, déi net grad sou populär sinn, fir déi zum Beispill och scho ganz fréi de Kanner virzestellen.

Well souwäit ech matkritt hunn ass bei deene ganz Klengen an deenen éischten zwee Joer Eveil musical. Do kréie se nach keen Instrument direkt an de Grapp. An et ginn awer kleng Flütten, kleng Klarinetten. Ob een do net och an déi Richtung goen kann, och fir herno eis Museksveräiner ze ënnerstëtzen. Well hir Moyenne d'âge, déi ass relativ héich, a si hunn immens Problemer, fir Jonker ze fannen, déi an hir Harmonie mat raginn. Dat ass just eppes fir mat op de Wee ze ginn. Ech krut och gesot, heiansdo ass et net ideal, wa mer eis Musekskursen an enger Sportshal halen. Mir hu jo Partnergemengen, mat deene mer zesummeschaffen, déi och mat bezuele fir d'Fraise vun eiser Museksschoul partiellement ze decken. Do heescht et och, dass mer heiansdo an enger Sportshal musse Musekskursen halen, wat och elo akusteschech an insgesamt, infrastrukturell gesinn, net sou flott ass. Beetebuerg huet elo eng nei Possibilitéit mat deem flotte Sall zu Hénchereng. Wéi gesäit et do aus mat deenen anere Gemengen? Hu mir do d'Méiglechkeet fir ze soen, hei gitt eis mol e Sall, deen e bësse méi adaptéiert ass, fir Musekskursen ze halen. Wéi eng Piste stinn eis do zur Verfügung?

Bravo fir déi Aarbecht, déi Dir maacht. Eist Uleies ass, fir déi Waardelëscht e bëssen ze verkleinere, de Kanner vläicht och emol aner Instrumenter ze proposéieren. An och mam But fir eis Museksharmonien an eis Museksveräiner méi ze ënnerstëtzen. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Wéi all Joer hu mer d'Schoulorganisatioun vun der Museksschoul hei um Programm. Ech hu lo weider keng Fro méi, well ech mer gëschter vill Zäit geholl war an an d'Museksschoul war bei d'Direkteren. Mir haten e ganz interessant Gespréich iwwer d'Fonctionnement vun der Museksschoul aktuell. Ech hunn e bësse meng al Aarbechtsplaz gekuckt a mer hu mam Personal geschwat. Mee d'Schülerzuele wéi och d'Coursenzuele si lichter eropgaange wat et gutt Zeeche fir d'Schoul ass. Si leeft an et geet weider. D'Zesummenaarbecht mat de Maisons Relais, an och do geet et ëm den Transport vun dësen Strukturen an d'Museksschoul, déi droe sécherlech dozou bäi, dass d'Zuelen net erfëginn. Et ass wichteg, dass d'Musekskursen accessibel fir all Kand sinn, souwuel präislech wéi och organisatoresch. D'Tatsaach dass d'Coursen dës Joer fir all Kanner a Jugendleche gratis sinn huet kee ganz groussen Impakt op d'Zuele gehat. Dat läit sécherlech drun dass de Minerval hei zu Diddeleng och virdru scho ganz sozial war. Et ass och ze begrëssen, dass d'Diddelenger Gemeng dora méi wäit geet, wéi de Ministère virschreift an dofir dann och Jugendlecher ab engem gewëssenen Niveau

net müsse bezuelen, wéi dat an anere Schoulen ass, mee eebe bis 18 Joer gratis sinn.

Eventuell huet et mat der Gratuitéit ze dinn, dass dëst Joer méi Abmeldunge waren. D'Madame Dall'Agnol huet et gesot direkt um Ufank vum Schouljoer. Dat ass e Problem, well wann e Schüler feelt an net kann duerch en aneren ersat ginn, dann huet dat awer en Effet op d'Finanzen. De Ministère, dee subventionéiert dës Schüler net, awer d'Käschte falen trotzdeem un, do duerch dass de Schüler um Kontrakt vum Enseignant dobäigerechent gëtt. Mee allgemeng kënnt d'Diddelenger Museksschoul duerch d'Gratuitéit net méi schlecht ewech wéi virdrun. Mir haten eng gutt Rentrée dëst Joer sot mer de Bob Morhard gëschter. Allerdéngs gouf et e puer Ännerungen. Wann een dat déckt Dokument vun der Schoulorganisatioun kuckt, d'Madame Dall'Agnol ass och dorop agaangen, do gesäit een op den éischte Bléck, dass et dëst Joer anescht ausgesäit. Dat läit dorun dass de Ministère eng nei Software agefouert huet, wou all Schoul lo muss hir Donnéeën aginn an op Base dovun gëtt dann d'Subventioun verrechent. Et entsteet allerdéngs och op dësem Wee e gliesene Schüler. Do kann ee sech da froen, ob dat gutt oder net sou gutt ass fir de Schüler. De Ministère weess op alle Fall iwwer alles Bescheid an alle Schoulen. Ech hu mer soe gelooss dass dës nei Software, den Edumus mat ganz vill Aarbecht verbonne war, well et net wierklech méiglech war, d'Informatiounen aus där Applikatioun mat där d'Museksschoul schafft, ze exportéieren. Aner Schoulen haten dee selwechte Problem. Et huet alles misste manuell getippt ginn an et kann ee sech jo virstelle wat dat heescht bei iwwer 1400 SchülerInnen an 2500 Coursen. Mee et ass mat Zäiten dru geduecht ginn an organiséiert ginn an dofir huet dat och alles geklappt.

Déi zweet Ännerung ass beim administrative Personal. D'Madame Müller ass an hir wuelverdénge Pension gaangen am Summer an eng nei Persoun ass bäikomm am Sekretariat. Dat mécht schonn eppes aus, wann op eemol laangjäreg Erfahrung net méi do ass an een Neit muss ugeléiert ginn, grad bei der Rentrée. Woubäi et warscheinlech flott ass, wann een da bei der Rentrée gläich e ganz Schouljoer gesäit. Mee do fält dann natierlech ganz vill u fir dat ganz Personal, deem ech hei wëll Merci soe fir déi gutt a vill Aarbecht déi geleescht gëtt. Dat selwecht gëllt da fir den Här Morhard an den Här Felten, déi och an der Direktioun ëmmer neien Er- ausforderungen ausgesat sinn an awer nach en oppen Ouer fir jiddereen hunn. Dat hunn ech gëschter nach sou richtig live matkritt. Et ass laang dovun geschwat ginn an elo ass endlech dat neit Museksschoulgesetz a Kraaft. An et bleift just nach fir d'Karriärs- an d'Gehälterreform fir d'Enseignanten endlech ëmzesetzen. An domat wäert mer da bei den Enseignanten ukomm, déi natierlech och eng ganz gutt Aarbecht leeschten an alleguerten e Merci verdéngt hunn. Dat kann ee bei deene sëllegen Auditounen a Concerten ëmmer erëm feststellen, wat do geleescht gëtt. Ech hu gëschter Owend nach séier op den neien Internetsite vun der Museksschoul erageluusst an hunn net manner wéi 20 verschidden Auditounen a Concerte gezielt, déi nach dëst Joer stattfannen. Also Avis aux Amateurs. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. A Merci och dem Bob Morhard an der ganzer Equipe vun der Museksschoul fir d'Opsetze vun der Schoulorganisatioun awer och fir hir gutt Aarbecht, déi se maachen. Ech selwer si jo an der Iwwerwaachungskommissioun, also mir sinn zefridden. Ech hat do just gesot, dass den Internetsite vläicht kéint e bësse méi informativ sinn. Ech war lo nach eng Kéier kucken, z.B. wéi een Instrument een wéi enger Uertschaft kéint léieren. Mee dat kënnt jo dann nach vläicht. An och e besonnesche Merci fir Är Zesummenaarbecht mat der Maison Relais. Dat fanne mer ganz gutt a ganz wichteg. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Eis Museksschoul ass eng Schoul op déi mer houvreg kënne sinn. Si ass wierklech e liewegt Organ, mat vill Beweegung, vill Engagement a vill Organisatioun. An dat Liewe kritt eis Schoul haaptsächlech duerch e ganz engagéiert Personal ageblosen. Dat ass eppes, wat ech ëmmer erëm als Member vun der Museksschoulskommissioun därfer feststellen. 1427 Schüler, déi vu 57 Enseignante betreit ginn, ass fir d'Direktioun an d'Administratioun en Challenge. All Schouljoer huet säin eegent Gesiicht an dofir gëtt et och ni eng Routine. D'Joer ass knapp am Gaang, dann hält deen een oder aneren nees op. Mee bis een da weess, datt en ophält geet Zäit an d'Land. Déi eng soen direkt Bescheid, dass se ophalen. Anerer kommen op eemol net méi a gesi sech och net onbedéngt an der Pflicht, fir dem Enseignant Bescheid ze soen. Dat ass zwar dann d'Chance fir eng Rei vu Schüler, déi op de Waardelësche stinn, mee déi hunn dann och net onbedéngt grad zu deem Zäitpunkt dann Zäit, wou eng Stonn fräi gëtt. An, an, an.

Da kënnt d'Organisatioun vun alle Manifestatiounen dobäi, an eis Museksschoul huet der net ze knapp. An de Kommissiounssëtzunge gesäit een dann och, dass sech permanent Neies afale gelooss gëtt fir d'Museksschoul nach méi attraktiv ze maachen. Et gëtt sech also net einfach op engem Konzept ausgerout wat fonctionéiert, mee et gëtt konstant dru gefeilt, dass d'Musek de Schüler ëmmer méi Spaass soll maachen an dass d'Schoul och de Schüler ëmmer méi no kënnt. Wa mir als Bierger dësen oder dee Concert dierfe kucke goen, wa mer sou flott Evenementer hei zu Diddeleng dierfen hu wéi zum Beispill eng Fête de la musique, wa mer Musek um Radio oder soss wou genéissen, dann ass den Ursprung vun deem Ganzen an der Reegel ëmmer eng Museksschoul. Ouni Musek wier d'Welt en déckt Stéck méi trist. Eis Museksschoul ass a bleift fir Diddeleng eng schéi Beräicherung. Ech wëll och dës Geleeënheet notze fir hei am Numm vun der ganzer LSAP-Fraktion dem Bob Morhard, dem Laurent Felten awer och de ganzen Enseignante souwéi der Administratioun e grouse Merci auszeschwätze fir hire perséinlechen Engagement an eiser Museksschoul an domadder och fir Diddeleng. Eis Museksschoul ass beim Bob a beim Laurent wierklech a gudden Hänn an et mécht Freed, wann een dat sou einfach a simpel ka behapten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Remarquer?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ganz kuerz, éier ech eisem Direkter d'Wuert ginn. Vun der Madame Kayser ass gesot ginn, wéi kréie mer eis Jonk oder eis manner Jonk, eis Kanner, Jugendlecher, wéi kréie mer déi an d'Museken? Ech hu misse laachen an ech hu gesinn d'Thessy Erpelding huet och gelaacht, well dat ass e bëssen eng Diskussioun, déi kennt all Museksschoulskommissioun zënter datt ech dobäi sinn. A mir hu scho ganz Villes probéiert, an awer hu mer ni d'Patentrezept fonnt fir datt déi a Massen an eis Harmonien, an ech schwätze lo net nëmme vun eisen 2 Harmonien, well deenen anere Gemenge geet et d'nämmlecht. Du hues haut, dat ass vläicht e Phänomen vun eiser Gesellschaft, do si Leit, déi léiere gäre Gittar, well se gären doheem ganz eleng an hirem Zëmmer musizéieren. Lo muss ech dat net gutt fannen an och net schéi fannen, mee mir wëssen alleguerten hei ronderëm den Dësch, wéi d'Gesellschaft haut nu mol eebe fonctionéiert. A mir probéiere mat all deene Moyenen, déi mer hunn a mat all gudde Iddi, wann nach een eng huet, einfach se un de Bob oder de Laurent erundroen. Mir probéiere wierklech alles, fir datt d'Leit an d'Museke ginn. Ech soen natierlech och ëmmer, du muss dech an enger Musek wuelfillen, du muss dech am Grupp wuelfillen, du muss dohinner gehéieren, well wann dat der och kee Spaass mécht, dann huet et och kee Wäert, e Mënsch zu eppes ze forcéieren. Wéi gesot, mir maachen eist dozou. Mee wann nach een eng gutt Iddi huet, gitt dem Bob se weider. Och dat wäerte mer probéieren. Mee et ass Thema an all Musekschoulskommissioun.

An da kënnt nach eppes zum Sall. Ech menge Beetebuerg ass do e bëssen e Paradebeispill. Ech ginn elo do net am Detail drop an. Déi hunn zwar en neit Kulturhaus, wat wonnerschéin ass an trotzdeem ass Beetebuerg heiansdo nach ëmmer dat, wou mer déi gréissten Diskussiounen hunn. Dat war et vu menger Säit,

CLAUDE MARTINI (CSV): Wou Der lech gefrot hutt, wéi Der Jonker kéint un déi aner Instrumenter kréien, déi lo net sou populär sinn. Mir als Infirmieren, mir hunn eis déi selwecht Fro gestallt virun engem Joer an du hu mer eng Campagne gestart, déi well e Mount leeft an déi kënnt och gutt u bei de Leit. Ech mengen eppes Änlechens kéint een och bei der Museksschoul maachen. Sou an deem Stil. Ech wëll dat elo net 1:1 kopéiere loosse. Ech fannen awer, dass dat eng Iddi wier, déi mer elo grad an de Kapp komm ass, déi lech bestëmmt géif hëllefen, deen een oder anere Jonken ze recrutéieren.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKSCHOUL): Merci dem Gemengerot fir déi Commentairen. Ech wäert probéieren, ob déi puer Froen ze äntweren. Et ass esou, dass mer wierklech, wéi d'Claudia sot, alles maache fir d'Blosinstrumenter. D'Blosinstrumenter sinn déi eenzeg Instrumenter, déi mer an de Classes d'éveil virstellen. Bei all eenze Eveils-Klass hu mer Trompett, Cor a Saxophon déi mer virstellen. Fir déi, déi schonn op der Porte ouverte waren, mir maachen e Rallye, wou een am Fong muss an all Sall goen, fir dass een net nëmme bei de Piano a bei d'Gittar geet, mee och bei d'Trompett an de Saxophon geet. Mir sinn am Gaang ze iwwerleeën, den Âge d'entrée erofzesetze bei de Blosinstrumenter fir dass en d'selwecht ass wéi bei de Sträicher fir dass dat keng Konkurrenz méi ass. Do

sinn natierlech déi eng Enseignante déi soen, dat ass vill ze fréi an déi aner soen, et ass vill ze spéit. Do si se sech net eens. Mir denken awer doriwwer no.

Mir hunn e ganz grouse Parc de location vu Blosinstrumenter fir Ufänger: Kleng Flütten, kleng Klarinetten, Mini-Saxophoner, Mini-Trompetten, déi d'Schoul ubitt. Firwat hu mer do keng Waardelëschte bei den Trompetten an de Klarinetten? Well mer do all Schüler huelen deen do ass. A wann den Enseignant dann eng hallef Stonn iwwert dem Kader ass, dann huele mer en. Mir refuséiere kee Schüler, deen e Blosinstrument léiert. Dat vläicht zu deem Sujet. Generell ass et awer sou, och bei de Sportsveräiner, dass d'Engagement vun den Elteren – ech soe mol net d'Kanner – ech mengen et sinn éischter d'Elteren, fir all Freides owes hir d'Kand dohinner ze bréngen, dat ass nach méi e bëssen de Problem. Mir hu bewosst kee reegelméisseg Harmonieorchester fir der Jugendmusek keng Konkurrenz ze maachen. Mee mir maachen e Stage d'initiation, deen ass elo an zwou Wochen, wou mer e Weekend fortfuehre mat engem Ofschlossconcert, fir Loscht un engem Harmonieorchester ze ginn, ouni awer reegelméisseg en Ensemble ze hunn, deen eng Konkurrenz wär.

Dann d'Fro zu den Infrastrukturen an eise Partnergemengen. Do ass all Gemeng verschidden. Zu Beetebuerg si mer wuel an der Sportshal, mir sinn awer an deem Sall, wou d'Musek 30 Joer laang war. Wann een et sou dréit klénkt et schonn e bëssen anescht. Dat ass e Sall wou mer elo fir ons eleng hunn. Zu Beetebuerg hu mer d'Konzept, dass mer iwwerall dezentral si wou Maison Relais sinn, do si mir och. Dat heescht, mir sinn an der Reebouschoul, do ass eng Maison Relais niewendrun, mir sinn an der Schwämm. D'Schwämm ass do wou d'Sportshal ass, och do ass eng Masion Relais.

An d'Fro ass och opkomm ob mer op Hënchereng sollen goen oder net. Hënchereng ass immens dezentral fir de Gros vun de Schüler, déi zu Beetebuerg an d'Maison Relais oder an d'Schoul ginn. Dat heescht, mir probéieren do ze si wou d'Kanner sinn, fir dass d'Weeër kleng bleiwen a fir dass se net nach méi Transport mussen erfueren. An dann ass d'Fro opkomm vum Edumus. Do hu mer wierklech aktiv probéiert, op déi safe Säit ze goen an et op der Hand ze maachen. Well mir haten och eng API programméiere gelooss fir dat automatesch ze maachen. Ab nächstem Joer wäert dat fonctionéieren. Dat éischt Joer, dat war och well d'Madame Müller an d'Pensioun gaangen ass, do hu mer och probéiert, dass mer sécher si well och d'ganz Subventiounen drunhänken. Well wann dat schifgeet, da mengen ech kréien ech Sträit mat lech heibannen. Déi Iddi vun der Campagne wäerte mer sécher ophuelen. An um Internet schaffe mer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi Stellungnam an déi kloer Wieder. Ech mengen dann hätte mer d'Diskussioun ofgeschloss. Da géif ech proposéieren zum Vott iwwerzegoen. Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun vun der Museksschoul averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci a soen och dem Bob Morhard Merci fir seng Presenz.



9. SCHOULORGANISATION

Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun 2022/2023 fir de Fundamental

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géife mer weidergoen op déi nächst Schoulorganisatioun, dat ass déi vum Fundamental. Da géif ech dem Josiane d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Bei eis begrëssen ech den Erni Ferrari an den Erni Hoffmann vum Service Enseignement a vum SEA. Ech si ganz frou muss ech éierlech soen, dass dëst Joer net vill Ännerungen an der definitiver Schoulorganisatioun sinn, well mer schonn eng Zäitche hei sinn. Ech géif awer trotzdem op déi verschidden Ëmännerungen agoen. Wéi gewinnt hutt Der natierlech déi verschidden Dokumenter hei leie vum der Schoulorganisatioun, dat wat mer all Joer virleien hunn. Mir hatten net wierklech grouss Ännerungen, an trotzdem si kleng Ännerunge bäikomm, z.B. beim Contingent. Mir hate jo de Contingent kritt Enn Mäerz, do ware mer bei 3729 Leçon. Lo si mer bei 3768 Leçon. Dat läit einfach dodrun, datt d'Schülerzuel vum Mäerz bis elo an d'Luucht gaangen ass, also bis Juni. Et sinn eng ronn 50 nei Schüler bäikomm. Dovu si 15 Primo-Arrivanten. Et ass awer och esou, datt Schüler fortgaange sinn. Et kommen net nëmme Schüler bäi, well soss kéime mer jo iergend eng Kéier net méi no mat de Klassen. Sou datt mer am Total 10 nei Schüler hei zu Diddeleng hunn an dat spillt sech dann natierlech och an de Leçon. erëm.

Wéi sinn déi verschidde Leçon, déi mer bäikrute verdeelt? Dir wësst mer hunn 39 Leçon méi. Mir hatten nach 10 Leçon, déi hate mer eis en réserve gehale vum Projet Waldschoul, fir datt mer och dee kéinte realiséieren, falls mer keng Stonne vum Ministère géife bäikréien. Bon 42 Stonnen vum deene Stonnen, déi mer dann hate vun deenen 49, déi si verdeelt ginn op déi 7 Schoulen, wat virun allem dem Appui zegutt komm ass. Dat heescht all Schoule krute méi Appui. An déi aner 7 Stonnen, déi hu mer da geholl fir de Projet Waldschoul, fir deenen zur Verfügung ze stellen. Et ass och esou datt mer vum Ministère 15 Stonne kruten hors contingent, sou datt mer awer do 22 Stonnen en réserve hate fir de Projet ze maachen. Et ass och esou, datt mer net nëmme een Enseignant, mee zwee Enseignante um Projet Wildnispädagogik hunn. Déi deelen sech déi Tâche op. Dat heescht jiddereen huet eng hallef Tâche an der Waldschoul. Deen een ass Méindes, Dënschdes an hallef Mëttwochs do an deen aneren dann eeben déi

2 ½ aner Deeg. Natierlech hoffe mer d'nächst Joer vum Ministère nach weider Stonnen ze kréie fir de Projet ze realiséieren. Wat awer vläicht wichteg ass: Mir als Gemeng, mir droen do natierlech och zu deem Succès bäi, well mir hunn e ganzen Educateur mat 40 Stonnen zur Verfügung gestallt, dee reng op d'Käschte vun der Gemeng geet. Dat wëll ech awer mol eng Kéier hei soen. Et ass net sou, datt mir do net géifen eis Participatioun maachen. Bon, da fir déi Leit déi konnten bei der Presentatioun vun der Waldschoul dobäi sinn, si hate jo eng kleng Porte ouverte gemaach, wou d'Conseillere invitéiert waren. Ech hoffen dass Dir do zu vill dobäi waart an lech de Projet eng Kéier konnt ukucken, wéi et da wierklech ofleef. Also et ass derwäert. A wann Der et net konnt maachen, da profitéiert a gitt eng Kéier dohinner kucken.

Eng aner Ëmännerung an der Schoulorganisatioun, dat war um Däich. Do war virgesinn, 2 Klassen am 2.1. ze maachen an 3 Klassen am 2.2. Si hu sech elo anescht decidéiert a si maachen 3 Klassen am 2.1. an 2 Klassen am 2.2. Dann eppes wat awer opfällt, dat sinn d'Augmentatiounen vun den Allongementen: Mir hunn de Contingent relativ fréi misste verdeelen a mir hunn déi Situatioun dee Moment nach net kannt. An elo, bei der definitiver Schoulorganisatioun, do gesäit een datt elo ganz vill Allongementen bäikomm sinn. Dat heescht, am 3.1. do waren der fir 11 virgesinn, do si mer lo bei 20 Allongementen. Am 2.3. do waren et der 30, do sinn der 41. Am 3.3. waren et der 16 an do sinn et der lo 23. De Cycle 4, do ass et sou, datt déi dann aus eisem System erausfalen a weiderginn. Précocé, do ass et sou, datt mer 13 Kanner manner hu wéi der am Mäerz virgesi waren. Do leie mer lo bei 136 Kanner amplaz bei 149. Vläicht ass do wichteg ze soen, dass 88 Kanner am E-Grupp sinn, als de ganzen Dag an der Maison Relais also an dem Précocé. Dann eng Ännerung an der Schoulorganisatioun, déi hate mer awer schonn am Gemengerot, dat sinn déi 2 Mol 5 Minutten déi bäikomm sinn Dënschdes an Donneschdes. Do hu mer jo am Fong d'Schoulzäit verlängert ëm 5 Minutten. Weider Changementen, déi och e bëssen d'Schoulorganisatioun beaflossen, dat sinn natierlech déi zwou Gruppe vu ProFamilia déi bäikommen. Dovu kënnt elo eng bäi an der Fuesvakanz. Dat si 4 Kanner, do ass et awer sou, datt déi Kanner schonn integréiert sinn um Strutzbiërg. Déi beaflossen eigentlech kaum de Verlaf vum Strutzbiërg. Mee da kënnt en zweete Grupp, an dee kënnt an der Ouschtervakanz, an do ass et awer sou, dass déi Kanner, wa mer wësse wéi d'Altere sinn, eigentlech an d'Lenkeschléi solle scolariséiert ginn, fir och e bëssen op verschidde Gebaier opzedeelen. Soubal mer méi wësse soe mer lech och do Bescheid.

Den Erni Hoffmann huet och wéi ëmmer de Rapport vum SEA an der Schoulkommissioun gemaach. Och do hutt Der lo déi verschidden Dokumenter virleien. Dozou wëll ech awer elo e puer Zuele soen. Mir hunn dëst Joer 80 Kanner méi konnten ophuele wéi bei der leschter Rentree am SEA. Dat ass natierlech ganz vill. Dir wësst och alleguer, datt mer nach eng Waardelëscht hunn. Déi Waardelëscht, dat sinn e bësse méi wéi 100 Kanner de Moment an dovun sinn awer 75% an der Gafelt an um Strutzbiërg. Dat heescht, do feelen eis am Fong am meeschte Plazen. Wat awer och ganz wichteg ass, datt

mer an der Gafelt 34 Plaze konnten opmaache fir nach Kanner eranzehuelen, doduerch datt mer den C4 op de Strutzbiereg schécken. An dann, an dat ass eppes, wat awer mengen ech ganz wichteg ass, mir hunn an dee-ne leschten 2 Joer hei zu Diddeleng 390 nei Plazen an de Structure d'acceulle geschaf. Wat awer net wéineg ass. Dat sinn déi an der Lenkeschléi, Ribeschpont an och natierlech an der Maison Relais Italien, wou mer vill kleng Kanner konnten ophuelen, wat gutt ukënnt. 390 an 2 Joer, ech mengen do kënne mer stolz drop sinn.

Da wollt ech nach eppes kuerz uschwätzen. Dir wësst, dass mer all 3 Joer d'Elterevertrieder nei wíelen. Och déi sinn nei gewíelt gínn. Et ass elo nach sou, datt mer nach 3 Elterevertrieder fir d'Schoulkommissioun wíelen an dëst wáert den 30. November gemaach gínn. An dann ass et sou, datt ech och gesot hat am leschte Gemengerot, mir géífen de Projet vum Däich, d'Alphabetisatioun, an der Schoulkommissioun virstellen. An och de Rapport vun der Schoulmedezin wollte mer nach virstellen, mee dat maache mer lo e bësse méi spéit, well déi nei Elterevertrieder nach net do waren. Dann, an ech mengen domadder kéint ech scho bal schléis-sen, dann natierlech d'Mercien. Mercien fir d'éischt un d'Presidenten awer och virun allem un de Service Enseignement an awer och un d'Direktioun vum SEA. Natierlech och un d'Schouldirektioun, awer och un dat gesamt Personal, dat mer an eise Schoulen an an eise Structure d'accueilen hunn, fir déi exzellent Aarbecht. Villmools Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, also och eng Kéier e grouss Merci un de ganze Service École an un alleguerten d'Presidenten, d'Schoulpersonal an och un de SEA-Grupp. Et ass natierlech ëmmer flott an der Schoulkommissioun am Virfeld scho Saachen ze diskutéieren. Dat leeft och ëmmer ganz flott. Zu den Detailler huet d'Josiane di Bartholomeo-Ries elo schonn d'Detailler gínn. Wat flott ass, dat ass, dass déi Saachen, déi mer eis ëmmer sou erhoffen, dass dat awer ëmmer relativ gutt ausseet, fir de Contingent awer e bësselechen an der Riicht ze halen. All déi Projeten, déi mer ragínn, déi gínn ugeholl, dat ass awer och nëmme dank engem flotten Dossier, dee virbereet gínn ass. Dat ass jo och net ëmmer sou evident an ech denke mat eiser Direktioun hu mer do och Chance, dass mer och deen néidegen Appui kréie vun deenen Haaptprojeten déi mer hunn.

Zu der Schoul selwer: Jo, erschreckend ass de Rallongement vu ville Kanner, déi awer nach net à la hauteur si fir an deen nächste Cycle ze goen. Ech denken awer dass et och wichteg ass, dass mer dat maachen, dass do all Kand individuell gekuckt gëtt, mat den Elteren zesammen decidéiert gëtt, well dat Wichtegst ass, dass d'Kanner frou sinn an der Schoul. A wann s de e Kand einfach weiderschleis an et ass total iwverfuert an deem nächste Cycle, da kritt ee Bauchwéi, Kappwéi, dann ass et onglécklech an traureg. An dat wëlle mer net, an dofir fannen ech dat och ganz wichteg, dass de dat individuell mat den Elteren duerchdiskutéiers. An hautzedaags huet dat jo och net méi deen absolut schlëmme Nogeschmaach. Hei, et ass „sätzblíwen“. Mee dat ass einfach och geduecht, fir dem Kand nach méi eng Chance ze gínn. A wann ee gesäit, wéi vill

Elteren deem och zoustëmme, da muss een och soen, dass d'Leierpersonal eng ganz gutt Aarbecht mécht fir den Elteren ze erklären, firwat mer dat maachen. Ech mengen do si mer um gudde Wee. An ech denken, wann ee lénks a riets nolauschtert, dass déi Entente tëscht den Elteren an dem Leierpersonal awer och ganz gutt ass.

Ganz frou si mer och, an der Schoulkommissioun si mer dat gewuer gínn, dass mer d'Ufro bei den Elteren, ob se hir Kanner wëllen an de Précoce gínn, dëst Joer nach e bësse méi fréi erausgínn. Dass mer schonn am Februar, no der Fuesend, d'Leit initiéieren, fir se bei eis an de Précoce unzemellen. Dir wësst, dat ass ëmmer e bësse máin Dada, et ass net nëmme d'Scolarisation wichteg ass, mee och d'Socialisation a virun allem och d'Sproochentwécklung. Déi ass líiert un eng fréi Begegnung mat der Sprooch an dat geschítt iwver eis Précoce-Strukture sécher besser wéi a verschidde Crèchen. Net an en all, mee awer a verschidde Crèchen. D'Crèche, da maache mer de Lien zum SEA, Maison Relais. Ech denken et ass trotzdeem awer fir sech mol eng Kéier op der Zong zergoen ze loosse oder sech duerch de Kapp goen ze loosse, mir hunn 1900 Schüler an dovu sinn 1100 Kanner ageschriwwen am SEA. Sécher net vu moies bis owes, mee se sinn awer ugemellt am SEA. Dat ass schonn en enorme Chiffer. En plus ass jo och nach d'Remarque gefall an der Schoulkommissioun, do wësse mer och net, wéi vill Kanner nach a verschid-dene Crèchë sinn, well d'Crèchë bidde jo och nach e Mëttesdësch, och eng Prise en charge un. Da bleiwe wierklech nëmme nach e Grappvoll vu Kanner, déi exklusiv ausserhalb vun der Schoul doheem betreit gínn. Eis Foyerskanner an Heimer, déi gi jo och net an d'Maison Relais, déi si jo och nach an enger Struktur.

Dofir, dat ass och eppes, wat ee sech ëmmer mol muss duerch de Kapp goe loosse, dass een d'Valorisation vun den Elteren, déi doheem wëllen hir Kanner versu-ergen, dass een dat nach eng Kéier e bësse méi muss promouvéieren. Wéi gesot, hei ass net de Gremium fir dat ze maachen, mee et ass awer trotzdeem eng Re-marque wáert. An och e Punkt, deen ass net am Rap-port opgegraff gi mee dat war awer eng grouss Dis-kussion och, dass mer dat och wëllen op de Leescht huelen, dass mer de Kanner en obligatoresche Congé an de Maison Relais eventuell sollen ubidden oder dass mir eis dofir solle staark maachen. Mir als CSV géífen dat absolut ënnerstëtzen. All Mënsch huet 20 Deeg Congé. An och als Monoparental kanns de deng Kanner awer mindestens zwou Wochen aus der Maison Relais raushuelen. An et sinn aner Gemengen, déi op dee Wee gínn. Dat musse mer eis effektiv nach eng Kéier iwver-leeën.

Ech denken einfach un de Bien-être vun de Kanner. Do sinn der derbái, déi vu moies 7 bis owes 7 derbái sinn, mussen dohinner goen. An ausser déi eng Woch an der Chrëschtvakanz, wou mer zoumaache sinn eis Maison Relais ëmmer op fir jiddwereen. Et ass e Service dee wichteg ass. Absolut. Dat si mer eis och bewosst. Mee et soll awer och net sinn, dass mer einfach just eis Kan-ner dohinner gesat kréien an d'Eltere gínn all Responsa-bilitéit un eis of. Dat fanne mer net ganz gutt. E Pheno-men, deen ech och ëmmer méi begéinen, wann d'Eltere

Congé parental hunn a se hu schonn e Kand, da gi se et awer weider an d'Crèche an an d'Maison Relais an net nëmmen een Dag fir ze soen, ma da spillt et nach een Dag oder zwee Mëtteger mat de Kollegeen, mee oft vu moies bis owes. An dat war och net sou geduecht, wéi dee Congé parental agefouert ginn ass. Do muss ee kucken a punkto Abus an och de Bien-être vum Kand sech awer vläicht eng Kéier iwwerleeën, wéi een dem Kand da ka besser eng schéin Zäit doheem erméiglechen.

D'Josiane hat et ugeschwat vun den Elteren. Elterenaarbecht gëtt ëmmer an d'Fënster gestallt, dass dat wichteg ass. Mee mir hate lo ernüchternd Chiffere kritt vum Vott vun den Eltererepresentanten. Just als Beispill, am Brill, do ginn 470 Kanner hin, do sinn da sou vill Elteren ugeschriwwen ginn. 11 hate sech afonnt, fir e Vott ze maachen. An der Gafelt sinn 10 Leit komm, um Strutzbierg 8 Leit an um Ribeschpont 6 Leit. Just fir ze soen, mir hunn 1900 Kanner an eise Schoulen, do ass och nach e bëssen du pain sur la planche. Bon, et muss een natierlech och e soen, de Rôle vun den Elterevertrieder, deen ass och ganz divers. Et sinn och Schoulen, déi Elterevertrieder mat abezéien. An do muss ee vläicht probéieren, mat der Kommunikatioun, vläicht méi kloer ze maachen, wat dat och bedeit.

Wou mer e bëssen erstaunt waren an als CSV och net sou schrecklech frou, dat war wou et geheescht huet, ma ja, dann hu mer jo och ab November dee Groupe de travail „Projet École Balzeng“. Ech mengen et ass net déi éischte Kéier, dass ech hei gefrot hunn, wou mer dru si mam Projet Balzeng an ech wär frou, d'Josiane weess dat, wa mer do vläicht d'nächste Kéier am Gemengerot, dann ass jo och d'Budgets-presentatioun um Ordre du jour, dass mer do awer och wierklech am Detail – vläicht am Virfeld och an engem informelle Gemengerot – eng Kéier virgestallt kréie wat do leeft. Well ech fannen et net ganz glécklech, wann d'Leit an den Aarbechtsgrupp ginn an déi wësse méi wéi mir als gewielte Bierger. Dat ass eppes, wat ech just nach wëll mat op de Wee ginn. Wéi gesot, soss stëmme mer natierlech déi Schoulorganisatioun mat. An nach eng Kéier Merci u jiddwereen, deen drun deelgeholl huet, fir déi auszeschaffen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir stëmmen d'Schoulorganisatioun och mat an am Numm vun de Grénge soen ech och dem Service Enseignement Merci, de Presidentinnen a Komiteeën an der Direktioun beim Opstelle vun der provisoirescher an der Adaptatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun. A Merci och der Direktioun vum Service SEA a senger Equipe. A mir hoffen all op e méi en entspaant Schouljoer. Ouni Pandemie, ouni Schoul doheem oder Maskepflicht. Et gesäit jo lo mol gutt aus. Nei ass dëst Joer der Projet vum Ministère vun der Alphabetisatioun op Franséisch um Däich. Hei gëtt et nach net vill ze soen. De Projet ass just ugelaft am C1 an et bleift spannend, dës Entwécklung ze suivéieren. Am Tageblatt vum 26. Oktober stoung datt Gespréicher am Educatiounsministère lafen, datt zu Diddeleng eng weider europäesch Schoul kéint entstoën. Do wier ech awer mol virwëtzeg, wou déi hikéim. Ass dat eng Fondamental oder e Lycée oder béides? Dann hat den Här Michaux an der Schoulkommissioun matgedeelt, datt e Groupe de travail sech zesummefënnt fir d'Schoul Balzeng ze plangen an och e

Groupe de travail fir um Règlement d'occupation des postes, do gëtt och an engem Aarbechtsgrupp geschafft. Hei wäerten dann och Ännerungen ze erwaarde sinn.

Ech hat och schonn an der Schoulkommissioun gesot, et passt zwar lo net onbedéngt an dee Gremium, well et éischter Biergerbedeelegung ass, dass net méi an de Schoule vum Kannergemengerot ukënnt. Muer de Moien hu mer jo dann och déi éischt Rencontrer mam neie Kannergemengerot. Ech hat och am Internet gekuckt an den „Informations pratiques“ an an der Newsletter vun der Schoul. Och net um Site Écoles Dudelange, dat hate mer mol ganz am Ufank gemaach, wou de Kannergemengerot ugefaangen hat. Et fënnt een néirens Informatiounen. Also et fällt jo dann och éischter an deen anere Ressort, mee ech soen et awer trotzdem hei, well mir erreeche jo awer d'Kanner an d'Elteren iwwert d'Schoul an d'Wale si jo och an der Schoul. An dat Ganzt leeft jo awer iwwert d'Schoul.

Dann, wéi all Joer, hunn déi Gréng dann eng Fro zum séchere Schoulwee. Bon d'lescht Joer war et nach ze fréi fir ze froen. Ech froen dann dëst Joer nach eng Kéier: Ginn et iergendwou Gruppen, déi zesammen de Pedibus bilden an an d'Schoul ginn? Oder wéi gesäit et aus mam Traffic ronderëm de Schoulen? Ass et nach ëmmer d'selwecht? Ass et méi schlëmm ginn, ass et besser ginn? An dann hunn ech och nach eng Fro: Vum Quartier Italien op den Däich, gëtt et do e Bustransport? Ech mengen do ass et mol ee ginn, mee ech wollt dat nach eng Kéier nofroen.

Da Wildnispädagogik. Jo, do ware mer invitéiert, an dat war och ganz flott. A mir kruten do och gesot, datt den Undrang vun de Klassen, déi do wëlle matmaachen och wierklech grouss ass. An do géife si awer mol selwer nach eng Kéier kucke wéi déi Kritäre si fir sech unzemellen. Den éischten ass vir. Oder déi, déi schonn do ware ginn net méi geholl. Do misst een da mol kucken. Net dass déi, déi net drukommen da rose sinn. Da wollt ech nach froen zu de Schoulgäert an Hochbeeter. Mir hu jo eng Partie Schoulgäert an Hochbeeter. Wéi fonctionéieren déi? Gëtt do nach dra geschafft? An ass nach Demande? An ass et iwwerall méiglech, wou Demande ass, fir dat unzbidden? Bon, ech hunn et och schonn e puer Mol gesot, d'Précoce Lenkeschléi gëtt et zweemol, obscho se eng Kéier Brill-Lenkeschléi heescht. Déi Konfusioun mam Numm fannen ech nach ëmmer net glécklech. Wann ee se géif Foxenhiel nennen, muss ee just zwee Buschtawen austauschen, da kéint een d'Schrëft halen. Also ech ginn dat mol eng Kéier mat hei op de Wee.

Dann am SEA sinn 1100 Kanner ageschriwwen. Et sinn 80 Kanner derbäikomm. Mir hunn nach ëmmer déi Liste d'attente vun 100 Kanner. D'Madame Ries sot elo, mir hunn 390 Plaze geschaf an deene leschten zwee Joer. Jo, dat ass immens vill, mee déi Demande hält ëmmer nëmme bäi a bäi an d'Gemenge kommen net no. Wann ech kucken dat 2. Schouljoer an deem ech dëst Joer schaffen, 3 vu 15 Kanner sinn net am SEA. D'Kanner gi geschwënn alleguer an de SEA. De Problem ass jo haaptsächlech am Zentrum. An d'Madame Ries hat jo och an der Schoulkommissioun gesot, wann Urgencé si

gi Plaze fonnt. Mais bon, 100 Kanner sinn awer nach ëmmer vill Kanner. Do misste mer awer nach iergendwéi Léisunge sichen. Am Fondamental sinn d'Joer d'Effektiver ganz l'icht geklommen no e puer Joer Stagnéieren. An du hu mer eis och gefrot, mir sinn awer och mat de Schoulraim zimmlech vir bai an hanne widder. A bis Balzeng do steet dauert et nach laang, da maache mer eis wirklech Suergen, wann dann d'Zuel an d'Luucht geet, datt mer genuch Kapazitéiten hunn. Wéi gesot, mir stëmmen dat mat. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Ech hunn net ganz vill dozou ze soe well immens vill schon dozou gesot ginn ass. Wann d'Madame Kayser an d'Madame Heinen fäerdeg sinn all Joer, da si mer e bëssen duerch de ganze Gaart mat alle Froen. Ech fannen dat jo och ganz flott an interessant, mee et huet jo kee Wäert, dass ech dat alles widderhuelen. Ech soe Merci fir déi vill Erklärungen, déi mer kréien. An och d'Informatiounen an deene Schoulkommissiounen. Do gëtt och ëmmer ganz vill matgedeelt an dofir dann och e Merci un déi zoustänneg Schäffin d'Madame Ries. Ech mengen zu Diddeleng fonctionéiert et richteg gutt an de Schoulen. Dat fält engem virun allem op, net nëmmen wann een hei héiert, mee och wann ee mat Leit aus anere Gemenge schwätzt, do ass nach laang net alles sou evident. Och mat der Waardelëscht an de Structures d'accueil. Bon, 100 Kanner, dat sinn der vill. Mee wann ech aner Gemengen héieren, do ass dat vill méi schlëmm. Wat dann net heescht, dass een net awer soll kucken, d'Kanner placéiert ze kréien. Mee ech menge mir si scho relativ gutt do organiséiert.

Allgemeng gëtt och gutt Aarbecht geleescht, an dat zielt souwuel fir d'Léierpersonal wéi d'Personal an de Betreuungsstrukturen. Awer natierlech och dat administratiivt Personal, ob dat de Schoulservice ass oder de SEA-Service. D'Schoulmedezin net ze vergiessen an natierlech stëmme mer och déi Organisatioun mat. Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Well mäi Kolleg Romain Zuang haut net kann hei sinn an net seng gewinnnten Interventioun zur definitiver Schoulorganisatioun ka maachen, huet hie mer seng Notizen aus der leschter Schoulkommissiounsitzung ginn. Ech wäert mech beméie fir seng Informatiounen sou gutt wéi méiglech weiderzeginn. Dobäi wäert ech vill Saachen, déi hei scho gesot gi si widderhuelen, mee wéi heescht et: Doppelt genäht hält besser. Sou wéi eis Schoulschäffin scho bei der Presentatioun sot, gëtt et bei der definitiver Schoulorganisatioun wéineg Ännerungen par rapport zu der provisoirescher Organisatioun. Et kann ee feststellen, dass de Contingent adaptéiert ginn ass. Et ass e Plus vun 39 Leçonnen, an dat duerch déi Kanner, déi tëschen Abrëll a Juni bäikomm sinn. Doduerch dass d'Presidentinnen am Fréijoer 10 Leçone fir de Projet Wildnispädagogik an d'Reserv gesat haten an duerch de Surplus vun 39 Stonne konnten elo 42 Stonnen un déi 7 Schoule verdeelt ginn. D'Differenz vun deene 7 Stonnen si bei déi 15 Stonnen, déi vum MENJE hors contingent accordéiert goufe fir de Projet Wildnispädagogik gerechent ginn, sou dass do eng Ganzdagsléierpersoun ass, an de Projet ka stattfannen. Soss kënnt et just nach um Däich, duerch d'Effektiver bedéngt, zu

den Ännerungen a Klassen am C2. Am Précocé hu mer 13 Kanner manner. Vu dass d'Opstelle vun der provisoirescher Schoulorganisatioun sou fréi stattfënnt a Villes deen Ament net gewosst ass, kënnt et am Endeffekt zu vill méi Allongement, an zwar e Plus vu 27. Am C4 sinn eng 20 Schüler méi virun der Rentrée fortgaangen. Dofir hunn awer eng 50 Schüler aus anere Gemengen d'ëscht Schouljoer hir Scholaritéit hei zu Diddeleng ugefaangen. D'ëscht zu der definitiver Schoulorganisatioun. Am Numm vun eiser Fraktioun nach eng Kéier allen, déi un der Organisatioun bedeelegt waren en décke Merci. Erni an Erni.

An der leschter Reunioun vun der Schoulkommissioun kum et dann nach zu Informatiounen vun der Direktioun an notamment vum Joël Michaux. An engem Groupe de travail, zesumme gesat vun de Presidenten a Membere vun der Direktioun, sollt den ROP iwwerschaft ginn. Dobäi geet et ëm dat Règlement, dat bei der alljärelecher Postebesetzung ugewannt gëtt. Zur ProFamilia. Wann alles riicht ausgeet mat den Agrémenten, wäerten d'Kanner am Februar kommen. Prinzipiell soll en éischte Grupp no der Fuesvakanz an d'Schoul goen an den zweete Grupp no der Ouschervakanz. D'Kanner wäerten op de Strutzbiereg a Lenkeschleie opgedeelt ginn. Ech soen lech, wat de Kolleg mir sot. Den Erni Hoffmann huet eis e puer Informatiounen zum Service SEA ginn, notamment datt 1100 Kanner ageschriwwen sinn. Dass eng Hausse vu 70 Kanner besteet an dass bei d'ëscher Rentrée 80 Kanner méi erageholl gi si wéi 2021/2022. Op der Waardelëscht stinn eng 100 Kanner. Et ginn nach ëmmer vill Transporter an anere Strukturen gemaach. Beim Personal ass vill Wiessel. Et gëtt ëmmer méi schwéier Leit ze fannen, beispillsweis Graduéeën. Eng wichteg Meldung ass, datt ab dem Joer 2023, d'Aschreiwungen no der Fuesent fir Précocé a Fondamental an den Haiser gemaach gëtt. D'Eltere vun de schulpflichtege Kanner kréien uganks vun der grousser Schoulvakanz Bescheid gesot, ob hiert Kand ugeholl ass oder net.

Eng gutt Noriicht ass, dass d'Hausaufgabenhëllef gratis ass. Zur Alphabetiséierung op Franséisch ass ze soen, dass eventuell en Aarbechtsgrupp mat den Enseignante vum Däich an den Enseignante aus der International School zesumme gesat gëtt. Aktuell gëtt un der Organisatioun an um Programm geschafft. D'Alphabetiséierung an der Schoul selwer fänkt eréischt am September 2023 un. Virun der Vakanz kënnt d'Direktioun mat den Elteren zesumme fir de Projet virzestellen. D'Elteren hunn d'lescht Wuert, ob hiert Kand déi franséisch Alphabetiséierung mécht oder net. Zum Projet Neibau Balzeng ass ze soen, datt en Aarbechtsgrupp un engem Konzept fir d'ëscht Struktur Schoul-Maison Relais ufänkt ze schaffen. Zum Schluss erlaben ech mer dann awer nach eng ganz kleng perséinlech Remarque. Säit deenen 11 Joer wou ech net méi aktiv am Schoulwiesen tätég si stellen ech fest, datt enorm vill Ännerungen an Initiative gemaach gi sinn. Aus eegener Erfahrung weess ech, wéi komplex d'Schoulorganisatioun ass. Ech fannen datt hei zu Diddeleng d'Schoul an d'Betreiung immens gutt gefouert gëtt. An dat soll och nach laang sou weidergoen. D'LSAP-Fraktioun wäert déi definitiv Schoulorganisatioun stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Stellungnam. An da géif ech d'Wuert zréckginn un d'Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN) : Jo Merci. Ech probéieren elo op déi eenzel Saachen anzegoen, déi gesot gi sinn, an alles, wat ech vläicht elo net direkt beäntweren, dat mécht ee vun deenen zwee Ernien dann, wéi de Bob se genannt huet. Vlächcht zum Michèle, déi Diskussiounen iwwert obligatoresche Congé an de Crèche, Maison Relais. Ech mengen datt dat eng Diskussioun wäert ass, mee mir wäerten déi awer eng Kéier zesumme mat der Direktioun vum SEA féieren an da mat enger Propos zréckkommen, wéi een dat kéint ëmsetzen. Et dierf een ni vergiessen, datt et Leit ginn, déi et wierklech dringend noutwenneg hunn an do dierf een och keen op der Säit loossen.

Dann zu der Madame Heinen. Zu Balzeng, do war dat Groupe de travail. Jo allen zwee, voilà. Also et ass lo net sou, datt dee Groupe de travail en place ass. Et ass jo ëmmer sou, datt deen ausgeschriwwen gëtt, datt do en Opruff gemaach gëtt souwuel beim Léierpersonal wéi och bei der Maison Relais fir sech an deen Aarbechtsgrupp ze mellen an dat ass just ofgeschloss. Méi ass do nach net geschitt a mir wäerten lech och ganz gären déi Leit presentéieren, wann et bis mol steet, mee de Moment steet et nach net. Et ass elo net sou, wéi wa mer wäit avancéiert wäeren. Mir hu just den Opruff gemaach an deen ass elo ofgeschloss.

Dann ROP, jo de Bob war kuerz drop agaangen. Mir hunn all Joer Diskussiounen, den Ern kann dat vlächcht méi detailléiert soe wéinst deem Règlement Occupation des postes. Do war d'Propos lo komm, fir datt si sech ënnerenee mol eens ginn, wat se wëllen a wéi si dat selwer gesinn. Séchere Schoulwee. Do si mer am Gaang ze préiwien, ech kann do nach keng Chiffere soen. Beim Budget wäert ech do e bësse méi wëssen. Mee et ass lo net wierklech, datt dat gutt leeft. Also ech muss éierlech soen, nach kommen d'Elteren ëmmer mam Auto, egal wat mer maachen. D'Madame Dall'Agnol gëtt sech all Méi vun der Welt, fir all Saache bei de Schoulen ze maachen. Tempo 30 bis zum ech weess net wat. Mee awer kommen nach ëmmer ganz vill Reklamatiounen, datt d'Eltere wierklech mam Auto bal an de Schoulhaff erafuere. A Brill ass erëm e super Beispill, wou alles zougeparkt gëtt vu vir, hannen, iwwerall. Si komme mam Auto. Mir wëssen och nach net richtig, wéi mer dat maachen, mir préiwien dat a beim Budget kann ech do méi eng kloer Äntwert ginn. Italien, Bustransport, ech mengen do geet den Här Hoffmann vlächcht herno drop an. Kannergemengerot, do geet den Här Spina vlächcht drop an. Ech hat effektiv an der Schoulkommissioun gesot, ech kann dat net beäntweren. Ech hat lech gesot, si maache flott Projeten, mee ech mengen den Här Spina kann do méi detailléiert drop agoen.

Schoulgäert. Do ass et sou, datt do ganz vill leeft. Butschebuerg leeft ganz gutt. Déi hunn Hochbeeter, déi ginn an de Vakanze vun den Elteren ënnerhalen, déi këmmere sech ganz gutt drëm. Um Däich leeft och weider, dat leeft jo scho jorelaang. Cité Jardinière, do hate mer lo e klengt Lach hei uewen um Strutzbiereg. Do ass et awer esou, datt mer elo an engem gudden Mount eng

Damm kréien, déi do och déi ganz Zär mat Projeten a mat allem mécht. Mir si lo an der Procédure. Déi Damm kënnt elo. De Mäerchebëscher fir d'Gafelt hannert de Gemeng, dee leeft och. Ech mengen dat wäert se all. Ech hu lo kee vergiess. Da Précoce Foxenhiel. Mir kënnen dat gären eng Kéier diskutéieren, awer ech weess elo hei keng Äntwert direkt. Da Schoulraum. Do wëll ech awer nach eppes soen: Also et ass net sou, wéi wa mer um Enn ukomm wäeren. Mir hunn awer nach 3 Klassenäil um Ribeschpout geschaf. Mir hunn och nach op Lenkeschléi, och wann d'Lenkeschléier Presidentin dat net sou gären héiert, hu mer zwee Reserve-Klassenäil. Also do ass et lo net sou, wéi wa keng Reserv méi do war. Dann en plus kënnt jo derbäi, datt mer déi Mise en conformité maache vum Brill. Wou mer de Moment 1 Klassenäil a Reserv hunn. Et sinn am Fong 8 Säll a mir brauchen der nëmme 7. 1 Behale mer Rescht. A wann dat bis ofgeschloss ass, kënnt Balzeng zwar riwwer, mee mir behalen dann awer 4 Säll. Sou laang déi Containeren do stinn. Also bis Balzeng do steet, misste mer eigentlech iwwert d'Ronne kommen. An dann Europaschoul, do kann de Buegermeeschter vlächcht eppes dozou soen? Voilà. Dat war et mol vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Soll ech da weiderfuere mat der Europaschoul? Et ass nach net en Acquis dass se kënnt. Et sinn Diskussiounen, déi den Ament lafe säitens dem Educatiounsministère, deen un eis erugetrueden ass fir ze froen ob et méiglech wier, eng europäesch Schoul hei zu Diddeleng unzesidelen. Am beschte Fall souwuel am Fundamental wéi och Lycée. Also déi zwee Deeler: Dofir si mer de Moment an Diskussioun. Et ass nach net decidéiert dass et sou wäert sinn, well mer natierlech misse kucken, wou een dat géif usidelen, wou een dat géif integréieren. Dat war ee Moment eng Diskussioun am Kader vun NeiSchmelz, wou mer eng nei Schoul plangen, well an eng besteeënd Schoul kanns de dat schwéier mat eranhuelen. Respektiv muss een och kucken, wéi vill Schüler heescht dat? Ass dat au Détriment vun de Schüler, déi elo do sinn, well d'Anzéiungsgebitt wär da jo net nëmmen Diddeleng, mee och d'Gemenge ronderëm an déi selwecht Fro stellt sech dann och fir de Lycée. Wär dat dann an d'Annex an Italien oder net, dat ass eng Diskussioun, déi de Moment leeft an do ass nach guer keng Decisioun gefall. Et si Pourparleën, ouni dass elo schonn definitiv decidéiert gouf, wéini, wou, voilà.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFIN): Da gi mer de Staf hei weider, dann dierf ech elo eppes soen. Kannergemengerot, do ass et effektiv esou dass dëst Joer eng nei Equipe en place ass, déi mer muar wäerte kenneleieren. An dat ass och e bëssen ee Schwaachpunkt vum aktuelle Kannergemengerot, dass mer déi lescht Joren ëmmer erëm nei Encadranten hu misse sichen. Well aus ënnerschiddleche Grënn d'Encadranten, déi dat gemaach hunn opgehalen hunn. An dëst Joer, wat an deem Sënn flott ass, dat ass dass effektiv déi éischte Kéier säit laangem erëm eng Enseignante derbäi ass, sou dass mer eis dovun wierklech erhoffen, dass de Wee bis zur Schoul méi kuerz wäert ginn. Bezéiungsweis zu de Kolleegen aus dem Corps enseignant, dass do e bësse méi eng Dynamik rakënnt an déi eng gewëssen Ouverture da weise fir de Kannergemengerot. Dat war déi lescht Joren e bësse verluer gaangen. An dëst Joer,

mat där neier Equipe, déi hunn deen nämlechte Constat gemaach. Also do erhoffe mer eis, dass mer e bësse besser an déi Richtong kënnen schaffen. Nichtsdesto-trotz waren d'Walen awer ëmmer schéi grouss affichéiert an alle Gebaier, well d'Kanner jo Plakater dohi gestallt hunn. Zumindest laanscht déi ass een net komm. Merci.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT):

Ech soen lech mol alleguer villmools Merci fir déi léif Wieder. Et ass ëmmer gutt ze héieren, dass d'Aarbecht och e bëssen Unerkennung kritt. Ech wollt vläicht ufänke mam Règlement d'occupation des postes, wou d'Schoulpresidente mat der Schouldirektioun am Gaang sinn ze kucke fir deen ze änneren. Mir ware schonn all déi lescht Joren am Gaang, do Upassungen ze maachen. Den Hauptpunkt awer, firwat se deen Dossier nach eng Kéier mussen huele läit doranner, dass mer och e ganze Koup Delaie mussen anhalen, déi de Ministère eis virschreift, wéi d'Poste gewielt ginn. Den Datum ass op e Méinde virgeréckelt ginn, sou dass een u sech schonn Enn Mäerz gezwonge war fir eng Schoulorganisatioun op d'Been ze setzen. A mir hu jo lo mat de Chiffre gemierkt, mat den Allongementen, déi Chiffren, déi variéieren nach zimmlech staark vum Mäerz bis Mee/Juni. An dee Moment hu mir awer schonn eng gewëssen Organisatioun gestëmmt gehat, an da kënnt et natierlech dozou dass herno verschidde Klassen awer mussen ëmgeännert ginn, d'Postebesetzungen. A si sichen do e Wee, wéi een dat kann ëmsetzen, dass een d'Posten och méi spéit wéi kann. Do wäert sech hei am Gemengerot net vill änneren an där Hisiicht, mee d'Postebesetzung gëtt da vläicht méi einfach, doduerch dass een eeben méi spéit an de Schoulen domadden ufänkt. A voir. Et ass net sou evident, fir dat ëmgesat ze kréien, dat hu mer scho matkritt. Well bei eis awer u sech net sou vill Posten opbleiwen, do muss een e Wee fannen, dass dat fir jiddereen herno gutt ofleeft. Mee si sinn dohanner.

Zum Bustransport Quartier Italien – Däich. Mir hate jo d'lescht Joer am November domadder gestart, dass mer de Kanner, den Elteren an der Mëttesstonn d'Méiglechkeet ginn hu fir de Bus ze huelen. Dat heescht, fir vum Däich an der Mëttesstonn am Quartier zrëckgefouert ze ginn an dann eeben och géint hallwer zwou nees zrëck op den Däich gefouert ze ginn. D'lescht Joer war et sou dass mer eng extern Bustransportfirma hate fir deen Transport ze maachen. Wann et gutt gaangen ass hunn 8 bis 10 Kanner vum deem Transport profitéiert gehat. Dëst Joer hu mer eis iwwerluecht, ob mer dat nach eng Kéier sou sollte maachen, well dat jo awer mat engem gewësse Käschtepunkt verbonnen ass. Et war och sou, dass am Ufank vum Joer guer keen nogefrot hat. Dat muss een och soen. Mir hunn dat jo lo dann awer lancéiert. Momentan hu mer dann och 2 Kanner, déi ugemellt goufen. Lo wou et de Méinde start kënnt nach vläicht deen een oder aneren no. Mee op jidde Fall mir starten de Méinden domadder. Mir profitéieren dann awer nach vum eise Schoulbusser, déi souwisou fueren, déi d'Kanner an der Mëttesstonn an d'Diddelfamill féieren an herno nees zrëck op den Däich. Do hu mer nach Plaze fräi an deene Busser an deen Ament kënnen mer dann och dovunner profitéieren.

Mol kucken, wéi dat sech elo nach weider entwéckelt. Mir hunn d'Eltere vu 40 Kanner ugeschriwwen fir vum deem Transport ze profitéieren. Also dat sinn elo alles Kanner, déi weeder an enger Maison Relais sinn nach an der Diddelfamill ageschriwwen sinn. An zwar an der Mëttesstonn vum Méinden, Mëttwoch a vum Freiden. Déi aner Deeg net. Mol kucken, wéi d'Saach sech entwéckelt. Déi Kanner ginn dann natierlech och nach begleet vum enger Persoun, déi am SEA agestellt ass. Vläch kann den Erni do och nach e Wuert dozou soen. Et ass à voir ob dat elo wierklech misst ausgebaut ginn. Domadder hätt ech dann alles beäntwert.

ERNEST HOFFMANN (CHEF ÉDUCATION ET ACCEUIL):

Do ass eng Persoun, déi do matfiert. Dat hate mer d'lescht Joer sou gemaach. Do war et en externe Service, lo ass et mat engem Bus, dee mer hunn. Vu dass déi Kanner awer net an der Diddelfamill ageschriwwen si wollte mer awer ee vun eise Personal dobäisetzen, deen do e bëssen encadréiert. An dat ass et awer schonn. Ech wollt mech awer uschléissen un dem Erni seng Wieder. Villmools Merci och fir déi léif Wieder a fir déi Ënnerstëtzung. A mir schaffe gär zu a fir Diddeleng.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Villmools Merci. Dat si schéin ofschléissend Wieder! Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An och lech zwee Merci fir Är Präsenz an Är Erklärungen.

4. GEMENGEFINANZEN (SUITE)

4.8. Approbatioun vum éischten Avenant vun der Konventioun „Cours de langues“ mat der Gemeng Keel

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir hate jo den 9. Juli d'lescht Joer hei am Gemengerot eng Konventioun gestëmmt, déi mer mat der Gemeng Keel-Téiteng ofgeschloss hunn iwwert d'Organiséiere vun de Sproochecoursen. An déi Zesummenaarbecht fonctionéiert ganz gutt, sou datt Keel ab der Rentrée méi Coursen am Lëtzebuergeresche wollt ubidden. Allerdéngs stoungen an där Konventioun, déi mir gestëmmt hunn d'Zuele vun de Coursen dran a wat et kascht. An dat wär jo dee Moment net méi richteg gewiescht an dofir ännere mer deen Artikel 4 vun där Konventioun of an zwar ouni des Kéier Chiffren dranzeschreiwen, well soss misste mer all Kéier rëm wa Keel et Cours bäi wëll oder e Cours manner mécht hei rëm an de Gemengerot kommen. A Keel huet dësen Avenant och scho gestëmmt an zwar a senger Reunioun vum Gemengerot de leschte 27. Dezember. An dat beäntwert och direkt d'Fro, firwat et sou spéit heihinner kënnt, nämlech well mer gewaart hu bis Keel et gestëmmt huet, well si jo Demandeur waren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. Froen, Remarquen? Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

4.9. Approbatioun vun den Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer riwwer op d'Dekonten, 12 Stéck. Eclairage public – Modernisatioun vun Infrastrukturen (LED) 350.000.- Dépense: 330.386,85 EUR, dat war dir d'Joren 2015 bis 2016. Dann an der Rue de l'Hôpital/Rue Adolphe de Mur de soutènement: 230.000.- Dépense 218.508,62 EUR, dat waren d'Joren 2020 an 2021. Dann d'Rue des Minières / Rue Gares-Usines, de Reamenagement: 1.450.000 den Devis, d'Dépense 1.445.297,52 EUR. An da geet et weider mat dem Reamenagement vun der Plaz virun der Maison Relais Schwemm an der Piscine en plain air: Devis 200.000.-, d'Dépense 199.876,87 EUR. D'Joer 2020. An dann Complexe scolaire Lenkeschléi, Mise en place vun engem Tapis virun der Schoul. Den Devis 300.000.-, d'Dépense 299.815,09 EUR. Dann d'Agents municipaux, dat war Remplacement vun hiren Apparater. Dat war den Devis 30.000.-, d'Dépense 25.420,00 EUR. Dann, an der Rue de l'Hôpital, d'Haus Nummer 102, do hu mer souwuel den Daach wéi d'Fassad frëschgemaach. Den Devis 130.000.-, d'Dépense 120.685,24 EUR. A beim Service Gaz & Eau, eng nei Garage déi gemaach gouf. Devis 106.000.-, Dépense 104.439,58 EUR. Also 2021. D'Briller Schoul, d'Détection Incendie. Den Devis 85.000.-, d'Dépense 83.699,55 EUR. Strutzbiereg A – Deménagement vun der Chaudière Bâtiment C an Adaptatioun. Vum Devis 35.000.-, d'Dépense 17.599,37 EUR. Salto-Schlüsselen an de Schoulen, Maison Relais, Crèche, Devis 150.000.-, Dépense 145.989,00 EUR. Dann, Participatioun Remplacement Station de pompage bei de Scouten. Devis 11.500, Dépense 11.500,00 EUR. Dat waren déi Dekonten, déi ech hei wollt presentéieren. Ass de Gemengerot mat deenen Dekonten averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.10. Subside ordinaire 2021 vum Exercice budgétaire 2022 fir e lokale Veräin

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, dat ass e Subside ordinaire vum Joer 2021, deen awer am Exercice 2022. Dat ass jo wou mer hei ëmmer stëmmen. Do ass et jo sou, do hate mer hei ee Subsid dee mer der Diddelenger Sektoun vun Amitié Portugal-Lëtzebuerg wollt ginn. Dat ware 740.- Euro. Mir schécken dat jo ëmmer raus un d'Veräiner, an déi wou sech dann net bei eis mellen, déi kréien dann nach eng Kéier e Rappel. Si haten eis och nach e Courier erageschéckt mat allem, du war et awer iergendwéi hei vertässelt ginn a wéi mer deen erëmfonnt hunn, hu mer gesot, mer müssen deen op den Ordre du jour setzen, fir dass si da fairerweis hire Subsid awer och kréien. Dat war hei administrativ e bëssen ënnergaangen. Mer wëllen dat och propper hei regulariséieren. Ass dem Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.11. Subsidés extraordinaires

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op d'Subsidés extraordinaires riwwer. Dat ass Frais de remplacement vum Hauptportal um Roubierg. Dat sinn d'Peaux rouges. An dat ass e Subsidé extraordinaire vun engem Montant vu 3.277.- Euro. Dir gesitt et hei am Courier, dass den Educatiounsministère 50% en charge hält a mir huelen dann ëmmer 50% en charge vun deem, wat iwwereg bleift, sou dass de Veräin dann de Rescht, also 25% dann eebe muss droen. Sou dass dat heissen dann e Montant ass vun 3.277,31 Euro. An dann 150.- Euro fir d'Association des victimes de la route. An dann all Kéiers 200.- Euro fir d'Veräiner, déi beim Summer Spill a Spaass am Joer 2022 matgemeet hunn. Voilà, dat zu de Subsidés extraordinaires.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo Merci fir d'Wuert. Ech wollt just eppes Klenges soe zu der Dier vun de Peaux Rouges. Natierlech si mer averstane mat deem Subsid, dat ass guer keng Diskussioun an dat stëmme mer och mat. Allerdéngs géif ech och gäre vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Schäfferot un d'Häerz ze leeën dass, wa mer eis un de Käschtchen vun enger neier Dier bedeelegen, mer och déi Verantwortlech vun de Peaux rouges nach eng Kéier sollten drun ërënneren, dass d'Dieren eigentlech geduecht si fir se och zouzemaachen. Ech mengen domat virun allem dass se, wa Privatfeieren am Gebai sinn, an dat ass zimmlech oft, dat geet bis owes spéit an da gëtt et ëmmer méi haart an eng Rëtsch Noperen déi bekloe sech ganz oft richteg vill iwwert dee Kaméidi. Ech selwer hunn dat och scho live erliewt an iwwer Telefon schonn héieren. An d'Police gëtt leider do och ganz oft sollicitéiert. D'Leit halen sech einfach net drun, soubal d'Police fort ass, geet et erëm d'selwecht weider. An dat läit einfach e bësse méi héich an d'Haiser e bësse méi déif an dat ass richteg vill Kaméidi a ganz oft. An dofir denken ech dass d'Gemeng sollt hir gutt Relatiounen zu de Verantwortlechen notzen, déi se jo awer huet, fir dass déi bei hire Locatairen och wierklech intervenéieren a se drop opmierksam maachen, dass net wäit ewech e Wunnquartier ass an dass d'Leit solle Rücksicht huelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Dat eent ass déi finanziell Participatioun par rapport zu engem Portal, dem Hauptportal wat d'Entrée ass an den Accès regléiert fir op de Site. Ech wëll dat awer elo net vermësche mat der Aart a Weis, wéi d'Peaux Rouges dat reegele mat hiren Locatioun. Ech weess awer dass do Situatiounen ware wou Leit sech beklot hunn, an ech weess awer och dass déi Responsabel vun de Peaux Rouges, all Kéiers wa se eng Locatioun maachen, dat zu den Hausreegele gehéiert an hire Locatairen all Kéiers och soen. Bei deenen enge klappt et a bei deenen anere klappt et manner. Ech wëll och net hei am Raum stoe loossen, datt dat eng generell Situatioun wier. Mee Dir hutt awer Recht, an et kann och de Fall sinn, dass dat stéiert. A si si sech och där Saach bewosst an och do hannendrun. Sidd Der averstane mat deene Subsidés extraordinaires? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

II. PERSONAL

11.1. Approbatioun vum Relevé vun de Persounen, déi eng Auer geschenkt kréie fir 20 Joer bons et loyaux Services a vum Relevé vun de Persounen, déi en Akafsbong geschenkt kréie wa se an d'Pensioun ginn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech weiderfuere mam Personal. All Joers déi Leit, déi fir 20 Joer geéiert ginn, respektiv déi déi am Joer 2021 an d'Pensioun gaange sinn. Fir 20 Joer, dem Alphabet no: Dan Biancalana, Alice Bidinger, Robert Bigdowski, Marco Czaika, Thessy Erpelding, Corinne Guidoreni, Jan Hennico, Marco Him, Joëlle Jacobs, Marie-Jeanne Schlessen, Muriel Sinner, Marc Thurlpel, Carole Tomasini. An déi Leit, déi 2021 an d'Pensioun gaange sinn, déi eis verlooss hunn: Marie Antony, Carine Bruck, Sylvie Cirelli, Annik Ewen, Jean-Claude Fabeck, Patricia Fattebene, Marion Halsdorf, Claude Kasel, Alain Konter, Patricia Linari, Franco Manzella, Mariano Pasquini, Annette Rommes, Irène Scholtes, Andrea Ternes, Petra Theis, Myriam Theobald, Nathalie Toschi, Serge Waldbillig. Déi, déi fir 20 Joer geéiert ginn, déi kréien e Bon d'achat vun enger Valeur vun 1000.- Euro, déi wou an d'Pensioun ginn e Bon d'achat vun 200.- Euro. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Jo.** Merci.

11.2. Schafung vun engem Gemeengefonctionnaire-posten, Groupe de traitement C1, administratif (Service des sports)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op deem nächste Punkt wat d'Personal betrëfft iwwer. Dat ass d'Kreatioun vun engem Fonctionnaire-posten, Tâche complète, dat ass an der Kategorie C1 am Service des sports, dat ass fir den Depart à la retraite vun enger Mataarbechterin ze preparéieren, déi a Pensioun wäert goen an de Moment am Krankeschäin ass, e verlängerte Krankeschäin och huet, well et hir net sou gutt geet. Fir dat ze preparéieren. Si sëtzt natierlech op deem dote Posten. Dofir ass engersäits hei d'Propos, deem C1-Posten ze kreéieren, a soubal si dann d'nächst Joer an d'Pensioun geet, dee Posten ofzeschaffen. Si ass krank an net déi moindre Krankheet an dofir ka se net méi hire Service gewärleeschten, dofir proposéiere mer, dee Posten hei ze kreéieren, a wa si an d'Pensioun geet ofzeschaffen. Ass de Gemengerot domat averstanen? An hutt Der Froen?

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Ech wollt nëmme ganz kuerz eppes soen. Nodeems ech am leschte Gemengerot kritiséiert hunn, dass e Fonctionnairesposten an en Employé communal ëmgewandelt ginn ass, da fannen ech et dës Kéier gutt, dass et ëmgedréint ass an dass aus engem Employé communal e Fonctionnaire gemaach gëtt. Déi gutt Saache soll ee jo och luewen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



13. MOTIOUN IWWERT DE BOYKOTT VUN DER FUSSBALL-WELTMEESCHTERSCHAFT AM QATAR

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer op deem nächste Punkt iwwer. Dat ass eng Motioun, déi déi Lenk deposéiert hu par rapport zu der Weltmeeschterschaft am Qatar, an do géif ech dann der Autrice d'Wuert ginn.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Et ass warscheinlech jidderengem bekannt dass elo geschwënn ab dem 20. November d'Fussballweltmeeschterschaft am Qatar ausgefouert gëtt. Et ass zu deem Thema vill geschriwwen a gesot ginn. A mer denken dass et eigentlech e grouse Skandal ass, souwuel mënschlech gesi wéi och ekologesch. Vill ONGen, ënnert anere Amnesty International hu sech schon oft dozou geäussert an an hire Rapporte beschreiwe si flagrant an onerdreilech Verstéiss géint d'Mënscherechter op de Chantieren um Qatar. E puer Beispiller. Sécherheet op der Aarbechtsplaz: ganz vill Leit si bei der Ausféierung vun hirer Aarbecht ëmkomm. D'Zuele variéiere vu 6.500 vum Guardian bis 15.000 vum Amnesty International. Aarbechtsrecht: d'Aarbechtsconditiounen gi verglach mat Versklavung vun deenen zum allergréissten Deel immigréierten Aarbechter. Fraerechter: Am Qatar sinn d'Frae komplett ënnerdréckt an dem Wëlle vun de Männer ënnerstallt. Rechter vun de Minoritéiten: net heterosexuell Persounen, also all LGBTIQ+ Persounen riskéieren eng Strof. Déi ka vun 3 Joer Prisong goe bis bei d'Doudesstrof, wa se hir sexuell Orientatioun manifestéieren. Kierzlech huet e sougenannte WM-Botschafter an Ex-Fussballspiller aus dem Qatar, de Khalid Salman an deem Kontext gesot, ech zitéieren: „Schwulsein ist ein geistiger Schaden.“ Dat ass op Däitsch iwwersat. „Damage in the mind“ hat e gesot. An en hätt Problemer domat wa Kanner géife Schwuler gesinn, well se do géifen eppes léiere wat net gutt wär.

Den Här Bëttel an aner Offizieller hunn dës Aussoe kritiséiert. Mee et bleift eng Tatsaach dass alles anescht wéi Heterosexualitéit verbueden ass am Qatar. Dobäi kënnt, dass mer an enger Klima- an Energiekris sinn. Wann een da bedenkt dass fir dës WM grouss Stadie matten an der Wüst gebaut gi sinn, déi mat ganz vill Energie klimatiséiert gi fir dass iwwerhaupt kann do gespillt ginn, iwwerregens ass den Daach och nach no uewen op, wat wierklech eng Farce ass, da muss een dach zouginn, dass dat absolut geckeg ass.

De Sportswashing dee Qatar do mécht, fir sech no bausse gutt ze weisen, datt hunn natierlech aner Länner och scho gemaach, an ech erwäne just China a Russland, mee deem sollte mer awer net einfach sou nokucken. Am Qatar gi vill Wäerter mat Féiss getrëpelt an net respektéiert wat awer eis Wäerter sinn an déi mir hei oft vertrieeden an héich halen, och zu Diddeleng. Dat musse mer ganz kloer ofleenen. Jo, et hätt schonn e vill méi e kloert Zeechen op aneren Niveaue misse gesat ginn, deemools 2010, wéi d'WM u Qatar vergi ginn ass. Leider huet och Lëtzebuerg sech do net bemierkbar gemaach. Et ass awer net esou, wéi wann net vun Ufank u Protester do gewiescht wäeren.

Allgemeng gëtt den Drock no engem Boykott ëmmer méi grouss a kënnt vu ville Säiten. Grouss europäesch Stied, wéi z.B. Paräis, Lille a Strossbuerg hu sech fir e Boykott entscheet, sou wéi och vill Spiller a Veräiner dozou opruffen. Op groussen Terrainen, z.B. an Däitschland, wou ech méi oft sinn, gesäit een all Weekend Bänner zum Boykott. Ech wëll nëmmen ee vu villen zitieren: „15.000 Tote für 5760 Minuten Fußball – Schämt euch“. An der Motioun, déi Déi Lenk schonn am Virfeld un de Gemengerot geschéckt hunn an elo zum Vott virleeën, gëtt de Schäfferot opgefuerdert, all ëffentlech Ënnerstëtzung vun dëser WM ze boykottéieren, keng Infrastruktur opzeriichte fir e Public viewing vun de Matcher vun dëser WM, an d'Iwwerdroung vun de Matcher vun dëser WM a kengem Gebai wat der Gemeng gehéiert oder ënnert hirer Gérance steet ze erlaben.

Mir hei zu Diddeleng maache vill am Sënn vu Gläichberechtigung, an et géif eis gutt zu Gesiicht stoen, wa mer hei géifen en Zeeche setzen. Och wann et nëmme symbolesch ass. Dofir bieden ech lech, dës Motioun unzuhuelen a matzestëmmen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Mir ënnerstëtzen déi Motioun. D'Madame Erpelding, déi huet alles gesot. A mir wäerten dat matstëmmen. An et ass och richtig, dat hätt vill éischter missen ugeschwat ginn. Gëschter Owend war jo och eng Sendung um Fernsee, an do ass dat jo och thematiséiert ginn. Mir ënnerstëtzen dat.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hunn elo keen Text dozou virbereet, mee trotzdeem soen ech e puer Wierder derzou. Wat d'Madame Erpelding seet, do si ganz vill Saache richtig dran a Villes ze iwwerdenken an trotzdeem huet d'FIFA déi WM dohinner ginn. Dat ass net onbedéngt eis Entscheedung gewiescht, dat ass hir. Ech fannen déi, wou de Match net wëlle kucken, déi sollen en net kucken. An et ass awer net elo un der Gemeng fir ze soen, dass mer net kënnen an engem Fussballlokal oder engem Tennislokal e Match kucken. Dat ass den drëtten Punkt dovunner. Dass mer a kenger Infrastruktur vun der Gemeng kéinten e Match kucken. Ech fannen, dass dat awer relativ wäit geet. Wéi wäit gräifs de do an, fir engem eppes ze verbidden wat e soll maachen, wat en net soll maachen. Ech mengen dass mer kee Public viewing maachen an dësen Zäiten ass total logesch, do brauche mer guer net driwwer ze diskutieren. Well do misste mer Heizpilzen opstelle fir dass mer net kal ginn an Zelter opriichten. Dat maache mer souwiesou net.

Mee fir awer sou wäit ze goen, dass mer dann nach an de Lokaler dat verbidden. Mir kënnen et net verbidden. Dat geet net. Wa si e Fernsee opstellen a kucken nach gären e Match nom Training, wéi soll een dat handhaben? Da misst de jo dat och nach bestrofen, wann s de dat verbitts. Also ech géif dee Punkt op alle Fall eraushuele wa mer schonn eng Motioun géife stëmmen. Jo an enger Enceinte, wann ech op den Tennis ginn an ech trainéieren do an ech ginn duerno nach eppes drenken an ech kucken nach e Fussballmatch, dann ass dat mäi Choix. Da kann d'Gemeng mir dach net verbidden, do de Match ze kucken. Also Pardon. Ech maache lo kee groussen Event dorausser, mee dat gehéiert do derzou. An ech fannen net, dass mer dat kënne maachen. Ech weess net, wéi d'Positioun vum Här Spina ass, wann deen elo eppes dozou wëllt soen. Mee ech fannen awer, dass et e bësselchen ze wäit geet. Ech sinn awer mat ville Punkten averstanen, dass dat ganz kritesch ass an dass do Saache geschitt sinn, déi net OK sinn, mee fir dat Ganzt komplett sou ze bokottéieren, dann dierfte mer och e ganze Koup aner Sportsevenementer net ënnerstëtzen, déi vu Qatar Airways gesponsert ginn. Ënnert anerem grouss Fussballsequippen, déi vun hinne gesponsert ginn. Dat ass wierklech ganz diskutabel dat Ganzt. Ech géif d'Motioun awer net ganz unhuele wéi se do ass.

BOB CLAUDE (LSAP): Also ouni ze wäit erauszegräifen, wat de Claude elo sot, deem kann ech och zoustëmmen. Et ass och sou, et ass net nëmmen am Qatar wou Leit net déi Wäerter kënne profitéieren wou mir hei profitéieren. A wann ee lo kuckt, am Qatar ware scho virdru Weltmeescherschaften. Handball am Joer 2015, Liichtathletik 2019. Do huet keen Hunn duerno gekréit, mir hunn dat gekuckt a mir hunn dat och flott fonnt. Déi Anlagen, déi ware wéi et schéngt och ganz flott. OK, wann elo grouss Baute gemaach ginn. Déi Aarbechter an deem Emirater, net nëmmen am Qatar, mä och do wou vill Lëtzebuerger fieren, op Abu Dhabi an op Dubai, ech war selwer 1997 zu Dubai, schaffen a schwierige Konditiounen. Zu Dubai ass mer opgefall, wéi do ënner aarmséilege Mëssstänn déi Leit op d'Aarbecht gefouert gi sinn, an zwar an deenen – ech wëll net soe Véiween – mee an deene Camionen, déi grujeleg un aner Zäiten erënneren. Da muss een och konsequent sinn. Déi Diskussioun ass réischt ganz zum Schluss opkomm a se ass och gutt, se gëtt duerch d'ganz Welt gefouert. Gëschter Owend hu mer effektiv och d'Televisioun gekuckt. Do ass och ganz flott diskutéiert ginn. An do hunn och verschidde Leit op aner Mëssstänn opmierksam gemaach. An do ass awer eppes rauskomm, wat ganz kloer ass. Een, deen de Fussball wëll kucken, dee kann e kucken, dee soll e kucken. Een dee seet, ech kucken dës Kéier exceptionnellement net méi, deem seng Meinung soll ee respektéieren.

Hei zu Diddeleng sinn ech och perséinlech der Meinung, e Public Viewing, an dat ass och gëschter gesot ginn, huet sech automatesch eliminéiert och quasi hei zu Lëtzebuerg, well et net rentabel ass, an am Fräie scho guer net, fir an engem deieren Zelt oder an enger Sportshal dat opzeriichten. Dat Eenzezt wat vläicht nach wär, am Hild zum Beispill, datt e Club géif Reklamm maachen, also kommt bei mech. Dat mécht iwwregens keen an et wäert och kaum do eng Demande kommen.

Ech loosse lo de Schäfferot hir Decisioun soen, mee dat war dat, wat ech wollt soen.

JEAN-PAUL FRIEDERICH (CSV): Just eng kleng Remark, et war och eng Olympiad a China, do war et och net besser. Ech mengen dat där f e net vergiessen. A wa mer hei eng Reklamm maache fir Public viewing oder et wiere Veräiner fir dat ze maachen, dann hätte mer e Problem. Mee et kann een elo net verbidden, wa beim F91 zoufällg géif gesot ginn, komm mer ginn dee Match kucken zesummen, dann ass dat schwéier, dat ze verbidden. Mee offiziell als Gemeng Reklamm maachen, dat musse mer vermeiden, dat ass evident. Mee wa mer vu sou Evenementen schwätzen, ass et kloer, dass et och op aner Plazen organiséiert ginn ass. Dat ass elo net nëmmen eleng de Qatar. Et ass och op Plazen organiséiert gi wou lo déi selwecht Reegele gegollt hu wéi lo do, an da musse mer villes aneres och nach verbidden, dat ass ganz kloer. Mee d'Motioun dass dee Public viewing soll gemaach ginn ënnerstëtze mer ganz kloer. Mee awer dass alles verbuede gëtt, dat kanns de net ënnersträichen. Dat geet net Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): MERCI. Lo ass vill gesot gi vu fréier, do war dat och schonn an hei an do. Mee ech menge mir sinn awer elo haut mat engem ganz konkrete Beispill do. Mir kënnen eis elo net rausrieden a soen, dat war schonn ëmmer sou a mir waren och a China, mir waren a Russland an hei an do. Et geet hei schonn ëm Mënscherechter an ëm eppes ganz Konkretes an och Prinzipielles. An ech fannen och, datt een eng Aufgab huet als Gemeng fir do e Message ze ginn no baussen. Mee ech gesinn awer och schwéier datt ee ka ragoe bis an d'Privatlieue vu Leit, wat dann do där f gekuckt ginn a sou. Souwisou gesinn ech dat och als en Aschnëtt an engem seng Decisiounsfräiheet, mee op där anerer Säit ass et juristesche guer net duerchezéien an ze kontrolléieren, wien ëm wéivill Auer wat kuckt. Mee ech menge schonn, datt et hei ëm e Message no bausse geet, wéi sech eng Gemeng positionéiert an där ganzer Diskussioun. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech si warscheinlech lo deen eenzegen heibannen, de guer näischt mat Fussball um Hutt huet, absolut guer net. Mee ech fannen dat ganz gutt wat d'Madamm Erpelding do nogesicht an opgezielt huet. Dass dat mol eng Kéier bewosst gemaach gëtt heibannen. A mir wëssen et natierlech alleguer schonn, an dobaussen. An ech géif et gutt fannen, wann d'Gemeng iergend eng Prise de position géif huelen zu deenen dote Virwërf. An dann, zum Beispill soen, mir maache keng public Ënnerstëtzung vun där Saach. Ech géif net méi wäit goen. Da géife mer soen e Public viewing maache mer net aus deem do Grond mee och aus ekologesche Grënn fir Energie ze spueren. Ech fannen et awer wichteg dass dat, wat gesot ginn ass och no bausse rausgedroe gëtt ass wéi wa mir dat ënnerstëtzen. Awer dass mir net sou wäit gi wéi déi Punkten, déi eeben do d'Privatsphär interesséieren, ech menge sou wäit misst een net goen. Mee einfach soen, mir maachen dofir kee Public viewing, ech mengen dat kann een no baussen hi vertrieeden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Däerf ech eng Propos maachen? Just ee Saz, wat d'Madame Kohn och gesot huet. Natierlech sinn et schonn aner Länner ginn, dat hunn ech jo och gesot. Mee et ass elo akut an et ass elo eng Dynamik opkomm an där ganzer Saach. An et ass jo lo keng Ursaach, nëmme well mer deemools sou eppes net gesot hunn, soe mer et haut och net. Well da seet een ni méi eppes. Ech géif da proposéieren, wann ech hei sou héieren, natierlech kann ee private Leit näischt verbidden. Also ech ka mengem Mann dat doheem verbidden, wann ech do sinn, där f hie kee Match kucken. Fir de Rescht. Dat ass eisen Deal, fir de Rescht kréien ech näischt mat. Ech kennen iwwregens ganz vill Leit, ech sinn an engem ganz grouse Fanclub, déi wierklech fir de Fussball liewen, an déi soen, ech kucken dës Kéier kee Match. Ech mengen den Denis Scuto huet dat gëschter och gesot. Bon, do mécht jidderee wéi e wëllt. Ech muss soen, wann ech sou d'Motioun liesen an de leschten Tret, effektiv sinn ech mer net bewosst gewiescht, dass et do Clublokaler ginn an do kann een deenen natierlech net verbidden, datt déi sech do zu e puer ronderëm de Fernsee setzen. Do sinn ech mer ganz bewosst. Ech géif einfach proposéieren, kommt mer huelen den 3. Tret ewech, mir loosse déi 2 éischt stoen. Wann dat kéint en Deal sinn, da wär dat awer flott, wa mer dat kéinte sou unhuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Merci och fir Är Réckmeldungen. Merci och fir déi doten Ouverture par rapport zum leschten Tret. Well effektiv, ëffentlech, privat, respektiv wat huet ee fir Kontrollmechanismen. Dat ass zimmlech schwiereg. Ech wollt awer scho soen dass mer virun der Motioun an och scho viru méi wéi engem Mount och scho vun der Press kontaktéiert goufen an och do kloer eis Stellungnam der Press matgedeelt haten. Dass mer kee Public viewing, keng Promotioun géifen als Gemeng maache wat hei d'WM am Qatar ugeet. Dofir rennt Der oppen Dieren op mat deem 2. Tret, wat de Public viewing ugeet. Wou ech mer awer Froe gestallt hunn, dat ass „à boycotter toute forme de soutien public à ce mondial“.

Boykott ass ëmmer schwiereg. Ech sinn der Meenung, wann ee boykottéiert, dass een éischter op engem aneren Niveau, am Dialog, Saache soll kënnen virubringen, notament – an Dir hutt dat richteg ugeschwat – alles wat d'Mënscherechter ugeet. Mee „à boycotter toute forme de soutien public à ce mondial“, dat géif jo dann heeschen dass de Schäfferot iergendwéi säi Boykott misst äusseren, wann, an iergendenger Form d'Regierung oder iergendeng Gemeng oder och eng Nopeschgemeng iergendeng Initiativ géif huele, fir awer hiren ëffentleche Soutien ze maachen oder awer géif e Public viewing maachen. Dat wär d'Opfuerderung un de Schäfferot, dat ze boykottéieren. Neen, mir engagéieren eis hei als Schäfferot Saachen ëmzesetzen hei um Territoire vun der Stad Diddeleng. An do si mer och an eisen Rôle an dat maache mer och. An dofir mengen ech och hei d'Ëmformuléierung „de s'abstenir, dans le cadre de ses attributions, d'apporter toute forme de soutien public à ce mondial“.

Ech mengen dass dat souguer sollt gëlle souguer fir déi 19 Memberen hei am Gemengerot. Wéi gesot, dat do kéint schonn éischer an eng Recommendatioun goen, well mir eis alleguerten hei eens sinn dass mer de Soutien public lo net wëllen no vir driewen. Mee dat doten ass an eisen Attributiounen, an domadder kënne mer liewen. Mee wann een dee Saz do sou ausleet a senger Teneur, heescht dat – ech soen dat lo sou – wa vun deenen 102 Gemengen der 50 Public viewinge maachen, da misste mer 50 mol boycottéieren. Wat géif dat heeschen, wann s de et sou auslees? Oder virun d'Gemeng goen a soen, mir boycottéieren? Mee et ass awer dat. De Saz huet jo eng Teneur. An da muss een awer kucken, wat de Saz och mat sech bréngt. Ech mengen dat ass an deem Sënn schwéier machbar. Mee dat doten ass eppes, wou mer ganz kloer derzou stinn, wou och en ligne ass mat deem 2. Turet. A wou et jo och dréms geet, dee moraleschen Aspekt an der Vierdergrond ze setzen. Dofir d'Propos, deen 1. Turet an déi dote Richtung ëmzeformuléieren, den 2. Turet natierlech ze loosser a mat där Ouverture déi Dir gemeet hutt, den 3. Turet dann ewechzehuelen. Ech mengen dann hu mer awer e kloer Message als Gemengerot ginn, wat d'WM am Qatar ugeet.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz. Dir hutt dat scho gesot, ech hat effektiv e klengen Artikel am Essentiel gelies, wou dat stoung. Mee net méi spéit wéi de Moien hutt Der mer nach selwer gesot, ech soll net jidderengem dobaussen alles gleewen, ech soll lech léiewer direkt selwer froen. Was in der Zeitung steet... Also ech kann domadder zefridde sinn. Ech weess jo och dass dat net iergendeppes bewierkt fir iergendee Mënscheliwwen. Mee ech wär awer frou, wa mir dat da sou mat den Ännerunge kéinten unhuelen. Dann hätte mer awer e symbolescht Zeeche gesat. Dat wär ganz fein. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ganz gären.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo wa mir et lo sou ausleeën... Mir hu lo grad gesot, mir rennen oppen Dieren an, dat heescht hei gëtt elo eppes gefuerdert, wat jo eigentlech scho virun do war. Dat heescht, et wär awer vläicht net schlecht, wann et géif sou ausgedréckt ginn, datt mir eis selwer vläicht, wéi soll ech soen, fräiwëlleg dozou verflachten, dat sou ze huelen. Lo kléngt et esou wéi wa mer dat wëlles gehat hätten, e Public viewing, an duerch déi Motioun hei gëtt dat lo verhënnert. Dat ass jo awer net de Fall. Also et wär awer vläicht gutt, wann einfach do steet „invite les membres du conseil communal ...“ Sou eng méi allgemeng Formule. Well et war jo net an der Absicht vun der Majoritéit, dat iwwerhaupt ze maachen. Virun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da si mer bei enger Recommendatioun.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech géif dann éischer mengen, da sollte mer et sou ausdrécken, de Schäfferot an de Gemengerot „réitèrent leur position“, déi mer eebe scho virun engem Mount ausgedréckt hunn op enger Pressekonferenz, dass mer kee Public Viewing géife man. Just e kleng Saz derbäisetzen dass mer et

schon eng Kéier gesot hunn an dass mer et lo nach eng Kéier soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mer kënnen dat an d'Considéranten dranhuelen. Eng Motioun ass eng Opfuerderung vum Gemengerot un de Schäfferot. Wa mer de ganze Gemengerot gäre wëllen eranhuelen, dann ass et keng Motioun méi. Wann et bei enger Motioun soll bleiwen an der Approche vun der Autrice vun der Motioun, da kann een héchstens an de Considérants eppes ëmformuléieren oder „Considérant la prise de position...“. Dat ass dat Eenzezt wou ee kann aus deem doten erauskommen. Mee ech hunn awer och esou kee Problem domadder. Mat där dote Formulatioun oder mat där anerer. Mir sinn eis hei op de Bänken eens, dass mer déi Decisioun scho geholl hu virun der Motioun. An ech hunn och kee Problem, déi sou ze stëmmen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech fanne mir hate bis elo eng gutt Diskussioun. Ech fannen et flott, dass mer eis eigentlech all eens sinn. Lo geet et hei e bëssen drëm, et huet jo kee gesot, d'LSAP Diddeleng hat wëlles dat ze maachen. Ech mengen d'kann een d'Diskussioun lauschteren an ech géing proposéieren, wa mer kéinten e Konsens fanne sou, do huet jidderee säi Gesiicht awer behalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kee Problem domat. Ass de Gemengerot da mat där Modifikatioun hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

14. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer bei d'Froer riwwer.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hu mer déi 7 Froen ugekuckt gehat an ech géif déi 7 Froen sou beäntweren, wéi se gestallt sinn. An dem Prescommuniqué vum 28. September an 20. Oktober 2022 sinn d'Energiespuermoosname vun der Gemeng Diddeleng matgedeelt ginn. Am Communiqué vum 20. Oktober steet, datt déi Mesure vum 1. Dezember ugeholl ginn an datt et sech ëm eng Testphas handelt.

1. Fro: Bis wéini dauert déi Testphas? U wéi enge Kritäre gëtt sech orientéiert, wa Mesure réckgängig gemaach ginn oder adaptéiert ginn? Eis Äntwert: D'Mesuren, déi op dem 1. Dezember a Kraaft trieden sollen et der Gemeng erméiglechen, op laang Dauer Energie ze spueren. Eng Dauer vun der Testphas ass net festgeluecht. Mir wëllen Energie spueren, sou vill a sou laang wéi méiglech, awer nëmmen ënnert dëser Viraussetzung, datt mir als Gemeng och domadder zefridde sinn. An haaptsächlech geet et eis och ëm d'Wuelbefanne vun eise Bierger. Wann d'Mesur misste réckgängig gemaach gi well mir Reklamatiounen vun eise Bierger kréien, probéiere mir, se sou ze adaptéieren, datt d'Majoritéit vun den Awunner vun der Stad Diddeleng domadder zefridde sinn an hoffen natierlech op e positive Feedback.



Déi 2. Fro betreffend d'Belichtung op den Terraine Barrozi, Meyer, Nosbaum a Kennedy a beim Déierenasyl: sinn op dës Plazen LED-Luten a wann net, a wéi enger Zäitschinn ass et méiglech dës auszewieselen? Si beim Déierenasyl och Mesuren ugeduecht fir manner laang ze belichten? D'Äntwert: Den Terrain Nosbaum ass am Gaang, op LED-Lute moderniséiert ze ginn. Op eisen aneren Terraine si mer drun d'Méiglechkeeten ze préiwien, fir déi och ze erneieren. Et dierf net vergiess ginn, dass dës natierlech mat engem ganz groussen Käschtenopwand verbonnen ass. Trotzdeem probéiere mir no an no eis ganz Belichtung op LED-Luten ze moderniséieren an d'Neibauten direkt mat LED-Luten ze plangen an och ze bauen. Wat Propriétéit vum Déierenasyl ubelaangt, do hu mir als Gemeng am Ament keen Afloss, well et sech ëm eng Privatorganisatioun handelt. De Wee fir bei den Déierenasyl ass mat eisem Éclairage public geschalt, dat heescht bei deenen neie Mesuren ass och dës vun 02:00 bis 05:00 moies komplett aus. Stade Barrozi, Meyer a Kennedy, do gëtt et nach keng LED-Beleuchtung. Realistesche wier wier sämtlech Terraine bis 2030 op LED ëmzerëschten. Hei ass d'Zäitschinn allerdéngs och ofhängeg vun de Projeten, déi bis dohinner nach sollen ëmgesat ginn. Domat mengen ech déi ganz Kennedy-Indoor-Hal, Liichtathletik an och de Meyer Masterplan um States-Terrain. Déi Belichtunge kéinten da mat dësen Projeten ëmgesat ginn.

3. Fro: Huet d'Chrëschtagsbelichtung vun der Gemeng LED-Biren? D'Chrëschtbelichtung vun der Gemeng besteet nëmme aus LED-Biren.

4. Fro: Stëmmt et, datt och mol vergiess ginn ass, an enger Sportshal oder Maison Relais d'Luten auszemaachen an déi déi ganz Nuecht gebrannt hunn? Gëtt et e Kontrollmechanismus? Hunn d'Veräiner Kenntnis vun der Charte déi an der Ëmweltkommissioun presentéiert gouf? An dëser Charte waren och Energiespuermossnamen opgezielt ginn, wéi zum Beispill de Reflex hunn Luten auszemaachen. Äntwert: E richteg Kontrollmechanismus hu mer leider net. Mir hoffen op d'Mataarbecht vun de concernéierte Leit an op hir Responsabilitéit. Am Centre sportif René Hartmann hu mer de Contrôle iwwert sämtlech Luuchten, déi am Gebai sinn. Dës ginn owes vun der Conciergerie allegueren ausgemeet. An de Gymnasé gëtt et sou Kontrollmechanisme leider net. D'Veräiner an de Personal, wou als lescht um Site sinn, si sensibiliséiert ginn, dës beim Verloosse ze kontrolléieren. Et ass effektiv scho mol virkum, dass an engem Gymnase Luuchten ubliwwen sinn. Déi concernéiert Veräiner sinn dorophinn natierlech higewise ginn. Wéinst der Pandemie huet d'Presentatioun vun dëser Charte missen zréckbehale ginn an et ass geplangt fir d'nächst Joer, den 9. Januar ëm 18 Auer, gëtt dann déi Sëtzung mat de Veräiner nogeholl.

5. Fro: Wéi ass den Echo vun de Geschäftsleit fir hir Vitrinnen an Enseignen manner ze belichten? Gëtt d'Enseigne vum Kinosprogramm beim Centre culturel och manner belicht? Den Echo vun eise Geschäftsleit war immens positiv. Vill vun hinne ware scho virun eise Recommandatiounen op dee Wee gaange fir d'Vitrinnen an d'Enseignen manner ze belichten. Och vum Centre culturel hu mer e positive Feedback kritt. Och si ginn op

dee Wee, hir Enseignen vum Kinosprogramm net méi ze belichten.

6. Fro: D'Gemeng huet de Kit ausgedeelt vun Enovos. Sinn och aner Energieliwweranten, z.B. Sudenergie unlech erugetruede fir eng Sensibiliséierungscampagne? Ausser Enovos huet kee sech bei eis gemellt.

Déi 7. Fro: Den Informationsbedarf ass momentan grouss fir alternativ Energie wéi Fotovoltaik, Wärmepompe oder Isolatioun vum Haus. Gedenkt de Schäfferot eng Informationsversammlung z'organisieren zesumme mat der Klimaagence? Mir hu wëllen, dat hunn ech dem Service écologique mat op de Wee ginn, dass mer géifen eng Aart Foire organisieren, zesumme mat der Klimaagence, wou mer all déi concernéiert Acteuren, déi Subsidien ubidden oder aner Saachen, dass mer déi hei ee Weekend an der Salle des fêtes géifen organisieren. Dat dauert awer elo eng Zäit, bis mer alleguer d'Acteuren zesummenhunn an och fir de Feu vert ze kréien, dass se dee Moment zäit hunn, mee et ass geplangt a mir wäerten et och maachen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bei der Maison relais hat ech nach gefrot, dass do Luuchte brenne gelooss ginn. An dann, wann eng Foire organisiert gëtt, d'Gemeng Dippech déi haten dat och gemaach, an do war z.B. och eng Fiduciaire an och eng Bank. Well wa Leit Prête maachen an och Fiduciaire, well een eng zweet Steuerkaart muss hu mat der Photovoltaik. D'Gemeng Dippech mat Käerjeng, déi hate sou eng Informationsversammlung, ech hunn dat awer relativ komplex fonnt. Ech wollt lech dat just mat op de Wee ginn. D'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Dippech ass jo och an Ärer Partei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir huelen dat zur Kenntnis.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Wann ech soen an eise Gymnasen, an och an eise Maison Relais, wann do d'Luuchte vergiess ginn auszemaachen, dann hu mer natierlech direkt deen aneren Dag, déi Leit déi am Gebai waren dorop higewisen. A menges Wëssens kënnt dat ganz ganz selte vir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà. Merci och fir d'Äntwerten.



LUX-Mëschungen – Geseemsmëschunge mat heemesche Wëllplanzen aus regionalem Ubau

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. D'Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffe zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuurger Someproduktioun vu Wëllplanzen. D'Zil ass fir mat Hëllef vu Lëtzebuurger Bauere Som vun heemesche Wëllplanzenaarten ze produzéieren.

Gemengen a Privatleit, déi eng Blummewiss op ëffentleche Gréngflächen oder doheem am Gaart uleeë wëllen, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vun der Firma Rieger-Hofmann. Dës Mëschungen enthalten nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekten sinn.

Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir kleng Flächen vun 25–50 m² kennen 100 g Tuten vun den dräi Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaft ginn:

- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Diddeleng, Fondation Kräizbiere
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozynter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Useldeng, TouristInfo Wëlle Westen
- (...)

Weider Verkaufsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum „Wëllplanzesom Lëtzebuerg“ fannt Dir op: www.sicona.lu/projekte/saatgut.



All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéiten am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann ënnert „Mischungen für Luxemburg“ bestellt ginn: www.rieger-hofmann.de.

Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.



Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

